pétange
MOTIVATION COMMUNE

# PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 150 – Mee 2023




## Gemengerotssëtzunge

vum 09.12.2022, 12.12.2022 a 16.12.2022

# Dans ce numéro:


**1** Compte rendu de la séance du conseil communal du 09.12.2022

**16** Gemeinderatssitzung vom 09.12.2022 (Kurzform)

(Fichier audio)

**17** Compte rendu de la séance du conseil communal du 12.12.2022

**55** Gemeinderatssitzung vom 12.12.2022 (Kurzform)

(Fichier audio)

**56** Compte rendu de la séance du conseil communal du 16.12.2022

**74** Gemeinderatssitzung vom 16.12.2022 (Kurzform)

(Fichier audio)

**77** Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins

**80** Règlements communaux (avis)

**81** Tableau récapitulatif du budget de l’exercice 2023

**82** Nuit du sport



# Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.700 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

**Éditeur responsable:**
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

+352 50 12 51 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Commune de Pétange

**Rédaction et mise en pages:**
Service Culture et communications de la commune de Pétange

# Conseil communal

## Séance publique du 9 décembre 2022

***Durée de la séance**: 14.15 à 16.10 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Welter Christian** (Piratepartei)

## ORDRE DU JOUR

**Séance publique (14.15 heures)**

1. Transports et communications: Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, route de Luxembourg – décision.
2. Budget rectifié et budget: Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins sur le budget rectifié de 2022 et le projet de budget pour 2023 de l'administration communale.

---

## COMPTE RENDU

### 1.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, route de Luxembourg – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*A partir du lundi 5 décembre 2022 et pour une durée estimée à 3 semaines, pendant les travaux de réaménagement de l'arrêt de bus à hauteur de l'immeuble sis à Rodange, route de Luxembourg n°8, l'arrêt de bus sis à la hauteur de l'immeuble n°8 sera temporairement supprimé, le stationnement sera interdit entre les immeubles 9A et 11 et un arrêt de bus provisoire sera aménagé à la hauteur de l'immeuble n°10.*

**Accord à l'unanimité.**

### 2.

**Budget rectifié 2022 et budget 2023.**

Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Haut den Nomëtteg presentéieren ech iech den 23. an domat de leschte Budget, deen ënner menger Responsabilitéit – fir d'éischt 4 Joer als Finanzschäffen an duerno 19 Joer als Buergermeeschter – opgestallt gouf. An all deene Joren hunn ech den Akzent op eng virsiichteg a besonnesch eng wäitsiichteg Finanzplanung gesat, wat dozou gefouert huet, datt d'Gemeng Péiteng sech, trotz héijen Investitiounen, an de leschten 20 Joer aus enger komplexer, schwiereger Finanzsituatioun am Ufank vun dësem Joerhonnert an eng absolut gesond Finanzsituatioun beweegt huet. An deene leschten 19 Joer huet eis Gemeng keng Kéier méi missten op

en neien Emprunt zeréckgräife fir de Budget an d'Gläichgewiicht ze bréngen. Am Géigendeel. Parallel zu den héijen Investitiounen ass d'Gemengeschold substantiell reduzéiert ginn, esou datt déi nächst politesch Generatioun op eng komfortabel Finanzlag opbaue kann. Dëst war awer nëmme méiglech, well d'Péitenger Gemeng an de leschten zwee Joerzéngten net all Kéier mat op en Zuch opgesprongen ass, dee grad laanscht gefuer ass. Anescht ausgedréckt, net all x-belibeg Propositioun oder Offer ugeholl huet, déi e Ministère oder eng Firma presentéiert huet. Iddien, déi sécher „nice to have" waren, déi awer ganz dacks net deen erwaarte Méiwäert an deenen anere Gemenge bruecht hunn, ma op där aner Säit wäertvoll Finanzressourcen an Usproch geholl hunn. Jiddereen, deen an de leschte Jore beim Opstelle vum Budget matgewierkt huet, weess, datt ech extrem zéi war, wann esou Themen zur Diskussioun stoungen oder wann et geheescht huet, de Personalbestand ze erhéijen. Dofir hu mir an eiser Gemenge-verwaltung ganz wéineg „Beroder", déi et an allméigleche Beräicher gëtt. Ma mir hunn am Budget en Iwwerschoss am ordinären Deel, deen an de leschte Jore reegelméisseg iwwer 30% an am Budget 2023 esouguer iwwer 40% vun den net affektéierte Revenuen ausmécht, an deen eis erméiglecht huet, de gréissten Deel vun de järlech budgetiséierten extraordinären Ausgaben ze finanzéieren. E gutt gemengte Rot u main Nofollger: Fuert mat der Politik weider! En Ofwäiche vun der Politik bedeit eng séier Reduktioun vum ordinären Iwwerschoss a gläichzäiteg en noutgedrongene Recours op Emprunte fir déi néideg Finanzmëttelen ze hu fir zukünfteg Investitiounen ze garantéieren.

D'Gemeng Péiteng huet an de leschte Joren e kompetente Finanzservice opgebaut. Dee muss weiderhin eng wichteg Roll an dat néidegt Gehéier bei de politeschen Décideuere fannen. Ech wëll awer net falsch verstane ginn: ech si sécher net géint en Emprunt. Dëse muss awer duerch en aussergewéinlechen, zukunftsorientéierte Projet erfuerdert sinn an net verursaacht ginn duerch eng Gemengeverwaltung, déi op ze héijem Fouss lieft.


An hirer Circulaire 4188 vum 28. Oktober 2022 schreift d'Inneministesch Madamm Taina Bofferding dëst: „Vous n'êtes pas sans savoir qu'après deux années de pandémie, le pays se retrouve à nouveau dans un contexte économique difficile et hautement incertain, considérant l'actuel conflit de guerre en Europe. Le Luxembourg se voit par conséquent confronté à une crise qui s'articule autour de l'augmentation des prix de matières avec au premier plan les prix de l'énergie. Donc, même si la recette principale des communes ne cesse d'augmenter, j'invite les communes à être vigilantes et à poursuivre une politique de gestion financière prudente". An der Gemeng Péiteng stellt dës „politique de gestion financière prudente" zënter Joren déi politesch Richtlinn duer. An trotzdeem, datt déi rasant an extrem Präisdeierecht eis Finanzen an der Lescht och schwéier belaascht huet, hu mir bis haut ëmmer déi richteg Äntwerte fonnt, déi de Garant fir eng gesond finanziell Situatioun an eiser Gemeng duerstellen.

## Données de référence 2023

- **Excédent au budget 23: 29,64 millions €**
- **Dépenses extraordinaires 23: 64,34 millions €**
- **Dépenses totales 23: 131,18 millions €**
- **Dette communale fin 23: 2,04 millions €**
- **Réserve financière fin 23: 16,0 millions €**
- **Solde financier fin 2023: + 13,9 millions €**

Soss wier et dem Schäfferot net méiglech, iech haut op en Neits e Budget 2023 virzestellen, deen sech an d'Budgete vun de leschte Joren areit an deen duerch gutt Parametere gekennzeechent ass. Dat heescht:

1. De Budget 2023 gesäit een zolitten Iwwerschoss vun 29,64 Milliounen Euro am ordinären Deel vir.
2. Mat 64,34 Milliounen Euro leien d'Investitiounen, esou wéi d'lescht Joer, op engem extrem héijen Niveau an nëmme liicht ënner dem Total vun den ordinären Ausgabe mat 66,84 Milliounen Euro. D'Gemeng Péiteng schléisst also 2023 hire ganz ambitiéisen Investitiounsprogramm of, deen de Gemengerot sech am Juni 2018 eestëmmeg ginn hat. Méi spéit wäert ech am Detail och op dëse Punkt agoen.
3. Mat ronn 131 Milliounen Euro leien am Budget 2023 d'Gemengenausgaben – déi ordinär an déi extraordinär zesummen – op engem Rekordniveau an e Stéck (4,6%) iwwer dem Budget 2022. Eng Hausse, déi gréisstendeels duerch d'Inflatioun z'erklären ass.
4. D'Gemengeschold geet och 2023 ëm 1,3 Milliounen Euro erof a wäert Enn 2023 nach bei just 2,04 Milliounen Euro leien.
5. D'Reserven dogéint bleiwe par rapport zum Budget 2022 stabil a leie mat knapp 16 Milliounen Euro däitlech iwwer eiser Gemengeschold.




Mat engem erwaarten definitive Boni vun 13,45 Milliounen Euro Enn 2023, a mat engem „Fonds de réserve Pacte Logement" vun 2,48 Milliounen Euro Enn 2023, huet d'Péitenger Gemeng net nëmmen nach ëmmer e finanzielle Sputt fir de Finanzement vun hirem Investitiounsprogramm an dëser Mandatsperiod ze garantéieren, ma bleift doriwwer eraus weiderhi bis Enn 2023 mat enger Netto-Reserve – dat heescht eng Finanzreserve – Gemengeschold – vun 13,9 Milliounen Euro scholdefräi. Esou wéi dat op der Grafik ze gesinn ass, ass et elo zënter 2018 dee 6. Budget, wou d'Finanzreserven um Enn vum Exercice méi héich sinn ewéi eis ganz Gemengeschold, esou datt eis Gemeng elo de facto scho 6 Joer scholdefräi ass. Dës Reserv ass awer absolut noutwenneg, well am Laf vum nächste Joer de Gemengerot verschidden adaptéiert Devise virgeluecht kritt. Engersäits fir de Projet vun der neier Museksschoul an anersäits fir d'Maison relais an d'Schoul zu Rolleng, wou op Grond vun de Präiserhéijunge parallel och en zousätzleche Kredit noutwenneg wäert ginn.

D'Viraarbecht vum Budget 2023, déi op Grond vun der Budgetscirculaire Nummer 4188 vum 28. Oktober 2022 vun der Gemengeverwaltung ënner der Koordinatioun vum

Finanzservice, dem Thierry Balance an dem Marina Paoletti, gemaach gouf, ass Enn November ofgeschloss ginn an d'Budgetsdokument ass vum Schäfferot a senger Sëtzung vum 25. November arrêtéiert ginn. Deselwechten Dag ass de rektifizéierte Budget 2022 an den initiale Budget 2023 dem Gemengerot iwwer SigiDrive zougestallt ginn. Deemno huet all Conseiller mat 16 Deeg, esou wéi déi lescht Joren, genuch Zäit, dat voluminéist Dokument iwwer e puer honnert Säite bis zur Diskussioun am Gemengerot den 12. Dezember z'analyséieren an ze begutachten.

E grousse Merci dofir geet un den Thierry Balance an d'Marina Paoletti vum Finanzservice, déi duerch hir minutiéis a konsequent Aarbecht gesuergt hunn, datt dëst wichtegst Gemengendokument och dëst Joer de Gemengeréit an engem adequaten Delai zougestallt ginn ass. Ma och allen anere Fonctionnairen, déi hinnen an de leschte Wochen déi néideg Ënnerstëtzung ginn hunn.

D'Gemengeconseillere wäerten – wéi dat an eiser Gemeng Traditioun ass – no der Presentatioun vun haut duerch de Schäfferot, hir Kommentaren a Froen zum Budget den nächste Méindeg presentéieren. An an der drëtter Sëtzung, de 16. Dezember, wäert de rektifizéierte Budget 2022 an den initiale Budget 2023 zum Vott stoen, nodeems am Virfeld iwwer eng Rei Devise vun extraordinäre Projeten deliberéiert gouf.

pétange MOTIVATION COMMUNE

## Evolution financière

- **Budget 2022 – Budget 2023**
- **Variation des recettes ordinaires:**
  **+ 12,12 %**
- **Variation des dépenses ordinaires:**
  **+ 10,68 %**
- **Variation de l'excédent ordinaire:**
  **+ 15,50 %**

Vergläicht een den ordinäre Budget 2023 par rapport zum ordinäre Budget 2022, esou stellt een e trotz Inflatioun an Energiekris e positiven Trend fest. Effektiv klammen déi ordinär Recette par rapport zum Budget 2022 ëm 12,12%, ma gläichzäiteg ginn awer och déi ordinär Ausgaben zolidd – dat heescht ëm 10,68% - erop. Dës positiv Entwécklung op der Recettesäit ass zu engem ganz grousse Deel op d'Erhéijung vun dem „Fonds de dotation globale des communes" zeréckzeféieren, déi vun der Inneministesch an hirer Circulaire 4188 op 9,3% par rapport zum Kont 2021 geschat gëtt, souwéi op eng wesentlech Erhéijung vun der direkter Participatioun vum Staat un den Onkäschte vun der Museksschoul an de Käschte vun de Maisons relaisen, déi lescht ass allerdéngs zu engem grousse Deel duerch d'Ouverture vun der neier Maison relais zu Lamadelaine vum nächste Joer bedéngt. Op der anerer Säit klammen déi ordinär Ausgaben och an engem ongewéinleche Mooss. Dëst ass haaptsächlech duerch d'Hausse vun der „charge salariale" – wat duerch eng Rei Neiastellungen op Grond vun engem neien Organigramm, awer och op Grond vun Indextranchë verursaacht, ma och duerch d'Energiepräisser, déi an d'Luucht ginn, duerch d'Spritpräisser a schlussendlech déi méi héich Participatioun un de Käschte vun den interkommunale Syndikater.


Den ordinären Iwwerschoss schlussendlech geet am Budget 2023 par rapport zum Budget 2022 ëm 15,5% erop, a läit elo bei 29,64 Milliounen Euro. Dëst ass awer haaptsächlech – an ech ka mech nëmme widderhuelen – op déi rigouréis Ausgabepolitik am ordinäre Budget zeréckzeféieren. Ordinär Ausgaben déi, trotz Inflatioun, bei ronn 3.250 € pro Awunner leien, woumat d'Gemeng Péiteng sécher am Verglach mat den anere Gemengen op engem ganz niddregen Niveau läit.

pétange MOTIVATION COMMUNE


## Evolution financière

- **Budget 2022 – Budget rectifié 2022**
- **Variation des recettes ordinaires:**
  **+ 3,85 %**
- **Variation des dépenses ordinaires:**
  **+ 0,55 %**
- **Variation de l'excédent ordinaire:**
  **+ 11,64 %**

Am Verglach zum ordinären Deel vum initiale Budget 2022 ass am rektifizéierte Budget 2022 op der Recettesäit eng interessant Hausse ze vermierken. An zwar eng Hausse vun 3,85%, déi haaptsächlech op d'„Dotation globale des communes" zeréckzeféieren ass, well och hei erwaart d'Circulaire 4188 vum Inneministère e Plus vun 3,3% par rapport zum Kont 2021. Op der Ausgabesäit, par contre, ass mat engem klenge Plus vun 330.000 € oder 0,55% vum rektifizéierte Budget par rapport zum initiale Budget ze rechnen. Eng liicht Variatioun, déi sécher op eng gutt Aschätzung vun eise lafende Käschte fir d'Joer 2022 zeréckzeféieren ass, an dat trotz Inflatioun an Energiekris. Déi positiv Entwécklung bei de Recetten, souwéi d'Consolidatioun op der Ausgabesäit droen dann zu enger Verbesserung vum ordinären Iwwerschoss bäi, nämlech eng Hausse vun 11,64%.




Den Iwwerschoss am ordinären Deel klëmmt am Budget 2023 op e Rekordniveau a kënnt mat 29,64 Milliounen Euro ganz no un de Seuil vun 30 Milliounen Euro erun. An der leschter Mandatsperiod louch dësen Iwwerschoss all Joer ëm déi 11 Milliounen Euro, deemno net emol bei der Hallschent vum Iwwerschoss, deen am Budget 2023 virgesinn ass. Mat 27,17 Milliounen Euro am Budget 2020, 25,66 Milliounen Euro am Budget 2022 an elo 29,64 Milliounen Euro am Budget 2023 leie mir am drëtte vun de leschte 4 Budgeten iwwer 25 Milliounen Euro a schafen d'Viraussetzung fir trotz enorme Präiserhéijungen den néidege finanzielle Spillraum fir eisen Investitiounsprogramm ze hunn.





Am Budget 2023 leien déi ordinär Recettë mat 96,49 Milliounen Euro iwwer den ordinäre Recettë vum Budget 2022. Déi net zweckgebonne Recetten, d.h. de „Fonds de dotation globale des communes“, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grond-steier bleiwen op engem héijen Niveau a leie bei 75,10%.

Déi affektéiert Revenuen hirersäits maachen 9,05% vun allen ordinäre Recetten aus. Dee gréissten Deel dovunner mécht d'Participatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte vun deene 4, an ab Mëtt 2023, vun deene 5 Maisons relaise mat 5,9 Milliounen Euro, dat heescht ronn 67% dovunner, aus. Mat 1,8 Milliounen Euro stellt déi Bäihëllef am Kader vun der Museksschoul ronn 20% vun den affektéierte Revenuen duer. Hei ass drop hinzeweisen, datt duerch dat neit Museksgesetz d'Berechnung fir d'Bäihëllef méi genee gemaach ka ginn an och ëm 50% par rapport zum Joer virdru klamme soll.

D'Taxenerhiewunge maachen 10,83% vun de Gesamtrecettë vum ordinäre Budget 2023 aus.

D'Loyeren an d'Chargë vu Gebailechkeeten, sief dat vu verschiddene Sozialwunnengen, souwéi Raimlechkeeten, déi mir dem Staat, der Police, dem Office social, der Firma Waagner&Biro, dem Restaurant WAX, dem Exploitant vum Centre QT, dem Exploitant vun der Brasserie am Home St Hubert an ab d'nächst Joer och dem Exploitant vum neie Chalet nieft dem Stadhaus asw. verlounen, wéi awer och d'Paschtoueschhaus, dat mir zu Péiteng dem Paschtouer verlounen, maachen 1,06% vun alle Recetten aus.

Déi reschtlech 3,96% setzen sech aus verschidden uerdentleche Recetten zesummen, ë.a. d'Remboursementer vun der „Mutualité des Employeurs“, d'Remboursementer vun de Gehälter vum Office social, d'Bankzënsen an d'Remboursementer vun der TVA. Dës lescht genannte Recette mécht mat 1,4 Milliounen Euro am Budget 2023 e gréisseren Deel aus wéi déi Jore virdrun. Dëst besonnesch op Grond vun de Renovatiounsaarbechten an der Schwämm PiKo, ma och op Grond vum Bau vum Chalet nieft dem Stadhaus.




Am ordinären Deel vum Budget 2023 ginn d'Bruttoausgaben ëm 10,6% par rapport zum Budget 2022 erop, dat heescht vu 60,4 op 66,8 Milliounen Euro, a setzen sech esou zesummen:

D'„Charge salariale“ klëmmt vum Budget 2022 op de Budget 2023 vun 31,2 op 35,6 Milliounen Euro. Dat entsprécht 53,19% vun allen ordinären Ausgaben.

2023 klëmmt den Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzele Gemengesyndikater an dem CGDIS vun 8,6 Milliounen Euro op 9,7 Milliounen Euro, wat 14,58% vun den ordinären Ausgaben duerstellt. Dëst ass haaptsächlech bedéngt duerch engersäits déi interkommunal Syndikater SES mat enger Progressioun vu 25%, TICE mat enger Progressioun vun 9,25%, souwéi dem CGDIS mat enger Progressioun vun 12,1%.

Mat knapp 2,05% a knapp 1,4 Milliounen Euro stellen d'Annuitéite fir d'Gemengeschold – trotz der Erhéijung vun den Zënsen – am Budget 2023 weiderhin eng absolut vertrietbar Charge fir eise Gemengebudget duer.

Mat 4,5 Milliounen Euro, dat heescht 6,73% vun den ordinären Ausgaben, klammen am nächste Joer d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen – ëm ronn 15% par rapport zum Joer 2022. Dat ass zum Deel op déi steigend Energiekäschten zeréckzeféieren, ma och duerch d'Réouverture vun der PiKo-Schwämm, déi am September d'nächst Joer geplangt ass.

D'„Prévisions sociales“ stelle weiderhin am Budget 2023 vun eiser Gemeng e wichtege Posten duer. Dat heescht de Fonctionnement vum Office social, de Repas sur roues, d'Téléassistance, d'Beschäftegung vun CAEen oder Apprentien, d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a vum ProActif, der „Main Tendue“ an dem Cent Buttek. 3 Milliounen Euro oder 4,42% vun den ordinären Ausgabe sinn heifir am Budget 2023 virgesinn.


D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Bensinn oder Diesel, d'Assurancen, souwéi den Ënnerhalt chiffréieren sech am Budget 2023 op knapp 600.000 €, wat 0,89% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht. Well mir ëmmer méi op elektresch Gefierer zeréckgräifen – esouwäit dat méiglech ass – kënne mir d'Erhéijung vun de Bensinns- an Dieselpräisser zum Deel offiederen.

1,27 Milliounen Euro oder 1,89% vun allen ordinären Ausgabe ginn am Budget 2023 als Subsiden an Hëllefen un ASBLe verdeelt. 406.330 € dovunner gi fir d'Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange gebraucht. Ronn 70.000 € fir de Minett Park, 23.397 € fir den ORT an 100.000 € fir d'Organisatioun vun de Schnéiklassen.

Déi lafend Käschte fir den Ënnerhalt vun eise Reseauen a Stroosseninfrastrukture belafen sech am Budget 2023 op 2,5 Milliounen Euro, dat heescht 3,69% vun allen ordinären Ausgaben.

Weiderhi bleiwen am Budget 2023 d'Onkäschte fir dat politescht Entscheedungsorgan, dat heescht de Gemengen- a Schäfferot mat senge legalen a consultative Kommissiounen, mat 592.000 € oder 0,89%, ënnert 1% vun den ordinären Ausgaben.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 11,67% oder 7,8 Milliounen Euro fir eng helle Wull vu verschiddenen ordinären Ausgaben. Ënner deenen e puer Beispiller: d'Informatik, d'Schoulmaterial, dat de Schüler aus dem Grondschoul-unterrecht zur Verfügung gestallt gëtt, de Schoultransport, d'Fonctionnementskäschte vun eise Maisons relaisen an d'Informatiounsmëttel fir eis Biergerinnen a Bierger.




D'Analys, fir wat fir Beräicher déi net zweckgebonne Revenuen – dat heescht de „Fonds de dotation globale des communes“, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier – agesat ginn, erlaabt eis ewéi all Joer d'Schwéierpunkte vun der Péitenger Gemengepolitik duerzestellen.


Mir behalen d'Entwécklung vun deenen eenzele Beräicher am Aen, dat am Sënn vun enger laangfristeger Finanzpolitik. Ech hunn dës Ausgaben, ewéi all Joer, an 11 gréisser Kapitelen, déi d'Haaptausgabeberäicher an eiser Gemeng duerstellen, agedeelt.

Déi net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafen sech am Budget 2023 op 72,5 Milliounen Euro, eng Hausse vu 7,3 Milliounen Euro oder 11,2% par rapport zum Budget 2022.

Si sollen, laut Budget 2023, esou verdeelt ginn:


1. Fir d'„d’Administration générale, ordre public a sécurité“ 17,2 Milliounen Euro oder 23,79%.
2. Fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold 1,4 Milliounen Euro oder 1,89%.
3. Fir d'„Prévisions sociales“ 2,3 Milliounen Euro oder 3,19%.
4. Fir de Grondschoulunterrecht 6,9 Milliounen Euro oder 9,44%.
5. Fir eis Maisons relaisen a Crèchen 2,3 Milliounen Euro oder 3,15%.
6. Fir de Sport, d'Kultur, den Tourismus, d'Jugend an d'Fräizäit fir 5 Milliounen Euro oder 6,83%.
7. Fir d'„Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter“ 3,6 Milliounen Euro oder 4,93%.
8. Fir „de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung" 0,7 Milliounen Euro oder 0,94%. Och wann een d'Amortissementer nach consideréiere muss, déi hei net berécksiichtegt ginn, wäert de Käschtendeckungsprinzip – net zu Lescht och duerch d'Präisupassung fir Waasser an Ofwaasser ab den 1. Juli vun dësem Joer – an dësen zwee Beräicher weiderhi garantéiert ginn. Allerdéngs wäert besonnesch d'Hausse vum Waasser duerch den interkommunale Syndikat SES vun 0,4 € d'Fudder – vun 1,5 € op 1,9 € d'Fudder ab den 1. Januar 2023 – mëttelfristeg eng weider Präiserhéijung vum Waasser mat sech bréngen. Och stellt ee fest, datt an der Müllentsuergung e strukturellen Defizit sech ukënnegt. Hei muss kuerzfristeg iwwer eng Reorganisatioun vun dësen Servicer, ma och iwwer eng eventuell noutwenneg Upassung vun den Taxen nogeduecht ginn.
9. Fir „eis Museksschoul“ 1 Milliounen Euro oder 1,43%.
10. Fir „eis Schwämmen“ 1,4Milliounen Euro oder 1,97%. Ab Hierscht 2023 wäert d'Schwämm PiKo erëm opmaachen, an ab da klammen d'Fonctionnementskäschte vun eise Schwämmen nees.
11. Fir „den ëffentlechen Transport“ 2,5 Milliounen Euro oder 3,42%.

Schlussendlech behale mer awer am Budget 2023 e groussen Deel vun dësen net zweckgebonnene Recetten, nämlech 29,6 Milliounen Euro respektiv 40,90% fir nei Investitiounen, spréch extraordinär Ausgaben.




Mir sinn elo beim 6. a leschten Exercice vun der lafender Mandatsperiod, de Budget 2023. Dëse leschten extraordinäre Budget gesäit Ausgabe vu 64,34 Milliounen Euro vir, déi sech esou verdeelen:


1. Am Kapitel „Enseignement fondamental, Maison Relais et crèches“ 17,07 Milliounen Euro,
2. am Kapitel „Culture, Sport, Loisirs, Jeunesse, Tourisme“ 29,22 Milliounen Euro,
3. am Kapitel „Bâtiments administratifs et logements sociaux“ 0,76 Milliounen Euro,
4. am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux“ 9,79 Milliounen Euro,
5. am Kapitel „Syndicats intercommunaux“ 3,02 Milliounen Euro,
6. am Kapitel „Urbanisation et lotissements“ 2,73 Milliounen Euro,
7. am Kapitel „Divers“ 1,75 Milliounen Euro, wou haaptsächlech d’Erneierung vun eisem Fuerpark mat 880.000 € ervirstécht.



Am Budget 2023 ginn déi extraordinär Ausgaben:

- zu 46,08 % iwwer den ordinären Iwwerschoss,
- zu 15,49 % iwwer Staatssubsiden,
- zu 7,96 % iwwer de Verkaf vun Immobilien,
- zu 0,67 % iwwer verschidden extraordinär Recetten
- zu 3,11 % iwwer de „Fond du Pacte Logement"
- zu 26,69 % iwwer d'Reserven, dat heescht den iwwerdroene Boni vun 2022


finanzéiert.




Nodeems mir d'Konten 2018 bis 2021 arrêtéiert hunn, an elo de rektifizéierte Budget 2022 an den initiale Budget 2023 virleien hunn, hu mir déi ganz Period vun der aktueller Mandatsperiod 2018-2023 definéiert a kënnen haut kloer festleeën, a wéi wäit mir eise „Plan pluriannuel d'investissements" vum 4. Juni 2018 realiséiere wäerten. De Bilan gesäit méi wéi zefriddestellend aus. Eise Programm aus der Schäfferotserklärung an eisem „Plan pluriannuel d'investissements" wäerte mir an engem ganz groussen Deel ëmsetzen, och wa mir d'„Zone d'activité économique" Grand Bis elo an der 5. Mandatsperiod net ufänke wäerten. D'Verantwortung läit definitiv net bei der Gemeng, déi bal eng Millioun Euro an Etudë fir dëse Projet ausginn huet. E Projet, deen eng nei Beliewung vun enger industrieller „friche" op der franséischer Grenz bedeit hätt. Terrainen, déi schlussendlech dem Wirtschaftsministère gehéieren, a wou de Wirtschaftsministère an de leschte 25 Joer leider rose wéineg Intressi gewisen huet.

1. Am Kapitel „Enseignement fondamental, Maison Relais et crèches" sinn an dëser Mandatsperiod 37,35 Milliounen Euro virgesinn. Dëst deplacéiert de globale Betrag vun den Investitioune vu 26 Milliounen Euro, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements" virgesi waren ëm 43%. Wa mir am Fréijoer en adaptéierten Devis fir d'Maison relais an d' Schoul Op de Gehren stëmme wäerten, wäerte mir an dësem Beräich no un déi 40 Milliounen Euro erukommen.
2. Am Kapitel „Culture, Sport, Loisirs, Jeunesse, Tourisme" sinn an därselwechter Period 2018-2023 ronn 75,11 Milliounen Euro virgesinn. Domat hu mir d'Zomm vun den Investitioune vu 35,3 Milliounen Euro, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements" ageschriwwe waren, méi wéi verduebelt, dat op Grond vun enger Rei Projeten, déi ursprénglech entweder net am Pluriannuel vun 2018 virgesi waren oder méi deier gi sinn an dat wéinst, awer net nëmmen, der aktueller Kris. Och hei wäerte mir am Laf vum nächste Joer en adaptéierten Devis fir d'Museksschoul stëmme mussen, esou datt mir an dësem Beräich d'Grenz vun 80 Milliounen Euro iwwerschreide wäerten.
3. Am Kapitel „Bâtiments administratifs et logements sociaux" sinn um Enn vun der Mandatsperiod 27,25 Milliounen Euro virgesinn. Dëst deplacéiert liicht de Betrag, dee mat 24,6 Milliounen Euro am „Plan pluriannuel d'investissements" stoung.
4. Am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux" si bis Enn 2023 Ausgabe vu 46,78 Milliounen Euro programméiert. Dëst entsprécht ronn 70% vun den Investissementer vu 66 Milliounen Euro, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements" virgesi waren. Hei erreeche mir, esou wéi schonn e puer Mol ugekënnegt, déi 66 Milliounen Euro net, dëst besonnesch op en Neits op Grond vun de Verzögerunge beim Grand Bis.
5. Am Kapitel „Syndicats intercommunaux" ginn tëscht 2018 an 2023 11,50 Milliounen Euro gebraucht. Hei hu mir d'Zomm vu 6 Milliounen Euro, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements" virgesi war, kloer depasséiert. Dëst ausschliisslech op Grond vun enger Hausse vun den extraordinären Apporten, déi eis Gemeng un de SIACH verséiere muss - an dat haaptsächlech op Grond vum Ausbau vun der neier Kläranlag – a wou de 6-järegen Apport vun eiser Gemeng mat 10,4 Milliounen Euro iwwer 90% vun der Gesamtzomm duerstellt.
6. Am Kapitel „Urbanisation et lotissements" läit de viraussiichtlechen Total vun den extraordinären Ausgaben an dëser Mandatsperiod bei 6,99 Milliounen Euro. Dëst entsprécht ronn 85% vun den Investitioune vun 8,3 Milliounen Euro, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements" virgesi waren. Dëst trotz dem Finanzement vum neie Gemengelotissement Neiwiss II.
7. Am Kapitel „Divers" sti fir d'Joren 2018-2023 am Total 12,54 Milliounen Euro, wou haaptsächlech de Kaf vun Immobilie mat 5,35 Milliounen Euro an d'Erneierung vun eisem Fuerpark mat 4,24 Milliounen Euro ervirstiechen. Dëst bedeit eng liicht Erhéijung par rapport zu den Ausgabe vun 11,8 Milliounen Euro, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements" agedroe waren.

Mir erreechen deemno mat de Konten 2018 bis 2021, dem rektifizéierte Budget 2022 an dem initiale Budget 2023 en Total vun extraordinären Ausgabe vun 217,52 Milliounen Euro. Dee läit dann 22% iwwer dem Investitiounsvolumen, dee mir am Gemengerot vum 4. Juni 2018 zesumme festgeluecht haten.



Fir dës Mandatsperiod, dat heescht fir d'Joren 2018-2023, ass de Finanzement vun den extraordinären Ausgaben esou virgesinn:

- zu 77,74 % iwwer den ordinären Iwwerschoss,
- zu 9,27 % iwwer Staatssubsiden,
- zu 6,37 % iwwer de Verkaf vun Immobilien,
- zu 1,95 % iwwer verschidden extraordinär Recetten, wourënner verschidden extraordinär Taxen, ewéi zum Beispill d'„Taxe relative à la participation aux équipements collectifs“ oder d'„Taxe de raccordement“ falen,
- zu 4,14 % iwwer de „Fonds de réserve Pacte Logement“ an
- zu 0,53 % iwwer d'Reserven, dat heescht den iwwerdroene Boni vun der leschter Mandatsperiod 2011 – 2017.

Hei gëllt besonnesch ervirzesträichen, datt am „Sports et Loisirs“ bei zwee gréisser Projeten (d'Tribün mat de Vestiairen um Stade Jos Philippart an d'PiKo-Schwämm) d'Aarbechte schonn eng gutt Zäit amgaang sinn an 2023 ofgeschloss solle ginn, mir awer nach ëmmer vum Sportsministère keng chiffréiert Zouso vun engem Subsid kruten. Ausser engem rezente Bréif, datt dës Projeten iwwer de „Plan quinquennal 2023-2027" subsidéiert ginn, feelt leider nach ëmmer eng chiffréiert Zouso, wat natierlech eng präzis Finanzplanung onméiglech mécht. Op jiddwer Fall muss ech feststellen, datt de Sportsministère, deen an de leschte Joerzéngten ëmmer virbildlech war wat seng Subsidepolitik ugeet, an de leschten 2 Joer wäit vun dësem gudde Fonctionnement ewech ass. Och hu mir fir 2 weider Projeten, déi d'nächst Joer an d'Realisatioun kommen – d'Maison relais vu Péiteng an d'Renovatioun vun dem Jugendhaus – keng chiffréiert Zouso fir e Subsid vun de respektive Ministèrë krut.

pétange MOTIVATION COMMUNE


**Pacte au logement**

- **Situation au 31.12.2023**

- **Années 2007-2020: € 15.488.995,50**
- **(+ 5.054 habitants - 15.017 -> 20.071)**

- **Prélèvement : € 13.000.000,--**
- **Solde: € 2.488.995,50**


De „Pacte Logement 1.0“, deen d'Gemeng Péiteng de 14. November 2008 réckwierkend fir d'Joren 2007 bis 2020 mat de Ministere Fernand Boden a Jean-Marie Halsdorf ënnerschriwwen hat, huet eis an der Péitenger Gemeng gehollef, an de leschte Joren déi Infrastrukturen am Schoul- a Betreiungsberäich fir eis Schoulkanner ze finanzéieren, déi op Grond vun dem Wuesstem vun der Bevëlkerung, awer och op Grond vun den neie Bedierfnisser an dësem Beräich, noutwenneg waren. D'Gemeng Péiteng huet Recetten am Kader vum „Pacte Logement 1.0“ vun am Total 15.488.995,50 € op Grond vun engem Wuesstem vun der Populatioun vu 5.054 Awunner krut. Den 31. Dezember 2020 war d'Awunnerzuel vun eiser Gemeng op 20.071 Awunner geklommen. Zur Informatioun: haut, den 9. Dezember 2022, si mir bei liicht iwwer 20.500 Awunner ukomm. Mir wäerten am Budget 2023 op weider 2 Milliounen Euro aus dësem „Fonds de réserve“ zeréckgräifen, esou datt mir an de Joren 2012 bis 2023, bis elo am Total 13 Milliounen Euro aus dësem Fong gebraucht hunn, an zwar exklusiv fir de Bau vu Schoulen a Maisons relaisen. Enn 2023 bleiwen dann nach knapp 2,5 Milliounen Euro am „Fonds de Réserve Pacte Logement“ eng Reserve, déi liicht iwwer der Gemengeschold – mat 2,04 Millioune Euro – op den 31. Dezember 2023 wäert leien.




Och 2023 ass keen Emprunt virgesi fir de Budget an d'Gläichgewiicht ze bréngen, dat trotz enger aktueller extrem héijer Inflatioun d'Gemeng Péiteng säin ambitiéisen Investitiounsprogramm resolut weiderféiert a keen extraordinäre Projet op Äis geluecht huet. Dat ass sécher op déi konsequent Finanzpolitik aus de leschten 20 Joer zeréckzeféieren. An de leschten 2 Joerzéngten ass eng zolidd Finanzbasis geschaf ginn duerch haaptsächlech eng rigouréis Ausgabepolitik am ordinären Deel vum Budget. Dat heescht: déi Käschte goufen ëmmer nees enger strikter Kontroll ënnerzunn, esou datt mir haut no jorelaanger Aarbecht, trotz enormer Inflatioun, och am Budget 2023 op niddreg lafend Käschten, dat heescht ordinär Ausgabe mat ronn 3.250 € pro Awunner kommen. Dat erlaabt der Gemeng Péiteng och 2023 weider extrem héich Investitiounen am Intressi vu senge Bierger ze realiséieren ouni hir Gemengeschold ze erhéijen. Mir sinn haut effektiv an der Lag, ouni Problemer op en neien Emprunt zeréckzegräife fir zukunftsorientéiert Investitiounen ze maache wann et noutwenneg ass. Dat op Grond vun eiser niddreger Gemengeschold souwéi vun eisem komfortabelen Iwwerschoss am ordinäre Budget.

An dëser Mandatsperiod 2018-2023 war op en Neits keen neien Emprunt noutwenneg an d'Reserve, déi an déi aner Mandatsperiod iwwerdroe ka ginn, souwéi d'Tatsaach, datt mir nach chiffréiert Zousoe fir grouss Subside vum Sportsministère (fir d'PiKo an d'Tribün um Jos. Philippart-Stadion) ausstoen hunn, wou awer d'Aarbechten d'nächst Joer scho fäerdeg ginn, an déi deemno fir zukünfteg Projete genotzt kënne ginn. An och nach weider Zousoe vu staatleche Subside fir den Ausbau vum Jugendhaus an déi nei Maison relais vu Péiteng feelen. Ech ginn dovunner aus, datt déi finanziell Reserve, déi vun der Mandatsperiod 2018-2023 an d'Mandatsperiod 2024-2029 iwwerdroe ka ginn, schlussendlech iwwer der Reserve leie wäert, déi mir an dëser Mandatsperiod aus der viregter iwwerholl hunn.

Zeréckzebehale bleift, datt mir am Budget 2023 weider Remboursementer an Héicht vun 1.342.545,45 € geplangt hunn, esou datt Enn 2023 d'Gemengeschold op 2.037.544,57 € fale wäert – opgedeelt op 5 Empranten –, e Minus vu ronn 36 Millioune Euro zënter dem 1. Januar 2004.




Enn 2023 wäert d'Pro-Kapp-Verschëldung vun eiser Gemeng ënner 100 € falen a bei 99,12 € leien. D'Verbesserung iwwer déi lescht 19 Joer war deemno substantiell. 2004 louche mir nach bei enger Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.500 €. Am Joer 2023 leie mir just nach bei knapp 4% dovunner, esou datt déi järlech Belaaschtung duerch eis Gemengeschold onbedeitend ass.

**Projets extraordinaires**

- **Lotissements communaux (Lotissement An Atzengen et Extension Lotissement Neiwiss II)**
- **Projet scolaire à Rodange (école fondamentale, maison-relais et salle de sports)**
- **Projet de restauration vum Bauerenhaff zu Rolleng an der Buergaass**

Zum Schluss ginn ech dann nach kuerz op e puer Projeten an, déi ech perséinlech am Schäfferot begleeden. Wéi d'lescht Joer awer beschränken ech mech op déi gréisser Projeten.

1. D'Gemengelotissementer

Déi lescht Aarbechten am Lotissement An Atzéngen zu Rolleng, de finale Stroossebelag a verschidde Plantatioune sinn ofgeschloss, a mir wäerten am nächste Joer dem Gemengerot den Dekont vun dësem grousse Wunnengsprojet vun der Gemeng virleeën. Am Juni 2019 sinn déi éischt jonk Familljen do an hir Haiser a Wunnengen erageplënnert a wann elo geschwënn déi lescht Haiser an dësem Quartier bewunnt sinn, wäerten an dësem neien Deel am Zentrum vu Rolleng ronn 450 Matbierger wunnen.

D'Gemeng Péiteng huet am Kader vu senger Logementspolitik d'Lotissement Neiwiss II zu Rodange mat 35 Eefamilljenhaiser a 4 Wunnengen an enger klenger Residenz zënter dem Summer dëst Joer an d'Realisatiounsphas bruecht. D'Infrastrukturaarbechte wäerte planungsméisseg am September 2023 ofgeschloss sinn. An der Tëschenzäit ass d'Prozedur vum Verkaf vun den Terrainen ugelaf. De 14. November dëst Joer war schonn eng Informatiouns-versammlung mat Interessenten, a mir plangen am September d'nächst Joer d'Compromise mat de Keefer z'ënnerschreiwen. D'Zil bleift, bis Enn d'nächst Joer och d'Akte beim Notär gemaach ze hu fir de Leit ze erméiglechen, Ufank 2024 mat dem Bau vun hirem Haus unzefänken.

2. De Projet vun der neier Schoul mat Maison Relais, Sportshal an ënnerierdeschem Parking bei der Schoul Am Paesch zu Rodange

Och dëse groussen a finanzintensive Projet, wou de Kader duerch de Jury no enger „Consultation rémunérée" de 17. November 2020 festgeluecht gouf, an deen un d'Architektebüroe Schemel a Wirtz Associés a Franz&Sue vergi gouf – dee gréissten, dee bis elo vun der Gemeng Péiteng realiséiert gouf, mat engem Budget vu 70,5 Milliounen Euro – wäerte mir am Hierscht d'nächst Joer ufänke kënnen, dat nodeems d'Virbedéngungen, dat heescht d'Realisatioun vum Lotissementsprojet Croix Cassée no schwierege Verhandlunge mat de staatleche Verwaltungen an dréchnen Dicher ze si schéngt. D'Pläng an den Devis vun dësem Projet wäerte mir an der Gemengerotssëtzung vum 16. Dezember 2022 zur Diskussioun an Ofstëmmung virleeën.

3. De Restauratiounsprojet vum Bauerenhaff zu Rolleng an der Buergaass

Mir hu virun zwee Joer de Bauerenhaff an der Buergaass zu Rolleng kaf an och do déi noutwenneg punktuell Ännerung vum PAG ofgeschloss mam Zil, an dësem Gebai Aktivitéiten z'entwéckelen, déi zu enger Beliewung vum Zentrum vu Rolleng bäidroe sollen. Brasserie, Commerce, ma och e ganz interessante Musée, deen an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg realiséiert soll ginn, kéinten an dësem Gebai no enger softer Renovatioun en Ënnerdaach fannen. Am Laf vum nächste Joer wäerte mir hei am Gemengerot d'Geleeënheet kréien, méi am Detail iwwer déi zukünfteg Ausriichtung vun dësem Gebai ze diskutéieren.

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet a ginn d'Wuert virun un de Schäffe Jean-Marie Halsdorf.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

De Buergermeeschter huet eis, wéi gewinnt, eng detailléiert a flott Analys vun eisem Budget 2023 gemaach. D'Handschrëft huet an der Legislaturperiod net geännert. Mir konnten effektiv d'Verschëldung eroffueren op 2,04 Milliounen Euro a sinn no der laangjähreger, virsiichteger a responsabeler Finanzpolitik prett fir och an dësen Zäiten de Cap ze halen.

Ma op eis kommen, nieft de konjunkturellen och aner Budgetscontrainten zou. Inflatioun a Krich op där enger Säit, op där anerer Säit wiisst eist Personal an eis Infrastrukture musse fit gemaach ginn oder fit bleiwen. Ech ginn duerno drop an.

Ech wollt, ewéi ech dat zënter 2017 gemaach hunn, méi präzis op déi Beräicher a Budgetsartikelen agoen, wou ech als Kultur-, Personal- an Infrastrukturschäffen de Lead hunn. Wëssend, datt all Entscheedung, déi mir huelen, den Accord vum ganze Schäfferot huet, an et da bei de Gemengerot kënnt.

Virop awer e puer Wierder iwwer den ordinäre Budget.

Zum Personalberäich:

Am éischte Joer vun dëser Legislatur am Joer 2018 hate mir e Gesamtpersonal vu 402 Leit. 2019 waren et der 413 an 2020 ware mir bei 417, am Joer 2021 bei 427 an elo si mir bei 439. Also e Plus vu 37 Leit. Dëst ergëtt sech aus der Zuel vu Leit, déi a Pensioun gougen oder net méi op eiser Gemeng schaffen, dat sinn 114 Persounen. An déi nei sinn der 167.

An dat wäert och esou weidergoen. Nei Maisons relaisen, nei Aufgaben asw. Ech widderhuelen dat, wat de Buergermeeschter net haut, ma am leschte Gemengerot gesot huet, wéi mir nei Plaze geschaf hunn. Dëse Plus u Personal wäert eis 1,2 Milliounen Euro kaschten. Dir wësst also, wat dat heescht, an dir wësst och, datt, wa mir wäerten no bei 500 Poste sinn, déi mir geschaf hunn, a wann déi all

besat sinn, da ginn d'Personalkäschten deementspriechend an d'Luucht. An dann ass et scho gutt, datt mir dee Spillraum hunn, deen de Buergermeeschter eis elo grad am Budget beschriwwen huet. Fazit: mir wuessen, si bei 20.500 Awunner, ma mir wuessen och personalméisseg. Awer am Verglach vun de Recetten an den Ausgabe gläicht dat eent dat anert sécherlech net aus. Do musse mer schonn oppassen.

Ech wollt och emol e puer Wuert soen zu den Ausgaben am ordinäre Budget vum Service Culture et communications, esou datt een emol gesäit, wat mir do alles investéieren.

Do hu mir fir d'éischt emol d'Rubrik 430 Tourismus. Do hu mer wëlles, 236.400 € auszeginn, an dovunner wäerten 80.000 € fir Organisatioune sinn, manner ewéi dat Joer virdrun. 138.200 € ginn eleng a Subsiden, d'lescht Joer waren et 127.833 €, an 18.000 € ginn an d'„charges salariales“. Am Joer 2017, wéi mir ugefaangen hunn, war déi Zomm, déi mir an deem Beräich ausginn hunn, 150.000 €. Da gesitt dir, mir hunn eng Steigerung vun iwwer 50% an där Mandatsperiod hei.

Deselwechten Exercice hunn ech an der Rubrik 860 „Fêtes publiques” gemaach. Do sti 60.000 € dat nächst Joer dra fir den Akaf an d'Locatioun vu Material. Am Joer 2022 waren et der 85.000 €. 2017 waren et 75.000 €, déi an deem Poste stoungen. Dat ass eng Baisse hei vun 20%. Dat huet och domat ze doen, datt mir elo hei op der Plaz virun der Gemeng eng fix Toilettestruktur kréien, wou mir eng mobil Zeen kaf hunn a well mer och scho Material kaf hu fir de Rockabilly an den Afterwork, dat mer dann dëst Joer kënne gebrauchen.

An der Rubrik 890 Kultur sinn et insgesamt 498.500 €, déi mir ausginn. Hei spille ganz vill Artikelen – den Detail ass do grouss -, dat sinn d'„partenariats privilégiés“, dat sinn Aktivitéite fir jonk Leit a fir al Leit, a wou mir och gesinn, datt déi an de leschte Joren an d'Luucht ginn. 2017 waren an dëser Rubrik nëmmen 374.000 € verrechent, wann ech dierf esou soen. Do hu mer also och e Plus vun 33%.

Da kënnt nach d'Rubrik 810 „Loisirs“. Do gi mir dëst Joer 117.000 € aus, d'lescht Joer waren et der 75.000 €. Dëse Surplus kënnt, well mer d'nächst Joer d'Chance hunn am Hierscht de „contre la montre“ vum Tour de Luxembourg op Péiteng ze kréien. An da kascht eben esou vill Suen. Am Budget 2017 waren et 96.800 €. Hei hu mir also e Plus vun 20%.

Déi lescht Rubrik, an déi ech wollt agoen am Service Culture et communications ass ebe just déi vun de „relations publiques“. D'Fonctionnementskäschte leien dëst Joer bei 65.000 €, déi mir op deem Poste stoen hunn. 2017 waren et der just 15.000 € an d'lescht Joer 17.000 €. Déi Erhéijung ass domat z'erklären, datt mer elo eng City-App kréien, esou datt mir och an d'21. Joerhonnert kommen. Et ass wichteg, datt mir eng City-App kréien. Et ass dann eben esou, datt déi Zomm vu 15.000 € bal verdräifacht gëtt. Dat gesäit no vill aus, et sinn awer just 45.000 €. Et weist och, datt mir als Schäfferot d'Zil hunn, eis Gemeng attraktiv duerzestellen an attraktiv a benevole Aktivitéiten z'ënnerstëtzen, awer och ze versichen, d'Ausgaben ze drosselen.

Eng aner Form fir d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng ze garantéieren, ass hire Fonctionnement. Hei musse mir weider Investissementer an Digitaliséierung maachen an dat informatescht Material. Do hunn ech och eng Recherche gemaach. An der Rubrik 121, do hu mer d'Moderniséierung vun eisem Sëtzungssall, wéi mir dee grousse Schierm hei kaf hunn. Ma dat ass elo scho kale Kaffi, well elo geet et jo drëm fir Visiokonferenze besser an eisem Sëtzungssall z'installéieren. An dofir wäerte mir eng nei Audio- a Videoinstallatioun brauchen.

Ma och deen informatesche Budget geet stramm an d'Luucht. Am Joer 2017 hate mer 590.240 € am Budget stoen, elo sinn et der 765.500 €. Dat ass eng Erhéijung vu bal 30%. Dovu gi 44% gebraucht fir de Loyer vum informatesche Material. 52% ginn un de SIGI, un de Gemengesyndikat vun der Informatik, a 4% fir Verschiddenes.

Ech hunn och gestaunt, wéi ech dat gekuckt hunn. Fir en Informatiounsaustausch an eiser Verwaltung ze hunn, hu mir am ganzen 49 Sitten, déi mat enger optescher Fiber verbonne sinn. Dat sinn d'Maisons relaisen, dat sinn d'Schoulen, dat sinn d'Gemengegebaier, all déi Installatiounen, déi eis gehéieren. An och am Computerberäich hunn ech fonnt, datt mir am Joer 2017 zu 177 Leit waren, déi e Computer haten. Elo si mir an der Gemeng zu 240, dat ass eng Erhéijung vu 36%.

A well mir och den Télétravail an eiser Gemeng wëllen aféieren oder schonn ageféiert hunn, ass och de Prinzip vum portabele Computer agefouert ginn. Domat geet de Käschtepunkt och an d'Luucht. A wou mir sécherlech nach vill ze maachen hunn, ass an der Sécherheet. Do wäerte mir am Joer 2023 eng duebel Identifikatioun aféieren, Spam-Filtere bäisetzen asw. Dat wäert och am nächste Gemengerot op der Dagesuerdnung sinn.

Och d'PCen an d'Printer ginn all 4 oder 5 Joer ersat. Dat ass normal. Mir féieren och dee professionellen Tëntestraler an. Mat där ganz neier Approche kréie mir éischtens e gewëssene Käschtepunkt – jo -, awer mir verbrauche manner Energie a mir maache manner Verschmotzung.

An ech wollt iech och nach eng Kéier drun erënneren, datt mir den I-Pad agefouert hunn an eiser Gemeng. An de Schoule scho méi laang, do kommen elektronesch Tafelen. An dat selwecht maache mir an de Maisons relaisen. Déi kréien och I-Paden, dat ass och eng Form vun Digitalisatioun, déi mir do aféieren. Et ginn also vill Suen an deem Beräich investéiert. Esou Ausgabe si leider net kompressibel, a mir versichen eben, op ville Fronten um Erscheinungsbild vun eiser Gemeng ze schaffen. An et gi vill Fronten, wou een dat ka maachen.

Eng aner, wou een dat zum Beispill ka maachen, ass den Dräilännereck. Deen ass eenzegaarteg op der Welt. Et gëtt just eng Plaz op der Welt, wou Frankräich, d'Belsch a Lëtzebuerg sech begéinen. Dofir fannt dir an der Rubrik 150 ënner „affaires socio-culturelles“ 100.000 €. Hei wëlle mir an enger éischter Phas e Konschtwierk schafe mat der Gemeng Mont-Saint-Martin an Ibbeng. Eng Bréck soll iwwer d'Kor entstoen, wou déi 3 Länner sech treffen. Den Zougang wäert an enger éischter Phas just vun der belscher Säit aus méiglech sinn. Dofir hunn d'Belsch och de Lead an dësem Dossier. Ibbeng huet hei de Lead. Dat ass am Fong geholl den Ufank fir eben eng Valorisatioun vum Dräilännereck ze kréien.

Och eis ëffentlech Plaze versiche mer ze verschéineren, well dat zum Erscheinungsbild bäidréit. Dofir ass d'John F. Kennedy-Plaz anescht opgestallt ginn ewéi se war. Si ass elo bal fäerdeg. Et muss een zwar bedenken, datt deen Devis vun 2019 ass. Elo si mer bal 2023, mer hunn awer bal 4 Joer gebraucht a mir hunn awer nach net esou vill ëmgerappt, wann een dat objektiv kuckt. Ma et gëtt awer schéin.

D'Plaz nieft der Kierch an dem Paschtoueschhaus zu Rodange: do kréie mir e Sprangbuer, mir kréie Gréngs a besser ëffentlech Toiletten. An och d'Maartplaz zu Péiteng kritt en neit Gesiicht. Do kënnt en neie Belag hin, méi Gréngs, méi Parkplaze fir Elektroautoen a Vëloen, an dat Ganzt soll 430.000 € kaschten. Déi stinn am Devis, dee mir dann am Gemengerot de 16. Dezember hei stëmme wäerten.

Awer och nei Parkinfrastrukturen droen zum Erscheinungsbild bäi, a besonnesch wa mer e Camionnetteparkingsnetz wëllen aféieren. Well da kréie mer och déi lescht aus de Wunnstroossen eraus. An enger éischter Phas soll esou

Parking an der rue Jos. Moscardo zu Rodange entstoen. Dofir sti 600.000 € am Budget. Dat selwecht wëlle mir – dat wäert éischter déi nächst Equipe maachen – an der Nidderkuerersstrooss maachen. D'Suen, 40.000 €, stinn am Budget fir e Projet ze maachen.

Da kommen ech zur Rubrik 624, wou een och gesäit, datt mir d'Stroossen erneieren a parallel versichen, se ze verschéineren. Dat ass d'Erscheinungsbild vun der Gemeng. Avenue de la Gare zu Rolleng, do stinn 100.000 € dran. Do maache mir elo Neel mat Käpp, wéi ech esou gär soen. Dat ass jo eng Staatsstrooss, an do hu mir laang gedoktert. Elo si mer eis eens. D'Ausschreiwung kënnt elo ufanks Januar, an am Summer d'nächst Joer wäerten déi Aarbechten dann ugoe fir d'Avenue de la Gare nees besser opzestellen. Parallel dozou wësst dir jo, datt mir déi Reewaasserachs dernieft maachen.

D'Bomecht zu Péiteng: do si mir eis elo och eens mat der Käerjenger Gemeng, wéi d'Entrée vu Péiteng soll ausgesinn. Dofir stinn och do 100.000 € prett. Och do si mer op de Staat ugewisen, och dat musse mir mam Staat, mat de Ponts et Chaussées zesumme maachen. Do si mer prett.

E bësse méi Zukunftsmusek ass vläicht d'Kierchestrooss zu Péiteng, wou 50.000 € am Budget stinn. Ma do ass et awer esou, datt déi Aarbechte kënnen 2024 oder 2025 ugefaange ginn. Do hu mir och scho mat Ponts et Chaussées geschwat, an déi erlaben eis eppes, wat flott ass. Mir kënnen eng urbaniséiert Strooss maachen. Si sinn averstane fir dat méi urbanistesch opzestellen. Do gëtt an den nächste Méint nach dru geschafft, an da wäert déi nächst Equipe dat musse weiderféieren.

D'Industriestrooss zu Rodange stoung och schonn e puer Mol dran. Ma déi hänkt of vun deem groussen Immobilieprojet, deen déi aner Säit ass. Awer de Souterrain Ouest, dee jo am Budget steet, op der Rodanger Gare wäert sécherlech d'Erscheinungs-bild vun där Strooss vill besser maachen. Well do kréie jo – „mobilité douce oblige" – d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer d'Méiglechkeet fir eriwwer op Rodange ze kommen.

Ech hunn och nogekuckt am Beräich Reprofilage, dat ass d'Rubrik 624, voirie vicinale. Do gëtt et eng Kontinuitéit. Do versiche mir och, eis Stroossen an eist Erscheinungsbild ze verschéineren. Op 14 Plaze gouf an dëser Legislaturperiod reprofiléiert. Ech hunn se eng Kéier kuerz opgelëscht: Hôtel de Ville, Lentz, Vieux Moulin de Parking, Haff A Rousen, rue des Ateliers, Kierfecht zu Rolleng, Providence – do ass et de Parking, de Chemin de Brouck hu mer an 2 Etappe gemaach, Kierfecht Rodange, Parking hannen an der Minièresstrooss beim Boulenterrain, Amalberge, Wisestrooss. Am Joer 2020 hu mir näischt gemaach, do war Covid-Paus. 2023 soll dat elo esou weidergoen. Dofir gëtt en Deel vun der rue du Clopp a vun der rue Fontaine d'Olière reprofiléiert. Dat fannt dir och am Budget erëm.

D'Iddi vun engem Hotel am Doihl, déi soll jo elo konkret gi sinn. Do musst dir iech virstellen, datt mir am Joer 2009 eng „étude de faisabilité" gemaach. Virun 13 Joer ass déi gemaach ginn. Dat fannt dir erëm an der Rubrik, déi a menge Pabeiere steet. Dir kënnt dat nokucken. Nodeems mir all Prozeduren am PAG duerchlaf hunn – de Reklassement vum Terrain, d'Amphythéose, asw. – hu mir elo den OK kritt vum Ëmweltministère, an elo wäert de Buergermeeschter deemnächst eng Baugeneemegung ausstellen. Well mer elo do ukomm sinn, datt dat soll Realitéit ginn, wëlle mir parallel dozou e Wellnesszenter derbäisetzen. Dofir fannt dir an der Rubrik 829 „autres sports" 100.000 € fir Pläng auszeschaffe fir esou e Wellnesszenter.

An der Rubrik 823 „Piscines" stinn dann och 100.000 € fir Etuden an en Devis opzestelle fir eng Cogeneratioun ze maache fir d'Schwämm, fir den Hotel, fir de Wellness an och eventuell fir déi Leit, déi do wunnen. Dat ass en neie Projet, dee mir wëlle lancéieren. An ech sinn iwwerzeegt, datt déi Infrastrukturen, déi ech elo just ugeschwat hunn, eng Beräicherung fir eis Bierger sinn.

Den Hotel, zesumme mam Site gekuckt, mam Fond-de-Gras, dat ass eng touristesch Opwäertung fir eisen Dräilännereck. An ech mengen, d'Jugendherbergen aus Éisträich, déi hunn e ganze Koup Hoteller an Europa – ech mengen et sinn iwwer 70 Stéck -, déi si bedreiwen als Jugend- a Familljenhotel – dat ass ganz wichteg. Domat wäert den Numm vun eiser Uertschaft Rodange an eiser Dräilännereckgemeng duerch ganz Europa goen. Eng gutt Saach, mengen ech, fir eis Gemeng.

Och d'Kulturinfrastrukture wäerte mir no an no verbesseren. Den Home vu Péiteng, dee jo der Gemeng zënter kuerzem gehéiert, dee muss onbedéngt moderniséiert ginn. Den Daach ass net an der Rei, d'Sonorisatioun, asw. Do hu mir eng éischt Saach, déi geschitt. D'Feiermeldeanlag an der Rubrik 132 gëtt verbessert. Dofir fannt dir 20.000 €. Awer dat muss weidergoen.

Dat selwecht fir de Kulturzenter zu Rodange. Do sti 70.000 € am Budget. Dat ass an der Rubrik 831, an dee wäert no dëser Legislatur ab 2024 moderniséiert ginn. Do si schonn éischt Pläng fäerdeg, et geet drëm, eng Moderniséierung an eng besser Notzung vun de Raimlechkeeten ze maachen. Dofir ass scho mat de kulturelle Veräiner geschwat ginn. Déi Gespréicher hu stattfonnt. De Schwéierpunkt vun dëse Gebailechkeete wäert beim Theater leien. Zu Rodange soll also besonnesch Theater gespillt ginn.

Da fueren ech weider an der Rubrik 624. Do fannt dir ënner der „voirie vicinale" nach eng Kéier de Péitenger Wandjang. Et ass déi Iddi fir e Wahrzeeche vu Péiteng kann ech bal soen – fir d'Eisebunnerstad – ze kréien. Déi gëtt elo Realitéit. Dofir stinn 100.000 € am Budget fir dëst Konschtwierk bei der Péitenger Gare ze realiséieren.

Da fannt dir och 30.000 € dra fir eng Vëloswäschanlag oder fir Vëloswaschanlagen. Mir sinn der Meenung, et misst een esou e Reseau maachen op strategesche Plazen, well mir mengen, et wier sënnvoll an enger Zäit, wou dëse Sport populär ass, eise Bierger d'Méiglechkeet ze gi fir net mat engem knaschtege Vëlo heem fueren ze mussen.

An der Rubrik 542 „Gestion eau de surface", do geet et ëm d'Gestioun vun Iwwerflächewaasser, an do wäerte mir nach vill mussen investéieren iwwer déi nächst Joren. Mir mussen investéieren, well soss dierfe mir net bauen. D.h. wa mir eng Kéier um Site Eucosider eppes schafen, da musse mir Reewaasser hunn, well dat soss näischt gëtt. Dofir ass dee scho laang am Bau an der Nidderkuerer Strooss erop bei d'Kor. Deen ass am Bau. 2022 ass et besser gaangen, do hu mir 2,8 Milliounen Euro investéiert. 2023 wäerten et 1,1 Milliounen Euro sinn. D'Iwwerreschter gesitt dir jo bei der Shell-Statioun op der Lonkecher Strooss. Dat ass am Fong geholl d'Aarbecht, déi do geschitt.

Eng weider Reewaasserachs, déi nach zu Rodange soll gemaach ginn, dat ass vun der Maragole bis op d'Lëtzebuerger Strooss duerch d'Avenue de la Gare zu Rolleng. Déi ass och am Bau, an dëst wäert och bluttnoutwenneg si wa mer wëlle bauen. Ech mengen, de Buergermeeschter huet eis jo hei gewisen, wou mer zwee Projete gemaach hunn, wou mir eise Bierger entgéintginn an hinne Wunnengsbau zu gudde Konditiounen erméiglechen. Dat selwecht gëtt elo méiglech gemaach mat den Atelieren zu Rolleng, wou och solle Wunnengen entstoen. An dofir brauche mir déi Reewaasserachs, well soss dierfe mer dat net do

maachen. Dofir stinn och 50.000 € an der Rubrik 131, dat hutt dir jo warscheinlech gesinn. Dat ass fir eng Etude fir e PAP ze lancéieren.

An der Rubrik 520 „Gestion des eaux usées" hutt dir 2 Artikelen. An deem enge sti 535.000 € an an deem anere 400.000 €. Ech wollt eist Kanalnetz e bësse méi genee kucken, well ech mengen, do musse mir och nach ganz vill maachen an den nächste Joren. An dofir hunn ech emol de Point gemaach a gekuckt, a wéi engem Zoustand eist Netz ass. Do stellt ee fest: 42% vun eisem Kanalnetz hu manner ewéi 20 Joer, dat ass optimal; 10% hunn tëscht 40 a 60 Joer, dat ass schonn net méi esou gutt; 20% si méi ewéi 60 Joer al. Do si mir gefuerdert, do mussen Aarbechte gemaach ginn. Dat heescht an Zukunft, wa Stroosse frësch gemaach ginn, da musse mir kucke wéi al déi Reseaue sinn. Mir ginn zwar heiansdo aus eiser Logik gehäit, well mir dacks zesumme mat Sudgaz oder mat SudEnergie fueren. Déi maachen dacks Projeten, déi mir da matmaachen. Da ginn och emol Netzer erneiert, déi nach net esou al sinn. Da wësst dir dat. Wat awer wichteg ass, dat ass, datt 65% vun eisen Netzer an engem ganz gudden Zoustand sinn. Nëmmen 10% respektiv 11% sinn an engem schlechten oder ganz schlechten Zoustand. Mir mussen elo handelen, an dat wäert och méiglech sinn, well mir eist Kanalreglement geännert hunn a mir verantwortlech si bis bei d'Haiser erun a kënnen och eng besser Qualitéit garantéieren. Virdru war dat net esou gutt, elo ass dat besser.

Fir iech emol eng Iddi ze gi vun der Envergure, wat an deem Beräich geschitt, hunn ech dat och nogekuckt. Am Joer 2021 z.B. sinn 51 Curagen a Kamerainspektiounen an eisem Kanalnetz gemaach ginn. An deemselwechte Joer sinn an 12 Stroossen d'Kanaldeckelen nei gemaach ginn an ee sougenannte „regard" ass an der rue des Prés ersat ginn. 11 Mol ass de Kanal gefléckt oder erneiert ginn. 13 Mol gouf en „avaloir" gebotzt. Dat ass schonn net schlecht.

A wann een zeréckkuckt, da gesäit een, datt mir am Joer 2015 an dësem Beräich 9 méi kleng Schantercher hate wou d'Kanalisatioun ersat gouf. Dat war an der Siole, der Schoulstrooss zu Rolleng, beim Kierfecht an an der rue des Acacias zu Péiteng asw. An an dëser Legislatur sinn dann elo dës Kanalaarbechte gemaach ginn, also d'Netz ass do erneiert ginn:

- zu Rodange beim Kierfecht, an der rue Adolphe, rue du Clopp, rue de la Fontaine, rue de la Piscine, rue Fontaine d'Olière;
- zu Péiteng an der rue du Chemin de Fer, rue de l'Hôtel de Ville, rue de la Chiers.

Dann hat ech virdrun déi zwee Budgetsartikelen iwwer 400.000 € a 525.000 € ugeschwat fir d'nächst Joer. Dat sinn op där enger Säit 400.000 € fir d'Infrastrukturaarbechten an der rue de l'Eglise an an der rue de la Montagne zu Rolleng, op der Place du Marché zu Péiteng an an der rue Gässel zu Rodange.

An dann hu mir och nach wëlles – dofir sti 525.000 € dran – fir d'Reewaasserachs an der Lénger Strooss ze maachen. Mir mussen déi och maachen. Dir gesitt, et geschitt vill, awer et muss nach vill geschéien. An da gesäit een emol eng Kéier, wat ënnert dem Buedem geschitt a wat d'Leit net ëmmer gesi wat dat kascht a wat dat alles bréngt. Mir kommen awer net derlaanscht a mussen alles maachen. Mir wëssen och – de Buergermeeschter hat dat och gesot -, datt 2,63 Milliounen Euro fir d'Erweiderung vun der Kläranlag dra stinn. De Buergermeeschter sot, datt mir schonn 10 Milliounen Euro doranner gestach hunn, an et wäerten nach méi wéi 6 Milliounen Euro an d'Kläranlag investéiert ginn. Et ass eng deier Geschicht, ma mir kommen net derlaanscht.

An da war et mir awer och nach derwäert fir ze soen, datt d'Sanéierung vum Kordallbecke mat 80.000 € drasteet. Dat ass déi al Kamell, déi de Buergermeeschter och ugeschwat huet. Déi sti scho laang dran. Deen Artikel feiert geschwë Sëlwerhochzäit, well dat ass effektiv de Grand Bis. Dofir steet deen och an der Rubrik 460. Mir hunn e Bréif gemaach un de Wirtschaftsministère an deem mir gesot hunn, datt et dee Projet gëtt. E gëtt och méi deier, well mir musse kompenséieren. Sidd dir nach averstane fir dee Projet ze maachen? Mir waarden elo op eng Äntwert. Wann si Jo soen, da fuere mer weider. Wa mir keng Äntwert kréien oder wann se Nee soen, da gëtt de Projet begruewen. De Buergermeeschter sot mir hätte schonn 1 Millioun Euro, ech hat geduecht 800.000 €, op alle Fall hu mir eng knapp Millioun dragestach. Da sinn déi ebe fleeten. Et geet elo duer. Sëlwerhochzäit fir e Zoning, deen et net gëtt. Ech mengen, dat ass och eenzegaarteg am Land. Et misst een am Fong geholl eppes dohistellen. Naja.

Rubrik 460, do fannt dir och nach déi 3 Parzellen am PED, déi sollen erneiert ginn. An do ginn och elo Neel mat Käpp gemaach. Ab 2023 wäerten do Firmaen hikommen. Et si schonn e puer Firmaen, déi zougesot hunn. Et kommen och Firmaen aus eiser Gemeng dohinner, an doduerch kann op aner Plaze Wunnengsbau gemaach ginn.

Da kommen ech kuerz zeréck op d'Rubrik 520, fir nach zwee aner Punkten ervirzesträichen. Deen éischten ass deen, datt mir eng Etude gemaach hu fir „fortes précipitations", d.h. wann et vill reent wou vill Iwwerschwemmunge sinn. Mir hunn och eng Kaart, wou mir wëssen, wou déi Stroossen a Gebitter sinn, wou et esou ass. Déi Leit ginn elo all individuell ugeschriwwen oder sinn individuell ugeschriwwe ginn. Déi kënnen sech da mellen, an da kucke mer mat de Leit zesummen, wéi mir déi Problemer kënne léisen. Déi aner Leit, déi kee Problem hunn, ginn dat och gewuer, well mir op Internet oder op der Tëlee de Leit soen, datt mir dat maachen. Déi kënnen sech dann och mellen a mir hoffen, datt mir do och Léisunge fannen. Et stinn och scho 50.000 € am Budgetsartikel 221313/22023, wou éischt Aarbechte solle geschéie fir ebe just esou Iwwerschwemmungen ze verhënneren.

Da kommen ech kuerz bei d'Rubrik 630, den Drénkwaasserberäich. Do kréie mir den Drëpsi, eng gutt Saach, well dat beweist, datt mir och hei anstänneg opgestallt sinn. De „plan d'urgence" ass elo fäerdeg a mir hunn deen elo un d'Waasserwirtschaftsamt geschéckt. Wann deen ugeholl gëtt, dann hu mir deen. Awer dat heescht, am Drénkwaassernetz musse mir nach vill schaffen. Éischtens musse mir déi al Strukturen ersetzen. D'Netz ass an engem änlechen Zoustand ewéi den Ofwaasserreseau. D.h. och en Deel, dee gutt ass, an een, deen net gutt ass. Mir hu Fuitten, déi si bekannt – net alleguer – a mir mussen do eng Analys maachen. Mir kommen net derlaanscht, well dat Gesetz iwwer d'Waasser vum nächste Joer wäert eis zwéngen, ab 2025 dem Waasserwirtschaftsamt matzedeelen, wou mir Fuitten hunn a wéivill dat ass, asw. Dat heescht, do kënnt och nach eppes op eis zou. Ma mir waren nach ëmmer um Wee vun der Moderniséierung, an do wäert et warscheinlech e bësse méi séier goen. Wou mir eis awer elo scho gutt opgestallt hunn, dat ass, datt mir schonn nei Waasserzieler kritt hunn, an d'Facturatiounssystemer gi méi performant. Do kréie mir also och vill Méiglechkeeten. Déi nei Equipe wäert och mussen e „plan pluriannuel" opstellen, an do musse Suen an den nächste Joren dragestach ginn.

Wat mir elo dës Kéier musse maachen, dat steet am Budget an dir hutt et och fonnt, dat ass de Waasserbaseng vu Rolleng, dee frësch gemaach gëtt. Do stinn 200.000 € dran. Déi Strukture sinn och schonn iwweraltert.

Dann hunn ech och nach a menger Ried geschriwwen, datt mir och ëmmer mat SUDenergie zesumme schaffen an datt

mir heiansdo mussen d'Kéier huele bei eisen Iwwerleeunge fir dat mat anzebauen.

Zum Parksystem wëll ech net vill soen. Dee gëtt moderniséiert. De Romain Mertzig wäert warscheinlech drop agoen. Do sti Parkaueren dra fir beim WAX an am Blobierg.

Nach kuerz e Wuert zur ëffentlecher Beliichtung. Do wollt ech soen, datt mir eng nei Persoun agestallt hunn an och elo do wäerten e „plan pluriannuel" opstelle well och do Energiespueren ugesot ass. Dat muss an deenen nächste Jore geschéien.

Nach e Wuert iwwer d'Kontinuitéit. Do wollt ech soen, datt mir d'Zebrasträifen erneiert hunn. Dat ass mam Roland Breyer lassgaangen. Dee leschten, deen elo gemaach gëtt, ass d'Maragole an d'rue Nic Biever. Do stinn och 79.854 € am Budget. Och bei de Verkéiersluuchte versiche mer ëmmer, si no an no z'ersetzen. Do kënnt eng nei op Rodange op d'Gare bei de Blobierg an d'Lëtzebuergerstrooss. 45.000 € stinn am Budget. Dat ass normal, well déi Strooss géintiwwer vun Athus gëtt et net méi, an dofir gëtt do eng nei opgeriicht.

An da kommen nach d'Imprevuen. Ech wëll als Beispill een huelen, an dat ass de Foussgängerwee rue du Clopp/Brouckerwee. Do hu mir 130.000 € am Budget. Op eemol ass festgestallt ginn, datt déi Mauer an dat alles net stabel ass a muss stabiliséiert ginn. Dat kascht 130.000 €, ma domat musse mer liewen. Wat mer wëssen, dat ass, datt de Spillraum am Budgetsberäich méi kleng gëtt. En ass awer nach grouss. De Buergermeeschter sot et, mir hunn nach iwwer 20 Millioune Euro an der Reserve. Awer mat deenen Zäiten, déi mir haut hunn ... . Déi nei Equipe muss kucken, wat gemaach gëtt a wat net gemaach gëtt. Dat wäert deen neie Motto si fir d'Geschécker ze féieren an de Joren 2023 bis 2029.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären,

Ech presentéieren iech haut mäi leschte Budget an dëser Mandatsperiod. Eng Mandatsperiod, déi gespickt war mat Iwwerraschungen, well ganz Villes net esou verlaf ass an deene vergaangenen zwee Joer wéi primär geduecht war. Déi grouss Projeten, déi op der Agenda stoungen, si praktesch alleguer am Bau, munch an der Finalisatioun, deen een oder anere steet nach an den Ufäng.

D'Programmer sinn net nëmmen duerch Präiserhéijungen, déi eis alleguer „de court" geholl hunn, a Verspéidung geroden. Ganz Liwwerunge vu Material sinn net mat Zäite geliwwert ginn, Aarbechtsfriste sinn dauernd geännert ginn, och nach verständlech duerch dee méi groussen Ausfall u Personal – Covid bedéngt.

Eng helle Wull vun negativen Ëmstänn huet sech ugesammelt an dozou gefouert, datt verschidden Ouverturen net esou kënnen agehale ginn ewéi ufanks programméiert an sech bis dato ëm e puer Méint verschibe wäerten.

Ech denken hei un zwee vun eise gréisste Projeten, déi mir de Moment amgaang sinn ze finaliséieren: d'Maison relais mat der Spillschoul zu Lamadelaine an d'Museksschoul mam ënnerierdesche Parking an dem Auditorium, déi eréischt fir d'Rentrée respektiv fir den Hierscht voll a Betrib kënne geholl ginn. Eng Situatioun, déi iergerlech ass, an net ëmmer zum Versteesdemech bäidréit. De Bau vun enger neier Maison relais zu Péiteng ass scho méi laang an der Virbereedungsphas. Endlech ass dëse Projet no enger Rei vun zousätzlechen Etuden elo esou wäit, datt mir an der éischter Hallschent vum nächste Joer mat der Bauphas starte kënnen.

Ech zitéieren an deem Kontext och den Ëm- an Ausbau vun dem Jugendhaus an dem fréiere Pompjeesbau zu Péiteng. Dës „mise en conformité", eng Vergréisserung a Moderniséierung, all dës Aarbechte si scho méi laang am Gespréich. D'Ufanksaarbechten heizou stinn no dem Kollektivcongé am Januar op der Agenda.

Well d'Waardelëscht vun de Betreiungsplaze leider de Moment net esou kann ofgebaut ginn ewéi gewënscht, hu mir schonn am Summer Demanden an de Ministèren eragereecht, fir e weideren Agrément ze kréien, an zwar fir Säll am Sportzenter Bim Diederich ze notzen. An dëse Raimlechkeete kéinte Kanner iwwer d'Mëttesstonn bleiwen an iessen. D'Gespréicher mat deene Verantwortleche vun de Ministèrë si gefouert ginn a mir hu grouss Hoffnung, am Januar 50 Kanner kënnen eranzehuelen. E puer kleng Upassunge sinn nach am Optrag fir deene spezielle ministerielle Critèrë gerecht ze ginn. Mir erhoffen eis zu Rodange, geschwënn eng änlech Léisung ze fanne fir och kënnen de Rodanger Kanner, déi de Moment nach op der Waardelëscht stinn, eng Méiglechkeet ze ginn, wéinstens iwwer d'Mëttesstonn kënne betreit ze ginn.

Esou Léisunge kënnen hëllefen, Kanner eng Plaz unzebidde bis déi nei Gebaier, déi am Bau oder an der Planungsphas sinn, an déi op Lamadelaine, Rodange a Péiteng wäerte kommen, betribsfäerdeg sinn. Dës Realisatioune bréngen an den nächste Joren eng Verduebelung vun de Plazen an de Maisons relaise mat sech fir eis Gemeng. Engersäits eng Entlaaschtung fir d'Elteren, anersäits eng gréisser Belaaschtung fir den zukünftege Gemengebudget, deen – dat dierfe mir net vergiessen - deenen neie Gegebenheeten ugepasst muss ginn. Ze ernimme wieren do d'Ausgabe vum Fonctionnement, den Ënnerhalt an natierlech déi héich Personalkäschten, déi elo schonn am Budget vermierkt si wann déi nei Maison relais zu Lamadelaine ugeet. Duerch d'Inclusioun misst de Personalschlëssel an d'Betreiungspersonal an den Infrastrukture vun de Maisons relaisen nei iwwerduecht ginn. Well mir hunn Educatricen an de Maisons relaisen, déi wuel eng ganz gutt Ausbildung hunn, déi awer net dorop ausgeriicht ass fir sech mat Kanner, déi an der Inclusioun sinn, mussen zurechtzefannen. Dat ass eng ganz schwéier Zäit fir dat Personal, an do misste mir natierlech zesumme mat de Ministèren an de Schoule probéieren, nei Léisungen ze fannen.

Et ass mir bewosst, datt an dëser ongewinnter, onsécherer Zäit d'Präisser fir d'Neibauten dervulafen. Awer dee feste Wëllen ass do, déi noutwenneg Planunge fir d'Schoulen, d'Maisons relaisen, an nei, besser Infrastrukture fir ons Jugendlech weiderhin an der Agenda festzehalen.

No dëser klenger Aféierung kommen ech zu menge Ressorten, déi bekannt sinn. Déi grouss Analys vum Budget huet de Buergermeeschter virbruecht, ech wäert mech just op meng Ressorte beschränken.

Ech kommen zu de Maisons relaisen.

An den ordinäre Recetten erwaarde mir eis vu Säite vum Ministère eng Zomm vu 5.879.691 €. Den Elterendeel dozou ass vermierkt mat 115.000 €. Dat mécht eng Recette vu 5.994.691 € aus. Duerch d'Photovoltaik-Installatioun erwaarde mir eis och nach eng Recette vun 9.200 €.

Deem géintiwwer sinn natierlech och déi ordinär global Ausgabe fir d'Maisons relaise mat 8.200.197 € verbucht fir 600 Kanner kënnen hei bei eis an der Gemeng ze betreien. Dat heescht all Artikelen, déi fir d'Maisons relaise festgehale sinn – do sinn d'Personalkäschten, d'Restauratioun fir d'Kanner, den Ënnerhalt an d'Fonctionnementskäschten, d'Ausflich, d'Vakanzaktioun – déi och vun de Maisons relaisen organiséiert gëtt - asw., all déi ordinär Ausgabe sinn an dësem grousse Package mat dran.

Bei den extraordinären Ausgabe steet d'Maison relais zu Lamadelaine, eng Synergie verbonne mat der Spillschoul an dem Précoce. Dëse Bau ass an der Endbauzäit. Déi éischt Kanner kënnen - ewéi zu dësem Zäitpunkt programméiert – fir Mee/Juni fir eng Testphas an dat neit Haus eranzéien. Wärend der grousser Vakanz kënnen da bis 200 ageschriwwe Kanner erakommen. Dee ganz neie Komplex soll fir d'Rentrée normal fonctionéieren. An dem Haus kënnen 8 Spillschoulsklassen, 2 Précoce-Gruppen, 1 Klass fir d'Logopedie an alles wat formell an informell mat der Educatioun ze doen huet, ënnerkommen. An enger grousser professioneller Kiche kënnen op dem Site bis zu 600 Menüe frësch gekacht ginn. 3.000.000 € sinn an den extraordinären Ausgabe programméiert fir de Bau zu Enn ze bréngen. 382.000 € stinn nach extra fir déi éischt Ausstattung.

Fir déi professionell Kichen, déi an deem Haus wäert fonctionéieren, sinn 125.000 € am Budget vermierkt. Dëst ass de Forfait, dee mir vum Ministère subsidéiert kréien. Fir d'Spillplaz kréie mir 8.500 €, och e feste Forfait, eventuell 50 € fir de Quadratmeter fir eng Naturspillplaz. Esou e Projet ass an der Ausschaffung.

Zu Péiteng sinn d'Virbereedunge fir den Neibau vun der Maison relais um Instanzewee, an do hoffe mir, datt de Bagger am Mee kéint rullen. Déi budgetär Previsioune fir dësen Neibau, wou bis zu 200 Kanner kënne betreit ginn, si mat 14 Milliounen Euro ugekënnegt. Fir d'Joer 2023 sti 5,2 Milliounen Euro am Budget, déi op dësem Site an enger éischter Phas solle verschafft ginn. Ech hoffen, datt mir och dozou kommen an net nees duerch eng Kris verhënnert ginn.

50.000 € ginn nach emol extra gebraucht fir en Ëmbau an der Kiche vum Reebou-Haus. Den Neibau kritt keng professionell Kichen. E gëtt duerch eng Passerell mat der bestoender Maison relais verbonnen, wou frësch gekacht gëtt fir déi zwou Strukturen. Verschidden Ännerunge fir déi gréisser Zuel vu Menüen, déi ufalen, musse realiséiert ginn. Dofir déi genannten Ausgaben.

Beim grousse Schantje vu Rodange, wou d'Spillschoul, d'Maison relais, d'Sportshal an en ënnerierdesche Parking solle kommen, sinn d'Viraarbechten an der Planung. Fir dëse grousse Schantjen unzegoe sinn 2 Milliounen Euro fir 2023 virgesinn.

D'Maison relais Dachse vun der Bich, déi am Komplex vum „Fonds de Logement“ fonctionéiert a wou mir mat Co-Proprietär sinn, kritt eng Ronnerneierung. Dës ass verbonne mat enger Astandsetzung an enger Transformatioun vun deem kompletten a bestoende Wunnraum. 625.000 € an den extraordinären Ausgabe si fir eis primär ageplangt. 2023 solle 546.000 € an éischter Instanz gebraucht ginn.

D'Maisons relaise brauchen och nei Gefierer. D'Kannerzuel déi fir de Sporttraining an d'Kulturestonne gefouert gëtt, geet erop. Et ass en zousätzlechen Service, dee mir iwwerhuele wärend d'Elteren op der Aarbecht sinn an dësen Transport net kënne garantéieren. 60.000 € si virgesi fir déi zwee kleng Bussen, déi do gebraucht ginn.

Ech kommen zu de Crèchen, déi a kommunale Gebaier ënnerbruecht sinn, awer vun ASBLe geleet ginn. Dat sinn d'Crèche Kordall an d'Villa Bambi. D'Fassad vun der Villa Bambi ass an d'Jore komm a muss renovéiert ginn. Dofir stinn am extraordinäre Budget 90.000 € bereet.

De Bau vun der Bëschcrèche soll endlech verwierklecht ginn: 50.000 € sinn agedroe fir éischt Etuden zu Rodange nieft dem Scoutschalet. Dësen Terrain, dee ganz no un der Natur läit, gëtt dem Programm vun enger Bëschcrèche gerecht. 75.366 € stinn ënner den ordinären Ausgabe fir déi klenger Reparature vun dësen Haiser.

Ech kommen zu de Spillplazen: Mir hunn ëm déi 22 Spillplaze bei eis an der Gemeng an déi brauchen en dauernden Ënnerhalt a gegebenefalls nei Spiller, déi ersat musse ginn. Mir mussen eis un d'Direktive vu Luxcontrol halen, déi a reegelméissegen Ofstänn Kontrollen ënnerhuelen a wou mir dann och zesummeschaffen. 125.000 € stinn an dësem Budget an den ordinären Ausgaben, verdeelt op verschidden Artikele fir all Ersatzaarbechten, déi realiséiert gi vun eise Mataarbechter oder vu Firmen, wann eng gréisser Refektioun muss ënnerholl ginn.

Ech kommen zu de Schoulen.

Den Ëm- an Ausbau vun der Éigentschoul geet säi Wee. An den extraordinäre Recettë stinn 1.250.000 € u staatleche Subsiden, déi erwaart ginn – ech hoffen och, datt mir se kréien – , an 2 Milliounen Euro kommen aus der „aide au capital“ vum „Pacte Logement“ fir dëse gréissere Schantje vum Ëm- an Ausbau.

Déi geplangten Aarbechten an der Rubrik extraordinär Ausgabe fir 2023 sti mat 5,2 Milliounen Euro agedroen. Déi éischt Ausstattung fir déi 8 zousätzlech Schoulklassen, der „salle de défoulement“, der Bibliothéik, de 4 Säll, déi punktuell mat de Kanner, déi spezifesch Bedierfnisser hunn, genotzt solle ginn, fir all déi mobil Uschafunge sinn nach eng Kéier 340.000 € ageplangt.

De Budget fir d'Informatik, d'Locatioun, den Ënnerhalt an d'Reparaturen an de Schoulen ass mat 257.000 € agedroen. Et ass kee klenge Budget, ma et ass e Budget, deem mir musse gerecht ginn, well eben déi ganz Informatik ëmmer méi gefuerdert gëtt an eis Schoulen net sollen hannendru stoen. An da musse mir natierlech nozéien.

Fir d'Schnéiklasse stinn 100.000 € prett. Déi fuere jo d'nächst Joer – loosse mer hoffen, datt net nees de Covid dertëscht kënnt – op en neie Site, op Hochkrimml, well mir hu bis elo 254 Kanner mat Educateuren an Animateuren, déi dorower solle fueren.

D'Park-School kritt nei Chaudièren, do sinn 148.000 € virgesinn. Mir erwaarden eng Recette fir d'„Prime énergétique“ an der Héicht vu 45.000 €. Dëse Punkt war schonn am Gespréich. Mir sollen nach Renseignementer vum Klima-Beroder kréie fir dee beschtméiglechste Choix an deem doten Dossier ze treffen.

Déi ordinär Ausgabe vun de Schoulen am globale Grondschoulunterrecht mat allen Onkäschte vun de Bauten, de „frais nature“, d.h. d'Bicher, déi d'Kanner gratis zur Verfügung gestallt kréien, de Loun vun den Infirmièren, de „assistantes sociales d'hygiène“, den Dokteren, déi a reegelméissegen Ofstänn d'Kanner ënnersiche kommen, de Schoultransport, all déi global Ausgabe schloe mat 6.878.319 € zu Buch. Erausgepickt: d'Ausgabe fir d'Spillschoule si mat 80.568 € opgelëscht, de Précoce kascht eis 62.900 €.

An den ordinären Ausgaben hu mir och nach eppes fir eis Studente virgesinn. Mir ënnerstëtzen si mat 165.000 € u Schoulsubsiden. Ech fannen, dat ass eng flott Saach fir hinne Merci ze soe fir dat, wat si am Laf vum Joer leeschten.

Den Neibau vun der Museksschoul geet bis dato gutt weider. Den ënnerierdesche Parking kann oder soll am Mee a Betrib geholl ginn. D'Musekscoursen an d'Solfègeklasse wäerte fir d'Rentrée am neien Haus stattfannen, esou matgedeelt no dem leschten Timing. D'Fäerdegstellung vum grousse Concertssall wäert sech bis an de spéiden Hierscht eranzéien.

Fir 2023 hu mir natierlech nach eng Kéier eng héich Zomm am Budget stoen. Do denke mer drun, fir nach eng Kéier 13.111.000 € an den extraordinären Ausgaben ze verschaffen. Déi éischt Ausstattung fir d'Klassen an deem neie

Gebai schléit mat 330.000 € zu Buch, verbonne mam Kaf vun neie Fligele fir d'Pianosklassen an enger Harf mat 47 Corden, d.h. eng Concertsharf, déi bis dato gefeelt huet, fir déi Schüler an den héijen Zyklen z'ënnerriichten. Dir fannt och nach eng Zomm vu 5.000 €, déi ass geduecht fir d'Ausschreiwung vun engem grousse Fligel fir de Concertssall, dee wärend dem Joer 2023 ausgeschriwwe muss ginn.

An den ordinäre Recettë fir de Fonctionnement vun der Museksschoul erwaarde mir eis vum Ministère – esou wéi ausgerechent no där neier Nomenclature, wéi se vum Ministère virgeluecht ginn ass – 1,8 Milliounen Euro ministeriell Subsiden. 6.000 € komme fir d'Zurverfügungstellung vun Instrumenter, wou mir kleng Celloen a kleng Geien a weider kleng Instrumenter ausléinen. 6.380 € erwaarde mir eis nach fir d'Aschreiwungen.

Déi ordinär Ausgabe fir d'Museksschoul, komplett mat sämtleche Léin fir den edukativen an administrative Beräich, fir den Ënnerhalt, de Fonctionnement vun der Schoul, d'Ausgabe fir Chorallen, ginn eng Zomm vun 2.909.475 €.

Ech kommen zur Jugend.

Den Ëmbau vum Jugendhaus zu Péiteng ass fest geplangt a steet mat 1.570.000 € an den extraordinären Ausgaben. Mir erhoffen eis, datt d'Aarbechten direkt kënnen um Ufank vum Joer an Ugréff geholl gi fir emol eng gewësse „mise en conformité“ ze maachen, bis dann dee grousse Schantjen, dee geplangt ass, ugeet.

Fir dësen Ëmbau hu mir, no Gespréicher mat de Ministèren e Subsid vu 500.000 € an Aussicht gestallt kritt. Ma wéi de Buergermeeschter dat scho gesot huet, eng schréftlech Zouso hu mir natierlech nach net kritt. Mir erhoffen eis awer déi doten Zomm. Déi éischt Ausstattung gëtt fir dës Erneierung komplett vum Educatiounsministère gedroen. D'Aarbechte sollen esou verlafen, datt déi Jugendlech nëmme bedéngt d'Jugendhaus kënne benotze wärend der Bauphas. Awer ewéi bei all Ëmbau wäert dat hei mat zäitlechen Onbequeemlechkeete verbonne sinn. Den administrative Beräich gëtt wärend der Bauphas méi ageschränkt. Diskussiounen heiriwwer si mat deene Verantwortleche gefouert ginn an zum Zäitpunkt, wann déi Aarbechten uginn, wäert dat och nach eng Kéier gekuckt ginn.

Déi ordinär Ausgaben, déi am Budget 2023 fir d'Jugendhaus agedroe sinn, schloen nach eng Kéier mat 406.330 € zu Buch.

Weiderhin ass fir d'Jugend de Late-Night-Bus mat 25.000 € an den Ausgabe vermierkt. Eng Recette vun 20.903 € u Subside steet deem géintiwwer. Fir déi temporär Beschäftegung vu Studente wäerte mir 107.708 € ausginn. Locatioune fir den SNJ an d'Main Tendue, wou mir Locatiounskäschte fir 2 Appartementer iwwerhuelen, belafen sech op 16.019 € a 16.680 €. Einname kommen iwwer d'Réckerstattung vun de Käschten: eemol 2.280 € an 2.160 €. Déi zwou ASBLe maache vill sozial Aarbecht hei bei eis an der Gemeng fir d'Jugend, an dofir mengen ech, datt déi Sue gutt investéiert sinn. D'Kontributioun beim ProSud fir d'Nightcard ass mat 20.000 € vermierkt. Recettë kréie mir do an enger Héicht vun 1.300 €. Alles an allem ass den Artikel fir „autres jeunes“ mat enger Ausgab vun 207.907 € belaascht.

Fir interkommunal Jugendaktivitéiten hu mir nach eemol extra 7.500 € an den ordinären Ausgabe festgehalen. Et sinn ëmmer ganz vill Jugendaktivitéite mat de Kordallgemengen organiséiert ginn. Dat lescht Joer hate mir der e wéineg manner. Ech hoffen awer, datt dat Ganzt erëm ugekuerbelt gëtt an datt eis Jugend sech iwwer déi kommunal Grenzen eraus mat anere Jugendleche kann treffen.

Mir hunn awer och Lehrlingen an der Ausbildung. De Käschtepunkt beleeft sech op 100.808 €.

Mir hunn och Lehrlingen am administrative Beräich. Do hu mir 150.578 € agedroen. Mir ënnerstëtzen och jonk Chômeuren, déi mir bei eis an d'Gemeng eranhuele fir hinnen nei Perspektiven ze ginn. Do hu mir Ausgabe vun 286.766 € festgehalen. D'Soziallaaschte schloen och nach eemol mat 47.664 € zu Buch fir déi jonk Chômeuren.

Wa mir extra Formatioune fir Lehrlingen ubidden, da brauche mir nach eemol 22.458 € fir den administrative Volet a 16.754 € fir d'Lehrlingen an de Regiebetriber, fir hinnen och domat extra Formatiounen ze erméiglechen.

De Staat ënnerstëtzt natierlech d'Gemengen, wann se jonke Chômeuren eng Plaz ubidden. Fir dee „réemploi“ kréie mir nach eemol 243.000 € an d'Recetten. 16.400 € kréie mir och nach eemol, wa mir jonke Chômeure speziell Formatiounen ubidden, déi och nach eng Kéier vum Staat gedroe ginn.

Mir hunn och eng Jugendkommissioun, déi ganz seriö schafft, an do si fest Aktivitéiten ageplangt. Mir brauchen natierlech eng Erhéijung vum initiale Budget, dee scho méi laang net méi ugepasst ginn ass. Dofir si fir d'nächst Joer 30.000 € virgesi fir de Rock the South, den Hip Hop an den Job Day, fir just déi gréisser Organisatiounen ze nennen.

Fir d'Chancëgläichheet an eiser Gemeng méi present ze maache stinn der Chancëgläichheetskommissioun 15.000 € zur Verfügung. Säitens vum Chancëgläichheetsministère gëtt eng verbessert a méi aktiv Zesummenaarbecht ugestrieft. D'Konventioun op ee Joer heizou ass ënnerschriwwen. Do stinn nei a gutt Iddien am Raum, déi zesumme mat a fir ons Matbierger sollen ëmgesat ginn.

D'Familljekommissioun huet no der Pandemie erëm e gréissert Familljefest um Programm, nieft den üblechen Organisatiounen, wou déi Kommissioun täteg ass. Ënner anerem bei den Organisatioune fir eis Senioren.

Ech kommen nach kuerz op eis Senioren zeréck. De Seniore sti Raimlechkeete fir d'Amiperas zu Rodange a fir d'Péitenger Senioren zu Péiteng zur Verfügung. Eis Gemeng ass och ganz aktiv am Club Senior, verbonne mat de Kordallgemengen, wou interessant interkommunal Aktivitéite fir eis Senioren ugebuede ginn. D'Chargë fir de Club Senior belafen sech esou: Fonctionnementskäschte mat 19.900 €, de Subsid, dee mir bezuelen, vun 21.305 €, d'Locatioun fir de „Foyer du jour“ mat 9.540 €. Zesumme sinn dat Ausgabe vu 50.746 €.

De „repas sur roues“ bréngt eis eng Kontributioun vun den eelere Matbierger an der Héicht vun 216.000 € fir déi zerwéiert Menüen. D'Ausgabe fir dësen Service schloen awer mat 334.504 € zu Buch. D'Bedeelegung um Téléalarm steet mat 103.000 € an den ordinären Ausgaben. Fir d'„Journée du Grand Âge“ sinn 12.000 € virgesinn. Fir d'Chrëscht-dagsfeieren, déi wärend zwee Nomëtteger fir d'Pensionären organiséiert ginn, hu mir nach eemol 60.000 € virgesinn. Ausgaben an der Héicht vun 135.000 € sti fir de P-Bus, e Service fir eeler Matbierger an/oder fir Leit mat engem Handicap, deen eng Mobilitéit „à la carte“ ubitt.

Dëst war e kuerze Rondgang duerch de Budget 2023 vu menge Ressorten. E grousse Merci geet mengersäits un all déi Mataarbechter, déi zur Opstellung vun dësem Budget bäigedroen hunn. E spezielle Merci geet un d'Membere vu menge Kommissiounen an de Sekretären, déi matschaffe fir eise Matbierger Informatiounen zouzedroen, nei Iddien an d'Kommissioune mat erabréngen, an och un d'Kommissiouns-memberen, déi sech un den Aktivitéite bedeelege fir eenzel Fester ze verschéineren.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären. Ech presentéieren iech déi Punkte vum Budget 2023, wou ënner mäi Kompetenzberäich als Schäffe falen an déi op de Virgabe vum Plan pluriannuel baséieren, dee mir fir dës Legislaturperiod festgehalen haten.

Ech fänken u mat den ordinäre Recetten.

- Taxe d'empiétement vun der Voirie publique: 230.000 €
- Sylviculture – Vente bois suivant plan de Gestion: 9.000 €
- Gestion des déchets, also fir d'Asammle vun eisem Dreck: 2.305.000 €
- Pacte Climat: 235.000 €. Dës Subventioun kënne mir awer just asetze fir Etuden am Kader vum Klimapakt ze realiséieren.
- Logements sociaux: 208.138 €
- Kierfechter, dat sinn Taxen a Konzessiounen: 37.200 €
- Sportshalen, ë.a. Loyeren an Subsid vum Staat: 129.350 €
- Schwämmen, dat si Recetten a Subventiounen: 363.267 €

Da kommen ech zu den ordinären Ausgaben.

- Agriculture, Sylviculture a Viticulture: 339.009 €, wouvu mer ë.a. dem Staat 76.700 € fir d'Bëschaarbechter zeréckbezuelen.
- Protection nature: dat sinn u sech Ënnerhaltsaarbechte vun eise Baachen – Botzaktioun a Material – an dofir hu mir ronn 24.100 € virgesinn.
- Gestion de déchets, also fir d'Asammle vun eisem Dreck: 2.790.311 €.
- Autres types de protection de nature: 35.500 €. Dëst ass ë.a. virgesi fir d'Opstelle vun engem Bamkadaster a fir d'Uschafe vun engem neien Elektrovëlo.
- Logements sociaux: 128.104 €
- Kierfechter, haaptsächlech den Ënnerhalt, d'Stroum-rechnungen an d'Léin: 508.322 €
- Subside fir eis Sport- a Fräizäitveräiner: 174.000 €. Wéi den Här Halsdorf et jo och schonn ugedeit huet, probéiere mir am Kader vum Centenaire vun der UCP eng Etapp vum Tour de Luxembourg op Péiteng ze kréien.
- Sportsterrainen: 473.000 €
- Sportshalen: 1.432.000 €
- Loyer Lycée Mathias Adam: 23.000 €. Hei si mir ganz frou iwwer d'Kollaboratioun mam Lycée a soe vun dëser Plaz aus och villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.
- Schwämmen: 1.929.471 €.
- Autres sports: 20.000 €. Dësen Artikel ass virgesi fir Sportmaterial.

Alles zesumme sinn dat 4.028.471 € am ordinäre Budget.

Wann een de Volume vum Gesamtbudget an den ordinären Ausgabe kuckt (68.615.000 €), da mécht dee Chiffer vu 4.028.471 € bal 6% an dësem Budget aus, wou mir dat nächst Joer fir de Sport, Schoulsport a Fräizäit a fir eis Sportveräiner am ordinäre Budget virgesinn.

Extraordinär Ausgaben.

Ecologie - Primes dans l'intérèt de la protection de la nature: 12.000 €

Protection de la nature: 253.623 €

Diagnostic qualité de l'air: 30.000 €. Wéi all Joer gesi mir dës Sue fir Analyse vun der Loftqualitéit iwwer Biomonitor an eiser Gemeng fir de „Plan de Surveillance“ 2023 vir, wou och ze soen ass, datt eis Loftwäerter gutt sinn.

Projet de réaménagement de la zone verte an der «Impasse rue de la Fontaine», wou fréier den Haff Rongveaux war: 138.623 €. Hei ware Problemer mam Verleeë vun engem Kanal, wou mir awer elo Kloerheet hunn, an dësen Espace – e klenge Park - definitiv realiséieren.

Travaux de renaturation et de réaménagement des rives: 85.000 €. Déi Suen hu mir virgesi fir um Giele Wee a Richtung Péitenger Weiere laanscht d'Kor ze schaffen a wou mir mam Waasserwirtschaftsamt an de Ponts et Chaussées dëse Wee, dee plazeweis agefall ass, erëm a Stand setze mussen. No Gespréicher mat der Direktioun vum Waasserwirtschaftsamt hoffe mir, elo endlech do weiderzekommen. D'Etude ass fäerdeg an d'Buedemprouwe sinn OK.

Logements sociaux: 735.943 €

Do ass de Bau vun engem Eefamilljenhaus mat Sozialcharakter fir 635.943 € virgesinn. Hei handelt et sech ëm de Bau vun enger Wunneng an der rue de la Montagne zu Rolleng.

Op der Fonderie zu Rodange, wou nach Detailer iwwer d'Co-Proprietéit ze reegele waren, renovéiere mir an deem selwechte Kader 2 Wunnengen, wou mir kaf hunn, a mir elo en Architekt wäerte chargéieren. Hei gesi mir 90.000 € vir. Dës Projete wäerte mat 75% subsidiabel sinn.

Circulation: 38.000 €.

Do hu mer 3.000 Euro virgesi fir d'Readaptatioun vum „règlement genéral de la circulation routière“. Dëst si Suen, déi mir brauche fir Etuden, Avenanten, Upassungen oder nei Stroossen, déi bäikommen.

Uschafung vu weidere pedagogesche Radaren, wou mir och dësen initiale Projet wäerten ofschléissen: 35.000 €

Voirie vicinale:

Système de guidage dynamique vun de Gemengeparkingen: 340.000 €. Hei gesäit de Projet e Parkleitsystem fir Rodange a seng Parkhaiser vir.

Concept de mobilité douce: 40.000 €. Hei ass d'Ausschaffung vun engem Konzept fir Vëlospiste virgesinn. An ech wëll dann och nach eng Kéier ernimmen, esou wéi den Här Halsdorf et scho gesot hat an deem Kader, datt, fir dat méi attraktiv ze maachen, d'Installatioun vun 2 Wäschanlage fir Vëloe virgesinn ass, wou mer och nach eng Kéier an engem anere Budgetsartikel 30.000 € virgesinn.

Kierfechter: 161.792 €. Hei bréngе mer en Apport en capital fir de SICEC, dee virgesäit, de Crematoire auszebauen an ze renovéieren. Mëttlerweil gi landeswäit 67% vun de Verstuerwenen ageäschert.

Hygiène publique: 400.000 €. Hei ass de Kaf vun engem neie Müllwon virgesinn.

Sportsterrainen: 3.192.103 €

Stade Jos. Philippart: 3.152.103 €. Um a beim Stade Jos. Philippart zu Rodange ass d'Fäerdegstellung vun der Tribün a vum Parking virgesinn. E Projet, deen sech am Gesamtvolumen op 15 Milliounen Euro chiffréiert.

Outdoor Tennis Péiteng op der Lénger Strooss: 40.000 €. Dës 40.000 € si virgesi fir de Remplacement vun der bestoender Beliichtung an d'Installatioun vun enger LED-Beliichtung.

Halls sportifs: 271.000 €

Zu Rodange an der Sportshal gesi mer Casiere fir Visiteure vir: 21.000 €. De Buedem vun der Sportshal gëtt erneiert a gëtt duerch e Sportsbuedem fir 250.000 € ersat. Dee fiedert of an ass esou installéiert, fir datt d'Hal optimal soll installéiert si fir datt all Sportaarte mat hire Kompetitiounen a Championnater kënnen a gudde Konditiounen do stattfannen.

Schwämmen: 10.170.000 €.

D'Erneierung vun der PiKo-Schwämm fir 10 Milliounen Euro. 2022 hu mir an der PiKo 6 Milliounen Euro verschafft. Op dem Stand vun haut – wéi de Buergermeeschter et och scho gesot huet – soll d'PiKo 2023 seng Dieren nees opmaachen, wou mir dann och dovunner ausginn, datt mir dat esou kënne plangen.

D'Cogeneratioun: 100.000 €. Esou kënne mir och duerno an deem Kader lukrativ Stroum oder Heizwäerter produzéieren, wat mir brauchen.

Schwämm Péiteng: 70.000 €. Hei ass d'Modernisatioun vun der Regulatioun virgesinn, déi och scho laang installéiert ass. Duerch déi Regulatioun wäerte mir och nach zousätzlech Energie kënnen aspueren.

Wéi mir gesinn, investéiere mir lafend och an eis Sport- a Fräizäitinfrastrukturen, wat dann och gläichzäiteg en Investissement an eis Veräiner an doduerch och an eis Jugend ass.

Bei den Ausgabe fir Sportinfrastrukturen, mat eise Schwämmen derbäi, hu mir 2023 20.378.000 € am extraordinäre Budget virgesinn, wat 23,5% vun dësem Budget, wou mat ronn 58 Milliounen Euro festgehale gëtt, géif ausmaachen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

# Gemeinderatssitzung vom 9. Dezember 2022

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Welter Christian** (Piratepartei)

### 1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlicheitsverordnung in der route de Luxembourg in Rodingen - Beschluss.

1. Beschluss einstimmig.

### 2. - Abgeänderter Haushalt des Jahres 2022 sowie Haushaltsentwurf 2023 der Gemeindeverwaltung.

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

# Séance publique du 12 décembre 2022

***Durée de la séance**: 14.15 à 19.30 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV) – *à partir du point 5.1*<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Breyer Roland** (CSV) – *jusqu'au point 4 inclus*
**Welter Christian** (Piratepartei)

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.15 heures)**

1. Promotion d'un fonctionnaire communal – décision.

**Séance publique (14.30 heures)**

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   - 3.1. Démission et nomination dans la commission de la jeunesse – décision.
   - 3.2. Démission et nomination dans la commission de l'environnement – décision.
4. Affaires sociales : Convention «Natur genéissen» avec le SICONA Sud-Ouest relative à l'achat de denrées alimentaires produites selon des critères durables – décision.
5. Propriétés
   - 5.1. Rectification des limites entre les communes de Käerjeng et de Pétange – décision.
   - 5.2. Premier avenant au contrat de bail avec l'Etat luxembourgeois relatif à la location de l'ancien site «Eucosider» à Pétange - décision.
   - 5.3. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Jean-Baptiste Gillardin», de la part de la société Trident 1 SARL – décision.
   - 5.4. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch», de la part de Mme Florence Fostier – décision.
   - 5.5. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Neuve», de la part de MM. Muhamed Suljkanovic et Salko Suljkanovic – décision.
6. Urbanisation
   - 6.1. Demande de lotissement / morcellement de la part de M. Muhamer Ljucevic en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, rue Belair n°15 et n°17 – décision.
   - 6.2. Demande de lotissement / morcellement de la part de l'Administration communale de Pétange en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, rue des Ecoles – décision.
7. Vie associative
   - 7.1. Statuts de l'association Daachverband vun den Lëtzebuerger Lokalradioen ASBL – information.
   - 7.2. Statuts de l'association Brotherhood of the Red Lion ASBL – information.

7.3. Statuts de l'association DC Bull's Hit ASBL – information.

8. Budget rectifié et budget: Discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses du collège des bourgmestre et échevins.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

**Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.**

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public la décision.

## 2.

**Communications.**

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 3.1.

**Administration générale.**

Démission et nomination dans la commission de la jeunesse – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Il est pris acte de la démission de Mme Catia Monteiro.**

**Votes secrets:**

**A l'unanimité, Mme Sofia Costa, de Rodange, est nommée nouveau membre de la commission de la jeunesse.**

**A l'unanimité, M. André Martins Dias est nommé nouveau président de la commission de la jeunesse.**

## 3.2.

**Administration générale.**

Démission et nomination dans la commission de l'environnement – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Il est pris acte de la démission de Mme Catia Monteiro.**

**Vote secret:**

**A l'unanimité, Mme Caroline Freylinger, de Rodange, est nommée nouveau membre de la commission de l'environnement.**

## 4.

**Affaires sociales.**

Convention «Natur genéissen» avec le SICONA Sud-Ouest relative à l'achat de denrées alimentaires produites selon des critères durables – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Da komme mer zu enger Konventioun, déi mer mat dem Sicona gemaach hunn. Et geet u sech drëm, fir Iesswueren, déi ënner durabele Konditiounen hiergestallt ginn, an eisen ëffentleche Kichen ze benotzen. Wéi gesot, hei geet et drëm eng gesond an equilibréiert Ernierung unzebidden, déi aus durabelen an och aus regionale Produiten zesummegesat ass, an dat fir eis «structures d'accueil», dat heescht u sech d'Kiche vun der Maison relais. Mä do gëtt och eise Repas sur roues gekacht. Wéi gesot, et sinn iwwerall déi Plazen, wou mir fir d'Gemeng Péiteng kachen an do géife mer dann iwwerall op déi Produiten zeréckgräifen.

Do ass un sech virgesinn, datt mir als Gemeng an de Cahier de charges vun «Natur genéissen» déi Soumissiounen och deementspriechend géinge maachen. Wéi gesot, d'Critèren u sech respektéieren, wou am «Natur genéissen» virgesinn ass. An och d'Kontroll vum Sicona ze akzeptéieren, deen dann all Trimester géing gemaach ginn.

A Konterpartie géing Sicona eis dann u sech begleeden an och beroden, wat d'Mise en oeuvre vun de Cahiers de charges bedeit an datt mer déi och esou hikréie wéi an der Konventioun festgehalen.

Zousätzlech géifen dann och Formatiounen ugebuede gi fir dat edukatiivt Personal aus den Structures d'accueil an och aus de Kiche vun deene Strukturen.

Si géingen eis dann och e Logo zur Dispositioun stellen, dee mir dann als Gemeng kéinten notzen.

Dës Konventioun géing u sech den 1. Januar 2023 ugoen. Et ass e flotte Projet, wou mer edukativ kënne vill maachen an awer och vill dozou bäidroe fir nohalteg a regional an deem Domaine ze schaffen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

**Propriétés.**

Rectification des limites entre les communes de Käerjeng et de Pétange – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu engem Dossier, dee mer schonn e bësse méi laang am Gaange sinn ze preparéieren. Dir kënnt iech vläicht drun erënneren, datt mer eng Reunioun de 7. Januar 2021 zesumme mat deene Käerjenger haten a wou mer eis eng Kéier Gedanke gemaach hunn, wéi déi Limitt tëscht der Käerjenger Gemeng an der Péitenger Gemeng kéint ausgesinn. Do waren eng Rei Modifikatiounen, déi zur Diskussioun stoungen. Fir d'alleréischt emol uewe bei der rue des Ateliers, wou eng Rei Gäert vu Bierger aus der Péitenger Gemeng nach op Käerjenger Territoire louchen a wou dat da reguraliséiert géif ginn an déi Terrainen dann an den Territoire vun der Péitenger Gemeng géifen integréiert ginn.

Da gouf et eng Diskussioun iwwert den Terrain «Alleva», deen niewent eisen Ateliere läit an deen eigentlech an zwee gespléckt gi war a wou déi eng Säit op Péitenger Territoire als «zone économique» definéiert war an den Deel op Käerjenger Säit als «zone agricole». Do war déi ursprénglech Iwwerleeung, well do eventuell de CGDIS an d'Police sollten op deen Terrain kommen, datt sech nëmmen een komplett

dorëm géif këmmeren an datt et sollt op de Käerjenger Bann eriwwergesat ginn. Well awer dee Projet elo net méi realiséiert gëtt, ass d'Situatioun elo eng aner. Esou datt mer mat deene Käerjenger eens gi sinn, datt mer dat eigentlech par rapport zum ursprénglecher Projet vum Januar 2021 änneren an datt mer d'Situatioun op deem Terrain loosse wéi se ass. Dat heescht, deen Deel zur Péitenger Säit, déi als «zone économique» klasséiert ass, bleift op Péitenger Säit, an déi déi «zone agricole» zur Käerjenger Säit bleift op Käerjenger Säit. Mir géifen dat also net regulariséieren, well mer eben och do zwou verschidden Zonen hunn a well eben dee Projet, deen initialement ugeduecht war op deem Site, net Realitéit gëtt.

E weidere Projet an der Lénger-Strooss ass sécherlech dee vun eisen Tennisterrainen, déi u sech op Käerjenger Bann leien. An déi Modifikatioun hei vun de Limitte géifen dozou féieren, datt d'Tennisterrainen, déi der Péitenger Gemeng gehéieren, och um Territoire vun der Péitenger Gemeng bleiwen.

Eng weider Iwwerleeung ass, wann der wësst, wat de Contournement, d'avenue de l'Europe ubelaangt, esou war do Käerjenger Bann zur Péitenger Säit vun der Route nationale, respektiv vun der Avenue de l'Europe, an déi aner Säit waren och Terrainen, déi eigentlech zur Säit vu Lénger leien an déi awer nach zum Péitenger Bann gehéiert hunn. Mir sinn eis elo eens ginn – an dat war och den initiale Wonsch – datt an Zukunft d'Collectrice, dat heescht d'Avenue de l'Europe d'Grenz tëschent deenen zwou Gemengen duerstellt. Dat heescht, an der Mëtt vun der Strooss verleeft d'Grenz, fir esou eng uniform Situatioun ze hunn tëscht Käerjeng a Péiteng.

Da kommen ech zu der rue des Ateliers. Dat war och eng ganz speziell Saach. Déi huet hallef zu Péiteng gehéiert an déi aner Säit huet zu Käerjeng gehéiert. An d'Iddi ass déi fir ze soen, datt deen ënneschten Deel vun der rue des Ateliers, dat heescht vun der Lëtzebuergerstrooss bis bei d'Atelieren, exklusiv Käerjeng gëtt, inklusiv där Residenz, déi ënnen an der Entrée vun der rue des Ateliers ass. Et ass mat de Leit geschwat ginn an et huet och keen e grousse Problem doranner gesinn. Dat ass fir déi Leit natierlech e Changement a mir hunn och gesot, datt mer dat géifen als zwou Gemenge begleeden, fir datt d'Leit net Onkäschten hätte wéinst deem Changement. Mä dann hätte mer wierklech emol eng kloer Situatioun. Dat heescht vun der Bomecht bis erop bei d'Plaz vun den Ateliere wier Käerjeng an ab den Atelieren – déi waren och hallef op Käerjenger Bann – géif dat dann zu Péiteng gehéieren. Och d'rue Jacques Chauvin géif eis dann och ganz gehéieren an net méi deelweis zu Käerjeng an deelweis zu Péiteng.

Ech sinn och frou, datt mer mat deene Käerjenger Kolleegen eis séier eens ware fir dat doten ze regulariséieren, an eis och bewosst waren, datt déi Regularisatioun do och noutwenneg wier, fir eng kloer Linn ze hunn. Kloer Linnen, déi eigentlech déi Zäit net esou evident waren. Bis d'Collectrice gebaut war an och bis verschidde Stroosse Realitéit goufen, war dat sécherlech eng aner Situatioun. An elo géife mer eis e bëssen adaptéieren a Funktioun vun der aktueller Situatioun, wéi se sech op deenen zwee Terraine presentéiert.

Dat géif awer bedeiten, datt éischtens vu Käerjeng 5ha 59a 65ca op Péiteng eriwwerginn an op der anerer Säit géife vu Péiteng 2ha 48a 98ca op Käerjeng eriwwergoen. Dat géif och bedeiten, datt d'Péitenger Gemeng 3ha 10a 67ca méi grouss gëtt. Mä ech mengen, dat Ganzt gëtt Sënn a mir sinn eis eens, datt mer dat heite solle maachen. Déi Käerjenger hunn dat schonn den 2. Dezember decidéiert a wa mir haut och decidéieren, datt mir domadder averstane sinn, da muss e Gesetz gemaach ginn. Dat ass eng Prozedur, déi nach e bëssen dauert. Mä wa mir eis awer elo emol als zwou Gemengen eens si fir do eng propper Situatioun ze schafen, da mengen ech, wäert och näischt am Wee stoe fir datt dat entspriechend Gesetz och an der Chamber gestëmmt gëtt.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Dat doten ass eng sënnvoll Mesure. Mir haten se jo erklärt kritt, wou mer eis mam Gemengerot vu Käerjeng getraff hunn. An deemools war jo nach déi Fro op vun där Residenz, wou der jo elo gesot hutt, datt déi Leit alleguerten averstane sinn. Dat war och fir eis d'Viraussetzung, datt mer et géife maachen. Net datt d'Leit op eemol géingen an eng aner Gemeng versat ginn, ouni datt se d'accord waren. An eben och déi Offer, datt d'Kanner och kënne weiderhin an där Schoul bleiwe wou se gewinnt sinn.

Beim Rescht vun den Terraine sinn et éischter Wisen, Stroossen, wou elo endlech gekläert gëtt, virun allem Richtung Bomecht, a wou och den Terrain elo kloer Käerjeng ass. Scherzhaft hunn och Leit mir gesot, ob et net och méiglech ass fir Deeler vun der Bomecht mat op Péiteng ze bréngen. Mä dat ass natierlech net méiglech. Mä dat doten ass awer elo emol gutt a virun allem och de Belair erop, d'rue des Alliés, datt mer do och fir Kloerheet suergen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat war fir eis och kloer an dofir hate mer och e Gespréich gesicht mat deene Biergerinnen a Bierger, déi do wunnen. Dat war sécherlech déi eenzeg Suerg, déi d'Leit haten. Et sinn zwar net méi esou vill schoulflichteg Kanner, déi an där Residenz wunnen, mä dat war am Fong eng Iwwerleeung, déi just nach komm war, fir ze soen, datt d'Kanner nach weider zu Péiteng kënnen an d'Schoul goen. An dat war fir eis och eng Selbstverständlechkeet. An ech mengen, domadder hu mer awer e bësse méi eng propper Situatioun. Well et muss een einfach wëssen, déi Käerjenger sinn de Müll siche kommen op deem engen Dag an déi Péitenger op engem aneren Dag. Lénks stoungen d'Dreckskëschten eraus a riets hunn se net dierften erausgestallt ginn, well mir dann deen Dag net gefuer sinn. Dat doten ass elo alles gereegelt. Och uewen, wann ech d'Eisebunn kucken, wann si eppes wollte bei den Ateliere maachen, dann hunn se missten deelweis bei eis oder bei de Käerjenger eng Autorisatioun froen. Domadder kréie mer awer elo e bësse méi Kloerheet. Och bei eisen Tennisterrainen – wa vun engem Tennisveräin eppes organiséiert gouf – hätt eigentlech missten eng Autorisatioun bei der Käerjenger Gemeng gefrot ginn. Den Här Wolter huet ëmmer gesot, hien hätt grousszügeg doriwwer ewechgekuckt, wann e vergiess gouf fir eng Demande ze kréien, well hie jo wousst, datt mir et jo gefrot goufen. Hei kréie mer elo eng propper Situatioun.

Déi Situatioun hätte mer och ganz gäre beim Terrain «Alleva» gehat. Dat ass awer elo net ginn. An ech verstinn och déi Käerjenger, datt se soen, si hätten eng «zone agricole» a mir hätten eng «zone économique», a bei eis géif dat aliichten, well et un eis Ateliere grenzt. Mä zu Käerjeng liicht dat net onbedéngt an, an dofir hunn se gesot, datt se op Grond vun der neier Entwécklung vun deem Projet – a wou dat fir de Moment definitiv op Äis geluecht ass –léiwer géifen d'Situatioun esou beloosse wéi se ass. A mir sinn eigentlech op dat zeréckkomm, wat mer eigentlech am Januar 2021 ugeduecht haten. Datt mer géifen alles op Käerjenger Säit setzen, dat gëtt eigentlech elo kee Sënn, well d'Situatioun elo déi bleift wéi se elo ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et sinn zwou Saachen, déi ech wollt froen. Dat éischt ass, wann ee vun der rue de la Reconnaissance nationale an d'rue des Ateliers erafiert, dann ass momentan eng Barrière opgeriicht gi fir d'Camionschaufferen drop hinzeweisen, datt 3,10 Meter d'Héicht wier. Déi ass awer fir de Moment net eriwwer gemaach ginn. Si war am Ufank do an no 2 Deeg hat

schonn een d'Schëld vun 3,10 Meter geképpt. Ass dat de Grond, datt et net méi zougemaach gëtt? Et wier awer net schlecht, wann dat eng Kéier géif kommen, obscho Péiteng duerno net méi dofir zoustänneg ass, well permanent do Camionen erafueren an dann hannerzeg erëm mussen erausfueren.

Déi aner Saach ass déi, mir haten d'rue Chauvin eng Kéier «sens unique» gemaach fir déi Zäit, wou de Schantjen um Prënzebierg war. Dat war eng gutt Saach. Dat hu mer duerno erëm réckgängeg gemaach. Wa mer elo d'rue Chauvin iwwerhuelen, da kéint een sech vläicht eng Kéier Gedanke maache fir awer erëm dat Ganzt als «sens unique» ze maachen. Well wann ee kuckt, wann zum Beispill de Schülerbus eropfiert, oder et fuere Camionen erop an erof, da kënnt kee méi laanschteneen, well d'rue Chauvin schonn esou schmuel ass an uewe keen Trottoir ass an d'Luuchtepottoen an der Strooss stinn. Et kéint een sech awer vläicht Gedanke maache fir dat Ganz erëm «sens unique» ze maachen, dat heescht de Prënzeberg erop an d'Chauvin erof. Dat wier eng Léisung.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat deen éischte Punkt ubelaangt, esou si mer jo am Gaangen – an am Budget steet dat och – datt mer op der Bomecht wëllen zesumme mat de Ponts et Chaussées eng Léisung fannen. Leider Gottes si mir net eleng do Meeschter. Mir mussen dat mat de Ponts et Chaussées ofweien. Et lafen awer Diskussiounen an ech mengen, datt mer iech an nächster Zukunft do kënnen eng Propositioun maachen, déi vertrietbar ass a wou mer eventuell déi Situatioun, wéi dir se elo geschildert huet, an Zukunft kënnen evitéieren. Mä do musse mer natierlech och den Accord vu Ponts et Chaussées hunn.

An déi Saach mam ieweschten Deel mat der Chauvin-Strooss, do ass sécherlech déi éischt Etapp emol, datt déi Strooss eis komplett an exklusiv gehéiert. A wann déi Prozedur emol ofgeschloss ass, dann ass et um Péitenger Gemengerot, fir eng Decisioun ze huelen, wéi wäit datt do Einbahn gemaach gëtt oder net. Da si mer eleng Meeschter an da kënne mer effektiv decidéiere wat mer wëllen. Et muss een natierlech och alles op d'Wo leeën, ob dat eent besser ass oder dat anert. Do ass och d'Verkéierskommissioun, déi eventuell ëm en Avis gefrot gëtt. Ech géif awer mengen, dat ass éischter déi nächst Ekipp, déi dat muss decidéieren. Well bis déi Prozedur hei ofgeschloss ass, wäerte sécherlech nach e puer Méint vergoen an da wäert sech deen nächste Gemengerot kënnen äusseren, wéi déi Circulatioun an deene Stroossen an Zukunft wäert sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hat nach eng Fro gestallt zu där Barrière. War dat just eng Testphas oder firwat war déi Barrière do?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Déi Barrière ass do, fir datt kee Camion soll erafueren. Mä si hunn se futti gemaach.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Déi definitiv Léisung ass déi, datt mer eng Léisung fanne mat Ponts et Chaussées, mat Péiteng a mat Käerjeng. A mir hu jo elo Suen am Budget stoen an och déi Käerjenger wëllen eppes do maachen, fir datt mer déi Kräizung do besser gestallt kréien. A wa mer dat bis hunn, wäerte mer och an deem Kontext warscheinlech eng definitiv Léisung fanne fir dee ganze Schwéiertransport, deen do eropgeet bei d'Eisebunn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir sinn och de Moment am Dialog mat Käerjeng, fir effektiv ze kucken, wat fir eng Léisung mer kënne fanne fir d'rue des Ateliers. Wéi gesot, et muss een de «pour» an de «contre» kucken. Déi eng wëllen dat an déi aner wëllen dat, an do maache mer och elo emol verschidde Miessungen an da kucke mer, wat d'Konklusioun duerno ka sinn. Wéi gesot, do leie verschidde Propositiounen – och vun der Käerjenger Säit – um Dësch, an do musse mer kucken, wat mer do kënne realiséieren am Sënn vu jiddwerengem.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech hätt just eng Fro zum Atelier. Ech gesinn, datt dat administratiivt Gebai elo ganz op de Péitenger Terrain kënnt. Bis elo war déi postalesch Adress ëmmer déi Käerjenger. Wäert dat elo en Afloss drop hunn oder bleift dat, wéi dat ass?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir hunn elo mat der Post direkt näischt ze dinn. Logesch wier et jo, datt et och elo op de Péitenger Territoire kënnt. Wann d'Post elo nach weiderhin déi aner Adress wëll bäibehalen, da kënne mir och net ganz vill dogéint maachen. Ech géif awer mengen, datt et logesch wier, wann dat och um Niveau vun der Post géif geännert ginn. Mä do hu mer awer net direkt en Afloss drop.

Wann awer elo keng Boîte postale hei zu Péiteng fräi wier, da muss et awer weiderhin op Käerjeng goen.

Voilà, domadder wieren d'Diskussiounen zu dësem Punkt ofgeschloss. Mir mussen hei de Vott maachen a wa mir dat ënnerstëtzen als Gemeng – esou wéi déi Käerjenger dat gemaach hunn – da si mer um gudde Wee fir eng propper Situatioun tëscht deenen zwou Gemengen hierzestellen.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt et eng gutt Diskussioun mat Käerjeng war. Jiddereen huet agesinn, datt do huet missten eppes geännert ginn, a jiddereen huet do eng Hand mat ugepaakt. An och wann doduerch d'Gemeng Käerjeng 3 Hektar méi kleng gëtt, dann huet dat net dozou bäigedroe fir net dofir ze sinn. Ech mengen, mir sinn hei um gudde Wee, fir eng propper Situatioun tëscht deenen zwou Gemengen ze schafen an dofir och deene Käerjenger Merci fir hiert Versteesdemech.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

### Propriétés.

Premier avenant au contrat de bail avec l'Etat luxembourgeois relatif à la location de l'ancien site «Eucosider» à Pétange – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'avenant au contrat de bail prévoit de prolonger la durée de la location jusqu'au 31 décembre 2023.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.3.

### Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Jean-Baptiste Gillardin», de la part de la société Trident 1 SARL – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, d'une contenance d'environ 0,01 are (la surface exacte sera fixée par mesurage cadastral à charge du cédant), se fait gratuitement.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.4.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Dr Gaasch», de la part de Mme Florence Fostier – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, avec une contenance de 0,30 are, se fait gratuitement.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.5.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Neuve», de la part de MM. Muhamed Suljkanovic et Salko Suljkanovic – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, avec une contenance de 0,48 are, se fait gratuitement.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.1.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement / morcellement de la part de M. Muhamer Ljucevic en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, rue Belair n°15 et n°17 – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Le morcellement envisagé prévoit la division des deux lots initiaux en trois nouveaux lots, en vue de la construction d'une nouvelle maison d'habitation unifamiliale accolée aux bâtiments existants n°15 et n°17.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.2.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement / morcellement de la part de l'Administration communale de Pétange en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, rue des Ecoles – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Le morcellement envisagé prévoit la division des deux terrains communaux en vue de la délimitation de deux nouveaux lots séparés destinés à être cédés, après acte de vente, au propriétaire de la parcelle de l'immeuble voisin n° 19 (n° cadastral 122/7532), afin de régulariser la situation foncière.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

**Vie associative.**

Statuts de l'association Daachverband vun den Lëtzebuerger Lokalradioen ASBL – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

## 7.2.

**Vie associative.**

Statuts de l'association Brotherhood of the Red Lion ASBL – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

## 7.3.

**Vie associative.**

Statuts de l'association DC Bull's Hit ASBL – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

## 8.

**Budget rectifié 2022 et budget initial 2023.**

Discussions et appréciations des conseillers communaux – réponses du collège des bourgmestre et échevins.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Arendt Patrick (CSV):**

D'Viraarbecht, déi fir dëst Budgetsdokument geleescht gouf, wëll ech ervirsträichen, an dat op allen Ebenen, sief dat op der Säit vun eisem Personal oder op der politescher Säit, wou een awer d'Handschrëft vun enger virsiichteger, awer konkreter Budgetspolitik am Sënn vum Plan pluriannuel d'investissement erkenne kann. Ee Plan pluriannuel, deen 2023 sech fir d'sechst jäert an domadder d'Schlussphas fir dës Legislaturperiod alaut. Eis Gemengeschold reduzéiert sech nach eng Kéier a läit Enn 2023 just nach bei ronn 2 Milliounen Euro mat 16 Millioune Reserven, an dat ass ganz kloer de Verdéngscht vun dësem Schäfferot, mam Här Mellina un der Spëtzt.

Kierzlech ass de Politmonitor an de Medien thematiséiert ginn an et gesäit een, datt allgemeng d'Angscht vun de Leit a villen Themefelder zouhëlt. Eng grouss Onsécherheet besteet am abordabele Wunnraum, déi allgemeng Präishaussen, dem Klimawandel, deen sech koppelt mam Biodiversitéitsverloscht, der allgemenger Zukunft vun de Kanner, etc, etc. Dofir wollt ech meng Budgetsried op d'Suerge vun de Bierger dobaussen upassen an hinne konkret weisen, wou mir hei zu Péiteng probéiere géintzesteieren.

Wann ee vu Sécherheet schwätzt, schwätze mer och vun de sougenannten «radars pédagogiques». 35.000 Euro wiere virgesi fir dat kommend Joer, wat ee just begréisse kann. Sécherheet kann een awer och méi wäit kucken, an zwar d'Rumm schafe fir d'Famill an d'Aarbecht ënnert een Hutt ze bréngen. Hei hu mir 50.000 Euro drastoe fir eng Bëschcrèche, wat mir als CSV och am Walprogramm stoen haten. Eng Form vun Erzéiung, déi menger Meenung no een immense Schratt no vir ass, wat eis Kannerbetreiung ubelaangt. Ech hoffen, datt mer an deem Dossier weiderkommen an datt mer kucke fir direkt e Kannerwanderwee mat ze integréieren. Mir waren eis jo an deem Kader den 3. September op Initiativ vun der Ëmweltkommissioun esou ee Wee op Bech ukucken. Och sti ronn 5 Millioune fir déi nei Maison relais zu Péiteng am Budget. Mir setzen do kontinuéierlech nei Jalonen, well mer wëssen, datt och do en Handlungsbedarf besteet. D'Opnamkapazitéit

geet och vun 3 op 8 Säll zu Rolleng méi wéi verduebelt. Spéitstens zur Rentrée 2023 stinn dës fuschnei Gebailech-keeten zur Verfügung. Hei hunn ech gesinn, datt mer de Budget vum Jardin de circulation zu Rodange verduebele fir nei Vëloen a Casquen unzeschafen. Eng konkret Fro wier hei, hunn déi Leit aus der Maison relais och Zougank zu deem Material?

Beim Thema Maison relais ukomm, wollt ech mech erkundegen, wéi et de Moment mat der Hausaufgabenhëllef ausgesäit. Well d'Kanner bei hiren Hausaufgaben z'ënnerstëtzen ass sécherlech en éiergäizegt Zil, dat fir Elteren, déi zu zwee schaffen, en echte Problem kann am Alldag heeschen. Ob déi Ongläichheeten am Bildungssystem awer domadder geléist ginn, woen ech ze bezweiwelen. Déi Hëllef, déi sech d'Haushalter mat engem gewëssene Revenu kënne leeschten, ass net wett ze maache mat engem E-Bichelchen, wou just drop uecht gesat gëtt, datt d'Kanner hiren alldeeglechen Aarbechtspensum packen. Et ass also wäit verfeelt, wann ee just kopfnickend dofir suergt, datt d'Kanner an engem rouege Kader – wat oft an der Praxis guer net de Fall ass, wëll ech just erwäänt hunn – hire Pensum erleedegt kréien, a Plaz vun enger geziilter Hausaufgabenhëllef, wou ee Corps enseignant kann op déi eenzel Léierfäegkeete vun de Kanner individuell agoen. Selbstverständlechkeet Jo, awer net d'Gefill op sech eleng gestallt ze sinn. Well dat dreift d'Schéier tëscht den Ongläichheeten am Bildungssystem nach weider auserneen.

De Budgetsartikel vun de Projeten an de Maisons relaise geet och an d'Luucht, wat haaptsächlech op d'Iddi vum Kanner-gemengerot zeréckzeféieren ass, Bidonen ze verdeelen. Sinn do mëttlerweil hiren Iddie Rechnung gedroe gi fir eis Spillplazen ze verbesseren a méi sécher ze gestallten? Hei sti 15.000 Euro méi dra wéi d'lescht Joer mat deene 45.000 Euro. Wou sinn do genau Aarbechte virgesinn? Ech denken do zum Beispill un d'Zauberschoul zu Rodange, wou ech schonn eng Kéier op dëser Tribün ervirbruecht hunn. Awer net méi spéit wéi gëschter war ech nach op der Spillplaz bei der Skatepist. Do ass menger Meenung no, verbessert mech, wann dat net esou ass, d'Buchenheck ronderëm de Klengkandberäich am Kader vun dësem dréchene Summer ofgestuerwen. Dowéinst ass do elo e Lach an der natierlecher Rumm vun dësem Beräich. Gëtt déi ersat?

Bei dëser Thematik dann ukomm, e weidert Kappzerbrieches bei de Leit dobausse mécht eise Klimawandel, dee gläichzesetzen, an ech sot et schonn, mam Biodiversitéits-verloscht ass. Hei begréissen ech, datt ee Bamkadaster am Budget steet. Eis Beem an allgemeng eis Bëscher leiden extrem. Bei Geleeënheet – an ech ginn dat mat als Tipp fir all eenzelen – gitt iech d'Krounen emol ukucken. Si si bal all kralleförmeg, wat bedeit, datt et hinnen net gutt geet. Munch Beem hunn hir Haaptkroun opginn a probéieren een Niveau méi déif eng zweet Kroun ze realiséieren. Villfälteg Ursaache stinn hei am Vierdergrond: de Klimawandel, déi allgemeng Dréchent, de Borkekäfer, d'Schneisen an d'Bëscher haen an domadder de Mikroklima zerstéieren. Nujee, alles Thematiken, wou mir an der nächster Zäit nach vill méi um Agenda wäerte stoen hunn. Een ausseruerdentleche Gemengerot oder eng reng informell Sëtzung mat Austausch, wou de Fierschter eis den Zoustand vun eise Bëscher erkläre kënnt a wou mir och kënnen eis Froen a Suggestioune fachmännesch erkläre loossen, wier sécherlech ee Schratt no vir, fir ee bessert Versteesdemech vum dësem Problem parteiiwwergräifend an dobaussen als Sensibiliséierung fir eis Matbierger.

Wann ee vu Klimaschutz schwätzt, kënnt de Phenomen Littering ëmmer méi an de Vierdergrond. 1001 Tonn, de Projet, deen am Kader vun Esch2022 och bei eis an der Gemeng gelaf ass, steet net méi am Budget. Dofir hu mir jo als Ëmweltkommissioun ee Projet mam Numm Plogging an d'Liewe geruff. An do komme mir elo am Mäerz 2023 bei eis 20. Editioun, déi dann och säitens der Gemeng sollt deementspriechend ënnerstëtzt ginn. Well wann ech perséinlech an deem Kader nach keng 1.000 Zigaretten opgehuewen hunn, da war et net eng.

Bei där Thematik ukomm, begréissen ech eng weider Initiativ vun der Ëmweltkommissioun. De Projet Shime, deen och erëm budgetiséiert ass an deen e weidert Glidd an der Kette géint de Littering, an deem Fall déi onmoosseg Zigaretten op eise Stroossen an Trottoiren, duerstellt.

400.000 Euro sti fir en neie Camion à ordures zu Buch, eng Ausgab, déi sécherlech héich ass, awer wann ee Berichter aus anere Grousssstied aus Europa kuckt, notamment aus Roum zum Beispill, da weess een, wéi wichteg och esou Investissementer sinn, fir net am Offall ënnerzegoen. Beim Offall ukomm, hunn ech gesinn, datt am ordinären Deel nach ëmmer dovunner ausgaange gëtt, datt mer eng Vente vun de biodegradabelen agreéierten Tute vum Minett-Kompost vun 1.000 Euro realiséieren. Dat am Ugesiichts vun engem neie Müllgesetz, wat dës Tute verbitt, op Grond vu Studien, déi dovunner ausginn, datt awer Mikroplastik iwwereg bleift, wat – an dat hu mer als Minett-Kompost selwer getest – net bei eisen de Fall ass, a wann, da just ganz minimal.

Dat steet awer guer net a Co-Relatioun zu deene Konsequenzen, zu deem dëst kéint féieren. Well den Ament hunn awer vill Matbierger dëst verënnerlecht an trennen den héichwäertege Biomüll konsequent vun der schwaarzer Tonn. Dat kéint erëm réckfälleg ginn, wann d'Leit erëm mussen hir kleng gréng Këscht all Dag botzen an ëmmer e vergärende Geroch an der Loft läit. Dofir hu mir als Minett-Kompost drop gepocht, datt mer schnellstméiglech eng Alternativ kréien, déi mer och elo an Däitschland duerch eegen Tester (wéi belaaschtbar sinn se) fonnt hunn. Déi sollen elo schnellstméiglech an engem Pilotprojet zu Monnerech op d'Akzeptanz vun de Matbierger gepréift ginn. Ech hunn dës Iddi fir bei eis an der Gemeng iwwregens och an der leschter Ëmweltkommissioun proposéiert.

D'Subventioune säitens der Gemeng, wat d'Pedelecs 25 ubelaangt, ginn an d'Luucht. Hu mir do eng gesteigert Nofro? Déi selwecht Fro stellt sech bei der Prime d'achat d'un bac de compost, déi och liicht an d'Luucht geet.

Sécherheet an Energie, en anert héichaktuellt Thema, dat an Zäite wou de russesche Bier d'Weltuerdnung am Gaangen ass komplett op d'Kopp ze stellen, wat eis vun haut op muer gewisen huet, wéi ofhängeg mir als Europa awer vu fossille Brennstoffer sinn. Um kommunalen Niveau hu mir ee Budgetsartikel, dee vun My Energy an dem Infopoint gespeist gëtt. Do gesinn ech, datt mir am lafende Joer esouguer manner gebraucht hu wéi 2022 autoriséiert. U wat läit dat? Ginn eis Matbierger am Moment genuch iwwert déi allgemeng Medie sensibiliséiert oder maache mir net genuch Reklamm fir dës dach energiespuerend an domadder allgemeng géint de Klimawandel awer och den eenzele Bord Geld spuerend Moossnam bei eise Matbierger?

Wann ee vu Sécherheet schwätzt, dann ass dat och eng gewësse Fro vun a wéi wäit kann ech mech bei den administrative Gäng op meng Gemeng verloossen. An hei hu mer eng Augmentatioun, an den Här Halsdorf huet et a senger Interventioun erkläert, am Effektiv vu 37 Leit um Enn vun dëser Legislaturperiod, wat eis eng gewësse Marche de manoeuvre gëtt, bei deelweis neien Aufgaben, déi eng Administratioun bewältege muss.

15.000 Euro stinn am Budget fir d'Protektioun géint de Covid-19. Dat wäert elo zu engem endemesche Budgetsartikel ginn, genee esou wéi de Virus, dee mer och net méi lass ginn.

Allgemeng kann ee soen, datt och vill fir eis eeler Matbierger gemaach gëtt. Wann d'Museksschoul bis an déi nei Museksschoul mat engem Auditoire fir 300 Persoune plënnert, kritt de CIPA och Erweiderungsméiglechkeeten am Kär vu Péiteng. Weider stinn am Budget de Club Senior, Repas sur roues, awer och d'Journée du Grand Âge ewéi och d'Chrëschtfeieren, wat sécherlech ganz wichteg Evenementer sinn um kommunalen Niveau.

Sécherheet fir déi Jonk an der Gesellschaft – wou gëtt et nach abordabele Wunnraum? Muss ech an d'Ausland plënneren? Den Opdriff vun den Zënsen huet esou munch Dreem vum eegenen Haus platze gelooss. D'Onkalkuléierbarkeet an de Liwwerketten. Kleng Zënsspréng hunn awer scho fatal Wierkungen, well gläichzäiteg d'Immobiliëpräisser och klammen. Alles Froen, déi jonk Leit sech ëmmer méi musse stellen. Och hei hu mir scho vill um kommunale Plang realiséiert an deene leschte Joren. Ech erënneren un Atzéngen oder elo un Neiwiss 2. An et sti weider Suen am Budget, zum Beispill 50.000 Euro fir e PAP NQ vun den ale Gemengegaragen zu Rolleng. Eng Alternativ wiere sécher sougenannten nei Wunnformen, wéi zum Beispill Tiny-Haiser, e sougenannte minimalistesche Liewensstil. Zu Lëtzebuerg gesäit d'Gesetzgebung Stroum-, Waasser- an Ofwaasser-uschlëss vir, dat awer am Konflikt mat der Autarkie vun engem Tiny-Haus steet. Verschidden Zilsetzunge sinn hei méi einfach erreechbar, wéi zum Beispill een Duerfspirit, deen duerch d'Anonymitéit an der Noperschaft verluergaangen ass, erëm opliewen ze loossen. Bei der Tiny-House-Gemeinschaft, déi ëmmer méi Zouleefer fënnt, gëtt et ee Saz, deen effektiv zum Nodenken ureegt: «Kapitalismus heescht, et keeft ee Saachen, déi een net brauch, mat Geld, wou een net besëtzt, fir Mënschen ze beandrocken, déi een net leide kann.»

Et gëtt sécherlech nach verschidde Flächen op eisem Territoire, awer eis Ausbauméiglechkeete si begrenzt, wann ee bedenkt, datt d'Wunnraim och gläichzesetzen ass mat villem wat a Co-Relatioun steet.

Ech kéint nach Stonne weiderfuere bei dësem voluminéisen Dokument, kommen awer elo zu Enn a soen iech Merci fir d'Nolauschteren an hoffen, datt meng Interventiounen op Gehéier beim Schäfferot stoussen. Zesummekommen ass den Ufank, Zesummebleiwen ee Fortschrëtt, awer Zesumme-schaffen ass een Erfolleg. Dofir, zesummen no vir fir eis Gemeng! Dat gesot, wäert ech dëse Budget am grousse Vertraue stëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ier meng Kolleegen aus dem Schäfferot op hir Domainer aginn, wëll ech är Interventioun e bësse kommentéieren. Ech ginn iech Recht, datt eng vun den Aufgaben an Zukunft sécherlech wäert sinn an ëmmer méi wäert ginn, datt d'Gemenge musse kucke fir abordabele Wunnraum ze schafen. Ech ginn iech awer och Recht, wann der zur Konklusioun kommt, datt hei zu Péiteng déi Méiglechkeeten awer relativ beschränkt sinn, well mer awer eng relativ dicht besidelt Gemeng sinn, wou mer scho relativ vill Leit op enkem Raum zesummewunnen hunn. Är Iwwerleeung iwwer Tiny-Haiser ass sécherlech der Méi wäert, fir eng Kéier doriwwer nozedenken. An ech mengen och, datt een an zukünftege PAPe muss iwwer esou Forme vu Wunnengen diskutéieren. Et ass awer och kloer, datt fir de Moment op Grond vun eisem PAG esou eppes net méiglech ass. Esou datt een dat entweder nëmme kann am Kader vun engem PAP maachen oder eng Kéier eng generell Revue vum PAG domadder confrontéiert, ob dat eng Méiglechkeet an Zukunft an eiser Gemeng wäert sinn. Mir wëssen, datt mer 2017 den neie PAG gestëmmt hunn. Normalerweis soll een ab 6 Joer dee ganze PAG erëm op de Leescht huelen a kucken, wou ee muss nobesseren. An ech mengen, och e PAG ass net eppes, wat fir éiweg gutt ass, an et muss ee reegelméisseg op Grond vun de Besoine vun de Leit op déi nei Besoinen agoen a kucken, wéi een eventuell dee PAG kann nobesseren, fir datt déi Méiglechkeeten och bei eis bestinn. Dofir, ech menge mir hunn ë.a. den Terrain vun deene fréieren Atelieren zu Rolleng – an dir hutt en ugenannt – wou jo och e Gemengelotissement kann entstoen. Mir hunn Eucosider, wou en Deel der SNHBM, dat heescht och dem Ministère du Logement gehéiert, respektiv och si am Gaange sinn ze plangen, a wou och e klengen Deel hannen nach Gemengenterrain ass a wou mir och en Deel do kënne matschwätzen.

All déi Saachen, mengen ech, sollt een an engem zukünftege Projet berécksiichtegen. A wie weess, wann déi Tiny-Haiser eng Zukunft hunn, da wëll ech mech – an ech mengen och de Schäfferot – net verschléisse fir esou eng Alternativ an d'Aen ze faassen. Mä schlussendlech bleift et awer nach ëmmer d'Decisioun vum Gemengerot, fir verschidde Mesuren an d'Wee ze leede fir datt dat doten iwwerhaapt méiglech ass.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech kann nach eng Saach zu deem bäifügen, wat de Buergermeeschter gesot huet. Ech ginn dovunner aus, datt eng Kéier wäert legiferéiert ginn an der Stad an esou engem Beräich. An et ass jo kloer, datt mer déi Revisioun musse maachen. Si ass obligatoresch. Dat heescht, déi nei Ekipp, déi heihinner kënnt, muss eng Revisioun vum PAG maachen. An do kënnt een net derlaanscht.

Ech wëll nach op dat agoe vun den administrative Gäng, wou der sot, datt een sech muss op seng Gemeng verloossen. Ech deelen dat mat zwou Hänn. An ech mengen, mir si gutt opgestallt. Mir stellen elo zum Beispill en Archivist an. Mir stelle méi Agents municipauxen an, fir och do méi Problemer ze léisen. Déi technesch Servicer gi besser opgebaut. Bei eisen Ateliere si mer am 21. Joerhonnert ukomm. Eisen Service Culture et communications gëtt och besser opgestallt, fir och dobaussen e bessert Bild vun onser Gemeng ze ginn. Ech mengen, do si mer op enger Wellelängt. Mir stellen och e Psycholog a fir d'Leit, déi hei schaffen. Dat ass wichteg. Well wann d'Leit zefridde sinn op hirer Aarbecht, da ginn d'Bierger och zefridde wann se bei eis Leit kommen an dann ass e gudden Echange, deen do méiglech ass.

Dat waren déi eenzeg Wierder, déi ech wollt soen. Soss war an ärer Interventioun näischt dra wat meng Domainer betrëfft.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Fir d'éischt wollt ech emol op d'Bëschcrèche agoen. Ech sinn emol ganz frou, datt mer en Terrain fonnt hunn, deen enger Bëschcrèche gerecht gëtt. Wat natierlech elo nach an d'Weeër ze leeden ass, ass d'Ëmklasséierung vum Terrain, well deen Terrain direkt un eng Natura 2000 stéisst. Natierlech läit de Scoutschalet dernieft an dofir wier deen heiten Terrain, deen elo erausgesicht ginn ass fir déi Bëschcrèche opzeriichten, ganz ideal. Well wann dat soll zustane kommen, da kënne mer och direkt drun denke fir de Kannerwanderwee, dee mer jo op Bech kucke waren, direkt mat unzeschléissen. Well dat läit jo effektiv direkt do uewen an enger Bëschregion. Well d'Kanner jo direkt do an där Natur wieren, déi jo fir eng Bëschcrèche steet.

Da kommen ech zu den Opnamekapazitéiten an eise Maisons relaisen a vun de Schoulen. Do si mer jo de Moment am Gaange grouss Investitiounen ze maachen, ze gestalten. Net nëmmen zu Lamadelaine, mä och hei zu Péiteng, wou mer jo d'Eigent-Schoul vergréisseren a wou mer dann och deementspriechend méi Kanner duerno kënnen eranhuelen. Dat ass fir d'Léiere mat de Kanner, mat der Inclusioun, déi jo vum Ministère ugesot ass, dass d'Zuel vun de Kanner an enger Klass soll bei 16 leien, eventuell nach manner, esou datt

mer deem och wëlle gerecht ginn an eis Kanner kënne besser betreit ginn.

Da kommt der op de Jardin de circulation ze schwätzen, wou neit Material kaf gëtt. Ech ka mer kaum virstellen, dass eppes sollt am Wee stoen, wann d'Maison relais eng Ufro mécht fir och kënnen déi Vëloen ze notzen, wann se eng Aktivitéit mat de Kanner wëlle maachen. Well et ass jo schliisslech esou, datt mer jo esouguer zu Lamadelaine Synergië schafe vun der Schoul an der Maison relais, wou och déi selwecht Utensilie gebraucht ginn, sougutt fir d'Maison relais wéi och fir d'Schoulen.

Da komme mer bei d'Hausaufgabenhëllef an de Maisons relaisen, mat Betreiung vun eisen Educatricen. Déi leeft natierlech och esou wéi d'Reegele vum Ministère festgeluecht sinn. De Ministère huet jo Oploe ginn. Hausaufgabenhëllef Jo, en Nokucke Jo, mä awer net en Agräifen an dat, wat d'Kand net kennt. Well dat ass jo elo grad e wéineg dee schwaache Punkt. Dat soll jo an der Schoul oflafen. Do soll jo d'Léierin oder de Schoulmeeschter wierklech mierken, wou d'Kand nach Schwaachpunkten huet. An net dass d'Kand elo kënnt an eng tipptopp Hausaufgabenhëllef do ka virleeën an et huet se wierklech net selwer reusséiert. Dat ass de Wonsch vum Ministère an do hale mer eis och drun. A mir halen eis och dru bei der Hausaufgabenhëllef, déi nach nieft där an der Maison relais leeft. Well mir jo och nach dënschdes an donneschdes mëttes Hausaufgabenhëllef an der Gemeng ubidden, déi och gratis ass fir déi Kanner, déi effektiv Problemer hunn a wou d'Elteren sech deementspriechend net kënnen drëm këmmeren. Mä dat geschitt awer och no deem Modell wéi e vum Ministère virginn ass. An do wëlle mer eis och drun halen.

Da komme mer un de Kannergemengerot. Jo, déi Bidone ginn elo bestallt. Déi Zomme si mat erageholl an de Budget. De Kannergemengerot fonctionéiert jo de Moment och ganz gutt, ënner Betreiung vun Educatricen, déi och an de Maisons relaise mat dra sinn. Esou datt een och do ka soen, datt mer déi Iddien, déi vum Kannergemengerot ugefouert ginn, och esou wäit et méiglech ass wëllen zeréckbehalen. Net méi spéit wéi muer de Mëtteg gesi mer de Kannergemengerot, well mer zum Dag vun de Kannerrechter an der Egalitéitskommissioun e Molconcours ausgeschriwwen haten a wou mer eis elo gesi fir doranner ze schaffen.

Da komme mer zu de Spillplazen. Bei de Spillplaze komme mer alles an allem, wa mer déi ganz Zommen zesumme rechnen, op 120.000 Euro. An do si Gelder dra fir Aarbechten, déi vun eise Leit oder vun auswäertegen Entreprisë gemaach ginn, esou datt mer awer do eng stattlech Zomm hu fir Refektiounen ze maachen. Wa mer natierlech drun denke fir eng nei, grouss Kannerspillplaz unzeleeën, da komme mer an eng ganz aner Dimensioun eran. An do wäerte mer drun denken, wann dat sollt Realitéit gi mat eisem Jugend- a Gästehaus, vill méi deen Hotel, dee mer zu Rodange wëlle bauen an deen de Moment op enger gudder Startbunn steet. Fir do ass op jiddwer Fall nach eng grouss Kannerspillplaz geplangt, déi vun der Gemeng soll realiséiert ginn.

Bei der Zauberschoul sinn eenzel Spiller de leschte Wanter a Konformitéit gesat ginn. Luxcontrol war och op der Plaz an do ass alles an der Rei. Hei zu Péiteng, déi Buchenheck, déi gëtt ersat. Déi ass effektiv duerch déi Dréchent am Summer agaangen. Do hunn och missten Aarbechten un eise Spiller gemaach ginn, an déi Buchenheck steet um Plang vun eisem Jardinage. Déi wäert elo nach dëse Wanter oder am Fréijoer ersat ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt d'Radars pédagogiques ugeschwat, wat u sech eng gutt Saach ass. Hei hu mer de Projet elo mat iwwer 20 Radaren ofgeschloss. Et muss een awer vläicht an engem nächste Plan pluriannuel kucken, ob een dat nach kann ausbauen oder net.

De Bamkadaster, selbstverständlech ass dat eng gutt Saach, datt een einfach emol ee méi kloren Iwwerbléck kritt vun deem Ganzen an och duerno genee weess, wat do usteet.

Klimaschutz, Jo. Wéi gesot, och de Projet 1001 Tonnen ass gelaf. De Plogging ass natierlech och an d'Liewe geruff ginn, wou mer effektiv elo uganks 2023 déi 20. Editioun hunn. Wéi gesot, dat ass eng gutt Saach an do ass och d'Ëmweltkommissioun ze luewe fir déi gutt Aarbecht, wou si do maachen. An ech mengen och, datt dat eng Saach ass, wou een onbedéngt an Zukunft soll a muss weiderféieren.

Beim Dreckswon ginn ech weider net drop an. Et si vill Suen, mä et ass wichteg, datt mer weider eise Fuerpark moderniséieren. Dat sinn d'Präisser vum Marché an do kënne mer leider net vill drun änneren.

Déi biodegradabel Tuten hu mer nach. Mir hunn déi nach am Stock an dofir gesi mer och vir, datt do eventuell nach eng Recette kënnt. Effektiv ass bei deem Gesetz vill geännert ginn, wou mer och herno wäerte warscheinlech nach zeréckkommen, wou komplett eng aner Approche dozou ass. Warscheinlech wäerten awer Reschter vum Mikroplastik iwwereg bleiwen, esou datt mer dat awer och mussen asammelen. Wéi gesot, wa mer e Stock hunn, musse mer déi aner Säit och eng Recette virgesinn. Et muss een duerno kucken, ob se iwwerhaapt nach verkaf ginn oder net.

Dir hutt eng konkret Fro zu de Pedelece gestallt. D'Nofro huet sech effektiv do gesteigert, well mer do awer och d'Primme fir déi normal Vëloen opgemaach hunn. Do ass et esou gewiescht, datt deelweis ganz Familljen sech mat engem Vëlo ausgestatt hunn an datt mer dat dann och am Budget 2023 virgesinn, well do och méi Primmen ugefrot wäerte ginn.

Beim Bac à compost ass et och vill op de Covid-19 zeréckzeféieren. D'Leit waren u sech vill méi doheem. An den Appartementshaiser ass u sech wéineg Plaz fir e Kompostkoup ze maachen, esou datt se op deen doten, flotten Outil zeréckgegraff hunn. Dofir ass warscheinlech d'Nofro an d'Luucht gaangen.

Dir hutt och festgestallt, datt effektiv bei My Energy / Infopoint manner Sue gebraucht gi sinn ewéi mer virgesinn haten. Firwat kann dat esou sinn? D'Nofro kann u sech deelweis manner si wéinst der Präisdeierecht, wou vill Leit sech net wëllen nach weider verschëlde fir d'Renovatioun vun hirem Haus ze maachen. Oft si mer elo an der Situatioun, dass d'Leit iwwerhaapt nach frou sinn e Prêt vun der Bank accordéiert ze kréien an da vläicht d'Aarbechte méi spéit maachen. Eng konkret Äntwert, firwat datt dat manner gefrot gëtt, hu mer u sech net. Mir kënne just supposéieren, datt dat kéint eng vun den Ursaache sinn.

**Arendt Patrick (CSV):**

Ech wollt nach kuerz Merci soe fir d'Äntwerten. Effektiv, d'Ëmklasséiere vum Terrain an datt et effektiv eng ideal Plaz zu Rodange ass fir d'Bëschcrèche, schéngt mer kloer ze sinn, an datt een an där Bëschregioun och direkt ka kucke fir dee Kannerwanderwee do mat op de Leescht ze huelen. Dofir hu mer dat jo vun der Ëmweltkommissioun organiséiert, fir datt mer dat direkt kënne kucken an datt mer déi zwee Projete gemeinsam kënne realiséieren, an dat am Sënn vun eise Kanner.

Dann nach kuerz déi Saach mat de Synergien. Dir hutt dat ugeschwat. Dat ass jo och tipptopp, wéi dat zu Rolleng leeft. Et kéint een awer einfach higoen a soen, mir maachen eng Kéier eng Mail un eis zoustänneg Leit an de Maisons relaisen,

dass se effektiv kënnen op dat Material vum Jardin de circulation kënnen zeréckgräifen. Esou datt einfach emol d'Educateuren dat och wëssen. Well ech sinn och perséinlech schonn drop ugeschwat ginn an dowéinst wéilt ech gären, datt mer déi Demarche géife maachen. Domadder hätte mer dat dann och an deem Sënn gereegelt.

**Birtz Gaby (LSAP):**

De Budget 2023 weist, datt an deene leschte Jore gutt mat de Chifferen ëmgaange ginn ass, well kontinuéierlech d'Schold vun der Gemeng erofgaangen ass an dëst zu kengem Moment den Investissementer a grousse Projete gehënnert huet.

No zwee Joer, an deenen d'Pandemie dem Budget säi Stempel opgedréckt huet, wäert et dëst Joer de Krich an der Ukrain an déi héich Inflatioun sinn. Trotz dëse Facteure weist dëse Budget awer weiderhin, dass d'Gemeng net ophält mat investéieren, esou wéi et an deene Budgete vun de Jore virdrun ugeduecht war.

Bei de lafenden Onkäschten am ordinäre Budget weist déi virsiichteg Finanzpolitik aus de leschte Joren, datt déi sech positiv op d'Gemengeschold ausgewierkt huet an dës kontinuéierlech erofgaangen ass, esou datt engem net muss baang si fir déi nächst Joren.

Eis Gemeng, déi stänneg am Wuessen ass, brauch doduerch bedéngt ëmmer méi Personal fir richteg a gutt ze fonctionéieren an esou stellen d'Personalkäschten, bedéngt duerch Neiastellungen am Joer 2023, an dësem Budget e groussen a wichtege Posten duer.

Bei eise grousse Projeten, wéi d'Museksschoul, den Ausbau vu Schoulen a Jugendhaus, dem Bau vun neie Maisons relaisen, den Invest a Sportinfrastrukturen, gëtt trotz der ustoender Inflatioun net gescheit, déi weider virunzedreiwen.

An deem nächste Joer kann et sinn, datt de Käschtepunkt u Matières premières an eventuell Retarden am Ausféiere vun den Aarbechten, bedéngt duerch Personalfachkräftemangel, eis eng gréisser Iwwerraschung bereede wäert beim Ausféiere vun deenen Aarbechten.

An deem Kontext fannen ech et eng gutt Saach, dass d'Gemeng der grousser Demande u Plaze fir d'Kanner an de Maisons relaise probéiert gerecht ze ginn, wat awer verständlecherweis net ëmmer esou einfach ass. Dofir hunn ech an dësem Zesummenhang eng Fro, well ugeduecht ass, eventuell wann et néideg wier a mir den Agrément vum Stat kréien, fir Kanner am Centre Bim Diederich ze betreien. Meng Fro hei ass, wéi kann een sech eng Betreiung virstellen, op wéi eng Raimlechkeete kéint een zu Rodange auswäichen, an dat wäert jo dee Moment och zousätzlech Onkäschten duerch Ëmbauten oder Änleches mat sech bréngen, a wéi sinn déi Onkäschten ofgedeckt?

Bei eise leschte grousse Projeten, déi verwierklecht goufen am Kader vun der Ëmstrukturéierung vu grousse Plazen, ass vu Säite vun den Awunner ganz vill bemängelt ginn, dass vergiess ginn ass, op grousse Bëtongsplaze Gréngs mat unzeplanzen. Ech muss soen, dass all Kéiers, wann een en neie Projet ënnert den Aen huet, et iergendwéi um Pabeier ëmmer méi gréng ausgesäit, wéi et dann duerno a Wierklechkeet ass. An dofir fannen ech et eng gutt Saach, dass an dësem Budget un d'Verschéinere vun dësen neie Plaze geduecht gëtt, esou wéi och un ëffentlech Toiletten, wat ebenfalls eng Noutwennegkeet an der Gemeng ass. Wëll ee vill um touristesche Plang an der Gemeng investéieren an déi esou revaloriséieren, da geet et net duer, just nëmmen un d'Publicitéit ze denken, mä da muss een och déi Verännerunge kënne mat den Aen erkennen. Eng flott Saach ass, datt am Doihl, wou scho wärend Jore vun engem Hotel geschwat gëtt, dëst nun endlech Realitéit gëtt an do e Wellnesszenter bäigebaut gëtt, dee vun de Leit vum Hotel, awer och vun de Leit aus der PiKo ka genotzt ginn. Hei ass meng Fro, wéi kann een sech eng Cogeneratioun am energeetesche Beräich virstellen a wann op dësem Site iergendwann emol sollte Reparaturen oder noutwenneg Ëmbaute musse gemaach ginn, wéi ginn déi Käschten opgedeelt tëscht der Gemeng an dem Hotel?

Eng gutt Initiativ ass och d'Aféiere vun engem Parking an der Gemeng, op deem Camionnettë kënnen ofgestallt ginn. An deem Zesummenhang stellen ech mer d'Fro, ob dann, wann esou ee Parking geschafen ass, och verstäerkt an der Gemeng kontrolléiert gëtt, datt d'Camionnetten dëse Parking benotzen a sech net méi wallooss an net bebaute Wisen an neie Wunnquartiere stellen, an dës als Parkplaz fir Camionnetten an esouguer Camionen notzen. Well duerch dëst wëld Parke gëtt Erscheinungsbild vun deene Quartieren net verbessert, am Géigendeel, an deemno wéi Wiederlag ass, presentéiert sech hei e richtege Knaschtfleck, wou déi nei Trottoiren erëm massiv futti ginn ënnert dem Gewiicht vun deene Gefierer a wou et engem onméiglech ass, eenegermoosse propper zu Fouss laanscht ze komme well iwwerall de Bulli aus de Wisen duerch déi déck Pneue verdeelt ass. Wann dann esou ee Parking geschafe gëtt, ass do och dru geduecht ginn, den Entrepreneuren eventuell dës Parkplaz zu engem järlechen Tarif ze verrechnen oder ginn déi de Moment gratis zur Verfügung gestallt?

Alles an allem kann een dësem Budget eng gutt Note ausstellen, well en an allen Hisiichte gutt duerchduecht ass, d'Gemengeschold erof geet, d'Pro-Kapp-Verschëldung ënnert 100 Euro läit, den Invest a grouss Projete weidergefouert gëtt an ebenfalls, wéi schonn déi Jore virdrun, net un Outsourcing geduecht gëtt. Et gëtt weiderhin an eise Fuerpark, an d'Atelieren an d'Maschinnen investéiert, fir esou ze garantéieren, dass zu Péiteng de Gemengebeamten net wäert ausstierwen, am Géigendeel, dass och weiderhin agestallt gëtt op personalem Plang, an dëst de Leit eng Méiglechkeet bitt, sech eng Zukunft a schwéieren Zäiten opzebauen.

Ofschléissend wëll ech all deene Mataarbechter, déi un dësem grousse Pabeier mat dru geschafft hunn, Merci soen an ech soen dem Gemengerot Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen der Madamm Birtz Merci fir hir Appreciatioun zu dësem Budget. Dat, wat si eigentlech vun der genereller Finanzpolitik seet, kann ech mat zwou Hänn ënnerschreiwen a wëll soen, datt mer do op der selwechter Wellelängt leien. Ech mengen, et wier gutt, wa mer och an Zukunft an där Richtung géife virufueren, fir dann och d'Investissementer, déi och an Zukunft musse gemaach ginn, kënnen ze stemmen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Zwou Klengegkeeten. Dat eent ass d'Cogeneratioun, déi der uschwätzt. Mir hu schonn esou Saachen, wou verschidde Gebailechkeete matenee gehëtzt ginn oder energeetesch versuergt ginn. Et muss ee kucken, wann deen Hotel duerno do ass a bis fäerdeg ass, wéi een dat dann do verrechent. Dat dierft kee Problem sinn. Et ass jo esou: fir d'éischt den Hotel, dann de Wellness an dann d'Cogeneratioun. Et ass e Package an dat hat ech och déi leschte Kéier bei der Presentatioun gesot.

Och mat de Camionnetten ass et esou, datt dat heiten en éischte Schratt ass. An duerno gëtt een zweete gebaut, wa méiglech op der Nidderkuerer Strooss an da kucke mer weider. Zu Rolleng hu mer och Iddien. A wa mer alles dat hunn, wa mer genuch hunn, da kann een dat och duerchsetzen an da kënnt eng järlech Vignette. Am Ufank

muss een dat nach manner prinzipiell ugoen an deem Sënn, datt een nach muss eng gewëssen Toleranz weisen. Wat awer ganz wichteg ass, dat ass, datt een do konsequent weider fiert. Ech hunn iech och gesot, datt mer 4 weider Agents municipauxen astellen. Dat heescht, dat gëtt eis och Méiglechkeete fir do méi konsequent virzegoen an awer drop hinzeweisen, datt et net dee richtege Wee ass, fir d'Camionnetten an d'Wunnstroossen ze setzen. An d'Iddi ass déi vum Erscheinungsbild. Dat hutt der richteg gesot an ech deelen dat total mat iech.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et jo haaptsächlech ëm d'Maisons relaisen, wa mer do wëllen zousätzlech Raimlechkeete schafen zu Péiteng am Centre Bim Diederich. Do hate mer elo déi Raimlechkeeten zur Verfügung, an zwar ënne lénks, wann een an de Centre Bim Diederich erakënnt. Do hu mer dee grousse Raum, dee jo praktesch dat ganzt Joer eidel war. Do si mer och esou wäit, datt mer den Agrément dofir kréien. Do wäerte mer natierlech zousätzlech Onkäschte kréien, well et muss jo Personal agestallt gi wa mer méi Kanner hunn. Et mussen och méi Menüe gekacht ginn. Et brauch een «premier équipement», kleng Dëscher. Natierlech muss dat ganzt Restauratiounsgeschier ugeschaf ginn. Dorunner hu mer scho geduecht. Mä et ass jo och esou, wa mir den Agrément kréien, de Stat mat enger Bedeelegung vu 75% - wéi och bei deenen anere Maisons relaisen – der Gemeng bäisteet. Esou datt mir déi aner 25% mussen droen.

Mir dierfen och net vergiessen, mir wëlle jo Betreiunge bei eis an der Gemeng hunn. Mir wëlle jo der Demande vun den Elteren nokommen, an da musse mer natierlech och an de Beidel gräifen, wéi een esou schéi seet, an da musse mer déi Gelder droen.

Wa mer elo de Budget kucken, wéi en opgestallt ass vun de Maisons relaisen, dann ass en an de leschte Joren zimmlech an d'Luucht gaangen an e wäert och net méi kleng ginn. Mä et ass nun emol en Service, dee mer un eiser Gesellschaft maachen.

Wa mer déi ganz Zommen duerno hunn, a mir hunn den Agrément, da kënne mer iech virleeën, wat eis dat dann am Surplus géif kaschten. Well da kënne mer dat ganz genee ausrechnen. Si rechnen, datt mer kënne bis 50 Kanner do erakréien. Wa mer dann och 50 Kanner erakréien, da musse mer och mat esou vill Personal rechnen. Da wäerte mer 5 Educateure weider brauchen an da wësse mer jo genee, wat duerno op eis duerkënnt.

Zu Rodange hate mer och ee Moment dru geduecht, fir och an der Sportshal, uewen an der grousser Buvette, déi am Dag eidel steet, Kanner eranzekréien. Dat hu mer awer direkt vum Ministère verworf kritt, well do owes Clibb eraginn. An déi ganz Utensilie sollen dee ganzen Dag a sollen ëmmer zur Verfügung stoe fir d'Maison relais. An dann dierf dee Moment och keen aneren do eragoen. Deem si mer do natierlech net gerecht ginn. Mir sinn elo am Gaangen ze kucken, ob mer net awer vläicht an engem vun eise Centrë géingen e Raum fanne fir Kanner eranzekréien, och wa mer keng 50 Kanner mä nëmmen 20 Kanner géifen erakréien, a wat deem gerecht gëtt fir en neien Agrément ze kréien. Mir sinn nach op der Sich. D'Froestonn ass op. Wann deen een oder deen anere vun iech eng gutt Iddi sollt hunn, mir si frou fir se ugedroen ze kréien. Well et ass jo gewosst, wéi grouss dass eis Waardelëscht ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wollt nach kuerz en Zousaz maachen zu der Cogeneratioun, wou den Här Halsdorf schonn deelweis drop geäntwert huet. Et muss ee wëssen, datt dat e Reseau ass, wou mir Energie verkafen. Also, déi Energie, déi mir liwweren, gëtt bezuelt. Op där Plaz gëtt et u sech Sënn. Do hu mer vill Gebaier beieneen op engem relativ enkem Raum. Wéi gesot, mir hunn d'Schwämm do, mir hunn de Fussballterrain do, mir hunn de Scoutschalet do, herno kënnt nach e Wellness an en Hotel dobäi, esou datt do op enkem Raum esou eng Cogeneratioun och Sënn mécht.

Just als klenge Rappell: hei zu Péiteng hu mer och esou eppes, wou eis Sportshal, eis Maison relais steet, an och den Hotel keeft eis mëttlerweil Energie of. An do ass och ugesinn, datt mer och deen neie Quartier vun der Schoul drun uschléissen, wat u sech eng positiv Saach ass. Esou fonctionéiert dat.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci dem ganze Gemengepersonal, besonnesch dem Här Thierry Balance souwéi der Madamm Marina Paoletti, wou um Budget matgeschafft hunn. Merci dem Schäfferot fir hir ausféierlech Erklärungen, Zuelen an Informatiounen.

An esou engem Projet stécht vill Energie souwéi Liewenszäit, wou ee fir seng Matbierger, fir seng Gemeng opbruecht huet. Och ee Merci un déi interessant Reaktioune vun de Kolleegen am Gemengerot.

Mat de gréisste Merci geet awer un den Här Buergermeeschter, de Pierre Mellina. Ee Pierre Mellina, an et sinn elo 19 Joer, wou ech quasi just hien als Buergermeeschter kennen, ech ka mech nach ganz verschwommen un de Jean-Marie Halsdorf erënneren, dat war 1999, do war ech 14 Joer al, mä déi richteg politesch, Erënnerunge fänke bei mir mam Pierre Mellina un. Wéi hien deemools Buergermeeschter ginn ass, hat ech 19 Joer an hu mir aner Froen am Liewe gestallt wéi déi haiteg politesch.

2005 war ech fir éischt politesch aktiv, deemools gefrot vun der DP, an dat war éischter ee Matlafe wéi een de Wee virginn. Dat huet sech bei de Pirate mat der Zäit kloer geännert.

An awer bleift a mengen Erënnerung iwwert all déi Zäit, just ee Buergermeeschter, de Pierre Mellina, deen elo bekanntlech net méi untrëtt fir ee weidert Mandat un der Spëtzt vun eiser Gemeng. Esou eng Leeschtung fir eis Gemeng, esou ee Liewenslaf, ass och derwäert als Ouverture vu menger Budgetsried seng Plaz ze fannen.

An der Politik läit et op der Hand, dass ee verschidde Meenungen huet, soss wär wuel all Demokrat an der selwechter Partei. Woubäi och dat net stëmme géing, huet een dach och an der eegener Partei vill ënnerschiddlech Meenungen an alt och net just Frënn. Déi vill ënnerschiddlech Meenungen, déi politesch Meenungen, hunn ech och mam Pierre Mellina. Ee Politiker, wou ech trotzdeem oder wéinst den anere Meenungen, wierklech ze schätze geléiert hunn. Ob mat villem averstanen oder net, ee Buergermeeschter vum Format vum Pierre Mellina haten net vill Gemengen am Land, a mir als Gemeng Péiteng kënne ganz zefridde sinn iwwert seng 19 Joer un der Spëtzt.

An ech kann Iech soen, elo zënter 2018 um Top Niveau an der Politik, hunn ech net just vill bäigeléiert, soumat eng Erfarung opgebaut souwéi mech weider entwéckelt, mä och vill Politiker, kommunal wéi national kenne geléiert, an dofir kann ech soen, d'Gemeng Péiteng konnt mam Pierre Mellina op eng gutt Féierung zielen.

Et ware vill Positiounen a Projeten, wou ech zënter 2017 matgestëmmt hunn hei am Gemengerot, do ass mir och keen Zack aus der Kroun gefall, well wann et ee Projet ass, wou de Bierger weiderbréngt, kann een och de Schäfferot luewen, ëmgedréint natierlech och kritiséieren.

Ech verstinn awer och, elo ass d'Zäit fir Verännerunge komm, Zäit fir eng aner Politik fir eis Gemeng, net besser oder méi schlecht an sech, mä op neie Schëlleren opgebaut, modern an dynamesch, ugepasst op déi haiteg Erausfuerderungen.

Haut kréie mir ee Budget presentéiert, alt nees, an och do, mir hunn als Piraten nach all Budget matgestëmmt iwwert déi lëscht 5 Joer hei am Gemengerot, ee Budget 2023, dee kloer d'Strooss hält an et gesäit een och do dem Buergermeeschter seng Linnen am Dokument. Net ëmsoss ass eise Buergermeeschter landeswäit bekannt fir mat dee beschte Budget opzestellen.

Als Member vun der Chamberskommissioun ronderëm den Interieur, also d'Gemengen, kann ech Iech soen, an ech gesinn a vill Gemengen eran, dass net all Gemengerot iwwert esou ee gudde Budget ofstëmme kann. Do brauch een och net wäit sichen ze goen, Déifferdeng geet duer. Iwwerdriwwe formuléiert, mussen déi no enger ze héijer Ausgabepolitik, fir sech politesch ze retten, nach oppassen, datt se nei Pneue fir hir Autoe kafen dierfen, well hire Budget kee Sputt méi léisst. Do géingen et awer och nach vill aner negativ Beispiller ginn am Land, wou eben d'Gemengen net wéi Péiteng virsiichteg waren.

An dat wäert sécherlech och fir eng nei Equipe, egal wéi eng Faarf déi wäert hunn, zu 2 oder zu 3 Partner, eng grouss Erausfuerderung ginn, well aktuell steet eis Gemeng gutt do, d'Finanze si stabil. Fir mech ass et och kloer, dass déi virsiichteg Finanzpolitik weidergefouert muss ginn. Dofir kënne mir och berouegt dëst Joer de Budget matstëmmen.

Dozou ass wéi all Joer ze soen, net all Linn am Dokument gefält eis, mä am grousse ganzen ass de Budget esou, wéi och mir en opgestallt hätten, a sollte mir no dem 11. Juni an d'Verantwortung kommen, eist Zil ass et déi zweetstäerkst Partei an der Gemeng ze ginn, an dat gesäit ewell realistesch aus, kuckt een d'Ëmfroen souwéi eis Dynamik hei an der Gemeng Péiteng, wäerte mir als Piraten och dës Finanzpolitik weiderféieren, op Virsiicht opgebaut.

Ech hu mir e puer Punkten erausgepickt, wou ech kommentéiere wëll:

Mat déi gréissten Ënnerscheeder tëscht der Politik vum Schäfferot souwéi eiser Politik ass wuel am Logement ze fannen. Mir Pirate sinn der klorer Meenung, keen Terrain, deen elo an ëffentlecher Hand ass, ze verkafen. An dësem Budget ginn awer och erëm Terraine verkaf, den déckste Posten am Budget fir d'Neiwiss II. 5 Millioune kommen als Recette eran, dat kléngt op den éischte Bléck gutt, mä d'Terraine sollten eiser Meenung no an ëffentlecher Hand bleiwen. Bei Logementsprojete soll d'Gemeng den Awunner den Terrain zur Verfügung stellen, déi dann hir Projeten drop bauen oder d'Gemeng baut se a verlount se. Alles flexibel Formullen, awer den Terrain géing an der ëffentlecher Hand bleiwen. Alternativ kann ee mat engem méi strenge Virkafsrecht national gereegelt schaffen, fir dass Terrainen, wou ee bëlleg vum Stat oder Gemeng kaf huet, net erëm mat vill Gewënn un d'privat Promoteure verkaf ginn.

Sinn och elo scho fir eis vill ze kleng Strofen drop, wéi am Projet Neiwiss II, wann een Terraine mat den Haiser duerno verkeeft, esou sinn déi Strofe vill ze kleng a Relatioun mat der Plus-value wou ee mat dem Verkaf erzile kann. Dofir missten déi Formullen anescht opgestallt ginn am Budget.

Déi ëffentlech Hand muss méi bauen, net just eenzel Haiser, mä och ganz Residenzen. De Maart, fir een Daach iwwert dem Kapp ze hunn, de Promoteuren ze iwwerloossen ass fir eis de komplett falsche Wee. Do zielt da just de Profit um Objet, awer net dass jonk Leit an hirer Gemeng kënne wunne bleiwen. Do retten déi 25% sougenannten "bezuelbare Wunnraum" dann och kee méi. Iwwregens eng Kritik, wou ech och national esou bruecht hunn, fir eben d'Logementspolitik ze veränneren. Mir hunn do eng kloer aner Virstellung wéi eng CSV / LSAP.

Kuerz gesot, bei eis géingen ab 2023 manner Promoteure bauen, mä dofir géinge mir d'Virkafsrecht, dat aktuell schwiereg ass, wat ech och zouginn, méi oft spille loossen, fir esou iwwer national oder kommunal Träger bauen ze kënnen an soumat Wunnraum ze schafen, dee fir kleng Salairë bezuelbar ass. Keen dierf gezwonge ginn, an d'Ausland wunnen ze goen, wann en hei an der Gemeng opgewuess ass, just well Promoteuren hire Konto net voll genuch kréien.

Vum Logement zur Verkéiersproblematik bei eis an der Gemeng. Et ass quasi keng Auerzäit méi, wou een net am Stau steet, op dat zu Péiteng oder zu Rodange ass.

Mir sinn de vergiessenen Eck am Land, wou se einfach iwwert Collectrice, A13, all d'Frontalieren, de ganzen Transit bei eis an d'Gemeng eraleeden, ouni Récksiicht vum grénge Minister op eis Liewensqualitéit oder Gesondheet souwéi Sécherheet.

Jo, et ass ee Mix vu nationaler a kommunaler Problematik, mä als Gemeng kënne mir och baulech Moossnamen, souwéi Méiglechkeeten am Verkéiersreglement virgesinn, fir eis Stroossen ze entlaaschten, Entscheedungen huele fir eis Stroossen ze schütze virum Transit.

Dozou gehéiert fir eis Piraten och, dass eis Haaptachsen duerch eis Gemeng, eis Haaptstroosse missten esou ëmgestallt ginn, dass se fir den Transit oninteressant sinn.

Dofir misst dann awer endlech de Rond-point zu Rolleng, direkt beim Lycée gebaut ginn. Ee Rond-point, wou fir Entlaaschtung wäert Suergen. Eng rezent parlamentaresch Fro dozou huet de Minister beäntwert mat senge Suergen ëm dee Verkéier an de Rond-pointen am Frankräich duerno.

Ee Punkt, wou ee ka bréngen, mä meng Meenung ass do, elo emol eng Entlaaschtung fir eis Bierger hei am Land, hei an der Gemeng, an da ka Frankräich mat hirem Transitverkéier, a si mer emol éierlech, majoritär am Stau hei sinn hir Placken, och selwer eens ginn.

Dës Woch hat ech dofir an der Chamber d'Motioun matgeholl, fir dass déi Ënnerféierung endlech sollt gebaut ginn, endlech de Budget sollt kréien, ënnert dem Lycée. Wéineg iwwerraschend ass et Gréng/Rout/Blo egal, wéi eis Liewensqualitéit hei am Eck ass, a si hunn dogéint gestëmmt.

Zesumme mat eis Piraten huet CSV sech agesat, wéinstens ee Projet ze kréie fir Situatioun ze entschäerfen. Den Här Halsdorf huet dem Minister Bausch kloer d'Fro no Projete gestallt. D'Äntwert war ganz enttäuschend, et si keng do.

De Vott ass dann och ausgefall wéi geduecht. D'Piraten/CSV hu mat Jo gestëmmt, LSAP, déi gréng an DP dogéint. Soumat bleift Péiteng an der Verkéiersproblematik stoen, ouni Récksiicht.

An do misste mir als Gemeng elo uknäppen an eis eege baulech Moossnamen, Budgeten souwéi Reglementer huele fir eis Bierger virum Transitverkéier ze schützen.

Wou mir beim Schütze sinn, d'Kriminalitéit an eiser Gemeng ass méi héich wéi a vergläichbaren Nopeschgemengen. Goufen et zu Péiteng am Joer 2021 eng 766 Fäll vu Vol, waren et der zum Verglach zu Déifferdeng 328, zu Esch 984.

All déi Zuelen huet de Minister Kox en Donneschden op meng parlamentaresch Fro geäntwert, déi kloer beleet, dass Péiteng méi Policebeamten a -beamtinne brauch wéi dat aktuell de Fall ass. National schwätzt jiddereen iwwert d'Gare, do waren et 1.067 Fäll, zur Erënnerung hei an der Gemeng 766 Fäll.

Et muss een also elo schonn ufänken, genuch Budget souwéi Méiglechkeete virzegesinn, fir och hei an der Gemeng e grousse Policebüro ze kréien, dat am beschten direkt mam CGDIS verbonnen.

Zu Lénger sollt esou ee Projet fir een neie grousse Policebüro, zesumme mat Käerjeng, realiséiert ginn. Dat war elo awer leider net méiglech well den Terrain net zu engem vertrietbare Präis ofgetruede ginn ass.

Elo mussen also Alternativen hir fir e Policebüro, dee 24/24 Stonnen op ass. Fir eis Piraten ass déi elo op der Porte Lamadelaine ze fannen, méi bekannt d'Gebai vun Simon Tours.

Op deem Site kéint een de CGDIS mat der Police zesumme verbannen, et kéint een eng Sécherheetsstruktur schaffe wéi se fir eis Gemeng am 3 Länner-Eck gebraucht gëtt, an dat schnell.

De Projet vun deem Site, also dass ee Promoteur e keeft an da baut, war viru kuerzem jo hei am Gemengerot. Mir als Piraten hunn deemools dogéint gestëmmt fir op d'Virkafsrecht ze verzichten, well mir der Meenung sinn, d'Terrainen, wou een huet oder kréie kann, net hir ze ginn. Hei ass ee Beispill dofir, dass deen Terrain elo dréngend gebraucht géing gi fir ee Policebüro an der Gemeng Péiteng, een elo awer just nach op 1/4 zeréckgräife kéint, well um Recht ee Promoteur eng Residenz baue wäert.

Zur moderner Sécherheetspolitik gehéiert och, dass "agents municipaux" nei Rechter a Méiglechkeete kréien. Ier d'Gesetz gestëmmt ginn ass, souz ech mat hire nationale Vertrieder zesummen, fir hinnen esou optimal nei Méiglechkeeten ze gi fir och hir Roll an enger Sécherheet an der Gemeng wouer ze huelen, ier et an der Chamberskommissioun, wou ech effektive Member sinn, zesumme weidergaangen ass fir d'Gesetzestexter weider auszeschaffen an dunn dëst Joer an der Chamber ze stëmmen.

Mat deem neie Gesetzestext kréien d'Gemengen nei Méiglechkeeten. Elo ass et an der Hand vun de Gemengeréit, doraus eppes ze maachen.

Zu Péiteng hu mir wëlles 4 nei Agenten anzestellen, déi och passend am Budget berechent si ginn, an hoffentlech nach am Fréijoer d'Reglement esou ze änneren, dass och eis Beamten déi Méiglechkeete schnell kréien.

Zur Sécherheet gehéiert fir eis och d'Preventioun, net just Repressioun, an do war de Gemengerot sech eens, dass ee fir eis Jugend ze schützen och ee Streetworker brauch hei an der Gemeng. Ech ginn esouguer weider a soen et bräicht ee mindestens 4 Streetworker bei enger Awunnerzuel vun 20.000 Awunner, mat 3 Uertschaften.

Och wann de Gemengerot sech eens ass, esou gouf d'Demande beim Minister fir och just 50% vun dem enge neie Streetworker all Joers refuséiert.

Wärend d'Regierung op der grousser Bün déck téint, si géing eppes géint d'Kriminalitéit maachen an eppes fir déi Jonk, ass Gambia mol net am Stand fir déi gefrote Streetworker zur Hallschent ze finanzéieren. Dat war net just hei an der Gemeng de Fall. Neen, am ganze Land gouf et kee Budget fir nei Streetworker. Dat ass déi falsch Politik vun der DP/LSAP/déi gréng an trëfft direkt d'Gemengen.

Aus Trotz géing ech scho bal virschloen, dass mir sollte Streetworker als Gemeng ganz bezuelen, wëll op de Stat ze waarde bréngt een net méi weider. Just ass de Risiko do grouss, ee Fall ze schaffe wou Auswierkungen hätt op weider Budgeten, wann de Stat bis géing mierken, duerch d'Blockéiere bezuelen se da selwer.

Et bleift also elo hei lokal näischt anescht iwwreg wéi mat de Leit ze danze wou een um Terrain vun der Jugendaarbecht huet, wann de Stat kee weidere Budget fräi mécht.

Dat heescht och, dass een de Projet "outreach youth work" muss fir 2023 nei opstellen. Et ass a mengen Aen déi eenzeg Méiglechkeet wou een aktuell huet, fir iwwert d'Streetworker un eis Jonk ze kommen. War den Outreacher bis elo méi op administrativ Aarbecht fir déi Jonk ausgeluecht, misst een d'Konzept ëmänneren op méi puer Streetwork-Projeten, fir eben déi Jonk net an d'Droge falen ze loossen.

Duerch d'Renovatioun vum Jugendhaus am alle Pompjeesbau wäerten sech do nei raimlech Méiglechkeeten opdinn, fir esou een Service am Jugendhaus ze integréieren an op déi nächst Joren opzestellen.

Ee Jugendhaus, wat dréngend vun de Jonke gebraucht gëtt, an hinnen eng wichteg Stäip ass. Och dëst Joer krut eist Jugendhaus erëm de ganze Luef an déi bescht Bewäertunge bei alle Kontrollen an Evaluatioune vum Ministère. Dat mécht een houfreg op déi ganz Equipe, déi sécherlech keen einfache Job huet.

Eng exzellent Relatioun mat der Gemeng, duerch Vertriederin d'Schäffin Madamm Conter, déi an all Entscheedung, all Versammlung agebonnen ass, mécht et méiglech, dass de Fonctionnement esou gutt opgestallt ass. Grad elo, wärend der schwéierer Phas, wou de President vum Jugendhaus géint eng schwéier Krankheet untrëtt an him vu ganzen Häerzen eng gutt Besserung gewënscht, bleift mat der Madamm Conter, déi och quasi als Vize-Presidentin hir Roll huet, d'Jugendhaus och an dëser schwéierer Zäit stabil a fir déi Jonk do.

Et dierf een awer no oder wärend der Renovatioun vum Péitenger Jugendhaus net vergiessen, dass ee weiderhi soll sichen, ob dat Rodanger Jugendhaus net op ee bessere Site kënnt zeréckgräifen.

D'Plaz ass net zentral genuch, d'Gebai net méi den haitegen Ufuerderungen ugepasst. Dofir si mir Piraten der Meenung, och Rodange misst am Duerf, beim Park, ee Jugendhaus kréien, et misst dohi geplënnert ginn. Dat aalt Paschtoueschhaus hätt sech, just als Beispill, dofir gëeegent oder den ale Site vum OGBL.

Nieft dem Jugendhaus sinn et Veräiner, wou eng wichteg Stäip fir eis Jugend sinn. Dofir ënnerstëtze mir Piraten och all Subsid, wou am Budget festgehalen ass fir déi sportlech oder kulturell Veräiner fir hir Jugendaarbecht.

Eist Verständnis hält awer beim Fussball op, wou vun der Gemeng eng Buvette, een Terrain souwéi Subside fir Jugendaarbecht kritt, an da jonke Spiller, de Kanner, Geld freet fir iwwerhaapt spillen ze dierfen, dat a Form vun engem Package, ugefaange bei 250 €. A wat d'Eltere méi Geld hunn, wat ee méi deiere Package an soumat Statussymbol méiglech ass.

Dat ass eng sozial onfair Behandlung, an ënnert eis Pirate géingen esou Praktiken direkt änneren an direkt ophale fir esou Budgete weider ze verginn, wann déi Jonken hir Elteren déi Packagë musse bezuelen.

Esou Packagë féiere just zu sozialer Ausgrenzung, zu Frust bei de Kanner, egal wéi eng Sportaart. De Sport ass, wéi een am Budget gesäit, gutt ënnerstëtzt. Da sollen d'Veräiner de Bierger och dovun eppes zeréck ginn, an net just hire Sponsoren.

Vum Sport zur Kultur. Schonn zënter 2017, an och Ier ech am Gemengerot war, waarden ech op d'Renovatioun vun den zwee Kulturzentren, deem vu Rodange souwéi vu Rolleng.

Virun allem Rolleng ass oft a vill benotzt, een Aushänge-schëld fir vill Events, erop bis an den RTL. Mä de Centre de loisirs ass an d'Jore komm, ze laang a mengen Ae gouf elo gewaart fir eng Moderniséierung mat enger liichter Vergréisserung.

Dat wär sécherlech ee vu menge Projeten, wou ech direkt mat an den nächste Budget 2024 géing huelen.

Elo solle jo zu Rodange schonn éischt Pläng fäerdeg sinn, an dann 2024 moderniséiert ginn. Do ass ze begréissen, dass déi nächst Equipe nach kann Entscheedungen huelen. Well op deem Projet deelen ech net dem Schäfferot seng Aschätzung, dass de Rodanger Centre culturel soll prioritär fir den Theater ëmgebaut ginn. Dee fënnt just op 2 Weekender am Joer statt, a Rodange ass vill méi wéi den Theater an et si vill Veräiner, wou de Centre culturel kënne benotzen a gebrauchen, net mam Schwéierpunkt Theater. Et kann een d'Installatiounen och fir den Theater virgesinn, do ginn ech nach mat an der Iddi, mä net eleng als Schwéierpunkt.

Den Home, wou fir de Péitenger Theater als Bün déngt, wäert och musse moderniséiert ginn, do stinn elo 20.000 € ufanks am Budget, dobäi wäert et awer net bleiwen, wann een och zu Péiteng wëll akkurat Raimlechkeeten, wou der Zäit ugepasst sinn, hunn.

Ech ginn nach mat op eng Opdeelunge vun de Raim, fir se méiglechst gutt ze benotzen, mä da sollen se awer och fir all Veräiner esou opgebaut sinn, net just fir eng spezifesch kulturell Richtung. Dofir sinn eis Veräiner ze villfälteg.

Et kann ee mat mir, deen zu Péiteng grouss ginn ass, duerno mat 7 Joer op Rolleng wunne komm ass an duerch meng Grousselteren hybrid lieft tëscht Rolleng a Péiteng, sécherlech op ville Punkten eens ginn, dass een net fir alles eng sougenannten Duerfpolitik brauch, an dass een sech innerhalb vun der Gemeng opdeele kann. Meng Iddi vun enger gemeinsamer Musek, enger Harmonie municipale steet och nach ëmmer. Dat géing och villes an de Raimlechkeeten erliichteren, mä et muss een awer och nach kulturell Traditiounen an den eenzelen Dierfer bäibehalen.

Ech sinn nach ëmmer traureg, wann ech Bärbelendag gesinn, wou een eng schéin a grouss Feier vun de Pompjeeën zu Rolleng ofgeschaaft huet, fir elo alles zu Rodange ze organiséieren, wou awer mat engem AEV et net eng Kooperatioun elo ass, mä de Pompjeescorps u sech hir Feier rett. Dat hätt ee kéinten anescht léisen, dat géing ech opdeelen op 1 Joer iwwert dat anert, tëscht Rodange a Rolleng, mä Rolleng net komplett ausgrenzen.

Dat selwecht si meng Gedanke beim Nationalfeierdag. Bei mir wäert et net dozou kommen, dass dee just an enger Uertschaft nach wäert stattfannen, mä den Tour duerch déi 3 Uertschafte wäert bestoe bleiwen.

Wou mir beim Budget vum Tourismus a Kommunikatioun sinn, een Nationalfeierdag kann ee méi grouss opzéien, virun allem och de Virowend mat abauen, wéi et Traditioun zu Rodange war. Eng Zäit, wou wierklech vill Leit op Rodange komm si fir de Virowend, wou een nei Konzepter, egal a wéi eng vun den 3 Uertschaften, verbonne mat an Traditiounen, fanne muss fir 2024.

Wou mir am méi klenge sinn, mir brauchen och Quartiersschoulen. Déi grouss Schoulprojete sinn net an eiser piratescher Strategie. Mir sinn éischter fir méi no Schoulen, kleng Strukturen. Dat selwecht fir Maison Relais a Crèchen.

Bei de Crèchë fanne mir et allgemeng bedenklech, dass do ëmmer méi kommerziell Firmen, also Strukturen entstinn, wou d'Kanner sollen de ganzen Dag ophuelen. Op der enger Säit hunn d'Kanner ze wéineg Zäit mat den Elteren, op der anerer Säit verdéngen e puer Eenzeler sech eng gëllen Nues mat hire Crèchëfirmen.

Dat ass eng falsch DP-Politik, wou d'Familljen auserneen dreiwen, anstatt zesummen ee Liewe féieren ze kënnen.

Och hei zu Péiteng komme mir net no mat de Plazen an de Maison relaisen. Elo soll d'Sportshal aushëllefen, et kann een net esou schnell bauen, wéi ee Plaze bräicht.

Zu engem gewëssenen Deel sécherlech och well een ze spéit ugefaangen huet, ze schnell d'Gemeng gewuess ass, mä awer op der anerer Säit, well et eng falsch national Politik ass, fir déi gratis an zu all Zäit Kannerbetreiung zur Verfügung ze stellen.

De Steen, mä och d'Personal ass net schnell genuch do fir Maisons relaisen ze bauen an ze bedreiwen. Dofir muss een, menger perséinlecher Meenung no, op de Wee goen an deenen Elteren, wou sech entscheede manner oder guer net ze schaffen, eng finanziell Entlaaschtung vum Stat bezuele fir selwer kënnen no hire Kanner ze kucken.

Duerch eng parlamentaresch Fro souwéi Interventiounen hat ech dëst Thema opgegraff an et wier méiglech ze berechnen, wat eng Plaz an enger Maison Relais de Stat kascht. Et si 5.575 Euro d'Joer. Do ginn d'Meenungen dann nach auserneen, ob mat Bau oder ouni, mä zumindest emol Fonctionnementskäschten, fir déi wou sech entscheeden doheem no de Kanner ze kucken, ze iwwerweisen als Subsiden all Mount.

Dat géing sécherlech och hei an der Gemeng sou munche Problem léisse bei de feelende Plazen. Ob just bauen de richtege Wee ass, bezweifelen ech nämlech. Mir brauchen ee Wandel an der Struktur vun der Gesellschaft.

An déi Zäit, wou d'Eltere mat hire Kanner verbréngen, do ginn se och alt gären op Spillplazen, do ginn et flotter a neier an eiser Gemeng, mä och där anerer.

Dofir géinge mir e Konzept ausschaffen, fir se alleguer erëm fit ze maachen. Et geet mir alt wéi och Kolleegen aus der Gemeng, mir fueren zum Beispill op Uewerkäerjeng, fir mat de Kanner op eng nei a modern Spillplaz ze fueren. Esou ee Projet géinge mir och hei an der Gemeng realiséieren, dat och an de Schoulhäff vun eise Schoulen.

An der Budgetsried goufen elo endlech déi digital Tafelen erwäänt. Do ass fir eis, als digital Partei, scho vill ze vill Jore verschlof ginn. Huele mir d'Schoulen zu Bartreng, do wou déi Tafelen am Asaz sinn, souwuel fir d'Léierpersonal wéi och fir d'Schüler ass et eng vill méi informatiounsräich an agreabel Aarbecht, mat vill Zäitgewënn.

Mä bis eis Schoulgebaier hei wierklech digital sinn, wäert nach vill Zäit vergoen, an et wäert déi nächst Equipe sinn, wou do Akzenter muss setzen.

Da wäert och endlech de Wifi an de Schoule fir d'Léierpersonal richteg fonctionéieren. Wéi jo bei menger kommunaler Fro erauskoum, leeft déi Struktur nach net richteg, och wann eenzel Antenne schonn ophänken.

A fir de Stroum fir eng digital Schoul, muss eis Gemeng Péiteng vill méi schnell op erneierbar Energien ëmklammen, vill ze lues gi Solarpanels, wann iwwerhaapt, opgeriicht.

Meng fest Iwwerzeegung bleift, dass mir als Gemeng musse bis 2030 klimaneutral ginn an et waren elo ënnert LSAP-Hand verluere Joren, wat den Ëmweltschutz ubelaangt. Ze laang gouf gewaart, ze wéineg KW un erneierbarem Stroum realiséiert. Do brauch et ee mofe Booster fir eis Ëmwelt ze schützen, an zugläich onofhängeg vun dem fossille Brennstoff ze ginn. Dir gesitt jo selwer am Budget, wéi rapid d'Ausgabe steigen, fir alles wat ëmweltschiedlech Brennstoffer sinn.

An den Ausbau op LED-Luuchte muss méi schnell virukomme wéi an de leschte Joren de Fall. Dat géing eis vill Energie spueren a géing de Leit e bessere Schlof erméiglechen, duerch eng Dimmméiglechkeet iwwer Nuecht oder duerch Sensoren.

Dofir muss bis 2025 op all Gemengegebai, wou et vertrietbar ass, eng Solaranlag ariicht ginn, souwéi iwwert all Parking oder Fläch, wou der Gemeng gehéiert. De Fuerpark muss op elektresch ëmgestallt ginn, dat ouni Excusen. Dozou gehéiert fir eis och de neien Auto wou soll kaf gi fir 60.000 € fir politesch Bedürfnisser. Wann esou een Auto elo ugeschaaft gëtt, soll dee fir eis 100% elektresch sinn.

Zu de Parkflächen, do feelt et an der ganzer Gemeng un Elektrobornen. Quasi ni sinn se fräi, déi puer wou do sinn, et muss ee bedenken, mir si bei 20.000 Awunner, a pro Awunner sinn einfach net genuch Chargyen opgestallt ginn. Nach ee Punkt an der schlechter Bilanz ronderëm d'Ëmweltpolitik hei an der Gemeng.

Menger Meenung no misst een de Stand vun de Bornë mindestens verdräifachen hei an der Gemeng, wann net nach méi, fir Elektromobilitéit an soumat de Schutz vun eisem Klima a Kanner virun ze dreiwen.

Et wären nach vill aner Punkte wou ech drop agoe kéint, mä d'Zäit ass bekanntlech wäertvoll a begrenzt, mä dat hei war elo schonn ee breede Mix aus deem, wat gemaach ginn ass, mat Propose vun eiser Säit wat ee fir 2024 misst nach dobäi maachen.

Wei all Joer ass de Budget een, op deen opzebauen ass, mä et läit op der Hand, dass mir Piraten och nach aner Akzenter géinge setze wéi déi aktuell CSV/LSAP-Majoritéit. Dat ass eben an der Politik normal, dass all Partei seng Iddien huet. Dofir wär et och interessant ze liesen, wat an de Walprogrammer stoe wäert. Sou munches wäert bei der LSAP oder CSV dra stoen, wat se selwer net realiséiert hunn iwwert déi lëscht 10 Joer, elo awer als Iddi un de Wieler bréngen, mä och dat gehéiert zur Politik.

Eng gewësse Bestännegkeet an der Politik vun de leschte Jore ka jo stattfannen, wann d'CSV no dem Juni nächst Joer wäert weiderhin de Buergermeeschter stellen. Ëmmerhi wär dat fir déi éischt Joren den aktuelle Schäffe Jean-Marie Halsdorf ier dann am Laf vum Mandat den André Dias deen Job iwwerhuele wäert. Zumindest hu mir d'Doppelspëtzt esou verstanen. Änlech wéi Polfer / Cahen an der Stad.

Eng gewësse Bestännegkeet, mat neien Akzenter an der Politik fir déi nächst Joren, ka stattfannen, wann de Bierger enger oder zwou anere Parteien d'Vertraue schenkt fir ee mat aneren Akzenter opgestallte Projet ze realiséieren.

Woufir keng Plaz a keng Zäit hei an der Gemeng ass, ass fir Experimenter iwwert déi nächst Jore mat Randparteien, wou d'Stabilitéit an eiser schéiner Gemeng géingen a Gefor bréngen.

Merci fir är Zäit, fir meng puer Gedanken nozelauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op 2 Punkten agoen, déi e bëssen ënnert menger Kompetenz am Schäfferot leien. Engersäits ass sécherlech d'Logementspolitik, déi der ugeschwat hutt, eng Politik, déi wichteg ass. A mir ënnersträichen – wat dir och gesot hutt – datt et wichteg ass fir abordabele Wunnengsraum ze schafen. Mir hunn och, an dat muss ee kloer soen, an deene leschten zwee grousse Projeten «An Atzéngen» an «Neiwiss II» zwou Tendenzen an de Projete fir Haiser ze baue fonnt. Dat eent ass «An Atzéngen», wou majoritär eigentlech den Droit de superficie iwwert d'SNHBM gefouert gouf. Dat heescht, do ass wäit iwwer d'Hallschent dee Modell, deen dir hei proposéiert, ugewannt ginn. Et si sécherlech och 44 Terrainen, wou d'Leit selwer Proprietär vum Terrain ginn, an Atzéngen virgesi gewiescht. Ech mengen, et ginn haut nach ëmmer Leit, dat ass sécherlech eng Traditioun zu Lëtzebuerg gewiescht a bei all jonke Mann oder Fra de Wonsch gewiescht, fir selwer integral Proprietär ze gi vum Haus, y compris dem Terrain. Mir wëssen awer, datt dat haut net méi an alle Fäll méiglech ass an dofir hu mer jo an Atzéngen déi zwou Versioune gehat a wou majoritär den Droit de superficie gespillt huet.

An der Neiwiss II ass et e bëssen ëmgedréint. Do hu mer majoritär, wou de Keefer vum Terrain och Proprietär gëtt a wou mer Terraine verkafen. Mir hunn awer och 4 Logementer, dat ass eng kleng Residenz, wou mer iwwert d'ëffentlech Hand déi wëlle verlounen.

Natierlech kann een och higoen a soen, mir maachen et net iwwert d'SNHBM, mir maachen et net iwwert de Fonds de Logement, mä mir maachen et selwer. Et muss een awer och wëssen, dat muss een sech ganz kloer bewosst sinn, datt wann een dee Wee geet, da kann een an da muss ee fir déi Gestioun vun dësem «parc immobilier», dee jo da wiisst, e Service opbaue fir dat ze maachen. Et muss een sech Kompetenze ginn, Kompetenzen, déi mer fir de Moment hei an der Gemeng net hunn. Dat ass awer sécherlech eng Optioun, déi ee ka maachen. Et ass un der neier Ekipp ze kucken, et si jo nach Lotissementer, déi nach wäerte geschaf ginn – deen éischte si mer mam PAP am Gaangen um Site vun de fréiere Gemengenatelieren – an do kann een natierlech, wann dat de Wonsch ass vum Gemengerot, an Zukunft komplett op den «droit de superficie» goen, wuel wëssend, datt een dann awer och déi néideg Servicer muss schafe fir dat Ganzt ze begleeden.

Wat elo déi Geschicht vun Neiwiss II ugeet, wou der sot, datt déi Akafsrechter, wat ee muss bezuelen, wann een et erëm verkeeft, datt dat net duergeet, esou bleift an all deenen Akten d'Virkafsrecht bestoen. Dat heescht, deen Dag wou een et verkeeft, an deem Delai, wou virgesinn ass, huet de Gemengerot d'Recht fir den Terrain mam Haus – natierlech muss en d'Haus dann och bezuelen – ofzekafen. Déi zweet Alternativ ass déi, datt ee seet, verkaf et um ëffentleche Marché a gitt eis, jee nodeem wéi laang de Projet scho leeft, wéi laang dat Haus scho steet, 70.000, 40.000, 30.000 oder 25.000 Euro zeréck. Ech mengen, déi zwou Optiounen huet de Gemengerot. Esou wéi och an Atzéngen d'Méiglechkeet besteet, wa muer een säin Haus an Atzéngen verkeeft, datt de Gemengerot net d'Méiglechkeet gëtt fir et um private Marché ze verkafen, mä mir kafen et selwer zeréck. Mä da muss een natierlech alt erëm eng Kéier wëssen, dass een ëmmer méi Proprietär vu Gebaier gëtt an da brauch een och déi néideg Servicer, fir dat ze begleeden an dat ze beschaffen.

Mir hu jo och en änlechen Service, an dat hu mer och an der leschter Zäit eng Kéier mat deenen aneren dräi Gemengen aus dem Kordall diskutéiert, wou sech d'Fro stellt, ob een dat sollt eleng – all Gemeng fir sech – maachen oder soll een dat net awer vläicht, well de Sikor jo schonn esou eng Aktivitéit mécht – an de Sikor jo eigentlech e puer Aufgaben huet, an eng vun deenen Aufgaben, déi a sengem Statut steet, ass d'Gestioun do vun deenen Haiser – vläicht eng Kéier, fréier oder spéider d'exklusiv Aufgab vum Sikor ass. An da kann een sech d'Fro stellen, ob mer eis net als 4 Gemengen dat deelen an da géif eventuell esou ee Syndicat intercommunal déi néideg Kompetenz an och dat néidegt Personal kréie fir dat ze geréieren. Dat ass alles an nächster Zukunft ze diskutéieren. Am leschte Gespréich haten déi 4 Gemengen zesumme gesot, datt mer eng Kéier mussen iwwert den zukünftegen Aufgabeberäich vum Sikor nodenken an eng Kéier am Statut nokucken, wat fir supplementar Aufgabe mir hinne ginn a wat

fir Aufgaben, déi se haut net méi esou maachen – ech denken do un déi Aufgaben am «transfrontalier» - mer hinne kënnen ewechhuelen a vläicht op engem anere Gebitt, enger anerer Struktur usidelen.

Dat do si Saachen, déi sollt een diskutéieren an ech ginn iech Recht, do muss och déi nächst Ekipp d'Jalone setzen, a wat fir eng Richtung se wëlle goen. Mä si mussen sech awer och bewosst sinn, deemno wat fir eng Richtung se aschloen, datt dat awer personalopwenneg ass, datt een sech Kompetenze muss ginn, déi mer haut de Moment net an dësem Haus hunn, an datt een sech hei vläicht muss iwwerleeën, ob een dat net vläicht zesumme mat anere Gemenge ka besser gestallten.

Mir waarden – wéi dir sot – de Walprogramm of an da kucke mer, wat fir eenzel Iddien do entstinn. Mä ech mengen, déi Iwwerleeunge wäerte sécherlech an den nächste Jore gefouert ginn, ëmsou méi der Regierung hir Tendenz jo och an déi dote Richtung geet. Datt een net sollt verkafen, mä datt ee sollt de Proprietär vum Terrain bleiwen a kucken, fir den Terrain just ze verlounen a just d'Gebai sollt vun de Leit gebaut ginn. All Versioun ass sécherlech gutt.

Da wollt ech nach kuerz op déi Geschicht vum CGDIS an der Police agoen. Effektiv war dat eisen Haaptwonsch, an den aktuelle Schäfferot wollt onbedéngt, datt mer hei eng gutt Struktur kréien, wat eis Services de secours ubelaangt, wou mer wëssen, datt mer e ganz gudde Pompjeescorps hunn. Wou mer awer och wëssen, datt wa mer d'Ambulanciere mam CGDIS zesummeleeën – an dat ass jo de politesche Wonsch gewiescht fir dat zesummenzeleeën – datt mer dann awer vläicht weider Raimlechkeete brauchen a weider Méiglechkeet brauche fir do e gebündelten Service am Intressi vum Secours fir eis Biergerinnen a Bierger ze assuréieren. An do ass d'Iddi gewiescht, fir mat der Police zesummen op der Lénger Strooss eppes opzeriichten. Dat ass awer elo leider Gottes gescheitert. Mir sinn am Gaangen aner Perspektiven ze sichen. Ënner anerem si mer am Gaangen – wat de CGDIS ubelaangt – ze kucken a wéi wäit mer net kéinten higoen an de CGDIS op där Plaz vergréisseren, wou en de Moment ass. Derniewent gëtt et déi Parkplaz, déi vum Lycée Mathias Adam gebraucht gëtt, a wou een sech muss d'Fro stellen, ob déi an där Envergure effektiv gebraucht gëtt an ob een do net vläicht kéint Synergië sichen. Och dat si mer am Gaangen ze kucken. Esou wéi mer och mam Policeminister am Gaange sinn ze kucken, wou d'Police kéint hikommen. Well mir wënschen eis – an dat ass de lokale politesche Wonsch – datt d'Police hei an eiser Gemeng bleift, an datt mer e performante Policecorps um Site vu Péiteng hunn. Wuel wëssend, datt mer hei no bei de Grenze sinn, datt mer haut vill Transitverkéier hei hunn, datt mer 20.000 Awunner hunn, datt mer hei eng héichbesidelt Bevëlkerung hunn – net nëmmen hei, mä och Käerjeng an Déifferdeng zesummen – an datt mer do schonn e Policeservice brauchen, dee gutt zesummegesat ass.

Och do si mer am Gaangen eis Gedanken ze maachen a mir wäerten dem Policeminister eng Propos maachen, wou een eventuell e Policekommissariat kéint opriichten.

Är Iddi vu Simon Tours ass mer ganz geneem an ass och ganz interessant, mä leider Gottes gëtt d'Gesetz eis net op deem dote Site, dee bebaut ass, e Virkafsrecht. Dat eenzegt, wat mer kënne maachen – an dir hutt dat ugedeit – dat ass, datt mer soen, do gëtt e PAP gemaach an do kënne mer 25%, och vläicht méi, jee nodeem wéi et ass – da musse mer eng Kompensatioun bezuelen – fir allgemeng Zwecker gebrauchen. Mä en Droit de préemption wäerte mer net kënne spille loossen, well dat doten elauter Terraine sinn, déi bebaut sinn an do gëtt d'Gesetz eis op jiddwer Fall fir de Moment net hir fir dat ze maachen. Mä mir si komplett mat iech op der Linn, mir hätte gären e performanten Service de secours hei a mir hätte gären eng performant Polizei hei. An datt mer an der nächster Zukunft – an ech mengen, do si mer eis alleguerten hei ronderëm den Dësch eens – all eis Moyenen an d'Wee leeden, fir déi zoustänneg Ministeren, respektiv de CGDIS ze iwwerzeegen, datt dat hei muss stattfannen. Mir wäerten hinne Propositioune maachen, reegelméisseg Propositioune maachen, fir datt se net herno kënne soen, datt d'Gemeng Péiteng hinnen näischt aneres proposéiert huet wéi just nëmmen d'Lénger Strooss. Net méi spéit wéi an e puer Woche wäerte mer hinne weider Propositiounen op den Dësch leeë fir ze kucken, ob mer net awer op deenen zwee Niveaue weiderkommen, am Intressi vun all eise Biergerinnen a Bierger.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech ginn och just op 2 oder 3 Saachen an.

Ech wollt zu deem, wat den Här Goergen gesot huet betreffend d'Ënnerféierung bei der Porte de Lamadelaine, soen, datt effektiv de Minister gesot huet, et wiere keng Pläng do. Ech ka mech awer erënneren, datt do Pläng gemaach si ginn, an dat scho viru laanger Zäit. Wou ech him awer Recht ginn, dat ass datt e seet, et misst eng global Léisung gesicht ginn. Et huet kee Wäert, datt mer elo just déi Ënnerféierung do maachen a soss bleift beim Rescht alles beim Alen. Well dann hu mer näischt geschafft. Et war keng negativ Astellung vun him do, mä et war awer och näischt Konkretes do. Mir mussen do hannendru bleiwen. De Schäfferot hei huet scho Bréiwer gemaach, an dat och schonn zu där Zäit, wou ech nach net Member dovunner war. A mir wäerten dat och weider maachen.

Da kommen ech zu den Agents municipauxen. Et ass net fir näischt, datt mer der véier astellen. Dat maache mer net, well mer hinnen net wëllen nei Aufgabe ginn. Et ass justement dat, wat de Schäfferot in globo gesot huet.

Dann zu deenen zwee Centre culturellen, Rodange a Rolleng, do wollt ech Folgendes soen. Wann ech gesot hunn, de Schwéierpunkt vum Centre culturel vu Rodange ass den Theater, dann ass et esou, datt déi nei Ausriichtung oder déi nei Moderniséierung esou gemaach ginn ass, datt een do ka gudden Theater spillen. Mir wollten ee Moment déi Trennungsdier erausheulen an da ganz op maachen. E bëssen esou wéi zu Lamadelaine. An do hunn Theaterleit eis gesot, datt dat net gutt wier. Wann dann hannenno Kaméidi ass, da kann een net anstänneg Theater spillen. Dofir loosse mer déi Dier, mir maache just eng nei dran. Dat heescht, et gëtt eng Moderniséierung gemaach. Et kënnt jo en neie Lift dohinner. Et kommen nei Toiletten dohinner. Et kënnt e Lift vun der rue Nic. Biever erop, asw.

An deem Sënn ass et esou, datt een do ka gutt Theater spillen an datt dee Sall gutt ausgeriicht ass, fir Theater ze spillen. Awer net nëmmen. Mir hu jo mat de Veräiner geschwat a mir wäerten och déi Säll esou multifunktionell organiséieren, datt all Veräin da kann een Deel kréien. An et kann een esouguer dat Ganzt eventuell esou gesinn am Zesummenhang mam Presbytère zu Rodange, datt een do och vläicht eppes mécht als Bloc. Dat muss een da kucken. Et ass déi nächst Ekipp, déi dat da muss maachen.

Dat ass dat éischt. Dat zweet ass Rolleng, an do ass et ganz kloer, datt mer do a Richtung – an dat ass och eng Demande gewiescht vum Syndicat d'initiative – fir do eventuell eng nei Kichen dran ze maachen an do dann esou Saachen ze maachen, wou méi an déi Richtung geet vu Kapesëtzungen an esou Saachen. Dat wëll net heeschen, datt net och zu Rodange kann eng Kapesëtzung sinn, mä dee Sall eegent sech dann net esou gutt fir eng Kapesëtzung wéi dee Rollenger, wou eng Kichen, asw. dobäi ass.

Dat heescht, mir maachen do keng Duerfpolitik. Dir sot jo och, mir solle keng maachen, an dofir maache mer och keng. All

Veräi kann an all Sall goen. Esou stelle mir eis dat vir. Dofir, keng Duerfpolitik.

Dir wëllt der awer maachen an dat wonnert mech e bëssen, Här Goergen. Dir sot, déi aarm Rollenger, elo hunn déi keng Barbelfeier. Ma dach, et mengt een, dir wäert dëst Joer net zu Rolleng dobäi gewiescht. Dat war ganz flott an dëst Joer hu mer esouguer e Modell gemaach, dee mir ganz gutt gefall huet. Dat heescht, Rolleng gëtt mat där flotter Zeremonie virum Centre de loisirs valoriséiert. An d'Barbel ass awer trotzdeem an éischter Instanz hei am Süde vum Land. An et ass jo awer d'Minett an deen zweetleschte Stollen, deen zougemaach ginn ass, ass dee vum Doihl. An deen allerleschte war den Thillebierg vum Déifferdeng. Dofir mengen ech, datt mer do net falsch decidéiert hunn.

A beim Virowend vun Nationalfeierdag sinn ech net averstane mat deem, wat dir schreift. Dir sot, et wier ëmmer vill lass gewiescht zu Rodange. Jo, virun 20 Joer wat do mega vill lass, an do si mer ëmmer dohinner gaangen. Mä déi lescht 5 bis 10 Joer war do guer näischt méi lass. Och wa Festivitéite waren, da waren net vill Leit do. Et kann een sech dat iwwerleeën, mä et ass esou.

Hei ginn et och Schwéierpunkten. Firwat hu mer ëmmer den Dag selwer geholl? Well Käerjeng um Virowend eng grouss Feier mécht. An Déifferdeng mécht och eppes. A mir sinn am Kordall a mir wëllen dann deen Dag selwer, op Nationalfeierdag, eppes maachen. An 2023 fält dat ganz flott a mir sinn am Gaangen un engem Programm ze schaffen. An dir wäert gesinn, et gëtt e ganz flotten Dag, wou d'Leit den Dag drop net musse schaffe goen. An dat gëtt bestëmmt ganz schéin.

Dann nach e lescht Wuert zum Wifi. Do hat ech déi leschte Kéier gesot, datt do investéiert gëtt. Do si mer wierklech am Gaangen ze moderniséieren. Do hu mer elo e Sprong gemaach an do gi mer elo topp. Ganz éierlech, do gi mer topp.

An LED-Luuchten an déi Geschichten, maache mer och esou vill wéi méiglech. Op de Fussballterrainen, notamment, an do musse mer jo eng Bestandsopnam maachen. Ech hunn iech jo gesot, datt do eng nei Persoun agestallt ginn ass. An do gi mer an déi Richtung, wou der gesot hutt.

An dann nach e Wuert zu den Elektrobornen. Op der Plaz dohanne solle justement 6 bis 8 esou Bornë kommen. Mir sinn do um richtege Wee.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Haaptsächlech wäert ech Äntwerte ginn op d'Jugend. D'Jugendkriminalitéit. Ech bedaueren natierlech och zudéifst, datt mer vum Ministère nach ëmmer deen ugefrote Streetworker net zougestane kritt hunn. Mir stinn natierlech als Jugendhaus net eleng do, well do sinn nach aner Jugendhaiser aus dem Land, déi och ganz dréngend drop waarden an um nämmlechte Stand si wéi mir. Dofir ass et och scho ganz gutt, wa mer elo direkt – uganks 2023 – de ganze Programm vun eisem Outreacher nach eng Kéier duerchkucken, seng Kontrakter duerchkucken, seng Aarbechtsweis an do eng ganz nei Opstellung maachen, datt mer an deem Kontext eng Hëllef kréien. Well Drogen, haart Drogen an aner Drogen, Alkohol asw., ass nach ëmmer am Gespréich ënnert der Jugend heinidden. An dofir brauche mer och ganz kompetent Personal, dat do mathëlleft fir deem opzehëllefen. Dofir sinn ech och ganz frou, datt d'Evaluatioun vum Ministère fir eist Jugendhaus esou gutt ausgefall ass. Dat hu mer jo och op der leschter Plattform gesinn, datt mer awer trotzdeem gutt geschafft hunn, och wa mer e wéineg Personalausfall haten an net alles zougestane kritt hunn. Mä beim Personal, wat do ass, kënne mer nëmme soen, datt se eng gutt Aarbecht maachen am Sënn vun eiser Jugend.

D'Renovatioun vum Péitenger Jugendhaus wäert ab Januar ugoen an da säi Wee maachen. Natierlech ass Rodange net vergiess. Do si mer am Gaangen zu kucken, wat mer do kënne maachen. Verschidde Sitten hu mer an d'A gefaasst. Mir wëlle jo net vill ze wäit aus dem Zentrum vu Rodange erausgoen, wat net ganz gutt wier fir d'Jugend. Op jiddwer Fall steet en Haus fir Rodange nach ëmmer bei mir ganz héich uewen, datt mer do och nach fir d'Jugend eppes solle maachen.

Dann hutt der d'Crèchen ugeschwat, déi kommerziell Crèchen. Do kënne mir als Gemeng natierlech näischt maachen. Wann eng privat Persoun eng Crèche wëll bei eis an der Gemeng opmaachen an e kritt den Agrément vum Ministère, da muss en no deene Critèrë schaffen. Awer mir sollen dann einfach do versiche mat eise Crèchen a mat eise Maisons relaisen deem Stand ze halen an eise Kanner eng gutt Edukatioun do ze ginn.

Wann ech elo un d'Spillplaze kommen, da ware mir – wann ech un eis Zauberschoul denken – Virreider bei esou enger ganz grousser, flotter Spillplaz. Käerjeng ass elo nogezunn. Ech hunn se och gesinn. Si ass och ganz flott a si ass och ganz schéin. Si ass jo nach ganz nei. Eis ass schonn e wéineg an d'Jore komm, mä erfëllt awer nach ëmmer gutt hiren Déngscht. Mä bei deenen anere Spillplazen, déi dauernd kontrolléiert gi vu Luxcontrol, hu mer nach ëmmer eisen Agrément kritt, well mer ëmmer duerno kucken. Mä, wéi gesot, eis Gemeng ass net riseg grouss. Mir musse kucken, wou mer Plaze fanne fir Spillplazen opzeriichten. An ech hunn et och schonn éinescht gesot, do uewen am Doihl hätt ech nach gären eng grouss Spillplaz, wann deen Hotel do sollt gebaut ginn. A wa mir nach eng aner flott Plaz fannen, da wäerte mer och nach eng schéi Spillplaz dohinner kréien.

De Wifi huet den Här Halsdorf schonn ugeschwat. Et ass och esou, datt mer eis mat de Présidents d'écoles eens gi sinn, wat si fir Informatiksmaterial an de Schoule brauchen. Dat ass op engem gudde Wee. Déi éischt Commandë wäerten erausgoen esoubal dëse Budget gestëmmt ass, fir datt déi dann och kënnen d'nächst Joer a Betrib geholl ginn. Wat do natierlech nach muss sinn, dat ass, datt d'Léierpersonal och muss eng Aleedung kréie fir dat ganzt Material richteg kënnen ze benotzen an eise Kanner och op deem Gebitt dat bäizebréngen, wat eben och vum Ministère gefrot ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech ginn nach eng Kéier kuerz op d'Verkéiersproblematik an, déi dir hei uschwätzt. Effektiv sinn dat doten alleguerten Nationalstroossen, wou mer do schwätzen. Selbstverständlech intervenéiere mer do, mä mir decidéieren net fir déi Saachen. Ech wëll dat awer och ganz kloer hei kloerstellen. Well iwwerall do, wou d'Staue sinn, si mer op den Nationalstroossen.

Beim Sport cibléiert der ganz kloer zwee Veräiner. Ech wëll just soen, datt déi zwee Veräiner eng ronn 750 Jugendlecher betreien. An ech wëll och nach eng Kéier ganz kloer soen, datt et net d'Politik vum Schäfferot ass, fir sech an d'Autonomie vun de Veräiner anzemëschen.

Zum Schluss sot der, Jo, ech si mat iech d'accord, datt mer solle bis 2030 klimaneutral sinn. Ech mengen, mir schaffen alleguerten dorunner. Ech wëll awer just soen, datt mer och ënnert der LSAP-Hand eng zweet Zertifikatioun kritt hunn. A wann een sech wëll als Booster dohinnerstellen, da soll an da muss een äifreg matschaffen. Ech mengen dir sidd Member vum Klima-Team, a wann ech gutt an Erënnerung hunn, da waart der méi oft net do wéi der do waart.

Et läit natierlech op der Hand, datt ee verschidde Meenungen huet an sech net just Frënn doduerch mécht, wéi der virdru gesot hutt. Voilà, dat wier dat, wat ech dozou ze soen hätt.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech wollt iech dräi Merci soe fir d'Äntwerten an ech wollt dem Här Mertzig awer soen, datt ech bei zwee vun dräi Klima-Teamen dobäi war. Dee leschte war ech effektiv net dobäi. Et ass awer och esou, datt an deem Klima-Team, wéi en am Moment opgestallt ass, ech net wierklech zouversiichtlech sinn, datt do nei Propose sollen erauskommen. Well e Klima-Team hei an der Gemeng anescht opgestallt ass wéi an deenen anere Gemengen. An deenen anere Gemengen ass et e Format vu Biergerbedeelegung. Dat heescht, do sinn et esou vill Bierger, déi matmaachen, déi konkret Iddien erabréngen, an hei ass et éischter e Fall, datt d'Gemengerotsmemberen sech nach eng Kéier gesinn, fir nach eng Kéier dat d'selwecht ze diskutéiere wat een och kéint am Gemengerot diskutéieren.

An dofir, vum Format hir, wann ee gären e bessert Resultat vum Klima-Team hätt, ee gäre méi Ëmweltpolitik hätt, da muss een och higoen an dem Bierger méi Méiglechkeete gi fir sech mat ze engagéieren. Well soss kënnt een do nämlech net virun. Well wann de Gemengerot ëmmer nëmmen déi selwecht Iddien deelt, am selwechte Krees, dann dréint een sech och nëmme just am Krees.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech sinn do net ganz ärer Meenung. Ech mengen, mir hunn hei ganz vill Leit, déi dat Thema Klima a Klimapakt interesséiert. Et war eis awer wichteg, datt emol all Partei do vertruede wier an datt jidderee säi Pefferkär kann do bäileeën. An ech wëll dann och nach eng Kéier hei rappelléieren, datt mir en Opruff gemaach hu fir eis Bierger, an et huet ganz genee eng Persoun sech gemellt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wëll, ier ech zu de Froen a Punkten zum Budget kommen, mengem Parteikolleeg Romain Becker alles Guddes no senger Operatioun wënschen an hoffen, datt mer geschwënn erëm zesummen hei kënne sëtzen. Ech wëll och dem Gemenge-personal Merci soen, déi bei dësem Budget matgeschafft hunn.

Säit 2017 hu mir zesumme mat iech vill Decisioune geholl oder gestëmmt, déi ë.a. och vun eis an de leschte Budgete gefrot goufen. Net ëmmer sinn eis Iddien ugeholl ginn, awer ech géif soen, datt mer trotzdeem ënner gudde Konditiounen zesumme geschafft hunn.

Dofir hätt ech och haut zu verschidde Punkte Froen un iech ze riichten a verschidden Iddie mat anzebanne fir d'Zukunft vun eiser Gemeng an eise Bierger.

Zu Rolleng soll op 5, rue de la Fontaine, wou d'Gemeng e Bauerenhaff kaf huet, eng Brasserie, Commerce an ee Musée entstoen. Hätt een do net och eppes fir eis Jugend kéinte maachen, well et schwätzt een ëmmer nëmme vu Rodange a vu Péiteng. Do hätt een och kënnen e Jugendhaus mat abannen. Kënnt dir mer soen, wou d'Leit do spéiderhi solle parken, wann do e Commerce oder eng Brasserie entsteet?

D'JuFa-Hotel soll jo och elo ugefaange gi mat bauen, wann d'Baugeneemegung vum Buergermeeschter ënnerschriwwe gëtt. Hätt dir net kéinten eng Informatiounsversammlung maachen, wou d'Awunner vu Rodange a speziell déi aus dem Doihl weider Detailer kritt hätten? Och e Wellness soll dohinner kommen, deen 2013 scho sollt 5 Millioune kaschten. Vu wat fir engem Präis schwätze mer dann elo 2022, nodeems jo alles méi deier gouf, wéi mir jo bei verschidde Projeten, wéi zum Beispill d'Maison relais an d'Museksschoul, déi de Moment am Gaange si gebaut ze ginn, héieren hunn.

Wann ee kuckt, wéi de Plang vum Wellness an Hotel ausgesäit, géif den aktuelle Parking 2 vum PiKo, wou am Summer vill Leit an der Schwämm sinn, ewechgeholl ginn. Kënnt dir mir soen, wou déi Leit da spéiderhi parke ginn, déi do an d'Schwämm kommen?

Vun der Tribün vum ale Racingsterrain gëtt net geschwat. Gëtt déi deemnächst net erneiert?

Projet de réaménagement zone verte, impasse rue de la Fontaine Rodange: Do soll een Espace, e klenge Park, definitiv realiséiert gi fir 138.000 Euro. Firwat kënnt dir net och bei esou Projete kucken, eppes fir déi Leit ze maache mat engem Hond, wou een zum Beispill de Park géif clôturéieren, wou se hiren Hond lafe kéinte loossen, mat Poubellen an Hondstuten dran? Mir hätten an der Gemeng jo sécherlech och nach aner Plazen an Terrainen, déi eis gehéieren a wou een dat kéint realiséieren. D'Hondsterraine sinn an dësem Fall net d'Léisung, well déi net fir jiddereen zu all Moment zougänglech sinn.

Wann ab Januar bis zu 50 Kanner am Centre Bim Diederich iwwert d'Mëttesstonn solle betreit ginn, a wéi enge Raimlechkeete soll dat sinn a ginn d'Elteren am Virfeld doriwwer informéiert?

Fir an der rue de l'Eglise zu Péiteng sti 50.000 Euro am Budget. Do soll 2024 ugefaange gi mam Stat. Kënnt dir net awer éischter dofir suergen, datt d'Foussgängersträifen adaptéiert gi fir Leit mat engem Rollstull oder enger Poussette, a vläicht esouguer eng Zone 30 do aféieren, well jo do eng Schoul an een Altersheem an där Strooss sinn?

D'Place Kennedy soll bal fäerdeg sinn. Kënnt dir eis soen, wou déi speziell Bänken hikomm sinn?

Beim Tornado-Denkmal stinn am Moment Clôturë vun der Gemeng ronderëm. Kënnt dir do vläicht eppes méi Schéines hi maache fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren?

D'Rodanger Plaz nieft der Kierch am Presbytère an d'Maartplaz zu Péiteng kréien en neit Gesiicht. Ech hoffen, dass dann, wéi den Här Halsdorf gesot huet, méi Gréngs dohinner kënnt. Well op der Place Kennedy zu Péiteng an zu Rodange virun der Kierch an dem Centre culturel kann ee jo net dovunner schwätzen. Ausser iwwerall Bullen, well d'Leit sech net un d'Parkreegelen halen.

D'Maartplaz zu Péiteng kritt nei Plaze fir Elektroautoen a Véloen. Wéi gesäit et aus mat Locatiounsvéloen an eiser Gemeng, wéi zum Beispill Vél'oh an der Stad oder VelOk zu Esch?

Gëtt hannert dem Gebai A Rousen näischt erneiert?

Kënnt dir eis zu der Véloswäschanlag soen, wou déi strategesch Plaze sollen hikommen?

Déi 3 Parzellen am PED solle mat Betriber besat ginn, eventuell och aus der Gemeng. Kënnt dir eis soen, wéi eng dat sinn?

Am Viraus soen ech iech Merci fir är Äntwerten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op zwee Punkten agoen, wou der ugeschwat hutt. Zu Rolleng, 5, rue de la Fontaine, ass dee Bauerenhaff an ech ka mech erënneren, datt mer dee kaf hunn an datt mer als Zilsetzung hei am Gemengerot beim Kaf festgehalen hunn, datt et eigentlech soll dénge fir den Duerfkär erëm ze beliewen. Do mengen ech, ass déi Iddi fir e Commerce, Brasserie an eventuell dann e Musée sécherlech besser wéi e Jugendhaus, wat haaptsächlech daagsiwwer zou ass an owes fonctionéiert. Et ass awer näischt ausgeschloss, datt een net vläicht déi eng oder aner Raimlechkeet och fir d'Jugend kann do notzen. Do si mer nach méi wäit ewech vun enger definitiver Decisioun. Déi

gëtt jo hei am Gemengerot geholl. Mä ech géif awer mengen, datt mer grad jo soen, datt am Duerf zu Rolleng bal kee Commerce méi ass, quasi kee Liewe méi ass, datt eng Brasserie a Commercë vläicht dat Bescht wier, fir datt mer erëm e bësse méi Liewen an dat Duerf do kréien.

An dir hutt gefrot, wéi et mam Parken ass. An enger éischter Phas muss ee soen, datt jo och e PAP an der Prozedur ass, fir den Terrain hannert dem Bauerenhaff och ze beliewen. An do hu mer am Kader vun deem PAP ganz genee virgesinn, datt mer do och e Fousswee, an nëmmen ee Fousswee iwwert deen Terrain do wëllen amenagéieren. Esou datt een eigentlech zu Fouss vum Parking niewent der Schoul Tëtelbierg iwwert dee klenge Wee do ka goe bis an d'Groussgaass, an dann eriwwer an dann ass een um Site vum Bauerenhaff. Dat sinn natierlech e puer Meter ze goen, dat si mer eis bewosst. Et kann och sinn, datt déi Parkplazen am Zentrum niewent der Schoul net duer ginn, a wann dat heiten sech realiséiert an ee gesäit, wat fir eng Besoinen do bestinn, ob een do net nach kann nobesseren. Direkt beim Bauerenhaff nobessere gesinn ech net. Do misste mer schonn Haiser opkafen an déi ewechrappen, fir kënnen do eppes ze maachen. Mä ech géif soen, déi Solutioun, déi do an enger éischter Phas ugeduecht ass, ass op jiddwer Fall eng Solutioun. Mir hunn eis déi Gedanke gemaach. Wéi gesot, wa mer do Leit hibréngen, wa mer do e Restaurant hibréngen, wa mer do Commercen hibéngen, da brauche mer och Plaz, wou d'Leit kënne parken. An dat ass an der Iddi hei ganz kloer déi Parkplaz niewent der Tëtelbierg-Schoul.

Wat elo de Volet vum Hotel ubelaangt, do sot der, dir hätt gären Informatiounsversammlunge gehat. Ech muss iech soen, et waren der eigentlech an deem Kontext schonn zwou. An dat all Kéiers am Kader vun der Modifikatioun vum PAG an duerno vum PAG selwer, wou dee Punkt jo all Kéiers dann och nach eng Kéier indirekt, respektiv déi éischte Kéier esouguer direkt um Ordre du jour stoung. Do waren Informatiouns-versammlungen. Do war eng Informatiounsversammlung, wou ganz genee gesot ginn ass, firwat datt déi Ëmklasséierung do géif stattfannen an do ass «dès le départ» rieds gaange vun engem Hotel, wat op déi Plaz do sollt kommen. Wann haut ee seet, e wéisst nach net, datt do en Hotel soll hikommen, da wunnt en héchstens e puer Méint hei an der Gemeng oder en huet sech ni fir eppes interesséiert. Et kann een elo net soen, datt déi Informatiounspolitik net stattfonnt hätt. Déi huet do stattfonnt. Do war eng Consultatioun. Do war schonn zu deem Zäitpunkt d'Méiglechkeet fir ze intervenéieren am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG an de Joren 2013/2014. An et war dunn nach eng Kéier eng Méiglechkeet fir ze intervenéieren am Kader vun der ganzer Refonte vum PAG am Joer 2017. An «en plus», wéi mer hei am Gemengerot decidéiert hu fir den Droit de superficie deene Leit zur Verfügung ze stelle fir dat Hotel ze bauen, war erëm eng Kéier en Aushang an do hätt een nach erëm eng Kéier kéinten intervenéieren a seng Kommentaren oder Bedenken dozou äusseren. An a kengem Fall – bei deenen 3 Consultatiouns-méiglechkeeten – huet iergendwéi ee gesot, datt en e Problem domadder hätt. Net ee vun eise Biergerinnen a Bierger. Dat heescht, wa mer elo haut am Nachhinein kommen, dann ass dat e bësse spéit fir dat ze maachen. An ech bleiwen nach ëmmer dobäi, an dat ass meng perséinlech Meenung an och déi vum Schäfferot, a wann ech e bëssen déi Interventiounen hei, déi elo komm sinn an déi nach kommen, héieren, da gesinn ech awer, datt nach ëmmer de Gros vun de Leit aus dem Gemengerot hannert deem Projet steet. Wann awer elo haut nach Leit op eemol erwächen a mengen, et wier awer net gutt, da kommen se awer a mengen Aen e bëssen ze spéit.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wëll nach zousätzlech dozou soen, datt wa mer elo dee Beräich mat Wellness maachen, dëse sécherlech an de Gemengerot kënnt an da gesi mer, wat dat kascht. Do sinn Zomme gesot ginn, ouni datt d'Pläng do waren, asw.

Et gëtt elo eng Iddi, wéi et kann ausgesinn an elo gëtt et chiffréiert. Dat dauert nach e puer Méint an da gesi mer an da kënne mer weider driwwer diskutéieren. An dat soll jo och eng Installatioun ginn, déi och fir d'Bierger aus eiser Gemeng soll sinn an net fir den Hotel. Et gëtt duerno och eng Plus-value fir den Hotel, well si et och kënnen duerno benotzen, mä et soll och eng Plus-value sinn zu eiser Schwämm, wou mer dann e Komplex hunn, mat enger Schwämm, mat engem Wellnessberäich a mat engem Hotel dobäi. An dat kréie mer jo nach ze diskutéieren an engem nächste Gemengerot. Am Fréijoer 2023 wäerte mer iwwert déi Saachen hei diskutéieren.

Da schwätzt der vun der rue de l'Eglise zu Péiteng. Dat ass jo och eng Nationalstrooss an do ware schonn informell Gespréicher vun eisem techneschen Service mat de Ponts et Chaussées. An déi sinn averstane fir déi Strooss méi gréng ze maachen an e bëssen esou ze maachen, datt se urbanistesch opgewäert gëtt. An an deem Kontext, well dat jo dann 2024/2025 wäert ugoe well dee Projet jo elo ausgeschafft gëtt, ass et awer esou, datt mer ënnen dee Foussgänger, dee bei der Kierch virgesinn ass, direkt bei der Sortie vum Altersheem, frësch gemaach gëtt. An et war net méi spéit wéi dee leschte Freideg am Schäfferot, wou mer déi definitiv Decisioun geholl hu fir dat elo direkt ze maachen. D'Pläng si fäerdeg an ech kann iech déi duerno weisen an da gesitt der, datt dat ganz flott gëtt. An dat maache mer elo, obscho mer wëssen, datt mer duerno déi Strooss eng Kéier ganz frësch maachen.

Bei der Rodanger Plaz, nieft der Kierch beim Presbytère, hu mer jo gesot, datt mer versiche fir méi Gréngs dohinner ze kréien. An dat wäert och esou geschéien.

Bei der Plaz virun der Gemeng war den Haaptgrond, firwat datt hei net méi Gréngs hikomm ass, deen, datt déi Plaz virun der Gemeng eng Plaz muss ginn, wou mer kënnen en Zelt opriichten, wou mer kënne Festivitéite maachen. An doduerch war et leider ausgeschloss fir do Gréngflächen ze maachen. Mä mir hunn all déi aner Gréngfläche ronderëm erhalen an esouguer deelweis ausgebaut. Dat heescht, d'Plaz huet elo vill méi eng schéi Vue. Wann een elo laanscht geet, da gesäit ee schéin an de Park eran, déi eng an déi aner Säit. Ech mengen, mir hunn hei net zoubetonéiert. Mir hunn de Status quo gehalen an hunn d'Plaz anescht amenagéiert fir se kënnen aneschters ze benotzen.

Bei de Plaze vir Elektroautoen op der Maartplaz zu Péiteng ass virgesinn, datt et fir 6 oder 8 Elektroautoe wäert sinn. Da sinn op de Pläng och Vëlosstänneren, asw., virgesinn. An hei hannert der Gemeng kënnt dat selwecht. Dat ass dat eenzegt, wat nach hei feelt. Hannert d'Gemengenhaus kommen nach Méiglechkeete fir d'Vëloen ze parken, asw.

A Rousen ass jo d'Iddi déi, an dat ass och déi nächst Ekipp, déi dat muss maachen, fir eng Kéier e Park ze maachen. Do gëtt net vill gebaut. Do gëtt e Park higemaach, wou d'Leit sech kënnen erhuele goen, wou se eng Gréngfläch kréien. An dat gëtt schéin. Wann een do alles schéi gréng mécht hannert Rousen, da gëtt dat ee ganz, ganz flotte Site, dee menger Meenung no och wäert vun de Bierger geschat ginn.

Fir d'Vëloswäschanlag wäerten zwou Plaze virgesi ginn. Déi Plaze sinn nach net präzis, well een nach muss kucken, wéi et mat den Infrastrukturen op der Plaz ass. Mir brauche jo Waasser, Stroum an Ofwaasser. An do ass dann d'Iddi, entweder bei der Sportshal Bim Diederich oder am Eck vun der Skatepist. An déi aner soll am Doihl entstoen, wann d'Leit emol mam Vëlo do fueren, datt si en do kënne wäschen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Scheuer huet jo haaptsächlech gefrot, wéi et mat de Projeten ass, wat de Budget ubelaangt vun der Maison relais oder der Museksschoul, déi de Moment am Bau sinn. Do hänke mer natierlech. Et ass jo gewosst, datt wa mer ugefaangen hu mat engem Devis wou mer déi Bauten hei gestëmmt hunn, tëscht 14 Millioune fir d'Maison relais an 21 Millioune fir d'Museksschoul, dass mer 20-25% de Moment Méiausgaben hunn. Mir wëssen natierlech net, wéi wäit d'Präisser nach steige wäerten a wéi mer d'Material erbäi kréien. Mir hoffen op jiddwer Fall, datt iergendwann dat Ganzt erëm an normal Bunne verleeft. Mä mir mussen eis de Moment einfach deem füge wat de Maart hiergëtt. Méi kënne mer och net maachen, well mir wëllen och déi Bauten elo net stoppen. Fir d'éischt, d'Maison relais scho guer net, well esou vill Kanner op der Waardelëscht stinn, a fir d'zweet, well mer mat der Museksschoul och esou wäit fortgeschratt sinn, datt mer esou ee Bau, deen esou am Réibau ass, och musse weiderféieren.

Op jiddwer Fall, an nächster Zäit, wann elo nach weider Ausgabe kommen an dir wéilt dat och gäre wëssen, da kënne mer iech dat och ganz genee ausrechne loosse vun eisen Ingenieuren an Architekten, fir ze kucken, wou mer de Moment sinn. Mä, wéi gesot, fir de Moment ass et nach e risegt grousst Fragezeechen, well mer nach net wësse wéi d'Präisser weider klamme wäerten.

Dann hätt der gäre gewosst, ab Januar, fir d'Raimlechkeeten am Centre Bim Diederich. Do ass et esou, wann der an d'Gebai erakommt, da war direkt lénkser Hand e grousse Raum, deen ëmmer eidel stoung. An do sollen d'Kanner erakommen. Wéi gesot, déi zoustänneg Perséinlechkeete vum Ministère waren hei an hunn sech et ugekuckt an hu mat eis geschwat. Et sinn e puer Klengegkeeten, déi mer nach mussen änneren. An ech hoffen, datt dat och elo säi Wee geet, esou séier wéi méiglech, an datt mer déi Kanner do kënnen erakréien, déi da mëttes solle betreit ginn. Selbstverständlech ginn d'Elteren am Virfeld informéiert. Do sinn der schonn, déi ganz laang drop waarde fir eng Plaz an der Maison relais ze kréien, oder iwwert d'Mëttesstonn eng Plaz ze kréien, a mir hoffen och, datt mer esou schnell wéi méiglech deenen Eltere kënnen déi Satisfaktioun ginn, datt mer fir hir Kanner eng Plaz hunn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir stellt eng Fro zu der Tribün vum Racingsterrain. Et géif net dovunner geschwat ginn an ob se deemnächst erneiert géif ginn. Ech gesinn dat net als Tribün un. Ech gesinn dat nach ëmmer als Gradin un. Do muss een an deem ganze Kontext kucken, wat an deem ganze Quartier do geschitt. Eppes ass emol sécher, déi Infrastrukture ginn net méi enger moderner Sportswelt gerecht. Ech mengen, déi bestinn och elo mëttlerweil iwwer 60 Joer an och energeetesch muss een do noleeën. An do mengen ech, wann der an der nächster Ekipp dobäi wieren, déi dem Sport gutt gesënnt sinn, da soll een dat an engem nächste Plan pluriannuel virgesinn an dann och déi ganz Infrastrukturen, wat d'Vestiairen ugeet, op de Leescht huelen an déi Saach och energeetesch verbesseren.

Den Impasse Rongveaux gëtt effektiv e klenge Park, wou net virgesinn ass fir esou ee Beräich ze maache fir Hënn, wou en Zonk ronderëm ass. Dat hu mer op anere Plazen och net gewollt. Dat war op jiddwer Fall an dësem Schäfferot net gewollt, well och zemools am Summer, wann d'Leit net disziplinéiert sinn, een dann Hondstoiletten huet an et dann do sténkt. An da beschwéieren sech d'Leit, well Kaméidi do ass.

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, wat ech och ëmmer virdru betount hunn, datt mer 2 Hondsveräiner mat Hondsterrainen hei an der Gemeng hunn an d'Leit sollen sech och un déi wenden.

Wat d'Hondstuten ugeet, fir opzerafen, esou war dat och scho bei beschwat ginn. Do hate mer effektiv Problemer, fir Tuten ze fanne fir an eis Apparater. Ech wëll awer hei och nach eng Kéier betounen, datt een en anere Genre vun Tuten, déi leider net an dee Kader passe well mer déi richteg net geliwwert kréien, kann am Service écologique gratis ewechhuelen.

Bei der Locatioun vu Vëloe si mer am Gaangen eis Gedanken ze maachen. Och do widderhuelen ech mech a menger Ausso, datt et fir d'éischt wichteg ass, datt mer eis Infrastrukture schafen. Eis Infrastrukture ginn net just um Terrain vum Grand-Duché hei geschaf, mä mir sinn do mat Projets transfrontaliers am Gaangen. An do solle mer kucken – wa mer eis Infrastrukturen hunn – dass mer kënnen e System fannen, dee kompatibel ass, fir wa mer och iwwert d'Grenz eraus ginn. Net datt mer duerno eppes hunn, wann déi Leit eriwwerkommen, wou se net kënnen oplueden oder ëmgedréint, mir och net bei hinne kënnen oplueden.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt just der Madamm Conter nach eppes soen. Ech wollt net eng Maison relais oder eng Museksschoul stoppen, datt déi net solle gebaut ginn. Et hat dat just als Beispill ginn, wou elo e Surplus vu Käschte kommen, well duerch de Krich asw. alles méi deier géif ginn. Mir haten deemools scho vu 5 Millioune geschwat fir e Wellness ze bauen, wat do géif op eis duerkommen a wat et géif weider kaschten. Ech wollt elo net eng Museksschoul oder eng Maison relais stoppen an datt déi net soll wieder gebaut ginn. Ech wollt dat just als Beispill ginn, wat dat elo schonn als Surplus kascht. Et war net elo geduecht, datt ech wéilt soen, mir sollen dat stoppen.

Bei der Tribün vum Racingsterrain hat ech éischter un den Daach geduecht an datt een do eppes kéint maachen. Et ass net, datt ech wëll eng nei Tribün do kréien, mä wann een den aktuellen Daach do kuckt, da weess ech net, ob deen der Sécherheet vun de Leit nach entsprécht an ob dat hautdesdaags nach gutt ass fir drënner ze stoen.

Den Här Halsdorf huet gesot, datt de Foussgängersträife vun der Kierch eriwwer bei d'Schoul géif erneiert ginn. Warscheinlech hat der dee gemengt, wou d'Luuchten elo sinn. Mä ech hat deen ënne gemengt, dee beim Altersheem selwer ass an eriwwer op d'Place de la Libération geet.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass vun deem, wou ech geschwat hat. Et ass deen ënne beim Altersheem, deen nei gemaach gëtt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech soen iech da Merci fir d'Informatioun. Et ass och eng ganz flott Saach. Well wann ee gesäit, wéi d'Leit do eriwwer ginn, déi am Altersheem schaffen an och déi Leit, déi vun der Liberatiounsplaz komme fir an d'Altersheem ze goen, da misst een heiansdo bal stoe bleiwen – wann ee mam Auto do steet fir se eriwwer ze loossen – fir hinnen ze hëllefen, datt se mam Rollstull den Trottoir eropkommen.

Déi aner Saach ass, den Här Mertzig huet dat elo gesot vun den Hondstuten. Ech wollt dat elo net erëm uschwätzen. Dat war net mäin Uleies, datt ech iech wollt eng Remark maachen, datt déi Tuten nach net an den Apparater sinn. Dir hat eis dat jo schonn erkläert, datt déi Tute momentan net an déi Poubellë passen.

Dir sot ëmmer, datt een den Hondsveräin soll uschwätze fir op den Hondsterrain ze goen. Mä dat hei ass eng aner Saach, eng aner Vue. Wann der kuckt, wéivill Leit mat engem Hond trëppele ginn, déi och mueres fréi, ier se schaffe ginn, oder um Wee fir bei d'Schoul mam Hond trëppel ginn, da wieren se frou, wann se eng Wiss hätten, wou se hiren Hond kéinte lafe

loossen. An wann een emol am Ausland kuckt, wéi déi Wisen ausgesinn, esou sinn déi esou amenagéiert, dass d'Hënn dobanne kënne lafen, d'Leit kënne matenee schwätzen, an d'Leit aus dem Quartier géifen sech emol erëm kenneléieren. Et ass net nëmme geduecht, datt een den Hond do eraus léisst, fir datt e sech do propper mécht, mä et ass am allgemenge geduecht, datt de Quartier anescht och an deem Sënn opgewäert gëtt, datt d'Leit kënnen zesummekommen, hiren Hond lafe loossen an datt den Hond net bei anerer op den Terrain leeft fir eppes ze maachen. Et ass net geduecht, datt den Hond do säi Besoin mécht. Den Hondsterrain ass normalerweis geduecht, fir mat sengem Hond ze trainéieren oder datt den Hond gezillt gëtt. An dat ass eppes aneschters wéi dat, wat ech elo geduecht hu fir en Terrain ze amenagéiere fir mat engem Hond dohinner ze goen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Net nëmmen. Ech mengen, jiddereen huet seng Vue. Wéi gesot, wa mer an engem Quartier ufänken där Hondswisen ze maachen, da maache mer se duerno iwwerall. An dat war bis elo net eis Politik. Ech sinn awer och der Meenung, datt mer grad op deenen dote Plazen – mir haten och schonn zu Rolleng d'Diskussioun – ganz no am Noerhuelungsgebitt sinn, wou d'Leit super Méiglechkeeten hu fir mat hirem Hond spadséieren ze goen. Dir hutt vläicht eng aner Vue do drop. Mä dat ass op jiddwer Fall eis Meenung.

Wat d'Luuchten zu Rodange ugeet, effektiv fonctionéieren se. D'Chantiersluuchte gi momentan awer net, dat heescht, si si just op Warnsystem agestallt. Am Prinzip hunn se mer gesot, wann déi fonctionéieren, da ginn déi aner ausgeschalt oder si missten u sech ausgeschalt sinn.

A wat den Accès effektiv vun der Tribün, respektiv de Gradinen ugeet, wann een den normale Wee do geet, ass d'Dier do zou fir drop ze kommen, esou datt et am Prinzip verbueden ass fir do drop ze goen. A mir mussen och hei wëssen, datt et sech hei just ëm een Trainingsterrain handelt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt just dem Här Mellina nach eppes soen. Ech sinn net géint de Projet vum JuFa-Hotel an de Projet vum Wellness. Dir wësst jo och, datt momentan Leit am Gaange sinn eppes dogéint ze ënnerhuelen, datt esou eppes dohinner kënnt. Meng Fro war éischter déi: De Wellness kënnt jo dohinner, wou de Parking PiKo 2 war.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Deelweis.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Do stoungen awer am Summer vill Auto vu Leit, déi an d'Schwämm gaange sinn. A mir wësse jo selwer, datt am Doihl net vill Plaz ass fir ze parken. Da misst een sech och vläicht Gedanke maachen, wou een nach Parkraum kéint schafen, oder datt am Summer – wa vill Leit do sinn – eng Navette géif fonctionéieren, mat där d'Leit dann an d'Schwämm kommen, an een esou d'Leit anescht géif opfänken. Dat war mäin Uleies. Et war net geduecht, datt ech géint dee Projet vum Hotel sinn. Ech mengen, den Hotel mécht scho Sënn, an en Hotel an en Hotel sinn ëmmer zweeërlee. Dat hei ass e Jugendhotel, dat ass en anere System wéi deen Hotel, dee mer schonn an der Gemeng hunn oder wéi mer der ronderëm hunn. Dat ass en aneren Opbau vun Hotel wéi dat, wat dohinner sollt kommen. Mir waren dat jo selwer an d'Ausland kucken a mir hu selwer gesinn, wéi dat fonctionéiert an datt dat gutt fonctionéiert.

OK, mir ginn an eng Natura 2000 eppes bauen, mä ech mengen, et mécht Sënn. Mir hate jo déi Leit vun JuFa hei gefrot, firwat et grad dohinner kënnt. Mir hunn eng Schwämm dobäi, mir hunn d'Natur dobäi, mir hunn den Train 1900 dobäi. Et läit vläicht elo net grad ideal, datt ee seet, mir fueren direkt bei den Hotel. Et muss ee schonn den Hotel fannen. Mä ech wëll awer elo net, datt der dat falsch verstitt, datt ech géint deen Hotel wier.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Effektiv verschwënnt duerno en Deel vun deem Parking PiKo 2. Et muss een och wëssen, datt dat eng Wiss ass. Do soll een awer an Zukunft och undenken, datt een um Parking PiKo 1 vläicht e Parking «à étages» mécht, fir dat Ganzt u sech ofzefiederen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech hat dat nach net ugeschwat, well mer nach net esou wäit sinn. Mä datt mer dee Parking maachen, dat schéngt mer kloer ze sinn. Do kann een och iwwert d'Camionnetten nodenken, wann een dee mécht.

Wat ech awer nach wollt soen a wat wichteg ass, dat ass datt och Pläng am Gaange gemaach ze ginn, datt zum Beispill den Hotel net esou héich gëtt, mä en e Meter méi déif gemaach gëtt, fir esou mann ewéi méiglech d'Erscheinungsbild vum Doihl ze beaflossen.

Dir wäert gesinn, datt dat e flotte Projet gëtt.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Lues awer sécher geet dës Legislaturperiod op en Enn, an dësen ass dee leschte Budget, dee mir an deem Kader presentéiert kréien.

Fir d'éischt wëll ech eisem Buergermeeschter, dem Här Mellina, Merci soe fir säi laangjäregt Engagement a seng Gestioun vun eise Gemengefinanzen, duerch déi mer hei an der Gemeng ouni grouss Schold dach vill Projeten ëmsetze konnten. Ma och eis Gemeng bleift vun de ville Krisen an enger Erhéijung vun der Präisdeierecht net verschount.

Mat engem Exedant vun déck 29,6 Millioune Euro hu mir eng stabil Finanzlag. Wa mer weider esou wirtschaften an déi nei Projeten net ze vill an d'Geld schloen, brauche mer wuel an Zukunft keng all ze héich Emprunten opzehuelen. Och vill Projeten aus dem 5-Joresplang sinn aktuell an der Aarbecht oder wäerten 2023 fäerdeg ginn, beispillsweis d'Maison relais zu Rolleng oder och nach d'Museksschoul zu Péiteng. Och gëtt neie Wunnraum geschaf, beispillsweis «A Stacken» zu Rodange mat 39 Unitéiten, déi besonnesch jonke Familien et erméiglече wäerten, sech dauerhaft hei an eiser Gemeng hiert Liewen opzebauen. Net méi spéit wéi de 6. Dezember haten hei d'Dossiere missten dobanne sinn.

Eis Gemeng wiisst, an dofir musse mir alles maache fir heirop virbereet ze sinn. Net just musse mer personell opstocke fir de Besoine vun eise Bierger gerecht ze ginn, ma mir mussen eis Infrastrukturen och ausbauen. Och d'Wuesse vum Gemengerot no de Walen 2023 spigelt de Wuelstand vun eiser Gemeng erëm.

Net méi spéit wéi dee leschte Gemengerot hu mir vill nei Poste gestëmmt. 1,2 Millioune Euro, an domat 53% vun den uerdentlechen Ausgabe weisen dëse wichtege Budgetsposte ganz kloer.

Weider gëtt vill an eis Kanner, Jugendlecher, ma och an d'Senioren investéiert. An där virdru genannte Maison relais zu Rolleng kënnen esou vläicht scho proufweis am Mee Kanner encadréiert ginn. Fir déi nei Maison relais «An Eigent» fänken d'Aarbechten uganks vum nächste Joer un, wann alles gutt geet. De Gemengerot kritt jo och den neie Projet vun der

Päesch-Schoul zu Rodange geschwë virgestallt. Och all eis aner Gebaier musse reegelméisseg op den neiste Stand bruecht ginn.

Och fir déi scho laang gefrote Bëschcrèche ass ee gëeegente Site fonnt ginn, beim Scoutschalet am Doihl. Et ass e schéine Site, matzen an der Natur, an ech hoffen, datt déi 50.000 Euro fir d'Etüde gutt investéiert sinn an dëse Projet séier Realitéit gëtt. Eist Jugendhaus zu Péiteng gëtt jo och mat vill Geld op deen neiste Stand bruecht. Zwar leet de Stat eng Partie bei deene ville Projete bäi, ma d'Gemeng Péiteng, mat der Ënnerstëtzung vum Gemengerot, investéiert vill Suen an hir Jugend, an dat ass gutt a richteg.

Wat eis Senioren ubelaangt, hu mir jo 2 Veräiner, déi och eng Porte ouverte ubidden, fir och deenen eelere Leit e flotten Encadrement ze bidden. D'Amiperas Gemeng Péiteng an d'Amicale vun de Péitenger Senioren hunn zwee Säll zur Verfügung fir d'Leit fir flott Nomëtteger ze empfänken. Ma lues a lues ginn dës Säll ze kleng an et misst een sech Gedanke maache fir nei a besser Raimlechkeete fir si ze fannen.

Mir bedeelegen eis jo och mat vill Geld um Club Senior. Ech fannen, dass eis Péitenger Bierger méi mussen an hir Aktivitéite mat agebonne ginn.

Och de P-Bus ass weiderhin eng Plus-value, fir déi eeler Leit vun A op B ze bréngen.

Sport, Kultur, Tourismus, do investéiert eis Péitenger Gemeng ganz vill. Am Budget sti mat knapp iwwer 4 Milliounen Euro, als 6% vum Budget ordinaire, vill Suen zur Verfügung fir Fräizäitaktivitéite vun eise Bierger ze fërderen. Ech ginn hei net op all eenzel Initiativen an, ma ech wëll awer e puer ervirhiewen.

Eis Tennisfelder sinn erneiert ginn a kréien eng nei Beliichtung. Eis Fussballfelder si relativ um neiste Stand, an och un de Gradinen an der Tribün zu Rodange wäerten d'Aarbechte geschwë fäerdeg sinn.

Eise QT-Center ass och elo fäerdeggestallt ginn a gëtt nei ageweit. Ech hoffe just, dass eist éiwegt Suergekand PiKo endlech erëm kann opgoen, wann dann d'Materialien all mat Zäiten erbäikommen.

Och am Kader vum Centenaire vun der Union Cycliste Péiteng kréie mer eng Etapp vum Tour de Luxembourg an d'Gemeng.

Endlech, no ongeféier 12 Joer kënne mer och de Projet vum Hotel am Doihl ugoen. Hei soll jo e flotte Familljenhotel entstoen, deen net just eis Gemeng wäert beräicheren, ma deen den Tourismus an eiser Gemeng an der ganzer Regioun wäert ënnerstëtzen.

Vill schéi Spadséierweeër féieren duerch eis Gemeng a ginn elo endlech erneiert.

Datt et net ëmmer esou séier virugeet, hänkt net just vun der Gemeng of, ma vu villen aner Faktoren, wéi zum Beispill den Autorisatioune vun den zouständege Ministèren. Elo kann dann awer endlech de Giele Wee laanscht d'Kor fir op d'Péitenger Weieren an d'Rei gesat ginn. 85.000 Euro sinn elo am Budget heivir virgesinn.

De Chaux Four zu Rodange, deen och schonn eng gutt Zäit schleeft, gëtt elo an d'Rei gesat.

Och fir de Projet vum Bauerenhaff am Zentrum vu Rolleng lafen d'Virbereedungen un. Dat gëtt och eng Beräicherung fir d'Rollenger Duerf.

Vill aner Iddie wäerte realiséiert ginn, beispillsweis d'Monument vum Wandjang. Vill verschidden Trames vertes (Weeër fir d'Mobilité douce), déi eis Bierger grenziwwerschreidend verbanne wäerten, esou datt mir den Dräilännereck richteg liewen, gi gemaach. Villes huet eis Gemeng ze bidden.

Infrastrukturen, Stroossen, Parking. Ëmmer erëm mussen d'Infrastrukturen op den neiste Stand bruecht ginn. No de villen Iwwerschwemmunge geet eis Gemeng jo elo och op de Wee, fir e System auszeschaffe fir Iwwerschwemmungs-gebidder ze identifizéieren, änlech wéi dat beim Solarkadaster geschitt ass. De Bréif missten eis Matbierger elo an der Boîte gehat hunn.

Och Foussgängersträife ginn ëmmer op den neiste Stand bruecht. Et freet mech, datt och d'Maragole an d'Nic. Biever zu Rodange elo un d'Rei kommen.

Vill gëtt awer vun eise Matbierger iwwer ze wéineg Parkplaze geklot. Zwee Camionnettëparkinge si jo elo emol geplangt: an der Nidderkuerer Strooss zu Péiteng an an der rue Jos. Moscardo zu Rodange.

Ech begréissen déi nei Panneaue vum Leitsystem, déi d'Leit op Parkingen hiweisen.

Och ginn nei Parkinge geschaaft, beispillsweis zu Rodange bei der Sportshal oder an engem neie Gebai an der Lonkecher Strooss zu Rodange. Ma virun allem dat grousst neit Parkhaus vun der CFL op der Rodanger Gare wäert eis Stroossen entlaaschten, well d'Leit elo hiren Auto hei parke kënnen a bequeem mam ëffentlechen Transport weider op d'Schaff kënne fueren.

Eis Ëmwelt. Ëmmer erëm ginn esouwuel Loft wéi och Planzen hei an der Gemeng op toxesch Belaaschtungen hin iwwerpréift. Duerch de Klimapakt 2 maache mer eist Bescht, fir eise Matbierger eng gutt Liewensqualitéit ze bidden.

Ma villes bleift nach ze maachen. Meng Partei an ech sinn net ëmmer mat allem averstane wat déi aktuell Majoritéit proposéiert. Weider wäert ech dëst konsequent hei zur Sprooch bréngen a verdeedegen. Ech setze mech fir vill nei an innovativ Iddien an.

Besonnesch de Pedibus, deen och elo vum Klimapakt gefrot gëtt, wéilt ech nëmmen allzegären och bei eis an der Gemeng gesinn. Esou ee Pedibus, bei deem Kanner zu Fouss a mat Begleedung vun engem Erwuessenen an d'Schoul kommen, ass nämlech schonn a sëllege Gemengen eng Realitéit, an d'Demande vun den Elteren ass do.

Finanziell sti mer op stabille Féiss, an dat ass gutt esou. Ma grad an eiser gudder Finanzlag sollte mer profitéieren, fir eise Bierger och um kulturelle Plang nach méi ze bidden. D'Kulturjoer, an Esch2022, hunn eis nach eng Kéier virun Ae gefouert, wat alles méiglech ass. Mat enger flotter Kavalkad hate mir eng eenzegaarteg Kontributioun zum Kulturjoer, ma mir sollten no vir kucken an op deene villen, faarwegen a diversen Erfarunge vum Kulturjoer, och aus anere Gemengen, opbauen. De Kulturbudget fält an eiser Gemeng leider éischter schmuel aus.

Mir hunn eng grouss Kulturoffer, dat ass richteg. Ma mir mierken awer och, dass mer net jidderee mat där Offer erreechen. Dat gesäit een och, wa just wéineg Leit op déi ënnerschiddlech Manifestatioune kommen. Si si sécherlech flott, ma se zéien eben net jiddereen un. Vläicht sollte mer doriwwer nodenken, eise Kulturbudget an d'Luucht ze schrauwen a weideren, neien Iddie Plaz ze ginn, eis Offer ze diversifizéieren, an nach méi Konscht a Kultur an eis Gemeng ze bréngen an hir eng Plaz am ëffentleche Raum ze ginn, wou méi Leit kënnen erreecht ginn.

Fir meng Budgetsried ofzeschléissen, géif ech och dëst Joer gären eng Rei Mercie lass ginn. Ech soe villmools Merci eise Mataarbechter, déi un dësem Budget matgeschafft hunn an

dofir gesuergt hunn, datt mer de Budget esou fréi kritt hunn. Allgemeng soen ech all eise Mataarbechter Merci.

Merci all deenen, déi eise Bierger all Dag am Gemengenhaus zur Verfügung stinn.

Merci deenen, déi manner visibel all Dag fir Propretéit a Sécherheet an eiser Gemeng suergen, déi, déi sech ëm eis Infrastruktur këmmeren an déi eis Stroosse propper halen.

Hiert Engagement am Déngscht vun eis an eise Bierger ass immens luewenswäert.

Ech soen dann awer och iech all hei am Gemengerot villmools Merci. Och wa mer net ëmmer enger Meenung sinn, hate mer déi lescht 5 Joer eng ganz flott Zesummenaarbecht, eng gutt Entente, am Respekt vu jidderengem a senge Meenungen. D'Aart a Weis, wéi mer matenee schaffen, ass virbildlech, wa mer eis och emol ukucken, wat aus anere Gemengeréit uechtert d'Land esou ze héieren ass.

Ech droen dee Budget mat, well ech der Meenung sinn, datt e gutt ass, och wann nach villes ze verbessere wier. Esou hunn ech déi lescht Jore geschafft, an esou schaffen ech virun: konstruktiv, an der Saach zougewannt.

Iech an eis wënschen ech schéi Feierdeeg, Fridden, eng schéin Zäit mat äre Léifsten an e gudde Start an een opreegend Joer 2023. Ech soen iech Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen iech Merci fir äre Bäitrag. Besonnesch och dat, wat ech ënnersträiche wëll, dat ass wann een zum Schluss vun enger Mandatsperiod kënnt, déi gutt Zesummenaarbecht tëscht eis alleguerten. A wann dat jiddereen esou gesäit, da mengen ech, hu mer scho ganz vill erreecht. Well jidderee schafft jo am Intressi vun eise Biergerinnen a Bierger.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech deele villes, wat der gesot hutt. An dir hutt och ervirgestrach, datt mer zesummeschaffen an net géinteneen, mä matenee fir eis Bierger. An dat fannen ech exzellent, muss ech éierlech soen.

Dat eenzegt, wou ech mat iech net averstane sinn, ass, datt der schreift «De Kulturbudget fält an eiser Gemeng leider éischter schmuel aus». Dat ass a mengen Aen net richteg an ech erklären iech och firwat. Kuckt emol. D'lescht Joer hu mer den Afterwork gemaach. Déi hate mer ni an do hu mer immens vill Leit gehat. D'lescht Joer hu mer e Food Festival hei am Park gemaach. Dat hate mer ni an dee gëtt elo 2 Deeg gemaach. D'lescht Joer hu mer den MX-Motocross gemaach, dat hate mer och nach net. Mir hu Kino gemaach wärend der Covid-Zäit. Mir hunn de Streampunk. Mir hunn de Rockabilly, wat aner Gemengen net hunn. Mir maachen dëst Joer och fir d'éischt en Hard Rock-Festival. Mir hate jo dëst Joer déi Kopleschter ersat a mir wëllen 2023 och esou eppes als Gemeng maachen. Dat heescht, mir sinn éischter an enger Offensiv. Wou ech d'accord si mat iech, dat ass bei de Concerten. Do si mer vläicht net esou gutt opgestallt. Do erwaarden ech mer awer ganz vill, wa mer bis eis nei Museksschoul hunn. Do kréie mer e Sall an et gëtt deen eenzege Sall hei am Süde vu Lëtzebuerg, wat en oppene Sall ass – wéi een dat nennt. Dat heescht, wou der kënnt klassesch an och aner Musek maachen. Dee Sall wäert eng ganz gutt Akustik kréien an do erwaarden ech mer, datt mer jo méi Saache wäerte kënne maachen. Mä soss kulturell, mengen ech, bidde mer awer an der Gemeng ganz ganz vill. Mir maachen och vill fir eis Veräiner an dat wäerte mer och nach weider maachen.

Mä soss, impeccabel. Ech sinn total mat iech op enger Wellelängt.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Wat ech wollt soen ass, datt all déi Fester sech nëmmen hei am Zentrum vun der Gemeng Péiteng ofspillen. Mir hunn esou vill schéin Sitten. Mir hunn de Site zu Rodange bei der Eil. Dee gëtt nëmmen ee Mol am Joer fir den Televie benotzt. Do kéint een och aner Saache maachen. Vill aner Saachen. Mir hunn den Tëtelbierg, wou mer kéinten – wéi op anere Plazen – e Mëttelalterfest maachen, oder e Maart. Iergend esou Saachen op anere Sitten. Mir hu vill immens flott Saachen hei an der Gemeng, dat ass sécher, mä dat spillt sech ëmmer nëmmen hei am Zentrum of. An ech fannen, mir missten dat och maachen, an dofir hoffen ech, datt mer och de Bauerenhaff zu Rolleng hunn an datt dann do och aner kleng Fester, méi kleng Saache kënne stattfannen a wou mer d'Leit all kënne mat abezéien. Dat war dat, wat ech wollt a meng Iddien erabréngen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech huelen dee Message mat. Et ass sécherlech net falsch, wat der sot. Et ass effektiv ganz konzentréiert op Péiteng, mä mir hunn och zu Rodange zum Beispill den Televie. Dat ass ëmmer e groussen Event.

Mir musse kucken. Ech huelen dee Message do mat an ech wäert dem Service dat soen, datt – wa mer plangen – och déi eng oder aner Saach méi dezentral maachen. Mä déi Plaz hei zu Péiteng hu mer extra esou amenagéiert, datt een op där Plaz eppes ka maachen. An de Park hei, war eng super Iddi. Ech fannen et esou flott hei am Park.

Wéi gesot, et kann een dat och op anere Plaze kucken. Ech huelen déi Suggestioun do mat.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Madamm Berens, dir schwätzt d'Schoulen, d'Maison relaisen, d'Museksschoul, d'Jugendhaus, alles wat mer am Gaange sinn ze baue fir eis Kanner a Jugend, un. Dat kënne mer nëmme mat ënnerstëtzen. Dat si jo och eis Iddien, d'Iddie vun eisem ganze Gemengerot zesummen, well der jo och alleguerten dofir gestëmmt hutt. Ech hoffen och, datt mer villes d'nächst Joer fäerdeg kréien, fir deem entgéint ze kommen, wat eis Eltere froen. An eben och, wat elo ugeschwat ginn ass vun der Museksschoul aus, wat d'Kulturzeen sollt an och muss beräicheren. Natierlech, dee grousse Sall, dee mer kréien, wou mer jo och an d'Ausland kucke ware fir eis e wéineg ze inspiréieren, wat et alles am Ausland do gëtt, an datt mer dee Sall och mat allen technesche Finessen och heihinner kënnen esou bréngen, wéi mir et gären hätten. Fir datt déi Museker, déi Kënschtler, déi mer gären an nächster Zäit hei hätten, och e wéineg eppes aneres erabréngen. E wéineg méi Klassik vläicht an deem Sënn, fir datt mer e gudde Mëttelwee eise Leit hei kënnen offréieren.

Da wëll ech op eis Senioren ze schwätze kommen. Dir hutt d'Senioren ugeschwat. Jo, mir hunn hinne Säll zur Verfügung gestallt. Bei deene Péitenger Senioren hunn ech nach keng Reklamatioun vun hinne fonnt, well anscheinend sinn se awer ganz zefridden do, wou se elo sinn, well se jo schliisslech e ganz neie Sall zur Verfügung hunn, wou se e Lift dran hunn. Et sinn natierlech och elo vläicht méi Leit, déi dohinner ginn. Well et ass méi nei, et ass méi flott. Et kann och sinn, datt et an nächster Zäit vläicht e wéineg enk gëtt, well méi Leit dohinner ginn, och vläicht zu Rodange, wat d'Amiperas ubelaangt. Et wier net schlecht, fir ee Mol driwwer nozedenken, wou mer eis Senioren alleguerten zesumme kéinten an e flott Haus erabréngen, datt se sech kéinte gesinn. Esou wéi dat zu Déifferdeng am Club Senior de Moment de Fall ass an deen och schonn ze kleng ass. Well do gëtt jo och no neie Méiglechkeete gesicht. Mä eise Péitenger Leit, mengen ech, kënnt de Club Senior awer deementspriechend entgéint, dass mer och schonn de P-Bus dohinner schécken.

Wann eis Péitenger Leit wëllen Aktivitéiten am Club Senior zu Déifferdeng matmaachen, da kënnen se op de P-Bus zeréckgräifen, fir déi, déi net mobil sinn. Dat ass hinne jo och ugebuede ginn, si wëssen et, mä mir kënnen se net forcéiere fir dohinner ze goe wann se net wëllen dohinner goen.

Ech géing awer mengen, dass dat och ee flotte Wee wier, dass se géingen de P-Bus huelen. Well e fiert dohinner. Si brauchen nëmmen unzeruffen an da ginn se ofgeholl an duerno erëm zeréckbruecht, bei hir Dier. Ech mengen, dat ass jo awer eng ganz flott Alternativ.

Da kommen ech op de Pedibus ze schwätzen. De Pedibus steet fir vill Leit nach ëmmer ganz héich uewen op der éischter Linn. Mä do ass et esou, datt e gelungenerweis vun den Eltere gefrot gëtt, mä et ass awer kee vun deenen Elteren, déi e froen, déi zu Fouss mat de Kanner géife goen. Dat ass de grousse Problem. Mir hunn et schonn e puer Mol ugeschwat, mir haten et schonn an der Schoulkommissioun, mir haten et schonn an aner Kommissiounen. Mir haten, wéi gesot, och emol eng Damm, déi géing goen. Mä an der Tëschenzäit näischt méi. Et kënnt ëmmer erëm. An dann, wa mer soen, mir brauchen eng Versécherung, mir brauche Leit, déi ginn, mir brauche Leit, déi och asprange wann ee krank ass oder a Congé wëll goen, mir sinn eng grouss Gemeng, mir hu 7 Schoulgebaier, wien geet wou? Vu wou wëllen se goen? Wie wëll goen? Et ass net, wéi wa mer e klengt Duerf wieren, wou se bei der Kierchplaz ofgeholl ginn an da just bis an d'Schoul gefouert ginn.

Mir hunn eise Bussen, déi fueren, mat eisem Ramassage scolaire, wou mer jo och Leit hunn, déi d'Kanner betreien. Natierlech ginn se net zu Fouss, well se op mannst 300 Meter vun der Schoul ewech wunnen. Mä wien kéinte mer kréien, fir d'Kanner ze féieren a vu wou? Ech soe jo ëmmer, mir hunn eng Elterevereenegung, déi jo och schonn duerno gefrot huet, a wann se eis emol géingen e Konzept dohinner leeën, wat eis emol Eltere géinge bréngen, déi och emol gewëllt wiere fir ze goen, an emol e ganze Plang géinge bréngen, da kéinte mer emol eppes op d'Been setzen.

Mä esou laang dat net de Fall ass, deet et mer leed. Mir hu schonn esou vill doriwwer geschwat an esou vill Stonnen doriwwer verbruecht an et huet nach ëmmer näischt bruecht.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Mä et geet jo net drëm, fir datt eng Elterevereenegung dat organiséiert. Zu Suessem an der Gemeng ass et och d'Gemeng, déi dat organiséiert. Well déi Leit gi jo och vun der Gemeng remuneréiert. An déi Leit maachen och ënnert sech e Plang aus. Well ech kennen eng Persoun, déi dat mécht, an dofir weess ech, wéi et zu Suessem fonctionéiert. An d'Suessemer Gemeng huet jo och net nëmmen eleng Suessem. Si hunn och Zolwer, Bieles, Suessem. An anere Gemenge klappt et jo och. Mä et muss een dat da vläicht nach eng Kéier konkret uschwätzen, wat dat ass a wéi et soll gehandhaabt ginn. Vläicht hu mer da Leit, déi sech da mellen. Et ass kee méi, deen eppes fir näischt mécht, dat ass sécher. Datt d'Leit musse verséchert sinn, dat ass sécher. Datt d'Leit an de Congé ginn oder emol krank ginn, ass sécher. Mä dat maachen déi Leit zum Beispill och ënnert sech aus. Wann een eng Kéier net ka goen, da ruffen si sech een deen aneren un a froen, ob net een anere kann asprangen. Mä et ass net eleng un enger Elterevereenegung, fir dat op d'Been ze stellen. Well an der Suessemer Gemeng huet, mengen ech, dat d'Gemeng selwer gemaach.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass natierlech esou, wa mer elo eis Schoulorganisatioun kucken, da steet do, datt mir als Gemeng Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, Material zur Verfügung stellen, wou eis Kanner eng Educatioun kréien, eng «éducation formelle». Et steet net do, datt mir als Gemeng och mussen d'Kanner an d'Schoul féieren. Dat ass een Service à part. Dat muss een sech och emol bedenken, mir hu schonn e Ramassage scolaire, deen eis scho ganz vill Geld kascht. Mir mussen eis do ëm d'Personal këmmeren. Ech muss een hei ganz kloer ee Mol d'Fro stellen, ob mir den Eltere all Chargë mussen ofhuele fir hir Kanner? All Responsabilitéit op d'Schëlleren huele vun eisen anere Matbierger? Wann do Matbierger, déi dat wëllen am Benevolat maachen. Fréier sinn der elo vläicht gaangen, déi Kanner aus der Noperschaft matgeholl hunn. Mä mir ginn ëmmer méi gezwongen, duerch gewëssen Demanden, ëmmer méi an de Korsage eragezwongen, wann ech dat esou ka soen, wou mir als Gemeng ëmmer méi Responsabilitéiten erugedroe kréien. A stellt iech emol vir, do geschitt engem Kand eppes. Da sti mir als Gemeng ganz uewen, fir en Service, dee vläicht gutt geduecht ass, dee mir de Leit wëllen offréieren, déi selwer net mat hire Kanner kënnen oder wëlle goen – et sinn der och vill, déi wëllen net mat de Kanner goen – a mir hänken herno.

Dat ass e Punkt, deen ee misst emol ganz genee analyséieren. Mir si schonn dovunner ausgaangen, datt mir schonn emol gekuckt hunn, wéi vill Personal mir bräichten, wat eis dat géif kaschten – well déi maachen et net fir näischt - , wéi vill Assurance dat kascht a wéi et géing ausgoen, wann eppes géing geschéien. Dat ass och eng Fro, déi mer eis musse stellen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Da musse mer en anere System fannen, fir datt d'Elteren net méi mat den Autoe bei d'Schoule fueren. Dat ass jo dorëms, wou et geet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech weess net, ob et nëmmen dorëms geet. Et sinn och vill Elteren, déi op de leschte Stëppel kommen. Gutt, déi bräichten och vläicht eng gewëssen Educatioun, wann ee bei der Schoul steet an et gesäit een, datt se d'Kanner matzen an der Strooss erausloossen oder op den Zebrasträifen se erausssprange loossen. Dat ass awer net d'Responsabilitéit vun der Gemeng. Et ass d'Responsabilitéit vun den Elteren. A wa mir mat de Kanner ginn, dann hu mir d'Responsabilitéit. Dann hu mir d'Blat gewiesselt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech mengen, mir sinn elo e bësse vum Thema Budget ewechkomm. Mir hunn awer elo eng Diskussioun gefouert, déi interessant ze féieren ass an déi soll een och kucken. Ech géif elo d'Wuert nach dem Här Mertzig ginn, wann hien och nach zu engem Thema eppes ze soen hätt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hunn u sech näischt ze beanstanden. Ech wëll awer just kuerz zwee Wierder zu der PiKo soen. Ech mengen, mir wieren alleguerte frou, wann d'Material géif geliwwert ginn. Mir gesi Luucht hannen um Tunnel. Et wäert awer nach e laange Wee sinn. Wéi et de Moment ausgesäit, kënne mer et nach ëmmer packe fir Enn September 2023 fäerdeg ze sinn. Bei de Basengen ass d'Konstruktioun aus Bëtong am Gaangen a si si gläich fäerdeg. De Januar wäert d'Firma mam Inox ufänken, fir datt et erëm wéi eng richteg Schwämm ausgesäit. An dann och déi 2 Inoxbasenge fir d'Whirlpoolen, déi stinn do. D'Pateaugeoire ginn och gebaut. Wéi gesot, mir sinn um gudde Wee, mä mir sinn ofhängeg vu verschidde Faktoren. Mir sinn awer gudder Déng.

Mir hoffen och, datt et klappt mam Wee fir bei d'Lénger Wieren. Mir wëssen alleguerten, datt dat eng enorm wichteg Achs ass vun der Mobilité douce. Wat mech ëmmer

brusquéiert bei där ganzer Saach, dat ass, datt et e richtegt Trauerspill ass, wéi mir an deene Saache vum Stat behandelt ginn. Ech mengen, dat hu mer och déi Säit vu Käerjeng gesinn, wéi laang dass dat gedauert huet, an et war dräi Mol näischt.

Et gëtt iwwer ze wéineg Parkplaze geklot. Ech mengen, dass mer do vill gemaach hunn, zemools zu Rodange. Mir erwaarden eis eventuell nach eppes, well mer d'Secteure vum Parking résidentiel nei wëllen opdeelen, respektiv ausbauen. Et muss een sech natierlech froen, sinn et ze wéineg Parkplazen oder sinn et ze vill Autoen. Och de Bierger muss sech an Zukunft drop astellen, datt e muss investéiere wann en eng permanent Parkplaz wëll hunn.

Klimapakt 2. Ech mengen, mir schaffe gutt zesummen a wa mer do gären eppes wëllen erreechen, da musse mer alleguerten zesumme schaffen. Net just eenzel Leit, mä alleguerten zesummen.

**Breyer Roland (CSV):**

Et ass fir mech e privilegéierten an och en nostalgesche Moment, kann ech fir déi 50. Kéier de Budget vun der Gemeng Péiteng kommentéieren.

Am Gemengerot vum 30.01.1970 huet dat Dokument – e Brochdeel vun der Envergure vum Budget 2023 – fir mech ganz vill chineesesch geklongen, well ech net vill verstanen hunn, ausser datt deen een oder anere Betrag sech mat deem vun haut gläicht.

Déi ordinär Ausgabe vun 2023 belafen sech op 66.873.976 Euro, an déi vum Joer 1970 op 64.208.936, ausser datt et sech deemools ëm Frange gehandelt huet.

Eis Gemeng ass gewuess, ass ëm ronn 10.000 Awunner méi grouss ginn, a wiisst nach ëmmer. Domadder och d'Käschte vun de Charges salariales, déi an dësem Budget am Ordinäre mat 4,4 Milliounen an d'Luucht ginn, an elo 53,19% vun eise fixen uerdentlechen Ausgaben duerstellen. Déi gutt Noriicht: de Fonds de dotation geet och ëm 9,3% an d'Luucht a schonns ëm 3,3% am Rectifié 2022. Esou datt dat e bëssen e Polster ass.

Nei am Verglach zu 1970 sinn eis Participatiounen a verschiddene Gemengesyndikater, déi et zu där Zäit net gouf oder wou de Besoin nach net do war. Esou wéi mir gefaart haten an de Buergermeeschter op ville Plaze gewarnt hat, ass d'Belaaschtung vum neie CGDIS staark op d'Gemengen zeréckgefall a stellt fir den nächsten Exercice eng Progressioun vun 12,1% duer, mat anere Syndikater zesummen 9,7 Milliounen oder 14,58% vum ordinäre Budget. Kucke mer dann nach eng Kéier op eis Salairen a Gehälter, da si scho ronn 2/3 vum uerdentleche Budget engagéiert.

Wat een och muss feststellen ass, datt déi administrativ Weeër och gewuess sinn an ëmmer méi laang a komplizéiert ginn. Viru 50 Joer huet een dem Minister owes nom Feierowend a sengem Büro ugeruff, an hie war nach do, fir datt hien deen een oder aneren Dossier sollt kucken a weiderginn. An dat huet geklappt.

Haut kënns de u kee Minister méi an déi meescht hunn näischt méi ze soen, well d'Verwaltungen d'Soen hunn. Virop d'Ëmweltverwaltung an d'Waasserwirtschaftsamt, mä och nach anerer. Du kënns méi séier virun, wann s de een héije Beamte kenns, an dann nach.

Esou gesi mer dat a konkrete Beispiller, déi ech an deene leschte Jore perséinlech erlieft hunn op deene Plazen, wou ech e bëssen d'Verantwortung hunn an e Wuert matzeschwätzen hat.

Zum Beispill beim SIKOR:

Als President dovunner stoung a stinn ech mat verschiddene Ministèren am lafende Kontakt, sou mat der Agence immobilière sociale Kordall (AISK), déi mir do bedreiwen. Do hu mer viru ronn 5 Joer bei näischt ugefaangen an et war vill Iwwerzeegungsaarbecht néideg, fir an dëser Mandatsperiod op deen noutwennege sozialen an technesche Kader ze kommen an och vun de Ministèrë «famille» an «logement» ënnerstëtzt ze ginn. Mir hunn de Moment zwou Assistantes sociales, zwee Techniker an eng administrativ Hëllf, fir ganz genee 107 Logementer, déi mer an deene 4 Kordallgemenge verwalten. An et kéinten nach méi Logementer sinn, wann de Loyersplaffong vun 10 Euro pro Quadratmeter, dee mer musse respektéieren – well de Ministère eis dat virschreift – a verschiddene Fäll kéint eropgesat ginn - zum Beispill bei Groussfamilljen, déi eng Wunneng sichen an näischt um offizielle Maart fannen – oder eenheetlech an deene 4 Kordallgemengen erlaabt wier. Do ass zum Beispill Suessem, déi vun engem méi héijen Taux kënne profitéieren. Si dierfen 12 Euro froen an hei zu Péiteng dierf een nëmmen 10 Euro froen. Do sinn nach Divergenzen do. Dat neit Gesetz iwwert de Logement erlaabt vläicht Perspektiven, grad esou wéi d'Kollaboratioun mat deene 4 Gemengen-Offices sociauxe misst op de Leescht geholl ginn, fir d'Selektiounscritèren an och de Suivi vun deene Kandidaten, déi esou Wunnenge sichen, ze verbesseren.

D'Office sociauxe solle jo verstäerkt ginn an domat och déi sozial Strukture wéi eis AISK. Mir erhoffen eis, datt dat weider noutwennegt Personal kann agestallt ginn a sinn zouversiichtlech, datt eisen Dossier, dee mer schonn eng Kéier beim Familljeministère eraginn haten a verluergaangen ass, dës Kéier richteg a fachgerecht behandelt gëtt.

De Sikor ass och mam Lead vun de Zones d'activités régionales betraut, mat dem Dauerbrenner «Grand Bis» an de Parzellen um PED. De Schäffe Jean-Marie Halsdorf huet vun enger Sëlwerhochzäit geschwat, wou et awer de Moment ferm kriselt an een Divorce net ausgeschloss ass.

Wa mir um PED esou lues a lues d'Enn vum Tunnel gesinn, da bleiwen d'Ongewëssheeten um Grand Bis.

Um PED bleiwen de Moment nach 2 Terrainen iwwereg, wou am Prinzip och schonns interesséiert Betriber aus der Gemeng do sinn, déi sech do wëlle vergréisseren. Et muss nach eng offiziell Entrevue mat de Betriber, dem Sikor an der Gemeng stattfannen, an da kéinten dës Contrats de réservation, wa méiglech a wann et noutwenneg wier, nach dëst Joer ënnerschriwwe ginn.

Ob et am Laf vun 2023 da mat den Infrastrukturaarbechte ka lassgoen, hänkt dovunner of, ob d'Gemeng, als Bauhär, eng Extension du marché mam Entrepreneur dierf maachen. Wann dat net méiglech ass, musse mer ausschreiwen an da lande mer gären am Joer 2024, wann net 2025, bis et ka lassgoen.

Esou laang wäert et net am Grand Bis daueren. Do ass d'Gedold vun der Gemeng an och vum Sikor um leschte Stadium ukomm. Eleng schonns déi ganz Prozedur vun der Kompensatioun huet dee leschten Nerv kascht.

Et muss ee fir d'éischt emol verdauen, datt eng Friche industrielle, déi polluéiert ass, sanéiert muss ginn, ee käschtenintensive Compactage vum Ëmweltministère verschriwwe kritt, eng Prozedur, déi laang Jore gedauert huet, fir da vum selwechte Ministère net belount ze ginn, mä éischter bestrooft ze ginn. Et gëtt een net belount, well ee 15 Hektar polluéierten Terrain sanéiert huet, mä et gëtt ee bestrooft zu enger Kompensatioun vun iwwert enger Milliou Euro fir an de Fong anzebezuelen. Aus engem verseuchte Gebitt ass an

deene leschte 25 Joer e Biotop entstanen. An, oh Wonner, de Speedy Gonzales a Co fillen sech anscheinend ganz monter do, op deem sanéierten, net sanéierten a verseuchtem Gebitt. Wéi gesot, elo mussen déi zwou Prozedure lafen. Dat gëtt en enormen Opwand vu Käschten an et muss ee kucken, ob dat opgeet.

Den Ekonomiesministère, de Moment nach Eegentemer vum Areal, agéiert iwwerhaapt net. Et ass nach keng Konventioun mam Sikor ënnerschriwwen. D'Gemeng Péiteng, als potentielle Bauhär, waart an de Startbléck an erwaart elo eng Reaktioun vum MECO an huet deem zoustännege Ministerium en Ultimatum gesat, wat mir als Sikor voll a ganz matdroen. Eng verbindlech a konsequent Stellungnam vu finanzielle Garantien a Remboursement vun de Fraisen un d'Gemeng Péiteng, déi no un der Millioun leien, an dat nach virum Enn vum Joer.

Ech hunn nach an den Oueren, a meng Kolleegen aus dem Schäfferot sécherlech och, wéi 3 verschidden Ekonomies-ministeren (Krecké, Schneider a Fayot) säit Ufank 2000 eis versprach hunn: «Wat de Remboursement vun äre Gemengekäschten ubelaangt, esou gitt eis d'Ënnerlagen eran a gläich drop hutt dir är Suen zeréck.» Dat ass bis haut nach net de Fall. Entweder sinn dat Ligen oder et si Saachen, déi erfonnt sinn. Dat huet d'Gemeng Péiteng dann och gemaach, mä mir hu bis elo nach kee Su gesinn, an de MECO huet anscheinend een anere Kalenner an aner Aueren ewéi mir.

Fazit: Ech géif de Schäffen- a Gemengerot bieden, dëse Punkt op d'Gemengerotssëtzung vum 30.01.2023 ze setzen. Sollt keng Äntwert vum MECO virleien, oder net zefriddestellend sinn, misst d'Verbindung vun der Gemeng an dem SIKOR mam MECO opgeléist ginn, de Projet Grand Bis begruewe ginn, obwuel eng grouss Nofro un industriellen an handwierklechen Terraine besteet. De MECO kann sech da selwer senger Verantwortung stellen.

De JuFa-Hotel, en aneren Dauerbrenner säit 2009, och gebremst vum Verwaltungs-Formalismus an der Sich no kompetente Finanzinvestoren. Mä d'Vertrauen an d'Frëndschaft vum grousse JuFa-Grupp ass bliwwen a gëtt elo eng Realitéit, verbonne mat engem Wellness-Center, deen d'Gemeng an der Peripherie realiséiere wëll. Eng Beräicherung fir eis PiKo an den Tourismus an dësem Areal.

Dass och zousätzlech eng Cogeneratioun fir Nidderréideng geplangt ass, kann een nëmme begréissen an ënnerstëtzen.

Wat d'Bëschcrèche ubelaangt, do ass jo en Terrain elo an der Ëmgéigend lokaliséiert ginn. Do soll een awer, wann een dee Formalismus vun de Verwaltunge kennt, vläicht duebelspuereg fueren a kucken, ob net e Scoutschalet eng Alternativ kéint sinn als komplementar Struktur. E Chalet, deen nach nei ass, deen déi ganz Woch eidel steet an net voll ausgelaascht ass. Quitt, datt Komplikatioune sinn, wann een do vläicht an d'Exploitatiounsverhältnisser geet.

A firwat net och e Gespréich mat de JuFa-Vertrieder iwwert dës Perspektiv féieren, déi se op anere Sitten, déi se op deenen iwwer 80 Plazen am Ausland hunn. Si haten eis dat och schonn ugebueden – ganz am Ufank – datt esou Strukturen och kéinte bei hinne fonctionéieren.

Ech schléisse mat punktuelle Projeten a Froen oder Ureegungen:

J.F. Kennedy-Plaz. Ech hat mer zwar virgeholl, fir net méi driwwer ze schwätzen, mä et ass méi staark wéi ech. Ech si berouegt fir am Libellé vum Budgetsartikel ze liesen «Continuation des travaux». Dat steet schwaarz op wäiss do. Dat ass schonn eng Äntwert op Froe vu villen Awunner, déi kee Fortgank beim Gedrénkspavillon an den ëffentlechen Toilettë gesinn. Dëse Projet, deen elo säit 2019 ënnerwee ass an elo déi kokett Zomm vu viraussiichtlech 4.950.000 Euro opweist. E gëtt gebraucht an déi Froen, déi d'Leit sech stellen, stinn am Raum: Firwat datt et esou laang gedauert huet a wéi laang et nach dauert, bis et fäerdeg ass a vun deene Strukture profitéiert ka ginn.

Et war zanter 2000 Usus an och esou gewollt vun deene respektive Schäfferéit, dass ongeféier 1% vun den Ausgabe bei grousse Projete vun der Gemeng, an d'Objets d'art sollen investéiert ginn, an dat op Recommandatioun vum Kulturministère. Dat hu mir och bis elo respektéiert an et freet mech, dass elo e wiedert Konschtwierk, de Péitenger Wandjang, bei déi schonns 6 bestoend Skulpturen an eiser Gemeng kënnt.

Zentrum Rodange. Deen neien Zentrum vu Rodange gëtt 2023 ganz fäerdeg, mam Shared space, souwéi der neier Plaz niewent der Kierch. Et muss also animéiert ginn, mat Initiativen an der Mathëllef vun de Veräiner an de Leit, déi do wunnen. Den Dialog war am Ufank vun den Aarbechte permanent a misst erëm aktivéiert ginn.

SIACH. Um SIACH ginn d'Aarbechte wéi geplangt weider, just mam Ënnerscheed – wéi och op anere Schantercher – dass alles méi laang dauert an och méi deier gëtt. Den Ausbau vun de Kapazitéiten an d'Moderniséierung kommen u ronn 80 Milliounen a wäerten 2024 zum Schluss kommen. Mä da fänkt schonn déi véiert Reinigungsstuf un, déi vun der E.U. virgeschriwwen ass a bis 2030 muss geschitt sinn. D'Problematik, déi de SIACH spezifesch huet, ass datt d'Waasserwirtschaftsamt verlaangt, dass Projete musse mat Zäit genannt ginn a wann se bis enregistréiert sinn, mussen se bannent zwee Joer ugefaange ginn. Anerefalls ginn d'Subventioune reduzéiert. Well mir awer nëmme begrenzt Fachkapazitéiten am Ingeneering an der Technik an der Regioun an an der Groussregioun hunn, an all Kläranlag dee selwechte Kalenner huet, ass d'Deiererecht virprogramméiert.

Eis Centres de loisirs, de culture an de sports sinn de Moment den Ufuerderungen ugepasst, ausser de Centre de loisirs vu Rolleng, deen nach méi op Fester, Gastronomie a Gesellegkeet adaptéiert misst ginn, an dat mat relativ wéineg Opwand.

A schlussendlech feelt nach ëmmer eng Hal, en Dépôt fir d'Veräiner, déi dat brauchen. Ugefaange mam KaGePe, als Organisateur vun eiser gréisster Organisatioun, de Kapesëtzungen an der Kavalkad, esou wéi aner Veräiner, déi Material ze stockéieren hunn.

Esouwäit zu menger leschter Budgetsappreciatioun a Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll op ee Punkt agoen, deen den Här Breyer ugeschwat huet a wou ech him komplett Recht ginn, datt déi Belaaschtung vum CGDIS elo schonn héich ass. Et si schonn 2 bis 3 Joer wou ech soen, datt mer déi Millioun séier wäerte knacken. Mir sinn nach sécherlech net um Enn ukomm. Ech mengen, dat grousst Problem beim CGDIS ass, dass déi gesetzlech Reegelung fir de CGDIS ze finanzéieren, zum Nodeel vun de Gemengen ass, mat Ausnam vun der Stad Lëtzebuerg, an zum Virdeel ass vum Stat. An dat, well mir einfach e gudden Deel iwwerholl hunn an deen Deel iwwerholl hu vun de Secouristen. An deen ass am Fong och Personalintensiv. Do sinn déi meeschte Professioneller, déi de Moment dodra schaffen. An dat war kloer, datt mer do en Nodeel haten. An dann deen zweeten – an ech mengen, déi Diskussioun ass jo schonn e puer Mol gefouert ginn – dat ass déi Geschicht vun der TVA, wou mer eigentlech zwee Mol bezuelen. Ech bleiwen nach ëmmer bei der Meenung, datt

d'Gemenge 75% vun deem Defizit droen an de Stat 25%, och wann déi zoustänneg Ministesch nach ëmmer vu 50/50 schwätzt. Mä si vergësst awer, datt schonn am Virfeld eng Kéier eng Hallschent ewechgeholl ginn ass. Dat ass déi TVA, déi mer vun Ufank un duerch d'Hausse vun deenen 2%, déi mer krut hu vun der TVA, ewechgeholl kruten als Gemeng, an da gëtt 50/50 gedeelt. Dat heescht, mir ginn als Gemengen zwee Mol an d'Keess.

Dat eenzegt, wat mer nëmme kënnen hoffen, dat ass, datt mer eng Kéier un där Schrauf kënnen dréinen, datt do vläicht eng Kéier eppes geännert gëtt bei deem Finanzementsreglement do. An dann, mengen ech, gesäit och d'Welt erëm e bëssen anescht aus. Well dat hei huet d'Tendenz fir nach weider ze steigen. Wa mer elo eng Millioun bezuelen, da wäert der gesinn – déi, déi e bësse méi laang, nach eng ganz Period hei am Gemengerot wëlle sëtzen – déi wäerten nach erliewen, datt mer vun 1,5 Millioune wäerte schwätzen, an nach vu méi an Zukunft.

Dat ass einfach d'Realitéit. Well dee ganze CGDIS brauch Gebaier, de CGDIS brauch den Entretien vun de Gebaier. A wann een eleng weess, wat de CNIS kascht, da weess een, wat déi ganz Fonctionnementskäschte vun deem CGDIS an Zukunft wäert kaschten.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat, wat de Buergermeeschter seet, stëmmt effektiv. Ganz am Ufank hu mer scho gesot, datt et eng deier Pëll gëtt. Et muss een eppes soen – an dat gëtt och an der Chamber diskutéiert an den Här Goergen kann dat confirméieren – dass d'Gemenge vill nei Aufgabe kréien, vill nei Servicer, an datt do net onbedéngt paritéitesch gedeelt gëtt, wat deen een an deen anere bezilt. D'Gemenge gi méi belaascht a kréien dofir awer net méi Suen.

Dat gesot, wollt ech kuerz op dem Här Breyer seng Interventioun zeréckkommen an him soen, datt ech frou sinn, wat e vum Grand Bis schreift, datt och de Sikor déi selwecht Meenung huet wéi mir. Mir brauchen elo eng Äntwert a wann déi positiv ass, da fuere mer weider. A wann net, da gëtt effektiv e Begriefnis gemaach an dann ass et fäerdeg. Dat fannen ech scho richteg.

Wat der sot vun de Firmaen, esou ass et schued, datt wann déi Extension du marché net geet, et da vläicht e bësse méi laang dauert. Mä wat kloer ass, mir hate jo scho Gespréicher, datt et warscheinlech Betriber sinn aus eiser Gemeng – op mannst zwee Stéck – déi sollen dohinner kommen. An dat ass eng gutt Saach.

Beim JuFa-Hotel sinn ech och ärer Meenung. Wou ech iwwerrascht war, dat ass, datt dir beonrouegt sidd, datt dat op der J.F. Kennedy-Plaz net weidergeet. Dir hutt jo awer och schonn Dossieren an der Gemeng gemaach a wou dir de Main de maître waart a wou dat elo eréischt 2023 fäerdeg gëtt. Dat ass den Zentrum vu Rodange. Do waren déi éischt Suen 2012 am Budget. Do hu mer 11 Joer gebraucht, bis dee Projet elo fäerdeg gëtt. An hei ginn ech och zou, datt dat net anstänneg weidergeet. Ech ginn iech e Beispill, firwat et méi laang gedauert huet. Éischtens waren et d'Liwwerketten, déi net geklappt hunn duerch de Krich. An zweetens waren déi ganz Berechnunge gemaach ginn an duerno, wou se bis gemaach waren, ass gemierkt ginn, datt wann do Camionen op déi Plaz do fueren, dann ass déi Struktur net stabil genuch. Dunn huet missten eng ganz nei Berechnung gemaach gi vun der Struktur. Et hu missten nei Elementer bestallt ginn, fir datt déi standhalen. Et ass am Ufank net iwwerluecht ginn, datt och Camionen op déi Plaz fuere wann opgeriicht gëtt. Well et ass ëmmer gesot ginn, datt keng Camionen op déi Plaz eropfueren. Mä et gesäit ee jo elo, wéi vill Camionen drop fueren. Ech wollt einfach elo e Beispill nennen. An dofir huet et laang gedauert. An déi Erfarung hutt dir och als Schäffe gemaach, datt et oft net esou geet wéi een et gären hätt. Wéi gesot, den Zentrum Rodange waren déi éischt Suen am Budget 2012 an dee wäerte mer elo 2023 aweien. Dat heescht, 11 Joer duerno. Dat ass och e laangen Dag, mä et gëtt schéin an dat ass d'Haaptsaach. Ende gut, alles gut.

Da kommen ech nach zum Centre de loisirs vu Rolleng. Do si mer där selwechter Meenung. Do muss eppes kommen an ech sinn dovunner iwwerzeegt, egal wat fir eng nächst Majoritéit hei um Dësch sëtzt. Well ech sinn iwwerzeegt, datt all Partei an hirem Walprogramm stoe wäert hunn, datt do eppes muss geschéien. Et ass och richteg, fir dat do ze maachen an do sinn ech total ärer Meenung.

An dee leschten Dauerbrenner, deen der uschwätzt, ass och richteg. Mir sichen och wéi geckeg no enger Hal mat engem Dépôt. Mir hunn nach keng fonnt. Et muss ee kucken, vläicht erginn sech an deenen nächste Jore Saachen. Dat kann och vläicht um PED sinn. Et muss een dat kucken. Deemno wat elo mat deenen 3 Parzellen do geschitt. Ech weess net, ob dat méiglech ass. Ech sinn do bei iech, datt dat e Problem an der Gemeng ass, mä wann en esou einfach ze léise wier, dann hätte mer en och scho geléist. 2017 ass schonn dovunner geschwat ginn an et ass och scho virdrun dovunner geschat ginn. Et ass bal wéi de Grand Bis, all Joer kënnt et erëm an all Joer fanne mer keng Léisung. Mä et ass awer richteg, wat der schreift.

A fir de Rescht wollt ech nach soen, datt et schéi mat iech war. Dir waart laang dobäi an dat ass scho flott, wann een esou eng Carrière gemaach huet. Ech fannen, dir hutt et verdéngt, mat esou enger flotter Ried, déi der hei gehalen hutt, a wou der esou wäitsiichteg sidd an och e bësse bezeechent, dann opzehalen hei an eisem Gemengerot. Mir kréien nach méi Geleeënheet, fir eis nach zesummen ze gesinn.

**Breyer Roland (CSV):**

Merci fir d'Äntwerten. Ech wollt nach just dem Här Halsdorf soen, datt ech bis 2018 hei an der Verantwortung war, duerno war ech Conseiller, wou dir et iwwerholl hutt.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat weess ech. Dofir wollt ech iech soen, datt genee dat de Punkt ass. Dir hutt jo gesinn, an deene 6 Joer, wou dir deen Dossier hat, si mer esou weiderkomm wéi mer komm sinn. An duerno an deene 5 Joer och. Ech wollt einfach soen, datt mer alleguerten eist Bescht maachen a mir wëssen, datt et ganz oft net esou geet, wéi mer et gären hätten. Et ass ganz kloer.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech war berouegt, well ech sinn de Mueren um hallwer 9 hei laanscht gaangen an et waren 2 Leit hei um Schantjen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech si grad esou berouegt wéi dir. Well ech hunn eng Wett lafen, déi ech net haart soen.

Ech denken elo drun, dir hat och nach eng Fro zum Tornado-Monument gestallt. Do kënnt e Gelänner ronderëm. Dat ass bestallt. Et ass awer gemengt ginn, datt sech Kanner kéinten um Monument tucken, well dat esou eraussteet, an do kënnt en Handlaf ronderëm. Et ass scho bestallt, mä et dauert dann eng Éiwegkeet, bis et do ass.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt just eppes soen. Ech wollt proposéieren, wéinst där aussergewéinlecher Leeschtung vum Här Breyer – bei 50 Budgete war hie mat dobäi – fir him e klengen Applaus ze ginn.

*(Applaus)*

**Breyer Roland (CSV):**

Ech bleiwen awer nach hei sëtzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech mierken, datt wann een esou lues un d'Ophalen denkt, da gëtt een ëmmer gelueft. Esouguer vun der Oppositioun. Den Här Stoffel kritt d'Wuert.

**Stoffel Marco (LSAP):**

E grousse Merci un all déi, déi de Budget 2023 opgestallt hunn. Et ass dee leschte Budget, dee mer hei presentéiert kréie vun der jëtzeger Majoritéit, där ech och frou sinn unzegehéieren.

Och wa mer net ëmmer enger Meenung waren, hu mir déi lescht 6 Joer konstruktiv am Intressi vum Bierger zesumme geschafft. Wéi et an enger Demokratie ass, geet et och net ëmmer esou, wéi een sech dat selwer virstellt, mä et musse Kompromësser fonnt ginn, fir datt ee viru kënnt.

Et sinn an deene 6 Joer vill Saache verwierklecht ginn, ënner anerem eis nei Atelieren an der Lénger Strooss, eis nei Museksschoul, nei Parkhaiser an den Zentre vun den Uertschafte Rodange a Péiteng. Am Schoulberäich sinn nei Säll geschaf an eng Maison relais gebaut ginn. D'Schwämm ass erneiert ginn a wäert d'nächst Joer erëm funktionell sinn.

Stroossen, Kanal, Uewerwaassertrennung a Waasserleitunge si ganz wichteg Infrastrukturen, déi kee gesäit, well se am Buedem leien, kaschte vill Geld, ginn awer gebraucht fir enger Gemeng e Réckgrat ze gi vun den Infrastrukturen.

Den zeréckbehalenen Investitiounsplang ass zum gréissten Deel ëmgesat ginn a bis dato, ouni eis Finanzen ze belaaschten. Am Géigendeel, eis Gemeng huet bal keng Schold méi an nach eng stattlech Reserv. A wat nach méi wichteg ass, et brauchen och keng Kreditter opgeholl ze ginn, fir déi am Budget 2023 virgesinnen Investitiounen ze finanzéieren.

Leider sinn awer och verschidden Infrastrukturen net zeréckbehale ginn. Esou gëtt et ëmmer méi dréngend, fir Veräiner Ënnerstellméiglechkeete fir hir Saachen ze schafen, wou scho viru Joren dovu geschwat gouf, an dat ass duerno ënnergaangen.

Weider wier e grousse Méizwecksall vun op mannst 500 Plaze fir eis Veräiner eng Noutwennegkeet.

Leider hu mer och keng zefriddestellend Léisung fir eis eeler Leit zu Péiteng fonnt. Och do musse mer aktiv ginn. Zum Beispill sinn déi Péitenger Senioren Asbl um drëtte Stack vun enger Residenz ënnerbruecht, wou et net ideal ass fir eeler Leit. Et ass ze kleng a wa giess gëtt, sinn d'Infrastrukturen net richteg fir d'Leit ze bekäschtegen. An et ass net ugepasst.

Wat och net glécklech ass, sinn déi vill an néideg Grénganlagen, déi duerch ënnerbesaten Effektiver net esou kënnen ënnerhale si wéi et sollt sinn. Ech weess, datt een en ausgeglachene Budget wëll hunn, d'Personalkäschten niddereg gehale musse ginn, mä erkläert dat de Leit, wann se heiansdo de Misär an hirer Strooss oder am Park niewendru gesinn.

Och verstinn d'Bierger och net, firwat eis Schantercher, besonnesch op der Stadhausplaz an am Zentrum vu Rodange, esou laang daueren. Jo, d'Material kënnt net erbäi, mä et ass an den Ae vum Bierger net ze verstoen. An ech muss soen, wann ech gesinn, wéi oft ronderëm déi nei Buvette op der Stadhausplaz opgerappt an erëm zougemaach gouf, da froen ech mech, wien esou eppes plangt.

Dann zum Budget 2023. Hei ass et ganz gutt, datt et endlech mat eisem neie Jugendhotel soll ugoen an datt mer do dann och eis Projete realiséieren, wat en neie Wellnessberäich, eng Cogeneratiounsanlag an eng Vëloswäschanlag betrëfft. Ech hoffen, datt nach genuch Plaz bleift fir Parkinge fir Mobilcaren do ze installéieren, esou wéi fir eng gréisser Spillplaz mat Waasserspiller dobäi.

Eng Bëschcrèche zu Rodange, e laange Wonsch an eng gutt Méiglechkeet fir Natur a Schoul mateneen ze verbannen. D'Plaz ass elo do, d'Pläng sollen ausgeschafft ginn, weider esou.

D'Erfaasse vun den Iwwerschwemmungsgebidder an d'Matabezéie vun de Bierger, erëm e Beispill, wéi een et ka maachen. Och ganz gutt.

D'Monument vum Péitenger Wandjang, eng Unerkennung vun eppes, wat am Volleksmond Usus ass, wat awer wéi ëmmer net jidderengem wäert gefalen.

D'Fäerdegstelle vun der Rollenger Schoul, der Museksschoul, dem Parkhaus ënnert der Museksschoul, dem Parkhaus beim Rodanger Fussballsterrain mat neien Infrastrukturen um Fussballssterrain mat Tribün a Buvette, wäert weisen, datt déi jëtzeg Majoritéit vill realiséiert huet, fir déi eis helleg Liewensqualitéit ze verbesseren.

Och deen neie Projet mat enger neier Schoul, Sportshal, Maison relais an e weidert Parkhaus wäert Rodange nohalteg prägen.

Eng nei Maison relais zu Péiteng wäert entstoen. Och dat ass wichteg fir eis jonk Familien.

Alles an allem gëtt weider vill investéiert am nächste Joer an dat, wéi scho virdru gesot, ouni nei Schold ze maachen an trotz de momentanen, net gudde Konditiounen am Land an an der Welt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt just op ee Punkt agoen. Dir sot, d'Personalkäschte ginn niddereg gehalen. Ech kann iech just soen, 35 Milliounen Euro ass schonn net näischt. An datt d'Grénganlagen net ënnerhale gi wéinst ënnerbesaten Effektiver, géif ech als Gerücht duerstellen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt dat selwecht soen. Wann der déi leschte Kéier am Gemengerot gutt nogelauschtert hutt, da konnt der matkréien, datt mer just am Beräich vum Service «espaces verts» Leit engagéieren, fir justement kënnen do éischtklasseg Aarbecht ze maachen. Dofir mengen ech, datt dat OK ass.

Wat der och hei schreift, ass net ganz richteg. D'Buvette op der Stadhausplaz ass effektiv eng Kéier zougemaach ginn aus Sécherheetsgrënn. An dunn, wou mer ugefaangen hu mat schaffen, ass se ee Mol opgerappt ginn. Net e puer Mol, ee Mol. Si gëtt elo gebaut an ech hoffen, datt mer weiderkommen. Ech hunn iech dat jo ganz erkläert, firwat datt dat esou laang gedauert huet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Zu de Schoulen, Maison relaisen an all den Infrastrukture fir d'Kanner steet den Här Stoffel jo positiv dozou. A mir hoffen, datt mer déi och esou kënnen iwwert d'Bün bréngen wéi mer dat virgesinn hunn.

Da schwätzt der d'Péitenger Senioren un, wou ech awer net grad mat iech averstane sinn. D'Madamm Berens war jo och schonn op dee Punkt agaangen an ech soen nach eng Kéier, datt dat Ganzt mat de Senioren ofgeschwat war, wou se an där Residenz ënnerbruecht gi sinn, wou se e Lift hu wou se gefrot hunn, wou eng Kitchenette dobäi wier wou se och gefrot hunn. Wann natierlech elo méi Leit komme wéi geduecht, esou

sollt do u sech net esou vill gekacht ginn. Dat war am Ufank net esou ausgemaach. Mä mir sti jo awer nach dozou, fir eis eeler Leit, wann e Besoin do ass, ze kucken, fir an deenen nächste Joren eppes Neies ze fannen. A wéi ech schonn éinescht ugedeit hunn, am Beschte wier, wa mer eis Senioren alleguerten zesummen an engem Haus hätten.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Wat ech nach vläicht ka soen, dat ass bei der Madamm Conter, esou kann ech dat nëmme begréissen, wa mer géifen eng Struktur maachen. Well de Problem vum Club Senior ass deen, datt vill Leit vun hei net wëllen dohinner goen, well se sech dohannen net akzeptéiert fillen. Well et Clane sinn, déi do sinn aus anere Lokalitéiten a wann een da frësch dobäi kënnt – dat hunn ech mer soe gelooss – dann ass dat net esou einfach. Dofir wier et a wäiter Zukunft vläicht besser, wa mer vläicht eng Antenn hei zu Péiteng géife maachen. Well do musse mer schonn déi 3 Lokalitéiten aus der Gemeng zesummebréngen a mir wëssen, datt dat schonn net esou einfach ass. An dann hätte mer vläicht d'Méiglechkeet, fir dat op enger zentraler Plaz ze maachen, wou mer och déi aner Veräiner, déi dozou bäidroen, och op där Plaz kéinte mat huelen. Da mussen zwar och do mat Mini-Busse fueren, mä da kéinte mer e flotten Zentrum maachen, wou mer fir all déi eeler Bierger op enger Plaz eppes kéinte maachen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wann der de Club Senior uschwätzt, da war grad do d'Iddi, fir eeler Leit aus anere Gemengen zesummenzebréngen, fir nach aner Iddie mat eranzebréngen.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Si wëllen net.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Si wëllen net, gutt. Mä et ass esou, wa mir eppes fir eis Leit hei wëlle maachen a mir fannen eppes, da sti mir och net negativ dozou. An déi, déi awer nach wëllen auswäerts fueren, déi kënnen dat jo maachen. A wann se net selwer dohinner kommen, da kënnen se jo de P-Bus huelen. An da kënnen se och en Austausch hunn, deen och Gewënnbréngend ka sinn, mat Leit aus anere Gemengen, wou se ganz nei Iddie kréien an nei Aktivitéiten ugebuede kréien. Da wier natierlech alles op Eegeninitiativ hin.

**Agostino Maria (CSV):**

Fir mech ass et deen zweete Budget, deen ech matstëmme wäert, a ka grad esou wéi d'lescht Joer betounen, dass déi gutt Finanzpolitik, déi di lescht Joren hei zu Péiteng gefouert ginn ass, seng Friichten dréit. A senger Budgetspresentatioun huet de Buergermeeschter erkläert, datt mir am Budget en Iwwerschoss am ordinären Deel hunn, deen an de leschte Jore reegelméisseg iwwer 30%, an am Budget 2023 esouguer iwwer 40% vun de Revenus non-affectés ausmécht. Dat huet der Péitenger Gemeng et erméiglecht, de gréissten Deel vun de järlechen, budgetiséierten extraordinären Ausgaben ze finanzéieren. An deene leschten 19 Joer huet eis Gemeng ni missten op en neien Emprunt zeréckgräifen, fir de Budget an den Equiliber ze bréngen. An dat ass net näischt an et erméiglecht eis, an dëse schwieregen Zäiten duerch d'Finanzgewässer schéi roueg ze paddelen an net ënner ze goen an no Loft ze schnapen. Dofir nach eng Kéier e grousse Merci an ech menge jiddereen ass averstane mam Buergermeeschter sengem Rot, dass dës Finanzpolitik déi richteg ass an esou weidergefouert soll a muss ginn.

E Gemengebudget opzestellen ass schonn eng schwiereg a responsabilitéitsvoll Aarbecht, esouwuel fir de Schäfferot, mä awer och fir d'Beamten, ebe well et dat wichtegst Dokument vum Joer ass. An dofir wollt ech jiddwerengem, deen um Budget 2023 geschafft huet, e grousse Merci ausdrécken. D'Zil vun dësem Budget, deen iwweregens eng propper an éierlech Zukunftsperspektiv huet, ass d'Wuelbefanne vun eise Bierger, fir hinnen d'Loscht ze ginn, gären hei an eiser Gemeng ze wunnen. 106 verschidden Nationalitéiten, ronn 7.500 Stéit, 20.514 Awunner, dorënner 51,45% Lëtzebuerger an 48,55% Net-Lëtzebuerger, 1.213 Kanner vun 0 bis 15 Joer an 2.925 Senioren ab 65 Joer.

Firwat dës Zuelen? Ma well Senioren- a Jugendpolitik esou wéi Sport mer um Häerz leien.

Wat d'Senioren ugeet: Am Budget ordinaire ass am Artikel 221 de Club Senior. 1995 huet eis Gemeng ugefaangen, um Nationalprogramm «en faveur des personnes âgées» mat der ASBL «Aide pour personnes âgées – Prënzebierg» senge Seniore Bäistand ze bidden. Haut hu mir eng Konventioun lafen tëscht dem Ministère de la Famille et de l'Intégration an dem Club Senior, deen d'Kordall-Gemenge regroupéiert. D'Péitenger Gemeng erméiglecht esou de Leit sech ze treffen an auszetauschen, nei Leit kennen ze léieren, nei Erfarungen ze sammelen a gläichzäiteg sech kierperlech a geeschteg fit ze halen, an dat fir Depensë vun enger Gesamtausgab vu 50.746 Euro. Momentan sinn ongeféier 150 Péitenger Leit am Club Senior aktiv an ech hoffen, datt an Zukunft nach méi Leit vun dëser Offer Rechnung droe wäerten.

Am Artikel 441 steet de P-Bus mat 135.000 Euro am Budget 2023 dran. Mat engem Duerchschnëtt vun 282 Péitenger Awunner pro Mount, kënne Leit ab 65 Joer, Leit mat enger Invaliditéitskaart, Leit déi d'Fleegeversécherung hunn, an esouguer Fraen an aner Ëmstänn de P-Bus benotzen, deen de ganzen Territoire vun der Péitenger Gemeng ofdeckt an esou eng «mobilité à la carte» erlaabt. Et leeft eng Soumissioun op 5 Joer, vun 2021 bis 2026, an de P-Bus ass säit dem 01.01.2018 elektresch. Dësen Service um Client ass ganz wichteg an ech hunn d'Erfarung perséinlech mat menger Mamm gemaach, plëtzlech Wittfra ouni Führerschäin, an et ass eng agreabel Hëllef de P-Bus kënnen ze ruffe fir bei den Dokter, de Kiné oder soss enzwousch.

Bei der Seniorepolitik kënnt nach dobäi, dass d'Gemeng der Zitha-Seniorie hëlleft, andeems den Droit de superficie fir 30 Joer agesat gouf. Mat dëser Mise à disposition vun den Terrainen dréit d'Gemeng Péiteng dozou bäi, datt e ganz wichtegen Träger an der Altersversuergung zu Péiteng, den Zitha-Grupp, matzen an der Uertschaft Péiteng hir wichteg Aufgab am Intressi vun den eelere Leit aus eiser Gemeng verbesseren an ausbaue kënnen an doduerch méi eeler Leit, awer och krank Leit, kënnen nom Ausbau ugeholl ginn.

An der Jugendpolitik, respektiv deene Projeten, déi mir fir eis Kanner ausschaffen:

Am Artikel 242 «maison relais – denrées alimentaires» sti 40.300 Euro am Budget 2023. Am Joer 2022 waren et 31.000 Euro an am Joer 2021 waren et 25.472 Euro. Kënnt dës Hausse vun der Gratisbetreiung, déi a Kraaft getrueden ass, oder huet et mam Endbau vun der Maison relais zu Rolleng ze dinn? Hei begréissen ech iwweregens, dass mer endlech am zweete Semester vu nächste Joer 200 ageschriwwe Kanner ophuele kënnen.

Och déi 7.746.000 Euro, déi am Budget extraordinaire stinn, heeschen ech wëllkomm fir d'Preparative fir den Neibau an den Ufank vun den Aarbechten, engersäits de Complexe scolaire zu Rodange, mat Maison relais an Hall sportif, an anersäits eng nei Maison relais zu Péiteng. Wa mir d'Waardelëscht kucke vun de 663 Kanner, déi nach keng Plaz an enger Maison relais kritt hunn, versteet een, datt dëst batter néideg ass.

Ech begréissen och am extraordinäre Budget déi 60.000 Euro, déi virgesi si fir 2 kleng Bussen ze kafen, esou datt d'Butzen aus de Maisons relaise kënnen an de Sport oder an hir Kulturstonne gefouert ginn. Et ass wäertvoll fir heiranner ze investéieren, wann ee weess, datt hautdesdaags béid Eltere schaffe musse goen an doduerch sinn d'Kanner e ganzen Dag an der Maison relais. Dës Kanner dierfen op kee Fall dowéinst hiert Sport- a Kulturliewe gestrach kréien.

Am Artikel 919 «autre enseignement fondamental» hu mir Depensë vu 5.681.544 Euro fir 2023 par rapport vu 4.740.496 Euro fir 2022. Dëst huet eppes domadder ze dinn, datt eis Botzfraen duerch deen neie Kollektivvertrag vun der Carrière A2 ab Januar an d'Carrière A3 kommen.

Museksschoul: Wéi ech schonn an enger Sëtzung vum Gemengerot erwäänt hat, d'Musek ass motivéierend an eng Quell vu Freed, si reduzéiert Stress a Besuergnis a fërdert d'Gediechtnes, ob fir Erwuessener oder Kanner, d'Musek ass wichteg fir eist Wuelbefannen. Grad dofir sinn ech frou, datt den Neibau gutt virukënnt an normalerweis wäerte fir déi nächst Rentrée d'Musekscoursen an d'Solfègeklassen an der neier Museksschoul stattfannen. Och hunn ech gesinn, am Artikel 836, dass mer duerch dat neit Museksschoulgesetz 1,8 Milliounen Euro a Plaz vun 1.212.000 Euro vum Ministère kréien.

Fir de Sport sinn ech frou, dass am Budget 2023 ënnert «organisations communales» am Gesamten 150.000 Euro virgesi ginn, ë.a. fir d'Nuit du Sport och d'nächst Joer kënnen ze organiséieren. Heizou muss ech soen, dass de Ministère de l'éducation nationale den Datum vum 13.05.2023 erausgesicht huet an dësen net ganz optimal fir d'Organisatioun ass, well déi sportlech Infrastrukturen deen Dag zimmlech besat sinn, well d'Saison dann nach net eriwwer ass a vill Matcher nach gespillt ginn. Wéi léise mir dëse Problem hei zu Péiteng?

Ausserdeem freet et mech, dass d'Gemeng am Artikel 810 Ënnerstëtzung virgesinn huet fir verschidde sportlech Eventer, déi sougenannten «partenariats privilégiés», wou mir zum Beispill opgefall ass, dass 65.000 Euro fir d'Etapp vum Tour de Luxembourg hei zu Péiteng stinn. Et ass wichteg an et wäerte positiv Repercussiounen op de Standuert Péiteng mat senge Geschäfter an Infrastrukture ginn, an dëst och zum Ulass vum 100. Anniversaire vun der Union cycliste Péiteng.

Bei de «subsides aux associations» stinn am selwechten Artikel 80.000 Euro fir d'Veräiner. Laut Gesetz vum 09.06.2022 «loi relative aux déchets – dispositions visant à générer moins de déchets lors d'évènements» sollen ab dem 01.01.2023 Plastiksproduiten «à usage unique» bei sportlechen a kulturellen Eventer net méi erlaabt sinn. Et soll a muss also op ofbaubar Produiten zeréckgegraff ginn. Ab dem 01.01.2025 gëtt de Verbuet esouguer verlängert an och ofbaubar Produite sinn dann net méi erlaabt. Dëst heescht fir d'Veräiner méi Fraisen aplange bei der Organisatioun vun hiren Eventer. Ass hei scho geduecht ginn, fir d'Veräiner punkto Subsiden z'erhéijen, oder eng Spalt bäizesetze fir an dësem Punkt hir Extrakäschten z'ënnerstëtzen?

Beim Artikel 823 «piscines» sti Recettë vun 363.267,20 Euro a Gesamtausgabe vun 1.791.346.00 Euro, woubäi dës an d'Hausse ginn, wann am September 2023 d'PiKo erëm seng Dieren opmécht. Iwweregens stinn dofir an den extraordinären Ausgaben 10 Milliounen, dorënner sinn der am Joer 2022 6 Millioune verschafft ginn.

Péiteng ass eng Gemeng, déi stänneg am Wuesstem ass. An och a punkto Offall mécht Péiteng zanter Jore Fortschrëtter. Trotz ëmmer méi Leit gëtt ëmmer manner Reschtmüll produzéiert, deen op d'Sidor geet. Och de Sperrmüll gëtt net méi verbrannt, mä beim Lamesch nach eng Kéier recycléiert. Am Joer 2015 waren et nach 207 kg pro Awunner, am Joer 2021 ass d'Zuel op 185 kg pro Awunner erofgaangen. D'Zuele vun 2019 bis 2021 si liicht verfälscht wéinst dem Tornado an duerno duerch d'Covid-Pandemie. En Deel Dreck vum Tornado ass nach op 2020 entsuergt ginn, a wärend der Pandemie waren d'Leit doheem. Méi Konsum iwwer Internet, méi Liwwerungen, méi doheem giess, am Haus renovéiert a geschafft. 2017 war nach en Iwwerschoss, wat d'Müllkäschten ugeet an de Recetten/Ausgaben, dofir ass och keng Taxenerhéijung gemaach ginn. 2021 si liicht méi Depensë wéi Recetten, awer do och am 50 bis 70 Cent-Beräich. Muss hei wéinst der Covid-Pandemie op d'Zuele vun 2022 ofgewaart gi fir eventuell d'Taxen unzepassen?

Och beim Recyclage gesäit ee Fortschrëtter. D'Extensioun vun de Plastikszorten an der Valorlux ass ab dem 01.07.2021 an eiser Gemeng gemaach ginn. A laut Valorlux och mat Succès, also méi Tonnage. 112.799,60 kg Wuere sinn am Joer 2021 am Recyclingzenter gelant. Den Taux de recyclage misst laut Klimapakt bei 60% sinn a Péiteng ass schonn ënner 50%.

Zum Schluss hunn ech de Waasserpräis méi genee gekuckt a festgestallt, datt vum 01.04.2019 u keng Adaptatioun méi gemaach gi war, bis Ufank 2022 de Präis vum Akaf vum Waasser beim Syndicat des Eaux du Sud (SES) eropgaangen ass. Et ass virgesinn, dass en den 01.01.2023 nach eng Kéier ëm 40 Cents eropgeet. D'Péitenger Gemeng huet de Verkafspräis vum Waasser den 01.07.2022 adaptéiert.

Am Resumé wëll ech soen, datt ech vollst Vertrauen hunn an dëse stabille Budget an dësen och natierlech matstëmmen. Merci fir d'Nolauschteren a fir d'Beäntwere vu menge Froen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen der Madamm Agostino Merci fir hir Analys. Villes kann ech nëmmen ënnerstëtzen an och nëmme guttheeschen. Et ass eng kloer Visioun am Hibléck vun enger Finanzpolitik, déi virsiichteg soll sinn. An et ass schonn e puer Mol hei gesot ginn, datt ee soll an déi Richtung virufueren an ech kann dat och nëmme begréissen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt op de P-Bus agoen, well dat deen Dossier ass, deen ech hei an der Gemeng féieren. Mir hunn de P-Bus ëmmer gesinn an der Complementaritéit zum TICE. Mir hunn e ganz gudden TICE hei an der Gemeng an do huet een immens vill Méiglechkeeten. Dofir hu mer dat «à la carte»-Fueren an all déi Saachen e bëssen ausgeklamert, well soss hätte mer duebel oder dräifach Besetzungen. Dofir hu mer gemengt, et géif duergoen an et geet jo och gutt. E gëtt jo och vill geholl an dat wäert och an déi Richtung weidergoen.

Dann hutt der nach d'Subsiden ugeschwat, wann d'Veräiner déi nei Oploe kréien. Effektiv, mat där ganzer Gestioun vun de «produits à usage unique» bei kulturellen Evenementer, do ass scho mam Service Culture et communications ofgeschwat, datt mer eis do zesummen un den Dësch sëtzen. Et ass gutt, datt dir dat elo opgeworf hutt. Dat ass an de Käpp scho gewiescht, mä et ass gutt, datt een dat elo mécht. Et huet ee jo nach e bëssen Zäit bis 2025, mä et muss e Konzept ausgeschafft ginn. Et muss ee vläicht eng Infrastruktur dohinner setzen, op déi all Veräi kann zeréckgräifen. Et muss een dat kucken. Mä et ass gutt, fir dat opzewerfen an do muss eng Léisung fonnt ginn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech wollt och e puer Äntwerten ob der Madamm Agostino hir Budgetsried ginn. An zwar wëll ech emol direkt ufänken, mir hu keng 1.213 Kanner bei eis am Fondamental, mä mir hunn der iwwer 2.000. Dir schreift, vun 0 bis 15 Joer hätte mer 1.213

Kanner. Mir hunn der de Moment vun 3 bis 12 Joer, mam Précoce dobäi, iwwer 2.000 Kanner, déi schonn de Moment bei eis an d'Schoule ginn.

Eis Gemeng ass gewuess. Dat stëmmt, a si wiisst och nach weider.

A wann ech elo weider kucken, alles wat d'Senioren ugeet, esou freet et mech trotzdeem, datt 150 Péitenger Leit dann awer am Club Senior aktiv sinn a mir natierlech och mat deenen Ausgaben, déi mer do hunn, awer och drop waarde fir nach weider Leit an dee Club Senior eranzekréien, wou jo awer och Aktivitéiten hei zu Péiteng gemaach ginn. A wa Péitenger Leit sech dofir interesséieren, jo awer och kënnen dohinner goen.

Da komme mer bei d'Jugendpolitik. An zwar geet et do ëm d'Denrées alimentaires vun de Maisons relaisen, wou de Budget 2023 op 40.300 Euro klëmmt. Dat huet zum Deel och mam Endbau vun der Maison relais ze dinn, wou jo dann ab Mëtt 2023 nei Kanner erakommen an dann och méi gekacht gëtt. Et huet awer och domadder ze dinn, datt do d'Denrées alimentaires allgemeng méi deier gi sinn a mir och mam Sicona e Kontrakt ënnerschriwwen hunn, wou mer op regional Produiten zeréckgräifen an och méi «bio» fir d'Kanner kachen. Mir kache jo selwer an ëmmer frësch fir d'Kanner. Dat huet natierlech säi Präis. A wa mir natierlech vill Kanner an de Maisons relaisen hunn, da wësse mer och ganz genee, datt dee Präis klëmmt.

Op eiser Waardelëscht an de Maisons relaise si 663 Kanner ageschriwwen. Mir dierfen awer net vergiessen, datt an deene 663 Kanner 138 Kanner sinn, wou d'Elteren net schaffen. Déi hunn zwar eng Demande gemaach, si sinn och am ganze Package mat dran, mä fir eng Plaz an der Maison relais ze kréien, musse mer awer och hei op dëser Plaz soen, datt d'Chance ganz kleng ass. Well eis Waardelëscht esou grouss ass vun deene Leit, déi an eis Reegel erafalen, datt et fir déi Leit, déi net schaffen, praktesch aussiichtslos ass, datt Elteren, déi net schaffen, hir Kanner kënnen an d'Maison relais eran dinn. An dat sinn der ëmmerhin 138 bei eis an der Gemeng. Déi musse mer vun der Waardelëscht erofhuelen. Ech hunn déi effektiv an definitiv Zuelen extra nach eng Kéier de Mëtteg am zoustännegen Service nogefrot.

60.000 Euro gi mer fir zwee kleng Bussen aus, mat deene mer d'Kanner aus de Maisons relaisen an de Sport an an d'Kultur féieren, well d'Elteren net kënne present sinn.

Dann hu mer och am Enseignement fondamental vill méi héich Depensen. Do si mer op 5.681.000 par rapport zu 4.740.000 am Joer 2022. Jo, eis Botzfrae kommen an eng aner Carrière. Et ass natierlech och esou, sämtlech Depensë vum Fonctionnement vun de Schoule ginn och an d'Luucht. Alles, wat mer de Schoulen zur Verfügung stellen, klëmmt a wat an déi dote global Depensë mat erafält. An eise Ramassage scolaire ass och net ze vergiessen. Dee gëtt och méi deier an do hu mer jo och Personal an dat musse mer och bezuelen.

Et gesäit ee schonn am Budget, datt dat an d'Geld schléit.

Bei der Museksschoul stinn 1.800.000 Euro als Recetten. Dat ass esou vum Ministère de l'éducation ugekënnegt. Et ass och esou nogerechent ginn, de Moment no där Schülerzuel, déi de Moment d'Museksschoul besichen. Ech hoffen, datt dat och esou klëmmt an datt mer déi 1.800.000 Euro ausbezuelt kréien.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Beim Sport hu mer effektiv 150.000 Euro virgesinn. Dat ass awer fir allleguerten d'Organisatiounen, fir eis Sportsveräiner do ze ënnerstëtzen. Wat den Datum ugeet vun der Nuit du Sport, esou stoungen u sech 3 Datumen zur Auswiel. De 6. Mee, 13. Mee oder de 17. Juni. De Ministère huet decidéiert, datt et sollt den 13. Mee sinn. Wéi léise mer dee Problem hei zu Péiteng mat de Sportsveräiner? Mir hu Chance, datt mer de Problem net brauchen ze léisen, well d'Championnater eriwwer sinn. Dee leschte Match ass dee vum Volleyball, de 14. Mee an da si mer derduerch, esou datt mer hei zu Péiteng gutt laanscht déi Problematik kommen.

Den «usage unique» bei sportlechen Evenementer wäert an Zukunft net méi erlaabt sinn. Mir haten déi Saache schonn deelweis virgesinn a eisem Subsidereglement, dat u sech 2020 adaptéiert gouf. Wéi gesot, do gesi mer u sech vir, d'Veräiner ze encouragéieren, déi u sech ëmweltbewosst handelen an de System «gobelet à usage réutilisable» ignoréieren an datt se u sech sollen op Glieser zeréckgoen, respektiv op eise CUP-System zeréckgräifen, respektiv op de Spullweenchen. An do hu mer schonn an deem Reglement virgesinn, datt mer pro Manifestatioun de Veräiner kënne bis zu 500 Euro entgéintkommen. Wéi gesot, do hu mer e Budgetsartikel virgesinn, wou mer 5.000 Euro fir déi Saache virgesinn hunn. Dat sinn u sech «frais occasionnés dans l'organisation des fêtes utilisant matériel écologique». Dat fannt der ënnert dem Artikel 3/542. Wéi gesot och do, wa mer de CUP-System notzen, ass et esou, datt mer d'Spullstrooss vum CIGL Suessem notze fir déi Bechere spullen ze loossen.

Bei der Offallpolitik hutt der ganz Recht. Do si vill Efforte gemaach ginn. Et soll awer net sinn, datt mer eis sollen op deene Lorbeeren ausrouen. Well wa mer kucken, gesäit een, datt wann een Tonnage kuckt, mer vill Efforte maachen. Awer wat mech besonnesch freet beim recycléieren ass, datt mer doduerch manner Reschtmüll hunn, mä op der anerer Säit hu mer och déi Konventioun, déi mer mat Ecotrel ënnerschriwwen hunn. Et muss een sech virstellen, datt si eis d'lescht Joer 140 Tonnen ofgeholl hunn, wat u sech haaptsächlech Wäschmaschinnen, Frigoen, Trockner, asw, sinn. Dat ass enorm, 140 Tonnen, an dat spigelt sech dann och herno op där aner Säit erëm zeréck.

Wat mech awer och freet, wann ech déi Statistike kucke bei der Superdreckskëscht, ass datt eis Bierger wierklech disziplinéiert sinn. Et gi ganz vill Medikamenter agesammelt, Chemikalien oder Saieren, an och Ueleg a Fetter. Ech mengen, datt mer effikass sinn. Ech sinn awer elo emol einfach esou kéng ze soen, datt ee mëttelfristeg och iergendwann eng Kéier muss denken, dee Recyclingzenter nei ze gestallten. Well wa mer nach weider wuessen, da wäerte mer iergendwann – an ech soe bewosst mëttelfristeg – un eis Kapazitéiten drukommen.

Da war d'Fro nach, ob d'Taxe géifen ugepasst ginn. Mir mussen elo emol d'Zuele vun 2022 ofwaarden. Dann hu mer erëm méi Zuelen, déi méi d'Realitéit zeréckspigelen. Dat erlaabt eis dann e geneeë Calcul ze maache vun de Recetten/Depensen. Well par rapport zu 2021 war et relativ verfälscht wéinst dem Covid. Dann analyséiere mer déi Saach, a wann dat effektiv sech géif zeréckspigelen, datt et net méi käschtendeckend wier, da musse mer iwwert eng eventuell Upassung diskutéieren.

**Remacle Patrick (CSV):**

Nodeems ech dat lescht Joer hei an de Budgetsdiskussiounen nach hunn däerfen ufänken – ech hat do e gewëssene Welpeschutz – ass et dëst Joer e bëssen anescht an et ass eigentlech scho vill gesot. Ech wëll dann awer emol probéiere meng Analys a meng Gedanken hei afléissen ze loossen.

De Budget 2022 war e ganz éiergäizegen an optimistesche Budget. Leider awer huet déi geopolitesch Entwécklung eis nees eng Kéier e klenge Stréch bei der Verwierklechung vun eise Projete gemaach. Wa mer allleguerte gemengt haten, de

Covid hannert eis ze loossen, esou si mir Enn Februar 2022 duerch eng aner schrecklech Katastroph eppes Bessere beléiert ginn. De Krich an der Ukrain an déi domadder explosiounsaarteg steigend Energiepräisser, hunn zu enger Inflatioun vun ongeféier 7% hei zu Lëtzebuerg gefouert. D'Präisser an der ganzer Baubranche sinn a wäerten och weiderhin duerch de Plaffong goen. D'Penurie vu verschiddene Materialien, an dat geet vun de Baustoffer iwwert de Sprit bis hin zur Elektronik queesch duerch de Gaart. Vill Devisen op grousse Projete wäerten net kënne gehale ginn an et wäert net ausbleiwen, dass mir hei an noer Zukunft musse Gelder nostëmmen, fir eis Projete kënnen ze verwierklechen.

Ëmsou méi wichteg gëtt et deemno, dass eise Buergermeeschter, deen déi lescht 23 Joer - déi éischt 4 Joer als Finanzschäffen an duerno 19 Joer als Buergermeeschter – d'Zigelen ëmmer stramm an der Hand hat a ganz genau opgepasst huet, dass nëmme keen op d'Iddi sollt kommen, déi ordinär Ausgaben ouni gudde Grond an d'Luucht ze schrauwen.

Dës wäitsiichteg a nohalteg Finanzpolitik vum Pierre Mellina erméiglecht eis et elo, an dëser schwiereger Zäit och erëm 2023 ouni Emprunt auszekommen an d'Investitiounen trotzdeem ganz héich ze halen. Deemno wäerte mir Enn 2023 eng Pro-Kappverscholdung vun nëmmen nach 99 Euro hei an der Péitenger Gemeng hunn.

Dëst ass e Chiffer, deen sech weise léisst an deen et eis erlaabt optimistesch, awer selbstverständlech virsiichteg, kënnen an d'Zukunft ze kucken.

An och de Budget 2023 ass erëm e ganz éiergäizegen. Investissementer an der Héicht vu 64,34 Milliounen Euro ginn et ënner anerem um Niveau vun de Kanner- a Jugendbetreiungsstrukturen, eisem Fondamental, eiser Museksschoul, eise Stroossen- a Sportsinfrastrukturen an och an der Kultur.

Mir wëllen eng lieweg Gemeng, eng Gemeng wou eis Kanner uerdentlech kënne betreit ginn an och fir sämtlech Generatiounen eppes gebuede gëtt. D'budgetär Moyene sinn deemno 2023 do fir dat duerchzezéien.

Ech wëll awer och op e puer Projeten agoen, déi fir 2023 mat héijen Ausgaben an eisem Budget stinn.

Zu Rolleng an der Buergaass gëtt de Bauerenhaff renovéiert an et entsteet matzen am Duerfkär en Treffpunkt mat engem Musée, deen an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg soll entstoen, awer och eng Brasserie an eventuell e Commerce kann een sech op dëser Plaz gutt virstellen, esou dass hei eis Biergerinnen a Bierger d'Méiglechkeet kréien, sech ze begéinen an e puer gemittlech Stonnen zesummen ze verbréngen.

De Musée wäert en plus der touristescher Entwécklung an eiser Gemeng zegutt kommen.

Zu Rodange bei der Schoul am Paesch entsteet en neie Campus mat Schoul, Maison relais, Sportshal an ënnerierdeschem Parking. Dëse Projet wäert insgesamt eng 70,5 Milliounen Euro kaschten, ass domadder deen deierste Projet, deen d'Gemeng jee verwierklecht huet, an hei dierften d'Aarbechten am Hierscht 2023 ufänken. Dëse Projet wäert sécherlech der Liewensqualitéit vun de Rodanger Leit a Veräiner zegutt kommen an zousätzlech Betreiungsplaze fir eis Kanner schafen.

A fir zu Rodange ze bleiwen, wollt ech dann nach eng Kéier op déi nei Tribünen a Vestiairen agoen, déi viraussiichtlech am Fréijoer wäerten operationell sinn. Gläichzäiteg geet dann och dat neit Parkhaus op, wou eng 186 Autoe wäerte Plaz fannen, wat dann e Plus vun 136 bedeit par rapport zur momentaner Situatioun. An der rue Jos. Moscardo kënnt dann och nach e Parking fir Camionnettë bäi, wat d'Parksituatioun däitlech wäert verbesseren. A wa mer genuch Parking fir Camionnetten hunn, da kënne mir och agräife wann déi betreffend Leit sech net un d'Parkreegelen halen. Dat geet awer eréischt, wa mir de Leit och Méiglechkeete bidden, éischter net. Hei ass dann emol en 1. Schratt an dës Richtung.

Wat d'Parkplazen zu Rodange ugeet, do kommen och an der Lonkecher Strooss, vis-à-vis vun der Apdikt, nach eng 30 Plazen am Souterrain dobäi. De Schäfferot kann eis vläicht soen, wéivill ëffentlech Parkplazen am Zentrum zu Rodange an de leschte Jore geschafe goufen (Blobierg, rue Nic Biever, Lonkecher Strooss a Parkhaus beim Terrain zesummen). Et liest een ëmmer erëm an de soziale Medien, dass et zu Rodange net genuch Parkplaze géing ginn. Ech denken, dass dës Problematik an e puer Méint wäert aus der Welt sinn. A wann dann dat neit Parkleitsystem operationell ass, da gesäit een och wéivill Parkplaze wou nach fräi sinn.

A well et mir zu Rodange esou gutt gefält, kommen ech dann och nach op de Punkt vum Lotissement Neiwiss 2. Dëse Projet entspréicht nom Lotissement "an Atzéngen" genau där Politik, déi dës Koalitioun sech ginn huet, fir de jonke Leit aus eiser Gemeng et ze erméiglechen zu engem abordabele Präis Bauterrain ze kafen. 35 Eefamilljenhaiser a 4 Wunnengen an enger klenger Residenz wäerten an dësem verkéiersberouegte Quartier entstoen. A wann alles no Plang leeft, da kënnen déi éischt Haiser Ufank 2024 gebaut ginn. Mir bidden also jonke Familljen aus eiser Gemeng eng flott Méiglechkeet, an eiser Gemeng ze bleiwen an esou och eventuell weiderhin um sportlechen a kulturelle Liewen deelzehuelen, ouni eis Gemengegrenze mussen ze verloossen.

Da gëtt zu Péiteng d'Jugendhaus ëmgebaut. Dëst ass e flotte Projet, deen der haiteger Zäit ugepasst ass. En ass op eis Jugend ausgeriicht a wäert hoffentlech dee richtegen Uklang a Respekt bei hinne fannen.

Eis ëffentlech Plazen an der Gemeng ginn dann och verschéinert a méi funktionell ugeluecht. D'Gemengeplaz ass quasi fäerdeg, a wann de Chalet elo och nach iergendwann an noer Zukunft seng Dieren opmécht, dann hu mir och hei zu Péiteng am Zentrum erëm eng flott Plaz, wou d'Leit sech kënne begéinen. Et bleift just nach ze kucke wéi d'Arrangementer tëschent dem Bedreiwer an den Organisateure vu Fester op der Plaz kéinten ausgesinn.

D'Maartplaz kritt och eng komplett Revisioun. Et komme méi Elektro-Luetstatiounen dohinner, et gëtt begréngt an ech hoffen, dass dann och endlech Vëlosstänneren dohinner kommen. Dëst wier allerdéngs och op aneren ëffentleche Plazen an eiser Gemeng net vu Muttwëll.

Wat d'Vëloen ubelaangt, do begréissen ech, dass 2 Wäschstatiounen installéiert ginn, fir dass déi Leit, déi d'Méiglechkeet doheem net hunn hir Vëloen ze botzen, dat op dësen zwou Plaze kënne maachen.

E weidere grousse Punkt ass eist Stroossennetz mat all sengen ënnerierdeschen Infrastrukturen, virun allem d'Réseaue vum Of- an Iwwerflächewaasser. Hei si schonn eng Rei Projeten amgaang, déi weider gefouert ginn, wéi zum Beispill d'Achs vun der Nidderkuerer Strooss bis bei d'Kor. Neier kommen dobäi, wéi z.B. an der rue Nic Biever zu Rodange, an der Maragole an an der Avenue de la Gare zu Rolleng. Dass dës Aarbechten noutwenneg sinn, läit op der Hand, virun allem do, wou nei Lotissementer entstinn, awer leider och mat Bléck op de Klimawandel an déi domadder verbonne méi hefteg Nidderschléi, wouduerch d'Waasser méi schnell muss evakuéiert ginn.

De Problem allerdéngs bei dëse grousse Schantercher ass awer ëmmer dann d'Verkéierssituatioun. Mir hunn nach viru

kuerzem de Chaos konnten erliewen zu Péiteng, wann och nach gläichzäiteg de P&CH an der Avenue de l'Europe schafft. Hei wier et wierklech wichteg, an Zukunft eng besser Koordinatioun ze hunn an ze evitéieren, dass u sämtlechen Achse matenee geschafft gëtt. Ech weess allerdéngs och, dass do de Problem net bei eiser Gemeng läit.

Dir Dammen an dir Hären, et sinn nach esou vill Punkten am Budget, zu deenen ee kéint Stellung huelen. Et ass awer och scho vill gesot a kommentéierte ginn, esou dass ech elo ophalen.

Ech hätt awer nach e puer Froen zum extraordinären Deel:

- Beim giele Wee, dee laanscht d'Kor bei d'Péitenger Weiere féiert, ass dann elo anscheinend endlech eng Léisung fonnt ginn, déi d'Administration de gestion de l'eau an de P&Ch zefridde stellt, an d'Aarbechte kéinten deemnächst ufänken. Ass do scho gewosst, wéini dass dat lassgeet? Et wier jo flott, wann dat am Fréijoer fäerdeg wier, an d'Leit erëm propper an a Sécherheet do kéinte spadséiere goen.
- Den Här Halsdorf huet eis gesot, dass Péiteng deemnächst eng City-App géing kréien. Ech fannen dat wierklech eng gutt Saach, wat eise Matbiergerinnen a Matbierger villes am Alldag kéint erliichteren. Dofir meng Fro, ob et och geplangt ass, dat neit Parkleitsystem an dëser App ënnerzebréngen, esou dass een direkt online kéint gesinn, wou an eiser Gemeng nach Parkplaze fräi sinn.
- Bei den Transformatiounsaarbechte vum Jugendhaus kann dëst jo méi wéi sécher net opbleiwen. Ass do scho gewosst, wou déi Jugendlech wärend deem Zäitraum kënne betreit ginn?
- Ech war de leschte Samschdeg um Rock the South an hu gesinn, datt de Kabel aus dem Keller an d'Kichen nach um Wee läit, dee virum allem eelere Leit mat Rollstull a Rollator Misär mécht, fir sech ze deplacéieren.

  En plus steet och d'Kellerdier, an deem déi ganz Haustechnik ënnerbruecht ass, doduerch op. Hei sollen anscheinend schonn Devise vu Creos gemaach si ginn, Ass dat richteg a wa Jo, wéini kann do eppes geschéien, datt dee Kabel verschwënnt?

Dir Dammen an dir Hären, dat war et fir mäin Deel. Ech soen dem Schäfferot Merci fir d'Beäntwere vu menge Froen a soen och de Mataarbechter aus dem Finanzservice, esou wéi jidder eenzelem, deen un dësem Dokument matgeschafft huet, villmools Merci. Iech alleguerte soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den Här Remacle huet eng Analys gemaach vun der Situatioun, wéi se hei an der Gemeng ass. Ech kann deem nëmmen ënnersträichen, datt mer gutt opgestallt si fir déi nächst Joren eis Aufgabe fir eis Biergerinnen a Bierger ze maachen.

Da géif ech d'Wuert weider ginn un den Här Halsdorf.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech hätt e puer Klengegkeeten. Dat éischt ass déi Conclusioun, déi der maacht vun de Camionnettëparkingen, datt dat en éischte Schratt ass. Dat ass effektiv en éischte Schratt, an ech hat jo scho virdru gesot, datt duerno en zweeten, en drëtten, asw., kënnt. Dat ass eng Visioun, déi mer do hunn, an déi gëtt och duerchgezunn.

Dat zweet ass, wou der Bedreiwung hei op der Plaz frot mat den Organisateuren. Do musse mer eis effektiv zesummesetze mat alle Parteien a kucken, wat fir eng Léisung een do ka fannen.

D'Vëlosstänneren – do hunn ech jo gesot, datt deen neie Parking, direkt bei der Police, Vëlosstännere kritt. Et kommen der och hannert d'Gemengegebai. D.h, mir sinn an där Logik.

D'Reseaue vum Of- an Iwwerflächewaasser, fir dat ze trennen, ass haut Standard. Dat muss ee maachen, well aneschters ass et net méi ze maachen. Dat ass also Standard.

Da kënnt d'Fro mat der City-App. Et ass ganz richteg. Do muss ee kucken, fir esou vill wéi méiglech do eranzetässelen. Ech hunn se selwer nach net gesinn, mä ech weess, datt mer am Gaange sinn dorunner ze schaffen. D'Iddi fir de Parkleitsystem mat eranzehuelen ass gutt.

Dann hutt der nach déi Fro mam Home opgeworf. Den Home ass eng Geschicht, déi relativ komplex ass. Mir hunn deen iwwerholl, a virdru war e Bedreiwer dann, deen de Café gemaach huet. Duerno ass dunn op eng Kéier Restauratioun an engem méi grousse Mooss gemaach ginn. An déi Situatioun, déi mer hunn, huet net d'Gemeng provozéiert, mä déi huet de Locataire provozéiert. Hien huet e Kabel dohinner geluecht fir genuch Elektrescht ze hu fir an der Kichen ze kachen. Doropshin ass eng Léisung gesicht ginn. Et ass och anscheinend eng fonnt gi mat engem provisoreschen FI-Schalter an der Kichen. An dee fonctionéiert och stonnelaang an dann op ee Mol flitt en ewech. Et muss e Problem mat der Kachmaschinn sinn. Mä am Prinzip kéint dee Kabel ewechgeholl ginn, wann een dee provisoreschen FI-Schalter an der Kichen erëm géif umaachen. Da bräicht dee Kabel do net ze leien. Dat ass dee leschten Informatiounsstand, deen ech vun eisen Servicer kritt hunn. Mir kucken dat elo nach eng Kéier am Detail no. Wéi gesot, wa mer déi Situatioun hei hunn, dann ass de Proprietär manner schëlleg dorunner wéi de Locataire, deen dat dote gefrot huet. Wann der en Appartement verlount, an ob ee Mol seet dann de Locataire, e wéilt och gäre baken a leet mer dann dofir Elektrescht. Mir mussen eng Léisung fannen. Et wier anscheinend eng fonnt ginn – kréien ech gesot vun deem Techniker, deen sech dorëmmer bekëmmert – a mir mussen dat doten nach eng Kéier checken. Ech verstinn ären Onmutt an ech verstinn och déi Situatioun, datt dat sécher kee schéint Erscheinungsbild ass, wann do e Kabel läit. Dat ass richteg.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech hätt just ee Punkt, an zwar wat d'Transformatiounsaarbechte beim Jugendhaus ugeet. Dir schreift, datt et – deemno wéi – sécher net kéint op bleiwen. Wa mer elo am Januar mat den Transformatiounsaarbechten ukommen, da muss fir d'éischt d'Mise en conformité vum Elektreschen a vun all deem gemaach ginn. Da gëtt a Phase geschafft, an zwar ass dat esou geplangt, datt wann deen een Deel fäerdeg ass, se kënnen eriwwer plënneren an deen Deel, wat nei ass. An da gëtt anerwäerts geschafft. Et ass och esou, datt d'Jugendhaus meeschtens zu deene Stonnen op ass, wou d'Entrepreneuren net méi op der Plaz sinn, esou datt ee ka soen, datt et awer ka lafen. Natierlech ass et ganz bestëmmt mat Onbequemlechkeete verbonnen, ëmmer wann een esou ee grousse Schantjen huet. Et wäert sech och e wéineg an d'Längt zéien. Dat kënne mer natierlech och elo net virausgesinn, well jo awer déi Aarbechten net esou féx virugi wéi geduecht. Ob jiddwer Fall ass et esou ofgeschwat mam Architekt, deen de Moment donidden de Lead huet, a mam Architektebüro, deen dat Ganzt esou op d'Been gesat huet, an och mat deene Leit, déi de Moment donidde schaffen.

**Remacle Patrick (CSV):**

Jo, et ass nämlech ëmmer e grousse Sécherheetsproblem, wa Kanner, Erwuessener oder Jugendlecher sech bei engem Schantje mussen ophalen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

De Schantje muss dann ëmmer erëm ofgeséchert ginn. Wéi gesot, dat wäert eng gewëssen Zäit erëm anhuelen an dat wäert dat Ganzt och e bëssen an d'Längt zéien. Dofir ass jo och geduecht, fir wärend engem Joer do ze schaffen. Mä et ass op jiddwer Fall esou ugeduecht, fir et donidden awer kënne fonctionéieren ze loossen. A wann et elo wierklech guer net géing goen, da kënne mer nach ëmmer soen – mir hu jo schliisslech esou ee klenge Bus a mir hunn zu Rodange jo nach en Haus – datt mer se dann op Rodange kënne féieren, wou se dann zesumme kënnen Aktivitéite maachen. Dat ass guer net ausgeschloss.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt d'Parksituatioun zu Rodange ugeschwat. Éischtens emol, dat neit Parkhaus bei der Sportshal a beim Fussballsterrain. Dir hutt do gefrot, wéivill nei Parkplaze mer an der Lescht zu Rodange geschaaft hätten. Am Duerf waren et 41 Parkplazen, am Blobierg 31 Parkplazen, Parking Schäeffer, dat ass dee vun der Apdikt, sinn et 32 Parkplazen, Moscardo selwer 183, esou datt mer op een Total vun 287 Plaze kommen. Ech wëll awer och nach dobäi soen, datt mer och nach eng Kéier 94 Plazen an der rue de la Minière hunn, déi gratis sinn. An och do, wat d'Madamm Bouché virdru gesot huet, heiansdo soen d'Leit, et wiere keng Parkplazen am Quartier. Dach, dat ass och geduecht, fir dee Quartier opzefänken. Natierlech muss ee wëssen, wann een do parke geet, datt ee muss 100 oder 150 Meter trëppelen. Et ass awer net, datt keng Plazen do wieren.

Den Här Halsdorf hat iech scho mat de Vëlosstännere geäntwert. Ech wëll awer mäi Pefferkärchen dozou bäidroen. Hei virun der Gemeng hu mer schonn eng laang Zäit Vëlosstänneren, mä ech hu just nach ni e Vëlo do gesinn. Just fir dat emol einfach ze soen.

Effektiv, beim Giele Wee hat ech der Madamm Bouché schonn drop geäntwert mer wiere wierklech frou, wa mer do weider géife kommen an datt mer dat kéinte realiséieren. Ech widderhuelen dat, wat ech am leschte Gemengerot gesot hunn: d'Etudë si gemaach, d'Buedemprouwe si geholl, genee Datume kann ech iech do net soen, well mer net selwer de Bauhär sinn.

Selbstverständlech hutt der och Recht, wann der sot, datt mer vill Schantercher beieneen hunn. Ech wëll just einfach dee Projet huelen, dee mer elo op der Lonkecher Strooss hunn. Dee Projet ass viru 5 Joer hei vun der Gemeng geplangt ginn. Deen ass matgedeelt ginn. Et ass ee vun deene Schantercher, wou et einfach normal weidergeet, d'Reewaasserachs, mä och do hunn déi staatlech Instanzen dat net consideréiert. An och do soen ech, wéi op deenen anere Plazen och, datt einfach do Zesummenaarbecht en Trauerspill ass. An dat ass net respektvoll, wéi verschidde Leit an där Saach mat eis ëmginn. Ech wënsche mer – wéi dir et och gesot hutt – eng besser Koordinatioun an där ganzer Saach. Mir sinn oppen, mir deele mat, mä mir kréien näischt zeréck. Dat ass u sech schued.

Dat mam Parkleitsystem ass effektiv eng gutt Saach, well een dann déi fräi Plazen ugewise kritt. Et entdeckt ee vläicht och emol e Parking, deen een nach net kannt huet oder wou een net drun denkt. Déi App gëtt elo iergendwann eng Kéier online gesat. Si fonctionéiert schonn inoffiziell, mä si ass nach an der Erprouwung. Ech hu scho gesinn, datt se fonctionéiert, mä si ass awer nach net offiziell a Betrib. An dat war jo och den Zweck vun där ganzer Saach, wéi mer dee ganze System en place gesat hunn, datt een dat och kann duerno op Distanz kucken.

**Brecht Guy (LSAP):**

Hei ass en also, dee leschte Budget vun dëser Mandatsperiod, der 2. Period, wou d'Gemeng ënnert der Responsabilitéit vun enger CSV/LSAP stoung.

Erlaabt mer, am Ufank dem Schäfferot fir hir exzellent Presentatioun, an all deene Leit, déi un dësem Budget geschafft hunn – besonnesch dem Här Balance an der Madamm Paoletti, déi een an der Tëschenzäit wierklech als Finanzgenieë bezeechne kann – e grousse Merci auszespriechen. Besser kann een e Budget net opstellen a geréiere wéi si dat gemaach hunn. De Buergermeeschter huet de leschte Freideg betount, datt et säin 23. Budget wier, deen e géif virstellen. An ech mengen, ech si mat der Madamm Conter an dem Här Breyer déi eenzeg heibannen, déi di 23 Mol mat nogelauschtert hunn, zum Deel och nach an deem ale Sëtzungssall. Jo, 23 Mol vun där selwechter Persoun hannerenee virgestallt kritt, dovunner – wat mech a meng Partei betrëfft – 2 Perioden an der Oppositioun an zwou an der Majoritéit. An ech mengen, Här Buergermeeschter, an dir souzt och ee Mol an der Oppositioun, et huet een an deenen 2 Positiounen ëmmer eng aner Approche zu dësem Dokument.

Als jonke Conseiller steet een natierlech stramm zum Fändel. Parteidisziplin nennt een esou eppes. Mä am Laf vun de Joren, wann een dann e bësse méi räif gëtt an d'Politik ëmmer besser versteet an domat kann ëmgoen, da kommen engem éischt Bedenken, wéi zum Beispill «Louche mer ëmmer richteg?», «Do hätte mer awer net dierfen dogéint sinn!» oder «Dat hätte mer ni dierfe matstëmmen!».

E puer Fäll sinn et sécher an deenen 23 Joer ginn, mä dorobber kommen ech spéider nach eng Kéier zeréck. Bon, dat war e bësse méi eng laang Aleedung, déi awer no 23 Joer Budgetspresentatioun huet misste sinn.

Komme mer also zum Budget 2023. All Kéiers wann ee mengt, wéi déi Jore virdrun, et kéint een näischt méi toppe wat d'Budgetsopstellung betrëfft, esou gëtt een dëst Joer erëm enges Bessere beléiert.

Alt erëm, an dat zanter 2018, kënne mer behaapten, datt eis Finanzreserve méi héich si wéi eis Gemengeschold, an dat trotz Präishaussen, enger Pandemie an elo nach méi rezent engem Krich an Europa, wat d'Energiepräisser drastesch an d'Luucht gedriwwen huet. An dat huet sech besonnesch op zwee vun eise grousse Projeten ausgewierkt, nämlech déi nei Maison relais an d'Museksschoul.

Mä eis Gemeng huet sech, an dat besonnesch wärend der Coronapandemie, groussaarteg aus der Affär gezunn, wann ech nëmmen un déi Spezialsubsiden denken, déi se eise Veräiner zoukomme gelooss huet. Well bei deenen ass et deelweis ëm d'Iwwerliewe gaangen.

An d'Gemeng fiert weider op dëser ambitionéiser Schinn. D'Lotissement «An Atzéngen» ass esou gutt wéi ofgeschloss a scho steet erëm en neie Projet prett fir entaméiert ze ginn: Lotissement «Neiwiss II». An déi zwee Projeten droen dozou bäi, fir virun allem jonke Stéit en eegent Heem an eng anstänneg Zukunft ze garantéieren.

Mä net all jonke Stot kann sech esou eng Wunneng leeschten a mussen e Liewe laang Loyer bezuelen, deen oft méi héich ass wéi déi Zomm, déi se op e Prêt all Mount missten erëmbezuelen. D'Wunnengsnout soll sech laut Regierung verbesseren an d'Präisser fir Wunnenge solle stabil bleiwen oder esouguer erofgoen an den nächste Joren.

Mä dat gëtt schonn eng Zäitche gesot. Firwat net deene jonke Leit, déi esou vill Loyer all Mount musse bezuelen, eng aner Méiglechkeet bidde fir zu engem Eegenheem ze kommen an esou engem Exod an d'Ausland vu jonke Lëtzebuerger Stéit ze verhënneren. Wéini huet endlech ee Minister de Courage, fir dee Problem unzepaken.

Mä zeréck zum Budget 2023. De Fënnefjoresplang kënnt op en Enn. An dat eenzegt, wat ee ka soen ass, datt déi

Responsabel vun der Gemeng Péiteng, an dat säit der Aféierung vun dëser Direktiv, sech all déi Zäit minutiéis un déi Direktiv gehalen huet, an dat trotz munch Inconvenient (Coronapandemie, Präishaussen, asw.). Mä trotz dësen exzellenten Zoustänn an eiser Gemeng hu mer awer 2 Problemer, déi zanter Joerzéngte kontinuéierlech an d'Luucht ginn: De Verkéier an d'Kriminalitéit, verbonne mat der Sécherheet.

Den Trafic duerch eis Gemeng hëlt vu Joer zu Joer zou an déi sëlleg Schantercher droe bestëmmt net zur Berouegung vun dëser Situatioun bäi, éischter de Géigendeel.

D'Leit dobausse verstinn net ëmmer, datt d'Infrastruktur-aarbechten dréngend noutwenneg sinn, och wann – an do hunn d'Leit net Onrecht – net alles mateneen a Stand muss gesat ginn. Mä do klappt den Dialog mat de Ponts et Chaussées net ëmmer. A bei dësem munch schlechten Dialog féiert dat zu Chaos, wéi mer et am Moment virun allem duerch d'Uertschaft Péiteng erliewen. An ech stelle mer ëmmer vir, mä hoffentlech kënnt et ni esou wäit, e Groussbrand an der Lëtzebuerger Strooss wärend de Spëtzestonnen, wann d'Autoen déi eng Säit bis op d'Porte de Lamadelaine an déi aner Säit bis op d'Biff zum Stëllstand kommen.

D'Kriminalitéit: Et ass kee Geheimnis, datt d'Schwéier-kriminalitéit an eiser Gemeng zouhëlt, wat jo och déi rezent Policeasätz op eisem Gemengegebitt beweisen. Wéi laang plädéiere mer scho fir e supplementare Büro an der Grenzregioun, mä och dat stéisst bei eise Regierungs-memberen op daf Oueren. De Policekader gëtt jo zanter de leschte Joren andauernd opgestockt an hoffentlech kréie mer och eng Kéier e Stéck vum Kuch mat.

Zum Här Halsdorf senge Ressorten ass just ze soen, datt en eis e groussen Iwwerbléck ginn huet iwwert d'Aarbechten, déi dréngend noutwenneg sinn, well se deelweis veraalt sinn a mussen erneiert ginn.

Neel mat Käpp ginn och elo – an dat no méi wéi engem Joerzéngt – gemaach, wat den Hotel am Doihl betrëfft. Hoffentlech behalen déi Neel hire Kapp dës Kéier an deen éiergäizege Projet kann endlech entaméiert ginn.

Wat mer och begréissen, ass déi nei Astellungspolitik. Endlech, kann ee soen, ginn d'Servicer opgestockt an deelweis nei Poste geschaf. Mir sinn et jo an der Vergaangenheet gewuer gi wat et heescht, wann een Service op ee Mol just nach zu engem Drëttel fonctionéiert an net méi fäeg ass, adequat senger Aarbecht nozegoen. Mä Gott sei Dank ass eise Verkéiersservice erëm opgestockt a mat gudde Leit besat ginn, déi hir Aarbecht zu eiser vollsten Zefriddenheet ausféieren.

Deem enge seng Freed, deem anere säi Leed. An dovunner kann d'Madamm Conter sécherlech e Liddche sangen. A si séngt jo och ganz gären. A wann dann déi nei Museksschoul endlech, an dat mat engem groussaartegen Auditorium, hir Dieren opmécht, gëtt se eis bestëmmt eng Prouf vun hirem Talent zum Beschten. Mä dat wäert nach e Sträppchen daueren a mir wënschen eis alleguerten, datt dee Projet – deen deiersten an dëser Mandatsperiod – endlech zur Vollendung kënnt.

An déi nei Maison relais, déi och zu hirem Ressort gehéiert, ass batter néideg an entlaascht jo och – wéi d'Madamm Conter ëmmer betount – eis Waardelëschten. Mä mir si bestëmmt nach net do ukomm, fir dee grousse Besoin zefriddenzestellen. Weider Investissementer an déi Richtung wäerten och an Zukunft batter néideg sinn. Eis Gemeng wiisst a wiisst. Méi Awunner, méi Kanner, méi Demandë fir an d'Maison relais. Et ass am Moment a wäert och an Zukunft eng grouss Erausfuerderung sinn, deene ville Besoine gerecht ze sinn an ze ginn. Mä ech géif soen, mir sinn als Gemeng gutt opgestallt, fir déi Erausfuerderung ze meeschteren.

Den Här Mertzig, als Sport- an Ëmweltschäffen, hat et och bestëmmt net ëmmer liicht wärend dësem Joer. Zu Rodange um Stade Philippart ginn awer d'Aarbechte gutt virun, esou datt mer – an dat ass e gewote Pronostic – am Fréijoer 2023 kënnen op där neier Tribün Plaz huelen. An da verfüge mer iwwert eng Sportsanlag, déi wierklech eenzegaarteg hei am Kordall ass.

D'Suergekand bleift awer de PiKo am Doihl. Do war virgesinn, datt déi hir Dieren erëm sollt am Hierscht opmaachen. Mä duerch e ganze Koup Feelplanungen, wou d'Gemeng awer net d'Schold drun hat, wäert déi Nei-Ouverture sech awer ëm ee Joer verschiben, bis den Hierscht 2023. Loosse mer hoffen.

Voilà, dat wier meng Appreciatioun als Fraktiounsspriecher vun der LSAP zum Budget 2023 gewiescht. Mä ech kommen awer net, wéi all Joer, laanscht e puer Kriticken, déi net béisaarteg gemengt sinn, awer solle gesot ginn.

Ech waarden – an ech net eleng, mä och vill Leit dobaussen – zanter méi wéi 2 Joer op eng Äntwert vum Här Halsdorf, wat eise Reseau vun der Eltrona betrëfft. Den Här Halsdorf hat mer deemools gesot, si hätten eng Entrevue mat der Eltrona, fir se op dat deelweis schlecht Fonctionement vun hirem Reseau opmierksam ze maachen. Kéint dir mir, an och de Leit dobaussen, haut soen, wat bei där Entrevue erauskomm ass? An duerno direkt eng nei Entrevue fixéieren, well zanter deenen 2 Joer huet sech guer näischt un der Qualitéit geännert.

Esch2022 kënnt esou lues zum Enn. Wat behale mer vun dëser Mammutorganisatioun am Gedächtnis. Ech net vill. Eng Rakéit, déi um Belval gestart ass ginn, just wéi Russland hir Offensiv an der Ukrain ugefaangen huet, eng groussaarteg Kavalkad, déi duerch d'Péitenger Stroosse gezunn ass ënner herrleche Wiederkonditiounen an ... do war dach nach eppes. Nuja, ech wëll mer hei an dobaussen net ze vill Feinde maachen, mä eis Bevëlkerung huet net vill vun dëser Manifestatioun matkritt. Eng ganz Woch mat auslännesche Gäscht duerch d'Land ze zéien empfannen ech – an dat ass vläicht just meng Meenung – net als héich kulturell. Eis Gemeng hätt bestëmmt méi ze bidde gehat, mat enger Hellewull vu groussaartegen Talenter aus eiser Gemeng. Mä et ass jo elo eriwwer. Déi nächste Kéier maachen aner Leit et vläicht besser, wie weess. Dozou och nach eng Fro: Wéivill huet d'Opstelle vun deene Stoff-Affichen iwwert d'Ëmwelt-verschmotzung kascht an déi permanent um Buedem louchen? Mir haten déi Aktioun jo deemools an den neien Ateliere wärend der Fréijoersbotz virgestallt kritt.

Zum Ofschloss awer nach e Wuert zu eisem Schaffe wärend dëser Mandatsperiod. Et war eng grouss Chance fir eis als LSAP an esou enger Majoritéit matzeschaffen. Och mir als Partei, och wa mer nëmmen de Juniorpartner waren, konnten dëser Period eise Stempel opsetzen. Eng Ekipp, déi ënnert dem Impuls vun esou engem virbildleche Buergermeeschter konnt schaffen, ass schonn aussergewéinlech. Här Buergermeeschter, Madamm, dir Häre Schäffen, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus der Majoritéit an aus der Oppositioun, mir hunn alleguerte bewisen, wéi een eng Gemeng virubréngt, an hoffentlech wäert et och an deem Sënn elo esou virugoen.

Mir als LSAP-Fraktioun wäerten de Budget 2023 selbstver-ständlech matstëmmen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir soen och dem Här Brecht Merci fir seng Appreciatioun zu dësem Budget. Et sinn eng ganz Rei Saachen, déi een

honnertprozenteg ka mat ënnerschreiwen. Hien huet och dat eent oder anert bemängelt, wou en dann och seet, firwat geet et net esou séier virun. Dat ass leider ëmmer e bëssen esou. Ech mengen, meng Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot waren elo éischter concernéiert, wat déi konkret Froen ubelaangt an dofir géif ech d'Wuert un den Här Halsdorf weiderginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Här Brecht, ech ginn iech gären eng Äntwert op déi Reunioun, déi mer mat der Eltrona haten. De ganze Schäfferot in globo war mat der Eltrona zesummen, Mir hunn hinnen déi Doleancen – mir hate jo och konkret Fäll, wou mer gesot hunn, mat Zäiten asw, – weider ginn. Si hu gesot, datt se géifen duerno kucken. Duerno hunn se eis gesot, datt si déi Problemer, déi mer hinne beschriwwen hunn, net an hirem Reseau fonnt hunn. An zwar huet dat domadder ze dinn, datt wann een den normalen Ëmfank huet vun der Tëlee, dësen unidirektional ass. Dat heescht, si schécken e Signal eraus an et ass keng Méiglechkeet fir dat Signal ze kontrolléieren. Wann een elo dat selwecht Abonnement hëlt wéi bei der Post, dat heescht Telefon an Televisioun zesummen, da kënnt och e Signal zeréck an da gesinn se, wa Problemer sinn. Dofir, si wësse vun der Situatioun, a well mer keng Retoure kritt hunn, si mer dovunner ausgaangen, datt et elo besser ass. Dir sot elo, datt et net besser ass. Ech kann iech awer soen – wann ech mech perséinlech huelen doheem – datt virun engem Joer vill méi oft d'Bild hänke bliwwen ass an esou Geschichten. An haut hunn ech praktesch näischt méi. Dat heescht, bei mir perséinlech an der Tëtelbiergstrooss zu Lamadelaine ass et besser gi wéi et war. An ech hunn och d'Eltrona. Méi kann ech iech an deem Fall hei net soen. Ech ka just soen, datt se iwwerall Glasfaser maachen an theoretesch ass eng Glasfaser d'selwecht an der Tëtelbiergstrooss wéi an der rue du Prés oder an der rue du Moulin.

Da reegt der iech op, datt se am Kader vun Esch2022 duerch d'Land gefuer sinn. Ass dat wéinst deem Konvent vun der Fédération Européenne des Cités Carnavalesques? Mir hunn dat gemaach, well et eng Éier ass, esou een Event an eng Gemeng ze kréien. Ech mengen, et kommen do awer Leit aus der ganzer Welt an eis Gemeng, an eisen Numm vun der Gemeng Péiteng gëtt dann doduerch duerch d'ganz Welt gefouert. An deem Sënn, mengen ech, war dat schonn eng richteg Iwwerleeung. Si ass jo och deementspriechend esouguer vun Esch2022 unerkannt ginn an Esch2022 huet esouguer en Deel finanzéiert. Esou datt si et warscheinlech net esou gesinn wéi dir et gesitt.

Wat de Käschtepunkt vun der Ausstellung ugeet, esou war dat en Ëmweltprojet an den Här Mertzig wäert iech do eng Äntwert ginn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et wier net ganz vill ze soen, ausser datt mer wëlle weiderfuere mat deene Maisons relaisen a Schoulen, wou mer bauen. An dann, wéi der sot, deem enge seng Freed an deem anere säi Leed, esou sinn ech op jiddwer Fall gudder Déng an hoffen, datt mer haut an engem Joer de grousse Concertssall vun der neier Museksschoul kënnen aweien an do déi éischt Prestatioune kënne lauschtere goen. An da kucke mer emol, wien do säin Talent zum Beschte gëtt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Selbstverständlech freeë mer eis, wann déi Aarbechten ofgeschloss sinn um Stade Philippart. Ech wëll nach eng Kéier soen, datt déi Tribün, déi virdrun do war – och wann dat elo verschidde Leit net gefält, datt mer do investéieren – iwwer 80 Joer hat.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz op d'PiKo zeréckkommen. Ech hat der Madamm Bouché zwar schonn drop geäntwert. Ech mengen, mir waren och zesumme kucken an do konnt jidderee gesinn, wat fir eng Envergure, datt dee Schantjen huet. Effektiv hate mer deelweis de Pech, datt mer an d'Pandemie gefall sinn. Mir haten e Soustraitant, deen net fonctionéiert huet wéi en hätt missten a wou mer hu missten eng «mise en demeure» maachen. An dat erkläert dann och dee gréissten Deel vum Retard, deen u sech do ass.

Wat déi Ausstellung effektiv kascht huet, hunn ech elo net direkt am Budget fonnt. Ech reechen iech dee Chiffer awer no.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt just nach eppes soen zum Här Halsdorf mat deem Konvent vun der FECC. Do war eis am Virfeld ëmmer gesot ginn, datt dat och eppes fir d'Bevëlkerung wier. Déi mëschen sech ënnert d'Leit, do ass e grousst Volleksfest an da sinn déi Leit alleguerten do an da gëtt mat deene gefeiert. Mä si waren ëmmer nëmme fir sech. Si waren ëmmer nëmmen agespaart. Dee Konvent war uewenop am Home. Do waren nëmmen e puer Leit invitéiert, et waren e puer VIPen do, mä méi ass do net gelaf. D'Bevëlkerung huet näischt matkritt vun deem Ganzen.

**Breyer Roland (CSV):**

Samschdes war hei virun der Gemeng e grousst Fest, op dat d'Leit invitéiert waren.

**Brecht Guy (LSAP):**

Waren si dann do och do?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Hei am Zelt war eng grouss Manifestatioun an et waren e puer honnert Leit, déi do waren. Dofir, et war een esou een Event.

**Brecht Guy (LSAP):**

Jo, et ass gutt. Da leien ech net ganz richteg. Mä ech wollt et awer soen.

**Martins Dias André (CSV):**

Wéi d'lescht Joer schonn, hunn ech mech misste bis ganz zum Schluss gedëllege fir d'Budgetsdokument 2023 ze kommentéieren. Dëst huet sécherlech de Virdeel, datt scho villes gesot ginn ass an datt ech verschidde Froen net fir d'drëtt oder fir d'véiert stelle muss, verlaangt awer och, datt ech am Numm vun der Fraktioun d'Conclusiounen zu den Diskussioune maachen, andeems ech deen een oder anere Punkt vun de Kolleegen nach eng Kéier ernimmen.

Ech géif dann direkt ufänke mat menge perséinleche Froen a Bemierkungen a komme méi spéit, nom Avis vun der Finanzkommissioun, bei eng méi allgemeng Conclusioun.

Beim Service ordinaire hätt ech do 6 Punkten:

1.) Am Beräich vun der Kommunikatioun geet rieds vun engem Invest vu 65.000 Euro an d'City-App. Ech mengen, déi Fro brauch ech awer net ganz ze detailléieren. Den Här Halsdorf hat scho virdru gesot, datt nach net vill méi Detailer gewosst sinn, wat do dra kënnt.

2.) Bei de Recettë vun de Maisons relaise liest een, datt d'Participatioun vum Stat vu 4.100.000 Euro op 5.880.000 Euro eropgeet. Op der Depensesäit hu mer am Artikel 242 en Total vun 8.200.000 Euro. Madamm Conter, kënnt dir mer hei bestätegen, datt de Prinzip vun de «Gratis Maisons relaisen», mat deem sech den Educatiounsminister dobausse bretzt, also net ganz vum Stat bezuelt gëtt, an déi restlech Käschte vun ëmmerhin 2.300.000 Euro vun eiser Gemeng musse gedroe ginn?

Beim Thema Maison relais wollt ech op alle Fall e Luef ausschwätzen, datt och hei nei Weeër gaange ginn, andeems een zu Péiteng notamment vis-à-vis Raimlechkeeten notze ka fir d'Kanner an der Mëttesstonn ze betreien. Dëst schwätzt zwar warscheinlech net alleguerten déi Kanner un, déi op eng Plaz waarden, awer wäert sécherlech e positiven Effekt am Ofschafe vun der Waardelëscht hunn.

3.) Bei de Subventiounen, déi d'Gemeng un d'Jugendhaus gëtt, geet de Montant vun 340.000 Euro op 400.000 Euro erop. Wouduerch kënnt dës Erhéijung? Sinn dat lafend Käschten, déi do an d'Luucht ginn?

4.) Bei der Contributioun zum Finanzement vum CGDIS muss ech fir dat drëtt Joer hannerenee feststellen, datt mir mat den 1.050.000 Euro erëm eng Erhéijung vun iwwer 10% par rapport zum Joer virdrun hunn, ouni datt een dovun awer ee Resultat um Terrain gesäit ënnert der Form vun zousätzleche Moyenen an onsen CISen.

5.) Erfreelech fannen ech et dann awer op der anerer Säit, datt mir mat 200.000 Euro Zënseinname rechnen, déi wäit iwwert den 30.000 Euro Zënse leien, déi mir op den ausstoende Kreditter ze bezuelen hunn. Sinn dat Zënsen, déi mir op Comptes à terme bei de Banken oder Placementer beim Stat kréien? Oder wou genee kommen déi Recetten hir?

6.) E Merci wéilt ech awer och vun hei aus als neie President vun der Jugendkommissioun soe fir d'Erhéijung vum Budget fir d'Aktivitéite fir d'Jugend. Déi Memberen, wou déi lescht Sëtzungen dobäi waren, wëssen datt et dëst Joer budgetär ganz enk war an datt dës Erhéijung vum Budget vun 23.500 Euro op 30.000 Euro de richtege Schratt war, fir datt och weiderhin eis fest Rendez-vouse vum Hip-Hop Open Air, vum Rock the South a vum Job Day kënnen assuréiert ginn.

Beim Service extraordinaire bleiwe mer dann och nach e puer Froen a Bemierkungen:

Ech fannen et gutt, datt de Parkleitsystem 2023 zu Rodange en place gesat gëtt. Wéi praktesch esou ee System ass, hu sécherlech vill Leit déi lescht Méint gemierkt, wéi se drop opmierksam gemaach goufen, datt et de Parking an der Gillardin Strooss gëtt. Ee Parking, deen et scho laang gëtt, un deen een awer net onbedéngt direkt denkt, wann een an den Zentrum vu Péiteng fiert.

Punkto Wunnengsbau begréissen ech, datt nom Lotissement «An Atzéngen» elo d'Lotissement «Neiwiss II» a seng lescht Phas iwwergeet, an datt och den néidege Budget virgesinn ass, fir um fréiere Gemengesite zu Rolleng e PAP auszeschaffen, fir och an Zukunft de jonke Leit vun hei d'Méiglechkeet ze ginn, fir hei an der Gemeng kënnen ze bleiwen a sech een Haus ze bauen. Bedauere muss ech dann awer am selwechten Otemzuch, datt déi 2 Projete vu sozialem Wunnengsbau, mam Eefamilljenhaus zu Rolleng an deenen zwou Wunnengen zu Rodange, elo fir drëtt Joer am Budget stinn. Dës Projeten daueren a mengen Aen einfach ze laang a missten onbedéngt fir 2023 prioriséiert ginn.

Datt de Buedem an der Sportshal zu Rodange ersat gëtt, ass och eng gutt Saach. Wéi gesäit et do eigentlech aus fir déi nei Sportshal, déi am Schoulkomplex an der Croix cassée entstoe soll? Ass do och ee Sportsbuedem, deen offiederend ass, virgesinn?

Betreffend den Avis vun der Finanzkommissioun, hu mer den 1. Dezember an der Kommissioun de Budget am Detail duerchgekuckt an all Member konnt zu all Punkt seng Bemierkunge maachen a Froe stellen. Ech hu mech beméit, fir op déi Froen ze äntweren, wou ech d'Informatioune virleien hat duerch Decisiounen, déi am Gemengerot geholl si ginn, an hat do Ënnerstëtzung vum Thierry Balance, deen de Sekretär vun der Kommissioun ass.

Folgend Kommentare sinn zum Budgetsdokument gemaach ginn:

D'Kommissioun bedauert, datt den Dossier Bëschcrèche schleeft, virun allem wann ee bedenkt, wéi héich d'Nofro no Crèchëplazen ass. Et ass elo fir dat drëtt Joer hannereneen, datt 50.000 Euro am Budget drastinn.

D'Kommissioun bedauert, datt de Bau vum Eefamilljenhaus fir sozial Zwecker zu Rolleng an der rue de la Montagne och net esou virugeet ewéi geplangt, a virun allem, datt de Käschtepunkt elo bei ronn 1.350.000 Euro leie wäert, wou een am Ufank vu ronn 850.000 Euro ausgaange war. De Bau vu Sozialwunnenge misst hautdesdaags absolut Prioritéit hunn, virun allem, wann een d'Entwécklung vun de Präisser um Immobiliëmarché gesäit. Déi zwee Projeten, déi 2021 an 2022 am Budget stoungen, sinn nach guer net oder nëmmen zum Deel realiséiert ginn. D'Kommissioun freet, datt dës 2 Projeten absolut prioritär solle behandelt ginn an datt nach weider Projete fir Sozialwunnenge solle realiséiert ginn.

D'Membere vun der Kommissioun begréissen, datt um Niveau vum Beschëldere vun de Vëlosweeër soll eppes gemaach ginn, en Vue vun der verbesserter Ubannung vun eiser Gemeng mat den Nopeschgemengen.

Betreffend d'Recettë vum Klimapakt, huet sech ee Member gewonnert, datt dës net méi héich ugesat sinn, dëst nodeems ëmmerhin eng Rei Mesurë geholl gi si fir d'Ëmwelt. D'Demande ass opkomm, ob et méiglech ass fir de Rapport ze veröffentlechen an deem dra steet, wéi eng Punkte vum Klimapakt erreecht sinn a wéi eng nach net. Esou datt d'Membere vum Gemengerot fir d'Zukunft wëssen, wat nach verbessert kéint ginn an deementspriechend Propose maache kënnen. Ganz am Sënn vun ärer Ausso vu virdrun, wéi dir der Madamm Bouché geäntwert hutt, datt mir dëst d'Klimazil just zesummen erreeche kënnen.

Allgemeng stellt d'Kommissioun fest, dass de Budget 2023 ganz ouni zousätzlechen Emprunt auskënnt a begréisst, datt de Scholdestand sech Enn 2023 op knapp 2.037.000 Euro beleeft. Dovunner ausgoend, datt ee knapp 16.000.000 Euro Reserven huet, bleift soumat den néidege Spillraum, fir an Zukunft een Emprunt opzehuelen, falls dëst néideg sollt sinn.

Duerch d'Erhéijung vun iwwer 7.280.000 Euro vun de Recetten aus dem Fonds de dotation globale des communes klëmmt den ordinäre Boni fir 2023 op iwwer 29.000.000 Euro. Zesumme mam presuméierte Boni vun 2022, deen sech op 30.600.000 Euro belafe wäert, huet d'Gemeng déi néideg Ressourcë fir den extraordinäre Mali ze decken a behält nach en definitive Boni vu ronn 13,5 Milliounen Euro.

D'Kommissiounssëtzung ass zu Enn gaange mat der Conclusioun, datt d'Memberen sech eestëmmeg fir de Budgetsprojet 2023 ausgeschwat hunn, och wann een dovunner ausgeet, datt – am Hibléck vun deem, wat 2021 an 2022 verschafft ginn ass – déi nach ëmmer relativ ambitiéis Zuelen, déi fir 2023 virleien, nëmme ganz schwéier wäerte kënnen erreecht ginn.

Ofschléissend géif ech mech op d'Riede vu menge Kolleegen aus der CSV-Fraktioun bezéien, déi iech haut de Mëtteg an am fréien Owend duergeluecht hunn, datt an de ganz villfältegen Dossiere vu Schoulwiesen, iwwer Logement, Jugend, iwwer Tourismus, Ëmwelt, Sport a Fräizäit, déi lescht Jore vill geleescht gouf an dëst och nach weidergoe soll.

Dëst ass den drëtte Budget hannereneen, deen iwwer 60.000.000 Euro Investissementer am extraordinäre Budget virgesäit, an et gëllt alles drunzesetzen, fir esou gutt wéi et geet virun ze kommen, am Intressi vun eise Bierger.

Dës Investissementer si just méiglech, well ee säit 23 Joer, fir et an de Wierder vum Buergermeeschter Pierre Mellina auszedrécken, «sech aus enger komplexer, schwiereger Finanzsituatioun am Ufank, eraus an eng absolut gesond Finanzsituatioun beweegt huet».

De gudde Rot vum Pierre Mellina, fir mat dëser Finanzpolitik weiderzefueren, huele mir eis zu Häerzen, a falls d'Wieler d'nächst Joer am Juni der selwechter Meenung sinn ewéi d'Piraten, an d'CSV bestätegen an hirer Roll als dreiwend Kraaft am Schäfferot vun der Gemeng Péiteng, wäerte mer dëst och probéiere konsequent duerchzesetzen, fir esou der Gemeng laangfristeg Perspektiven ze ginn.

Mir als CSV-Fraktioun soen all de Beamten, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren, Merci a sti selbstverständlech voll a ganz hannert dësem Budgetsprojet 2023.

Merci am Virfeld fir d'Beäntwere vu menge Froen a Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Martins Merci fir seng Interventioun. Ech mengen, ech hat et scho virdrun ugedeit beim Här Breyer, datt de CGDIS sécherlech och an Zukunft net bei deenen 1.050.000 Euro stoe bleift an datt de Betrag och an Zukunft erop wäert goen. An dat obscho mir – an do ginn ech him vollkomme Recht – hei um Terrain vun deene Méikäschten op jiddwer Fall näischt gesinn. Mir hunn natierlech och d'Chance, datt mer e ganz performante Pompjeescorps hei hunn, deen op ganz vill gutt Fräiwëlleger, déi ganz gutt ausgebilt sinn, kann zeréckgräifen. Dat ass net méi an all Sektioun an an all Gemeng méiglech. Awer mir bedeelegen eis natierlech a Funktioun vun eiser Populatioun an och a Funktioun vun dem Geforepotential, wat an eiser Gemeng ass, un deene Fraisen. An dofir ass eis Participatioun esou héich a si wäert och an Zukunft nach eropgoen. Ech mengen, do brauch ee keen Hellseher ze sinn, fir dat am Viraus ze gesinn.

Wat déi 200.000 Euro Zënsen ubelaangt, esou hu mir dat just wéinst Placementer. Mir wëssen, datt mer eng relativ héich Reserv nach hunn, well och d'Projeten net esou virugi wéi mer eis dat ëmmer esou virgestallt hunn. Wann een nëmmen eleng kuckt, mir haten eigentlech «crédits autorisés», déi eng déi reportéiert ginn, déi aner, déi am Laf vum leschte Joer gestëmmt goufen, respektiv déi gestëmmt waren, vun iwwer 80 Milliounen. Mir ginn elo am Rectifié op 58 Milliounen erof, dat heescht, mir haten nach eng Reserv, dat heescht, datt mer 40 Millioune fir de Moment disponibel hunn. A wann d'Zënsen eropginn, da kréie mer natierlech och op deene Suen Zënsen. Mä et ass net dat, wat mir als Politiker wëllen. Mir hätte léiwer, d'Projete géife virugoen a mir géife keng 200.000 Euro Zënse kréien. Mä de klenge positive Punkt, deen dat e bësse méi luest Virugoe vun eise Projeten, ass, datt mer eng Recette hunn, déi méi héich ass wéi d'lescht Joer. Mä et ass eng geschate Recette, bien entendu. Dat ass elo keng Recette, déi elo honnertprozenteg ass, mä et ass nach eng virsiichteg geschate Recette.

Da géif ech gäre ganz kuerz op déi Sportshal-Geschicht agoen. Effektiv hu mer elo gemierkt, datt – wat eis Sportshal vu Rodange ubelaangt – et net onbedéngt dat gielt vum Ee ass. An dofir bessere mer jo elo 15 Joer, nodeem datt se gebaut gouf, no a mir maachen dann een e bëssen offiederende Buedembelag. An ech ginn dovunner aus, datt ee jo normalerweis aus Feeler léiert an datt, wa mer déi nei Sportshal zu Rodange hannert d'Päesch-Schoul bauen, mer déi Iwwerleeungen, déi eis elo och dozou féiere fir de Buedem nozebesseren, och mat an d'Wo leeë wa mer decidéieren, wat fir ee Buedembelag mer an där neier Sportshal kréien. Dat ass elo net muer, wou déi Decisioun fält. Mä ech sinn awer bal sécher, wann een déi néideg Konsequenzen an déi néideg Conclusiounen zitt aus deem, wat an der Sportshal zu Rodange nieft dem Philippart-Stadium geschitt ass, da wäert ee warscheinlech hei dat berécksiichtegen an och esou ee Buedem an där neier Hal virgesinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt nach eng kuerz Informatioun zu der City-App ginn. An der Stad hu mer eng City-App, zu Esch hu mer eng, an ech huelen un, datt mer eis un deene wäerten orientéieren. Et ass och dee selwechte Provider, deen se mécht. All déi Doleancen, déi der hutt, gitt eis déi eran. Mir kucken dann, wat mer kënne mat afléisse loossen.

Wa mer d'City-App bis méi konkret hunn, wäerte mer och dem Gemengerot se virstellen. Mat der App ass ee méi mobil, et huet een Informatiounen, déi op der Tëlee sinn, dann an der Täsch an et kann ee vläicht och Interaktivitéit do abauen, déi méi liicht ze maachen ass wéi wann een effektiv fest op enger Plaz sëtzt.

Zum Schluss wollt ech mech nach de Wierder vum Buergermeeschter uschléissen, wou en de Leit alleguerte Merci gesot huet fir d'Opstelle vum Budget. Ech wëll mech deem expressis verbis ralliéieren an och soen, datt een nëmmen eng gutt Aarbecht ka maache wann ee gutt Beamten huet. An déi hu mer, an dofir konnte mer och esou eng gutt Aarbecht maachen. Hinnen alleguerte Merci.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech wollt eng Äntwert ginn op déi Ausgabe vun der Maison relais. Mat der Maison relais, wat steigt vu 4.100.000 op 5.800.000 Euro u Recetten, déi mer erakréie vum Ministère. Mir kréie bei de Maisons relaisen ëmmer 75% vun deem wat nach iwwereg bleift vun de Fraisen. Also do kréie mir 75% erëm. Wat de Ministère no bausse seet, «gratis Maison Relais», sinn dat Stonne wärend de Woche wou Schoul gehale gëtt, wou de Ministère de Familljen d'Stonne bezilt. Awer wann d'Kanner wärend de Vakanzen an d'Maisons relaise kommen, do gëtt kee Bäitrag zu deene Stonnen, wou d'Kanner do betreit ginn, vu Säiten dem Ministère geleescht. An dofir ass dann ëmmer nach eng Ausgab extra opgelëscht. Wann der kuckt, do ass jo ëmmer nach e Bäitrag vun den Elteren dobäi, dee jo awer geschrumpft ass, an dee bleift och nach. Dat sinn einfach Elteren, déi wärend de Vakanzen hir Kanner an d'Maison relais schécken. An déi Stonnen, wou se do verbréngen, ginn net vum Stat subventionéiert.

Déi sougenannte gratis Maison relais, dass mir eis do virgestallt hätten, och mir géifen do 100% vum Stat kréien, dat ass elo net richteg.

**Martins Dias André (CSV):**

Ech hu mer et net virgestallt. Et ass ebe just, datt si Reklamm dobausse maachen, datt et gratis ass, mä ënnert dem Stréch bezuele mir dat Gratist mat.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Jo, mir bezuelen do nach en héije Batz, an déi Käschte ginn nach weider an d'Luucht, wann déi nei Maison relais zu Lamadelaine ugeet. Da musse mer jo bedenken, datt mer och do nach héijer Personalkäschte kréien. Esou datt mer bedenken, datt mer vun deene 75% kréien. A wann een dat duerno kuckt, wann déi Maison relais duerno zu 100% fonctionéiert, da wäerten déi heite Fraisen nach ganz héich klammen.

Dann ass et och esou, datt et d'selwecht ass bei der Subventioun vum Jugendhaus. Do geet de Montant vun 340.000 Euro op 400.000 Euro erop. Mir hunn do Salairen, déi an d'Luucht ginn. Mir hu jo och Educateuren do dran, mir hu

Graduéë mat dran, an do duerfe mer net vergiessen, datt wann d'Léin an d'Luucht ginn, da weist dat sech duerno natierlech och am Budget erëm. An dat gesi mer dann hei.

Da kommen ech bei d'Jugendkommissioun. Ech fannen och, datt et bei der Jugendkommissioun berechtegt ass, datt mer déi Zomm an d'Luucht gesat hunn, fir datt si kënne schaffen a fir déi Rendez-vousen, déi fest an der Agenda stinn, oprecht ze erhalen an eventuell nach aus- oder ëmzebauen, an nach aner Aktivitéite kënnen dobäi ze maachen am nächste Joer. Ech mengen, de Covid ass eriwwer an et ass jo och fir d'Jugend, datt erëm nei Organisatioune fir si an d'Liewe geruff ginn.

Da gëtt bedauert, datt den Dossier Bëschcrèche schleeft. Jo, mä mir hunn emol missten e wéineg siche fir eng Plaz ze fanne fir déi Bëschcrèche z'implantéieren. Ech mengen, mir hätten elo déi richteg Plaz fonnt. Natierlech dierfe mer och net vergiessen, datt mer dee Terrain nach mussen ëmklasséieren an datt dat och net esou séier geet. Ech sinn awer gudder Déng, datt mer déi Bëschcrèche op déi Plaz kréien, déi mer elo erausgesicht hunn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir stellt eng Fro zu der rue de la Fontaine. Ech war schonn dorobber agaangen, ma ech wäert awer nach eng Kéier kuerz äntweren, wat dann op deem Terrain gemaach gëtt. Do gëtt u sech e Wee ugeluecht, et gi Beem dohinner geplanzt, et gëtt eng Begréngung gemaach, et gi Bänken dohinner gesat. Et gëtt u sech eng «zone de récréation», fir et zesummefaassend ze soen, do entsteet u sech e klenge Park.

Beim Parkleitsystem ass et richteg, wéi der gesot hutt. Op eemol stelle verschidde Leit fest, datt et do och nach eng Méiglechkeet gëtt fir ze parken. An doranner gesi mer de Virdeel vun deem ganzen Outil, dee mer eis do ginn.

Den Här Buergermeeschter hat zwar schonn op de Buedem vun der Sportshal geäntwert. Do entsteet e moderne Site an ech ginn dann och dovunner aus, datt do och e moderne Sportsbuedem drakënnt. Do sinn d'Detailer nach net ukomm. Wann ech awer richteg weess, da war déi Hal zu Rodange – ech war déi Zäit awer nach net dobäi – net nëmmen als Sportshal geduecht, mä et ass en «hall polyvalent» gewiescht. An dofir ass dat deemools esou mat deem Buedem gemaach ginn.

Beim Eefamilljenhaus hutt der Recht mat deem, wat der sot. Mä do gëtt et awer och Erklärungen dofir. Wéi gesot, den Terrain war guer net esou einfach wéi mer eis dat virgestallt haten. Wéi der och wësst ass den Index relativ dacks déi lescht Joren an d'Luucht gaangen. D'Devisë sinn u sech schonn 2019/2020 gefrot ginn. D'Ausschreiwunge sinn 2022 gemaach ginn. Dir wësst jo och, wat an där Zäit geschitt ass, och mat der Präisexplosioun. Dat ass awer net déi eenzeg Erklärung. Wéi gesot, dat ass eng vun den Ursaachen, mä et war awer och, datt déi Persoun, déi sech doräms bekëmmert huet, laang Zäit krankgemellt war. Mir haten och nach aner Problemer an eisem techneschen Service. Ech wëll awer elo net hei op d'Situatioun vum Personal am Detail agoen. Wéi gesot, et sinn awer eng ganz Rei vun Ursaachen, wou et ginn, firwat datt dat esou zustane komm ass. Ech deelen awer vollkommen är Meenung an och déi vun der Finanzkommissioun, datt esou Projeten u sech prioritär musse virugedriwwe ginn, an dat och fir d'Zukunft.

Da stellt der d'Fro mat de Vëlosweeër. Wéi der gesinn hutt, hu mer och do e Vëlosleitsystem virgesinn, datt mer dat dann och erfaassen an datt mer et u sech mat den Nopeschgemenge verbannen. Dofir si mer emol frou, datt elo emol erëm zu der enger Säit op ass an datt mer erëm eng direkt Verbindung mat Käerjeng hunn. Wéi gesot, Déifferdeng ass méi komplizéiert. Mir sinn awer och am Gaangen ze kucke mat Ibbeng, Mont-St-Martin, respektiv Lonkech, wou u sech nach kleng Verbindungen ze maache sinn. An och do komme mer zeréck op dat, wat mer virdru geschwat hunn, op déi «Axe de mobilité douce» laanscht de Giele Wee. Och dat ass u sech eng Verbindung, wou wichteg ass, fir déi «projets transfrontaliers» ze koppelen. Deen eenzege Problem, wou do ass a wou mer eng Kéier musse kucken, dat ass fir duerno beim Lycée eng korrekt Verbindung ze maachen, well dat Stéck Vëloswee och nach laanscht d'Schinnen entsteet bis bei de Lycée. An ech mengen awer, datt mer duerno op där enger Säit op d'Trame verte eriwwer kënne kommen, datt mer am Duerf sinn, an déi aner Säit probéiere mer da laanscht d'Weieren och ze kommen. An iwwert dee Wee hu mer dann och en direkten Uschloss un eis national Vëlosweeër. Do si mer och am Gaangen drun ze schaffen an do geschitt och an Zukunft eppes.

Wat de Klimapakt ugeet, do ass et esou, datt mer net méi spéit wéi den 1. Dezember den Auditeur fir de Klimapakt hei war. Dee kënnt all 3 Joer. Do stoung ech iwwer 4 Stonnen zur Verfügung, fir do mam Auditeur a mat eisem Personal zesummen der Froestellung Rechnung ze droen. Do wäert dann och deemnächst e Rapport erauskommen. Da wäerte mer eis op dee Rapport baséieren, fir déi Saachen, wat do festgehale ginn ass, dem Gemengerot matzedeelen. Souwisou ass et am Klimapakt 2.0 virgesinn, datt de Klima-Schäffen ee Mol am Joer muss e Rapport un de Gemengerot maachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domadder hätte mer haut d'Diskussioun zum Budget ofgeschloss a mir géifen eis dann deen nächste Freideg erëmgesinn, fir dann déi eenzel Projeten ze diskutéieren an dann och iwwert de Budget ofzestëmmen.

Ech soen iech Merci fir är Gedold a fir är Opmierksamkeet wärend all deene Stonnen hei.

# Gemeinderatssitzung vom 12. Dezember 2022

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV) – *ab Punkt 5.1*<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Breyer Roland** (CSV) – *bis einschl. Punkt 4*
**Welter Christian** (Piratepartei)

### 1.

**Punkt 1 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.**

Der Gemeinderat hat beschlossen, die getroffene Entscheidung nicht zu veröffentlichen.

### 2. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 3.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt und Ernennung in den Jugendausschuss - Beschluss.

Der Rücktritt von Frau Catia Monteiro wird zur Kenntnis genommen.

Geheime Abstimmungen:

Einstimmig wird Frau Sofia Costa aus Rodange zum neuen Mitglied des Jugendausschusses ernannt.

Herr André Martins Dias wird einstimmig zum neuen Vorsitzenden des Jugendausschusses ernannt.

### 3.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt und Ernennung im Umweltausschuss - Beschluss.

Der Rücktritt von Frau Catia Monteiro wird zur Kenntnis genommen.

Geheime Abstimmung:

Einstimmig wird Frau Caroline Freylinger aus Rodange zum neuen Mitglied des Umweltausschusses ernannt.

### 4. - Soziales.

„Natur genéissen“-Vereinbarung mit SICONA Sud-Ouest über den Kauf von nachhaltig produzierten Lebensmitteln - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.1. - Liegenschaften.

Begradigung der Grenzen zwischen den Gemeinden Käerjeng und Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.2. - Liegenschaften.

Erster Nachtrag zum Mietvertrag mit dem luxemburgischen Staat über die Anmietung des ehemaligen „Eucosider"-Geländes in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.3. - Liegenschaften.

Vorvertrag bezüglich des kostenlosen Erwerbs eines Grundstücks in Petingen, Standort rue Jean-Baptiste Gillardin, von der Gesellschaft Trident 1 SARL - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.4. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks in Rodange, Standort avenue Dr. Gaasch, von Frau Florence Fostier - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.5. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks in Petingen, Standort rue Neuve, von den Herren Muhamed Suljkanovic und Salko Suljkanovic - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6.1. - Raumplanung.**

Antrag auf Parzellierung von Herrn Muhamer Ljucevic bezüglich der Aufteilung von zwei Grundstücken in Petingen, rue Belair n°15 und n°1, - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6.2. - Raumplanung.**

Antrag auf Parzellierung von der Gemeindeverwaltung Petingen bezüglich der Aufteilung von zwei Grundstücken in Petingen, rue des Ecoles, - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**7.1. - Vereinswesen.**

Statuten des Vereins „Daachverband vun den Lëtzebuerger Lokalradioen ASBL“ - Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

**7.2. - Vereinswesen.**

Statuten des Vereins „Brotherhood of the Red Lion ASBL“ – Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

**7.3. - Vereinswesen.**

Statuten des Vereins „DC Bull’s Hit ASBL“ – Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

**8. - Rektifizierter Haushalt 2022 und Haushalt 2023.**

Diskussionen und Beurteilungen der Gemeinderäte – Antworten des Schöffenrates.

# Séance publique du 16 décembre 2022

***Durée de la séance**: 14.15 à 17.30 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) | |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absents et excusés:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Welter Christian** (Piratepartei)

# ORDRE DU JOUR

**Séance publique (14.15 heures)**

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale: Titres de recettes – décision.
3. Environnement: Programme d’action annuel pour l’exercice 2023 du syndicat SICONA Sud-Ouest – décision.
4. Affaires sociales: Aide financière au profit de l’association Käl-Téiteng Hëlleft ASBL en guide de soutien pour les victimes de l’incendie à Kayl en date du 6 décembre 2022 – décision.
5. Budget rectifié de l’exercice 2022 et budget initial de l’exercice 2023
   - 5.1. Travaux extraordinaires
     - 5.1.1. Construction d'un nouveau complexe scolaire avec maison relais et hall sportif au centre de Rodange: approbation du mémoire descriptif, des plans et du devis - décision.

5.1.2. Travaux de remise en état et d'amélioration de la Maison relais «Dachse vun der Bich» à Rodange: vote d'un devis adapté - décision.
5.1.3. Participation aux frais d'aménagement d'un nouveau souterrain ouest à la gare de Rodange: vote du devis adapté- décision.
5.1.4. Réaménagement d'un terrain dans la zone verte dans l'impasse de la rue de la Fontaine à Rodange: vote d'un devis adapté - décision.
5.1.5. Construction d'une maison unifamiliale à caractère social à Lamadelaine: vote d'un devis adapté - décision.
5.1.6. Réaménagement de la place du Marché à Pétange: vote des plan et devis - décision.
5.1.7. Aménagement d'un parking de surface pour camionnettes dans la rue Jos Moscardo à Rodange: vote des plan et devis – décision.
5.1.8. Installation d'un système de guidage dynamique pour les parkings communaux: vote du devis Parking payant - remplacement d'horodateurs existants: vote du devis - décision.
5.1.9. Remplacement d'horodateurs existants: vote du devis – décision.
5.1.10. Acquisition de radars pédagogiques: vote du devis - décision.
5.1.11. Remplacement d'installations tricolores dans la commune: vote du devis - décision.
5.1.12. Stabilisation du mur de soutènement reliant le chemin de Brouck à la rue du Clopp à Rodange: vote du devis - décision.
5.1.13. Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues: vote du devis - décision.
5.1.14. Installation d'un nouvel éclairage LED aux terrains de tennis en face du site «An der Léier» à Pétange: vote du devis - décision.
5.1.15. Mise en place d'un sol sportif amortissant au Hall sportif à Rodange: vote du devis - décision.
5.1.16. Installation d'une station de lavage pour vélos: vote du devis – décision.
5.1.17. Modernisation de la régulation de la piscine à Pétange: vote du devis - décision.
5.1.18. Renouvellement de la façade de la crèche «Villa Bambi» à Rodange: vote du devis - décision.
5.1.19. Acquisition de nouveaux instruments de musique, de mobilier et de matériel 1er équipement pour les besoins de la nouvelle école de musique à Pétange: vote du devis - décision.
5.1.20. Acquisition de mobilier et de matériel de 1er équipement pour les besoins de la nouvelle Maison relais à Lamadelaine: vote du devis - décision.
5.1.21. Acquisition de mobilier et de matériel 1er équipement pour les besoins de la nouvelle école à Lamadelaine: vote du devis - décision.
5.1.22. Acquisition de mobilier et de matériel 1er équipement pour les besoins de l'école «An Eigent» à Pétange: vote du devis - décision.
5.1.23. Mise en place d'une statue en bronze à l'entrée du parking de la gare à Pétange: vote du devis - décision.

5.2. Votes du budget rectifié de l'exercice 2022 et du budget initial de l'exercice 2023 – décisions.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant.

## 2.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 442.844,35 euros – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes:*

| | |
|---|---|
| *Remboursement par la mutualité des employeurs des indemnités pécuniaires de maladie* | *83.263,04 €* |
| *Impôt commercial – 4e trimestre* | *222.000,00 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 3.

### Environnement.

Programme d'action annuel pour l'exercice 2023 du syndicat SICONA Sud-Ouest – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei ass eppes, wat mir all Joer erëm hunn. Am Aktiounsplang vun der SICONA fir 2023 sinn u sech 15 verschidde Projete virgesinn, déi bei eis an der Gemeng vun der SICONA realiséiert solle ginn. Dat wier am ganze fir eng Charge vun 267.425,52 €, wou awer dann och subsidéiert gëtt. Déi Subside ginn direkt bei de SICONA, esou datt nach 154.000 € an den ordinäre Budget 2023 stoe kommen. Wéi gesot, dëse Programm gëtt ëmmer gemaach fir d'Nohaltegkeet an och fir den Ëmweltschutz.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech gesinn, de Weier, dee soll an d'Maragole lafen, steet nees eng Kéier dran. Ech hoffen, datt en dann dëst Joer gemaach gëtt. Elo steet dee jo bal 2 Joer ëmmer um Programm, et gëtt jo awer ëmmer verréckelt. Elo hoffen ech, datt deen dëst Joer

zustane kënnt, net datt et d'nächst Joer méi deier gëtt ewéi all eis aner Projeten.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et wier effektiv gutt, wann dat gemaach géif ginn. Et ass zwar esou, datt et effektiv virgesi war, ma et ass gezéckt ginn, well do nach en anere Projete mat de Waasserleitungen derhannert louch. Déi eng Säit fir eisen neie Quartier, déi aner Säit, well d'SES och eng nei Waasserleitung dohinner wëll leeën. Ech mengen, déi Saache sinn der Tëschenzäit gekläert, esou datt dat ech hoffen an och dovunner ausginn, datt déi Aarbechten awer 2023 wäerte realiséiert ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.

### Affaires sociales.

Aide financière de 5.000,00 euros au profit de l'association Käl-Téiteng Hëlleft ASBL en guide de soutien pour les victimes de l'incendie à Kayl en date du 6 décembre 2022 – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei geet et ëm eng finanziell Hëllef fir d'Associatioun «Käl-Téiteng Hëlleft». Wéi déi meescht oder bal jidderee matkritt hunn, hate mir do eng Tragedie, wou e Méifamilljenhaus ofgebrannt ass a wou och e jonke Mënsch leider säi Liewe gelooss huet. 23 Leit hunn doduerch hir Wunneng verluer. Dofir froe mir de Gemengerot fir iwwer eise Budget, wou mir ëmmer virgesinn hu mat 20.000 €, hinnen en Don iwwer 5.000 € z'iwwerweisen. An do géif ech och de Gemengerot bieden, dat z'approuvéieren.

**Remacle Patrick (CSV):**

Als gebiertege Käler – ech hunn déi éischt 20 Joer vu mengem Liewen do gewunnt – begréissen ech dës Initiativ. Ech hunn nach ëmmer vill Kolleegen do a soen dem Schäffen- a Gemengerot Merci fir dës Aktioun.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat nach kuerz dozou ze soen ass, dat ass, datt mir dat do och gemaach haten ewéi d'Héichwaasser am Mëllerdall war. Ech mengen, do mussen a solle mir och an Zukunft als Gemeng Solidaritéit weisen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Esou wéi och Solidaritéit mat eis gewise gouf virun e puer Joer.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.1.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Construction d'un nouveau complexe scolaire avec maison relais et hall sportif au centre de Rodange: approbation du mémoire descriptif, des plans et du devis au montant total arrondi de 70.500.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da kéime mir zum Punkt 5, deen an eng Rei Ënnerpunkten opgedeelt ass. Awer de Punkt 5.1.1. ass sécherlech dee Punkt, deen dee gréisste Punkt wäert vun der Diskussioun duerstelle vun haut den Nomëtteg. Dofir sinn ech och ganz frou, datt nieft eisem zoustännegen Architekt, dem Här Bauler, deen dee ganzen Dossier vun der Gemeng aus verfollegt, och eng ganz Rei Büroen, y compris natierlech och d'Architekten- an Ingenieursbüroen, haut present si fir eis dee Projet virzestellen.

Ëm wat geet et? Ech mengen, mir hate scho méi dacks rieds dovunner. Mir haten eigentlech schonn de 17. November 2020 eng éischt Entscheedung getraff am Kader vun engem „Jury de concertation rémunéré“ a wou mer am Fong dem Architektebüro Schemel Wirtz Associés souwéi Franz&Sue, déi och hei present sinn, dëse wichtege Projet am Intressi vun eise Schoulkanner a vun der Entwécklung vun eiser Gemeng zougestallt hunn. Mir wëssen awer och, datt dat e ganz grousse Projet ass. E Projet, dee weeweisend ass fir d'Zukunft vun der Uertschaft Rodange. Wann eng Uertschaft gewuess ass an de leschte Joerzéngten, dann ass dat Rodange. An do huet et eigentlech geheescht – an et war noutwenneg - datt mir e Schoulkomplex am Zentrum vu Rodange kéinten opstellen. Mir hunn eng Tendenz gesicht fir eng Kéier dee ganzen 1. Zyklus, wéi een dat haut seet, ënner een Daach ze kréien an doduerch Raimlechkeeten an aner Schoulgebaier fräizekréien, fir d'Zyklen 2 bis 4 weider kënnen auszebauen am Zesummenhang mat der Zuel vun de Schüler an och mat den néidegen Upassungen, déi mir mussen am Grondschoul-unterrecht maache fir deem gerecht ze ginn.

Mir hunn awer och gemengt – an dat ass och e wichtege Schratt, dee mir hu musse maachen, an et war och ëmmer virgesinn – eng weider Maison relais zu Rodange opzeriichten. Mir hunn eigentlech 2 Maisons relaisen zu Rodange, an hei kéim eng drëtt derbäi fir 238 Kanner.

Mir sinn awer och der Meenung, datt mer och am Sport nach weider mussen investéieren – haaptsächlech natierlech fir de Grondschoulunterrecht a fir net kënnen de Reproche gemaach ze kréien, datt mer Raimlechkeete permanent fräistellen a fräi loossen, och owes – hu mir eng Kombinatioun gesicht tëscht dem Schoulsport, deen noutwenneg ass an deen och virgesinn ass am Plang vum Grondschoulunterrecht. Op där aner Säit awer och fir owes an nomëttes, also dem Fräizäitsport gerecht ze ginn. Dat ass och eng vun den Ursaache firwat mer higaange si fir d'Sportshal esou ze konzipéieren, datt all Sportaart do gemaach ka ginn. Esouwuel Handball ewéi Basketball oder Volleyball. Mir wollten ee Moment d'Héicht méi niddereg virgesinn, ma mir hunn et eigentlech als e Feeler, oder eis Nofollger géifen dat als e Feeler gesinn, wa mir do géifen op engem Meter Héicht spueren. Wat natierlech e Käschtepunkt huet an och zur Erhéijung vum Käschtepunkt bäigedroen huet, wat een awer net méi hätt kënne reparéieren. Wa mer do 6 Meter gehat hätten, dann hätte mer éiweg 6 Meter gehat. Mir hunn awer gemengt datt, wann een e Projet vun esou enger Envergure lancéiert, da soll een all Dispositiounen huele fir datt déi Haapthalesportaarten, wat nun eemol Hand-, Basket- a Volleyball sinn, och hei zu Péiteng kënne praktizéiert ginn an do kënne stattfannen.

Mir hunn awer kloer dovunner ofgesi fir do och nach eng Tribün ze baue fir ze soen, do kënnen och nach Matcher gespillt ginn. Dat hätt eng ganz aner Envergure gehat an och ganz aner Dispositioune beinhalt. Dat wollte mir net. Mir sinn der Meenung, datt d'Matcher vun deenen 3 Sportaarte kënnen zu Rodange an der Sportshal, wou mir och en anere Buedembelag wëlle virgesi fir eise Sportler, besonnesch de Basket- a Volleyballspiller, e bessere Belag kënnen ze garantéiere fir datt d'Verletzunge méi ausbleiwen ewéi dat, wat elo de Moment do ass. Mir wëllen eigentlech weiderhin déi offiziell Sportsevenementer – dat sinn d'Matcher – zu Rodange an zu Péiteng maachen. Do hu mir zwou Hale mat Tribünen, wou bis 300 Leit kënne kommen. An ech mengen, do ass dee Bedarf ofgedeckt.

Awer et bleift awer nach ganz vill Bedarf vun Training. Net nëmme vun deenen 3 Sportaarten, mir kënnen och nach aner Sportaarten nennen, déi de Moment mussen an den LMA goe well eben net genuch Plaz an eise Sportshalen ass. An hei géife mir eng zousätzlech Moossnam huele fir datt och aner Sportaarten, also alleguer déi Halesportaarten, kënnen hei participéieren. A mir kënnen och dee Sall trenne fir datt esouwuel am Schoulsport souwéi an engem anere Sport zwou Sportaarten do dirigéieren.

Mir hate jo och eng Diskussioun wat de PAP ugeet vun eisem Projet. De PAP muss realiséiert ginn. Doduerch kënne mir och eise Projet hannendru realiséieren. Dofir hu mir och de PAP, fir déi Bedenken, déi d'Noperen haten, wëllen aus der Welt ze schafen, well si gemengt hunn, et wieren net genuch Parkplazen do wann do méi eng grouss Aktivitéit oder eng ëffentlech Aktivitéit an deem Eck géif stattfannen, datt d'Parkplazen net géifen duergoen an d'Leit da virun hirer Dir géife stoen. Dofir ass och nach en zousätzlechen Deel, dee mir de Bierger a Biergerinne proposéiert hunn an hinne gesot hunn, datt mir dee géifen an d'Weeër leeden. Dat ass en ënnerierdeschen, ëffentleche Parking mat 61 Emplacementer. Wann een elo kuckt, Rodange, och wat de Parking ubelaangt, do wëll ech awer och drop agoen. Et gëtt ëmmer nees gesot, mer hätten net genuch Parkplazen. Wa mir op enger Plaz genuch Parkplaze geschaf hunn, dann ass et am Zentrum vu Rodange. Mir wëssen, datt mir iwwer 40 Plazen hu géintiwwer vun der Kierch am Parking Am Duerf. Am Parking Am Blobierg hu mer an déi 30 Plazen. Mir kréien 150 Parkplaze bei der Sportshal zu Rodange, a mir schafen hei nach eng Kéier 61 Parkplazen um Niveau vun dësem neie Site, esou datt mir kënne soen, datt mir bal 300 Parkplazen zu Rodange wäerte schafen. Ech mengen, dat géif och an engem schlëmmsten Zenario, wou vill Aktivitéiten am Zentrum vu Rodange stattfannen, deem gerecht ginn. Esou datt mir hei e ganz grousse Schratt gemaach hunn. Ma mir mussen hei zu Péiteng nach nobesseren, well hei ass nach „Nachholbedarf". Ma hei hu mir gewisen, datt mir an deem Beräich eise Bierger a Biergerinnen entgéintkommen, déi ronderëm wunnen an déi sech natierlech enervéiert fille wann do eng Aktivitéit ass a wann d'Leit an hire Stroosse parken. Et gëtt awer och deene Leit, déi un deenen Aktivitéite wëllen deelhuelen, déi op deene Sitten do stattfannen, d'Méiglechkeet fir eng Parkplaz ze fannen. Dat ass net dat Wesentlechst an engem Projet ewéi deem heiten, awer et ass en Element, dat ee muss kucken an och a Betruecht huelen.

Wéi gesot, an dëser Maison relais oder an dësem Gebai soll dann och weiderhin eng „cuisine de production" komme mat enger Kapazitéit vu 600 Iessen. Dat gëtt an dat deckt dat ongeféier of, wat noutwenneg ass fir déi 3 Maisons relaisen zu Rodange fonctionéieren ze doen. Dat Ganzt huet awer e stolze Präis. Ech mengen, mir hunn hei en Devis vu 70,5 Milliounen Euro. Do sinn 2 Consideratiounen ze maachen: engersäits hu mir eng Reserv vun e bësse méi ewéi 2 Milliounen Euro, anersäits hu mir den Index vu 6 oder 6,5 Milliounen Euro agerechent. Mir hunn also e bëssen der Präisevolutioun Rechnung gedroen. Et gouf awer ee Moment fir deem nach méi Rechnung ze droen, ma et muss een natierlech net ëmmer den Däiwel un d'Mauer molen. An da wiere mer op e Präis komm vun 80 Milliounen Euro, wa mer wierklech den Index mat engem Semester-Index vu 4% a Betruecht gezunn hätten. Wann ee weess, datt esou e Projet wéi deen heien, deen awer, wann e fäerdeg ass, 3 an en halleft bis 4 Joer dauert, dann hätt een deem Rechnung gedroen. Mir wëllen awer emol eng verstänneg Evolutioun hunn. Wuel wëssend datt, wann et esou virugeet ewéi et elo hei ass a wéi et fir de Moment ass opgrond vum Krich a vun der Pandemie, datt déi Indexatioun vläicht net duer geet. Da muss een natierlech opgrond vun der neier Erkenntnis an den nächste Joren eng Kéier nobesseren. Mir hunn eng virsiichteg Situatioun hei presentéiert. Mir hunn eng normal Evolutioun vum Index, vun der Präisdeierecht consideréiert. A wann ech kucken, wat de Statec rezent gesot huet, da si mir gutt mat eiser Evolutioun hei, déi mir héichgerechent hunn. Wuel wëssend, datt een do ëmmer an d'Glas kuckt an datt et net ëmmer a Stee gemeesselt ass. Ech mengen, datt mir eng ganz korrekt Berechnung op d'Präisser vun haut gemaach hunn, a mir hunn eis 8 Millioune Reserve. 2 Millioune souwisou, plus déi 6 an d'hallef Milliounen, déi mir fir d'Indexatioun virgesinn hunn, ma déi awer eng Deierecht kann iergendwéi offiederen. Och wann se se net ganz offiedere kann, awer wéinstens zum Deel. Déi 70,5 Milliounen Euro ass déi décksten Zomm, déi mir jee hei investéiert hunn. Mir mussen awer och wëssen, datt mir hei 4 Projeten an engem hunn. Dat muss een och kloer soen. Et ass net 1 Projet, ma et ass eng Maison relais, et ass eng grouss Schoul, déi zukunftsorientéiert ass, et ass eng Sportshal an et ass en ënnerierdesche Parking. Wann een dat opgeschlësselt hätt op 4 Projeten, dann hätt dat eng ganz aner Envergure. Ech mengen awer, datt dee Projet hei e ganz wichtege Schratt ass fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng, a besonnesch fir d'Entwécklung vu Rodange. An dofir kann ech nëmme virschloen, dësem Projet zouzestëmmen. Et ass nach e laange Wee bis e steet. Op d'mannst hu mer en haut op d'Schinne gesat. An ech hoffen, datt mir en haut zesummen als Gemengerot op d'Schinne setzen.

Fir den Detail vun där ganzer Saach ginn et Leit, déi besser ausgestatt si fir dat ze maachen. A si sëtzen all an der 2. an 3. Rei. An ech géif elo ganz gär engem d'Wuert ginn, deen eis dat vläicht e bësse méi am Detail an och mat enger Powerpoint-Presentatioun virstelle kann. Et ass derwäert fir sech mat esou enger Zomm, déi mir haut engagéieren, ausenanerzesetzen. An dofir géif ech dann dem Här Wirtz oder wien ass do deen éischten, deen d'Wuert wäert huelen, d'Wuert ginn.

***Beissel&Ruppert, Schemel Wirtz/Franz&Sue Architecte / INCA / Jean Schmit Engineering / Andrea Weyer / Energie Environnement:***

*Deen neie Projet vun engem Schoulcampus zu Rodange huet 3 verschidden Deeler mat enger baussechter Verbindung bei dat aalt Schoulgebai Am Päesch (Meederchersschoul). Et ass eng speziell Situatioun, well den Terrain verleeft vu Westen no Osten, an dat mat engem Héichtenënnerscheed vun 10 Meter. D'Gebai ass deementspriechend terrasséiert an d'Funktiounen och deementspriechend opgedeelt an e Schoulgebai, e Gebai fir d'Maison relais am mëttelsten Deel, a Sportinstallatiounen souwéi e Parking. D'Kanner an d'Foussgänger kënne geschützt op de Site kommen, all d'Gefierer kommen iwwer e ganz aneren Accès eran – mat Ausnam vun de Pompjeeën.*

*Um éischte Stack si Klasseraim ënnerbruecht an och eng Terrass, déi zougänglech ass vun dësem Stack an och vum Patio an der Mëtt um Stack drënner. D'Klassesäll leien all op der Sonnesäit an déi sougenannt „Clusteren", déi vun de Klasse kënnen interaktiv benotzt ginn, hunn och ëmmer e Bezuch no baussen. Dat ass och de Grond, firwat an all de Gebaier e Patio ass. Et ass fir genuch Dagesliicht ze kréien an datt och ëmmer eng Verbindung no bausse besteet.*

*D'Andeelung zitt sech och um ënneschte Stack duerch, d.h. d'Klassen un der Fassad entlaang, de Patio an der Mëtt an alles wat am Norden ass, dat si Funktiounsraim ewéi Stockage oder Toiletten. En Haapttrapekär zitt sech vun uewe bis ënnen duerch d'Gebai a verbënnt d'Funktioune mat engem grousse Lift. D'Daachterrass ass och just fir d'Schoul reservéiert.*

*An alle Beräicher vum Gebai hu mir eng Verbindung mat baussen. Esou kritt een och ëmmer genuch Dagesliicht an de*

*Raim, och wann et ëm aner Aktivitéite geet ewéi déi an de Klassen.*

*E separaten Agang gëtt et och fir d'Sportinstallatiounen an de Parking, wou een en direkten Zougang huet ouni duerch dat ganzt Gebai mussen ze lafen. Do kënne Schüler aus anere Schoule komme fir sportlech Aktivitéiten, awer och Leit aus de Veräiner.*

*Um Campus fënnt een och eng Bibliothéik, eng „salle de psychomotricité", Cours d'appuien, eng Infirmerie, eng „salle des jeunes" fir méi grouss Kanner aus der Maison relais, eng Kiche fir mat de Kanner ze kachen an z'iessen. D'Raim vum Zyklus 1 si beieneen, esou datt déi Kleng net mussen esou wäit lafen. Da sinn nach 3 Raim virgesi fir d'Restauratioun, eng professionell Kiche fir ongeféier 600 Platen.*

*De ganze Komplex huet eng Gesamtfläch vun 12.381,47 m2, déi opgedeelt sinn op dës Raimlechkeeten:*

- *Schoulgebai: 3.597,70 m2*
- *Maison relais: 1.216,13 m2*
- *Kichen: 797,82 m2*
- *Sportshal: 1.698,75 m2*
- *Gedeelte Raimlechkeeten: 1.198,74 m2*
- *Technesch Raim: 849,48 m2*
- *Parking um -1: 1.753,98 m2*
- *Parking um -2: 1.268,87 m2*

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech soen éischtens emol Merci fir déi flott Presentatioun vun iech, déi dir gemaach hutt, an och fir d'Erklärunge vun dem Plang. Mir kënnen de Plang vun deem Projet nëmme begréissen, well wann ee kuckt, wat do fir Saache mat agebonne goufen a wat vun Iddien do sinn, wann ee gesäit wéivill Beem a Gréngs ageplangt si fir datt d'Kanner kënnen am Schied sëtzen ouni datt ee muss en Netz driwwer spanen. Och déi Geméisgäert, déi dir ageplangt hutt, wou d'Kanner eppes Neies gesinn, eppes selwer kënne planzen an och gesinn, wéi dat wiisst, ass eng gutt Iddi. Dir hutt jo eng Sprinkleranlag missten an dat Gebai maache well méi ewéi 50 Parkplazen an deem Gebai sinn. Gëtt d'Reewaasser do benotzt oder wéi funktionéiert dat?

An och déi Grénganlagen, déi Geméisgäert oder déi Beem a Planzen, déi laanscht d'Fassad eropginn, gëtt do och Reewaasser geholl fir ze netzen oder Drénkwaasser?

Och begréisse mir, datt d'Fotovoltaikanlag um Daach ass, well et kënnt een haut net méi derlaanscht wann een d'Méiglechkeet huet fir dat ze maachen an dovun ze profitéieren. Ech soen iech Merci fir är Presentatioun a fir d'Äntwerten.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech mengen, dat sinn technesch Froe mat der Sprinkleranlag, dem Reewaasser an d'Fotovoltaik. Wie fillt sech do zoustänneg an den éischte Reien?

***Beissel&Ruppert, Schemel Wirtz/Franz&Sue Architecte / INCA / Jean Schmit Engineering / Andrea Weyer / Energie Environnement:***

*Et ass virgesinn, datt d'Reewaasser opgefaange gëtt, an dat déngt dann och fir déi ganz baussecht Gréngzonen ze bewässeren. An dat selwecht dann och fir d'Sprinkleranlag, datt deen Tank och gefëllt gëtt iwwer d'Reewaasser.*

*Wat d'Fotovoltaik ugeet, dat sinn de Moment 62kW. De Moment sinn um Marché Panneaue vu 405 Watt pro Panneau. Et gëtt awer schonn iwwer 410 oder 415 Watt geschwat. Et sinn der schonn, déi 420 Watt soen. Dat heescht, wa mir an 3 bis 4 Joer un d'Thema Fotovoltaikanlag kommen, keng Anung, wou mir da sinn. Awer de Moment geet et mat de Wäerter vun de Panneauen esou wéi se elo sinn.*

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dir hat gesot, datt de Projet 2026 fäerdeg wier oder vläicht fäerdeg wier.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

En ass da fäerdeg. Ech gleewen un d'Architekten.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et wier schéin, et wier och flott wann de Projet fäerdeg wier. Déi eng Säit gëtt eng Cité gebaut, déi aner Säit gëtt eng Schoul gebaut. Déi eng Säit fuere Camionen eran, déi aner Säit och. Et wier flott, wann d'Schoul fäerdeg wier, well do nämlech duerno an der Cité Awunner sinn, wou d'Kanner do kéinten an d'Schoul goen. Da bréichten d'Kanner net wäit ze lafe well d'Schoul direkt derbäi wier.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also ech géif scho soen, datt déi Saache parallel lafen. Mir wëssen awer, datt un där Cité deelweis éischter un eeler Leit geduecht gëtt a wou mir net onbedéngt Cliente fir déi Schoul hätten. Besonnesch an der rue Nic. Biever gi Wunnenge fir eeler Leit geschaf. Et geet do an déi Richtung. Selbstverständlech wäerten och déi eng oder aner Haiser entstoen, wou Kanner dra wunnen an déi sécherlech bal net méi no kommen ewéi dat do. Ma ech mengen och, datt d'Lag vun dësem Site matten am Zentrum vu Rodange net nëmmen e Virdeel fir déi Kanner ass, déi an dat neit Lotissement wunne kommen, ma et gëtt en Avantage fir ganz Rodange, well do wäerten awer ganz vill Kanner zu Fouss goen. Mat där ganzer Programmatioun, déi mir gemaach hunn, mat deene ganze Weeër, déi mir elo ronderëm d'Kierch a vun der Neiwiss erop amenagéiert hunn, wëlle mir, datt d'Kanner an Zukunft zu Fouss an d'Schoul ginn, esou wéi mir dat fréier gemaach hunn. An net mam Auto bis virun d'Dir gefouert ginn. Ech mengen, op där doter Plaz, wou mir dat programméieren, gëtt dat eng Méiglechkeet fir vill Kanner, wann si et nëmme wëllen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci iech alleguerte fir déi vill Aarbecht. Dat huet ee scho gemierkt, wéi een den Dossier preparéiert huet, datt do vill Detailer dra sinn. Dee ganze Projet ass modern an ëmweltfrëndlech, esou wéi et engem gefält. Et ginn nach e puer Detailfroen, wou mir bei der Virbereedung nach opgefall sinn. Eng ass och zum solaren Deel, wat ech begréissen. Ech hunn awer och de Kilowatt gekuckt. Do kéint et am Summer deelweis zu enger Iwwerproduktioun kommen. Virun allem wann d'Schoul zou ass. Gëtt deen duerno agespeist? A wann d'Schoul op ass, sinn do Späichere virgesi fir d'Solaranlag, esou datt se deelweis autonom kéint funktionéieren. Oder gëtt d'Iwwerkapazitéit direkt agespeist. Interessant wier et jo och, well mir ënnen Elektroplazen hunn, wann déi direkt iwwer de Solar an de Auto gespeist géife ginn. Dat wier eng flott Alternativ fir d'Leit, well da géing ee wierklech CO2-neutral fueren.

Mam Ofwaasser, dat hunn ech och gelies. Gëtt dat Ofwaasser och fir d'Toilette benotzt oder ass et just fir de Gaart. Fir d'Toilette wier et aus der Siicht vun der Ëmwelt interessant wa mir keen Drénkwaasser do erofspullen. Wa mir schonn esou e System hunn.

Mam gréngen Daach, dat ass immens flott. D'Spillplazen och. Wann ech dat richteg verstanen hunn – ma dat ass éischter eng politesch Fro – de Public kann, wann d'Schoul zou ass, d'Spillplaz deelweis matbenotzen, déi mir um Schema gesinn

hunn. Dat wier flott fir de ganzen Entourement. Déi aner Fro ass nach zur Sécherheet. Do hate mir jo de Fall zu Hesper, an do komme vum Ministère am nächste Joer nei Consignen, wéi d'Maisons relaisen a Schoule mussen – sécherheetsbedéngt - mat de Schleisen an Dieren ausgestatt sinn. Ass dat och scho mat agefloss, well ee jo do e gewëssent Sécherheetskonzept brauch, esou datt ee ka kucke wien erageet. Well et si jo vill Dieren a Méiglechkeeten do. Et ass natierlech flott, awer op där aner Säit ass dat natierlech och e Risiko. Ass och dorunner geduecht ginn?

Wéi hutt dir et mat der Internetverbindung virgesinn. Ech weess, d'Kanner brauchen se net, awer d'Léierpersonal, déi an de Säll sinn. Hutt dir do iwwerall déi néideg Netzwierksteckere virgesinn, respektiv Wifi, esou datt dat funktionéiert. Well dat ass eng Demande vum Léierpersonal fir datt se net mussen hiren Hotspot umaachen an direkt kënne mat hire Computere schaffen.

De Projet vun der Schoul gefält mir ganz gutt, och wann ech net esou zefridde si mat dem Immobiliëprojet ronderëm. Ma de Projet vun der Schoul gefält mir ganz gutt an dee wäert ech och matstëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech huelen dann de politesche Volet vir, ier ech den Techniker d'Wuert ginn.

Dat lescht wësse mir, datt dir mat deem Immobiliëprojet net ganz waarm sidd. Ech kann iech just soen, datt deen heite Projet net ouni deen Immobiliëprojet geet. Dat heescht, wa mir deen heite Projet wëllen, da musse mir an de saueren Apel – an ärer Siicht, net onbedéngt a menger Siicht – bäissen an den Immobiliëprojet realiséieren. Wat sécherlech déi Parkanlagen an déi Spillplazen an de Schoulhäff ubelaangt, do sinn ech der Meenung, datt dat fir de Public soll opbleiwen, well mir sinn net an deem Luxus, datt mir kënne soen, dat do ass tëscht 8 Auer moies a 4 Auer mëttes wärend 36 Wochen op a fir de Rescht maache mir eppes Separates. Ech mengen, et soll een Installatiounen, déi gutt sinn, déi interessant si fir eis Schoulkanner, optimal notzen. Ech mengen, an de Schoulvakanzen, dënschdes an donneschdes mëttes a weekends sollen déi Installatioune genotzt ginn. Dofir sinn se ze deier fir se just fir déi kuerz Zäit an der Paus vun de Schoulkanner ze notzen.

Déi technesch Saachen, Iwwerproduktioun, Elektroplazen, Ofwaasser, Sécherheet, Internet, do kucken ech op d'Techniker. A schonn ass de Mann do, en huet net vill virdru gesot, ma elo ass e gefuerdert.

***Beissel&Ruppert, Schemel Wirtz/Franz&Sue Architecte / INCA / Jean Schmit Engineering / Andrea Weyer / Energie Environnement:***

*Et bleift beim selwechten hänken. Also Informatik: iwwerall an de Raim, ob dat e Klassesall ass oder net, iwwerall kréien se d'office Réseaussteckdousen, fir datt d'Léierpersonal sech kann iwwer hire Laptop oder wat och ëmmer aloggen. Zum Thema Wifi: ech géif soen, datt dat an alle Schoulen ass. Iwwerall an de Gäng si Wifi-Antenne virgesi fir einfach eng komplett Ofdeckung vum ganze Projet ze maachen.*

*Dann déi Saach mat den Zougäng, mat den Dieren. Wat ech zum techneschen Deel ka soen ass, datt déi baussecht Dieren Zoutrëttskontroll hunn, déi bannescht Klassesäll lafe virun iwwer normal Schlësselen. Vu bausse kann duerno geréiert ginn, datt d'Diere kënnen zu bestëmmten Zäiten zou sinn an datt een dann nach just nach iwwer Parlophon ka schelle fir Zougang zum Gebai ze kréien.*

*Déi ganz Pendele sinn elektresch. Beim Stand vun haut ass et esou, datt mir kënnen 100% Réckaspeisung maachen oder 100% Eegeverbrauch hunn. Ech hunn elo Projeten, wou deelweis Eegeverbrauch gemaach gëtt an deelweis réckgespeist gëtt. Ma ech mengen, dat ass eng Saach fir 2026. De Moment ass déi Evolutioun vun der Fotovoltaik eppes, wann all Dag ännert. De Moment komme permanent nei Virgabe vum Ministère oder vun der Creos. Wéi gesot, duerno si mir flexibel fir Eegeverbrauch a Luetstatiounen an eventuell och fir aner Verbraucher anzespeisen. D'Batteriespäicheren, déi och elo schéngen en Thema ze ginn, kann een an der Zäit, wou Sonn do ass, notze fir Stroum späicheren. A wann dann eben Zäite si wou net esou vill Sonn do ass, datt een da kann de Stroum ersetzen.*

*D'Reewaasser gëtt just genotzt fir baussen d'Planzen ze netzen. Et ass net virgesi fir dat Reewaasser bannen ze notzen.*

*Eng kleng Prezisioun zum Entréessystem. Et sinn net vill Entréeën, ma et si vill Ausgäng. Wann een de Plang kuckt, do hu mir gekuckt fir et organisatoresch esou ze maachen, datt all Fonction eng Haaptentrée huet, an déi ass dann iwwerwaacht mat enger Zougangskontroll, mat Video oder wat dee Moment gefuerdert ass. De Rescht ass haaptsächlech als Sortie geduecht, Noutausgäng.*

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech fannen dee Projet immens. En ass um Top. E kascht zwar ganz vill, ma mir wëlle jo net op eise Kanner spueren. An dat wat mir am beschte gefält – wéi den Här Goergen virdru gesot huet, ech mech och net ganz mat deem anere Projet ze vill ufrënnen – dat ass, datt hei ganz vill Gréngs bestoe bleift. Wat mech am meeschte freet, dat ass, datt déi al Beem bestoe bleiwen, déi do sinn. Ech kennen de Site. Ech sinn esou vill mat mengen Hënn do spadséiere gaangen a ginn nach haut mat mengem Hond spadséieren. Och datt d'Spillplaz fir de Public op ass, well do wäerte ganz vill Kanner a ganz vill Crèchë vu ronderëm duerno drop spille kommen. Well wann ech schonn déi Spillplaz ënne bei mir gesinn, ewéi déi am Summer besicht ass, da wäert déi doten nach méi besicht sinn.

Vill technesch Saache si scho vum Här Scheuer an dem Här Goergen gefrot an och beäntwert ginn. Ma ech hunn nach e puer Klengegkeeten. Bei der Sportshal steet einfach, datt déi net fir Zuschauer wieren. Et si keng Gradine virgesinn, wat ech och verstinn. Ma d'Maisons relaise kënne jo vläicht emol Klengegkeeten ewéi Ballete maachen, wou d'Elteren hätte kéinten nokucke kommen. Ma do hunn ech gesinn, datt en Theatersall virgesinn ass, esou datt ech unhuelen, datt dee fir esou kleng Opféierunge geholl gëtt, wann d'Kanner géifen eng kleng Chrëschtfeier oder esou maachen. Dat gëtt jo awer haut vill a Schoule gemaach.

Wou ech och immens frou driwwer sinn, dat ass de Gaart. Ech hoffe just, datt deen och benotzt gëtt fir datt d'Kanner léiere Geméis unzebauen an duerno net d'Onkraut do wiisst. Datt also dee Gaart esou gehale gëtt. Ech hunn nach just eng Fro zu deene Maueren: dat sinn nach Natursteng, déi laanscht d'Säit kommen. Sinn dat eng Zort dréche Maueren, esou datt och eng Zort Eidechsen sech dertëscht kënnen usammelen? Fir mech gesäit dat sech esou un, an et wier och ganz flott, wann dat esou gehandhaabt wier. Ech mengen, dat waren all meng Froen.

Nach just zu de Pompjeeën. Do steet jo, datt just d'Pompjeeën Accès an der rue Nic. Biever hätten, well eise Projet soll jo och fir d'„mobilité douce" genotzt ginn. Eis Haiser, déi do sollen hikommen, eis nei Cité. Wat mech am meeschte gefreet huet, dat huet eise Buergermeeschter jo och gesot, dat ass datt eis Kanner kënnen zu Fouss an d'Schoul goen, well do sinn esou vill schéi Weeër.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen der Madamm Bouché Merci. Ech wëll just 2 oder 3 politesch Saache soen. Dir sot d'Gréngs, déi al Beem bleiwe bestoen. Ech weess net, wou dir alleguer déi Beem gesitt, déi do stinn. Vill stinn der net do, an déi bleiwen all stoen. Et kommen der op deem dote Site bäi. Ech wëll awer och eppes net esou am Raum stoe loossen. Am Kader vun deem PAP ass e grousse Park virgesi mat neie Beem, wou keng stoungen a wou Beem sollen hikommen. Och mat deem Gréngs, dir wësst, datt mir kënne 25% bei engem PAP fir ëffentlech Zwecker benotzen. Mir si wäit iwwer déi 25% ewechgaangen, an dofir muss d'Gemeng dann och an d'Täsch gräifen. Grad fir deem Lotissement an deem ganzen Entourage, dee mir do hunn, e gréngen Touch ze ginn. An ech mengen, mir kréien dat. Ech sinn 100% iwwerzeegt datt wann dat do realiséiert ass, de Lotissement abegraff, mir eng ganz flott Struktur kréie mat vill Gréngs, wat sécherlech besser ass ewéi et haut ass.

Da fänke mir nach un de Wee nei ze maachen a Richtung Doihl. Do kommen och Beem a Bänken dohinner. D.h. mir wäerten do och eng Opwäertung vun deem Eck do kréien. Wuel wëssend, datt mir net alles eleng maachen, ma och heiansdo eppes a Privathänn muss gemaach ginn. Ech weess, datt dat hei en Dar am Aen ass fir vill Leit. Ech soen iech ganz éierlech: wann déi privat an ëffentlech Hand zesummen eppes Guddes maachen, da wëll ech net d'Privathand verdamen. Hei si mir zu zwee, déi versichen, aus deem Quartier eppes ze maache wat am Intressi vun eise Kanner ass.

**Martins Dias André (CSV):**

Mir hunn hei e Projet virleien, deen, wéi dir et virdru gesot hutt, Wee weisend ass an deem Sënn, wou e laangfristeg net just d'Kapazitéite fir den Accueil vun eise Schoulkanner, ma och nach zousätzlech Kapazitéite fir eis Veräiner garantéiert, déi ëmmer méi Aktivitéiten hunn. 4 Veräiner huelen all Woch d'Sportshale vum LMA an Usproch, dovunner deen een oder anere Veräin esouguer all Dag. Dat heescht, 5 Mol an der Woch, well eis aktuell Sportinfrastrukture komplett ausgelaascht sinn. Dës nei Infrastrukturen erlaben eis, e bësse Loft fir d'Zukunft ze schafen.

Mat enger Waardelëscht an de Maisons relaise vun iwwer 600 Kanner ass dëst e ganz wichtege Projet, deen dozou bäidréit, datt d'Waardelëscht ëm ronn 240 Plazen erofgeet. Technesch Froen hunn ech elo direkt net. Eng Fro, déi ech awer vläicht hätt, wier éischter zu der zukünfteger Schoulorganisatioun. An zwar, ob do Iwwerleeunge gemaach goufen, wat fir eng Zyklen an dat Gebai kommen oder ob dat eng Fro ass, déi spéiderhin eréischt gekläert soll ginn.

Mir als Fraktioun sinn op alle Fall begeeschtert vun deem Projet an hoffen, datt de viraussiichtlechen Timing an och de geplangte Budget esou wäerten agehale kënne ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Fir den Timing an de Budget sinn déi Leit an der zweeter an drëtter Rei dohannen zoustänneg. Ech weess awer och, datt et an der haiteger Zäit sécherlech net esou einfach ass fir dat 100% z'assuréieren. Mir sinn awer gudder Hoffnung, datt mir dat esou hikréien. Do si mir effektiv un eis Limitte komm. Mir sinn eng Gemeng, déi, am Géigesaz zu anere gréissere Gemenge ronderëm, esou zimmlech all Sportaarten ubitt. Mir bidde ganz vill Sportaarten an alle Beräicher un, an ech géif soen, datt mir mat deene Gemengen, déi sech den Titel Sportsgemeng ginn, esouguer net schlecht mathale wann ech weess, wat mir alles bidde kënnen.

Hei gëtt eng zousätzlech Struktur gefouert, an ech wëll och net ofweisen, datt mir net solle vun den Infrastrukturen – wann et an Zukunft noutwenneg ass – vum LMA profitéieren, well et ass och traureg, wann déi grouss Gebaier, grouss Sportshalen, all Owend do fräi stinn. Wann een haut wëll, wou jo e bësse Spueren ugesot ass, an och wann een dat net ëmmer hei zu Lëtzebuerg erkennt an héiert, wat d'Leit oder d'Politik dorëmmer soen, da komme mir geschwënn an eng Situatioun, wou ee vläicht e bësse méi dacks muss kucken, wéi ee Synergië kann opbréngen a wou mer spuere kënnen. Dat war fréier jo net méiglech. D'Maison relais huet musse strikt vun der Schoul getrennt ginn. Dat huet net dierfe beienee geluecht ginn. Ech ka mech nach erënneren a kann och nach déi Leit aus dem Ministère zitéieren, déi dat ëmmer gesot hunn. Haut hu mir en éischte Projet, deen dat anert Joer wäert an d'Realisatiounsphas respektiv an d'Fonctionnementsphas kommen, wou mir dat fir d'éischte Kéier probéieren. Hei ass en Dossier, wou mir kënne Synergië maachen. An enger Zäit, wou d'Sue vläicht e bësse méi knapp ginn, muss ee kucken, wéi een déi Suen e bësse méi optimal kann asetzen. A wann dat doranner besteet, datt de Lycée an eis Schwämmen op Péiteng respektiv Rodange kommen oder mir emol dat eent oder anert – wann et manner ass, ëmsou besser – hunn, wou mir mussen op den LMA zeréckgräife fir verschidden Aktivitéiten am Sport z'assuréieren, dann ass sécherlech keng Zack aus der Kroun vum Staat oder vun der Gemeng gefall.

D'Schoulinfrastrukture sollen a priori fir den Zyklus 1 definéiert sinn. An der Neiwiss-Schoul hu mer net déi optimaalst Situatioun fir den Zyklus 1 do ze halen. Et ass dee ganze Rez-de-Chaussée a se sinn och elo schonn um 1. Stack, wou si d'Trape mussen eropgoen a mussen awer a manner gudde Bedingunge Schoul halen. Dofir sinn déi Schoulklassen esou konzipéiert, datt se haaptsächlech fir den Zyklus 1 sinn. Mir wëssen awer, datt déi Zuel vun de Schoulklasse fir de Moment warscheinlech ze héich ass fir dat, wou mir elo fir den Zyklus 1 brauchen zu Rodange, esou datt een ouni Weideres och nach en 1. oder 2. Schouljoer drasetze kéint wann et misst sinn. Well mir wësse jo, datt d'Critèrë vun engem Zyklus 1 méi héich si wat d'Fläch ugeet ewéi den Zyklus 2. Dann hu mir besser, mir setzen en Zyklus 2 an e Sall vum Zyklus 1 ewéi ëmgedréint, well mer soss schonn net méi an den Norme sinn. D'Iddi ass, fir hei den Zyklus 1 ze konzentréieren an déi aner Raimlechkeeten, wou den Zyklus 1 haut ass, fräi ze kréie fir d'Zyklen 2 bis 4. Dat ass sécher den Optimum. Et wäert och warscheinlech am Ufank net direkt esou 100-prozenteg realiséiert ginn. Awer dat ass d'Zilsetzung.

Ech wëll zum Schluss nach eppes soen, wat mech awer ëmmer e bësse stéiert. Mir musse wëssen – an dat muss och de Gemengerot wëssen -, datt mir dee Projet, dee mir elo all hei gelueft hu well en tipp topp ass, net hätte kënne realiséiere wa mir keng Eenegung mat engem Privatproprietär, engem Promoteur, gehat hätte fir en Echange ze maachen. Wann dee gesot hätt, hie bréicht seng Wunnengen do, wou hien den Terrain hat, dann hätte mir vläicht e klengen Terrain hei an do gehat. Eist Zil vun der Majoritéit war et, fir do e gréissere Schoulkomplex ze bauen, dee mir onbedéngt zu Rodange brauche fir déi zukünfteg Entwécklung. Déi wäert sech weider entwéckelen, well d'Potenzialitéit um Niveau vun der Péitenger Gemeng gréisstendeels zu Rodange ass, well do kommen nach zousätzlech Wunnengen, Haiser hin. Dofir war d'Zil do, e gréissere Site ze bauen, deen an direkter Verbindung mat der Päesch-Schoul an och net wäit vun der Neiwiss-Schoul ass. Mir hu vläicht d'Schoul net op enger Plaz, awer ganz no beieneen, esou datt de Fousswee bis bei d'Sportshal oder bei déi aner Schoul ouni Weideres méiglech ass. An dofir ass et, mengen ech, esou wichteg fir d'Péitenger Gemeng, fir Rodange. An dat war nëmme méiglech, well mir e Konsens no méi laange Verhandlunge kruten. Dat war och net esou einfach. Dat stelle verschidde Leit sech vläicht zevill einfach vir. Dat war net esou einfach fir en Tosch vun

Terrainen ze realiséieren. En Echange, dee sécherlech dem Promoteur erlaabt, déi eng oder aner Haiser ze bauen, déi en och do hätt kënne bauen. Awer eis erlaabt et, e Schoulkomplex mat Maison relais, Sportshal an ënnerierdeschem Parking ze bauen, beieneen a matten am Zentrum vu Rodange. An dofir wëll ech déi Kritik, déi ëmmer nees kënnt géintiwwer deene Privatinvestoren, e bësse beschwichtegen. Ech si kee Frënd vun deenen, ech sinn och net mat deene bestuet. Awer et muss een och soe wat ass. An hei konnt een dat nëmme maachen, well de Privatinvestor zesumme gekuckt huet, wat den Optimum fir deen Eck hei wier a wéi mir hei kënnen am Beschten deen Eck entwéckelen. A mir sinn zesummen zur Konklusioun komm, datt et besser wier Wunnengen do ze bauen, wou mir him Terraine ginn hunn. An hie géif eis en Deel vun deem Terrain gi fir eng Schoul ze bauen. Dat wëll ech haut nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen. Ech mengen, mir sinn eis ronderëm den Dësch eens, datt et e super Projet ass. Kommt mir kucken an d'Zukunft a mir realiséieren eppes Flottes fir eis Schoulkanner, fir eis Maison relaisen an eis Sportveräiner.

D'Diskussioun ass domat ofgeschloss. Ech géif mengen, dat hei gëtt en eestëmmege Vote. Ech war nach ni esou sécher.

**Accord à l'unanimité.**

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da soen ech iech Merci a déi, déi nach do sinn, géif ech awer och frëndlech bieden, mech bei der Aweiung z'invitéieren.

Ech soen iech Merci fir är Presenz an och fir d'technesch Hëllef. An elo sidd dir nees gefuerdert fir de „cahier de charges" ze maachen, fir datt mir och um Enn vum nächste Joer ukommen.

## 5.1.2.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Travaux de remise en état et d'amélioration de la Maison relais «Dachse vun der Bich» à Rodange: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 800.000,00 euros (TTC) – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat hei ass méi e klenge Projet, deen awer ganz ganz wichteg ass, well et geet ëm d'Dachse vun der Bich. Do hu mir d'lescht Joer dës Zäit 620.000 € gestëmmt gehat fir déi ganz Maison relais mat deem ganze Wunnkomplex, deen do ronderëm ass a wat nach eng ganz aner budgetär Envergure huet fir dat nees an e virschrëftsméissegen Zoustand ze setzen an ze erneieren. Mir hunn elo iwwer den techneschen Service en neien Devis am November erakritt, deen sech op 800.000 € beleeft. Dofir si mir amgaang ze kucken, wat mir d'nächst Joer kënnen do verschaffen. Dofir hu mir geduecht, mir géifen en Total fir d'nächst Joer vu 546.000 € asetzen, wou mir och denken, datt dat verschafft géif ginn. Mir hoffen och, datt mir mat där Aarbecht géifen ukommen, esou datt mir haut fir deen dote Projet 3 Votë virhuelen. An zwar, datt dir averstane wiert fir déi Aarbechten z'ënnerhuelen, déi elo op der Dagesuerdnung stinn; fir den adaptéierten Devis vun 800.000 € ze stëmmen – loosse mir och hoffen, datt mer bei där Zomm bleiwen – an datt mir fir d'nächst Joer e Kredit vu 546.000 € an den Artikel setze fir kënne mat den Aarbechten unzefänken. Ech géif iech also bieden, wann dir averstane sidd, déi doten 3 Punkten ze stëmmen.

**Accord à l'unanimité. Mmes Birtz et Bouché-Berens, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.**

## 5.1.3.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Participation aux frais d'aménagement d'un nouveau souterrain ouest à la gare de Rodange: vote du devis adapté au montant total arrondi de 3.050.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass e Projet, dee mir schonn am Gemengerot haten. Dat ass zu Rodange op der Gare, wou e wäert en neit Erscheinungsbild an eis Gemeng brénge wa mir déi ganz Achs op Athus do opmaache fir d'Mobilité douce, also fir Vëloen a Foussgänger. Do gëtt jo dee ganze Souterrain op 6 Meter vergréissert. Duerch déi vill Ännerungen, déi do ugefall si fir dat méi grouss ze maachen, musse mir haut en adaptéierten Devis iwwer 3.050.000 € maachen. Am Fong sinn et 2,7 Milliounen Euro, awer mat der TVA sinn et 3.050.000 €. Et sinn eben Aarbechten ënnerwee ugefall an hu mussen nei ausgeschriwwe ginn. Bon, dat ass d'Form. De Fong ass deen, datt mir e bësse méi musse bezuele fir datt mir e schéine Projet kréien. Et wäert och eng Kéier e Projet a Richtung Athus an der rue de l'Industrie zu Rodange kommen. Dat gëtt dann deen anere grousse Projet vu Rodange. Wéini dee kënnt, dat steet nach an de Stären, awer do kënnt och nach eppes op eis zou. An hei ass den Ufank dozou. E schéint Erscheinungsbild vun der Rodanger Gare mat allem drun an dran. Mir hunn dat schonn eng Kéier hei virgestallt. Ech mengen, deemools hat eise Buergermeeschter et virgestallt. Et ass näischt Neies, et gëtt just méi deier. Ech mengen, et ass eng flott Saach.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.4.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Réaménagement d'un terrain dans la zone verte dans l'impasse de la rue de la Fontaine à Rodange: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 180.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass dann och d'Infrastrukture par rapport vum Haff vun der Famill Rongveaux weider a Richtung vun deem, wat mir haut gestëmmt hunn. Do gëtt dee Wee frësch gemaach mat Beem a Luuchte lénks a riets an esou weider. Et soll eng Achs fir Foussgänger gi vun deem Deel vun Nidderréideng a Richtung Rodange. Dat gëtt och eng flott Saach. Et geet op de «Chaux Four» zou. Dat hate mir och schonn heibannen. Déi leschte Kéier waren et 145.000 €, elo sinn et 180.000 €. Et sinn also 35.000 € méi. Et war 145.000 € wéi mir et am Joer 2020 gestëmmt hunn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

2020 war ech leider net do. Ech hu just eng Fro zu deem Wee. Dee war jo momentan net breet. Dir hutt jo vun der Mobilité douce geschwat an datt een do mat Vëloe kéint fueren. Gëtt de Wee dann esou breet gemaach fir datt e Vëlosfuerer laanscht e Foussgänger kënnt? Well wann de Foussgänger net mam Vëlosfuerer eens gëtt, dann huet een duerno Streidereien. De Wee läit dem Plang no esou, datt e Richtung Schoul oder nei Cité geet.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

De Wee ass schonn do.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

De Wee gëtt jo deelweis frësch gemaach. Ma riets erof a Richtung Vullesang, gëtt dee méi spéit gemaach, wann de Projet vum Lotissement virgesinn ass?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Jo. Ganz sécher. Well do hu mir driwwer diskutéiert. Mir haten eng Diskussioun driwwer mam Environnement, ob déi Säit biergop eng Gréngfläch gemaach gëtt fir dee Charakter ze halen, esou datt et ökologesch wäertvoll bleift. Esou wéi dat heiten. Hei kënnt jo och en „écran vert", hei kënnt jo och e Sentier, hei komme Beem a Luuchte fir datt d'Leit net am Däischteren trëppelen. Et kommen héich Beem – e steet do „plantation d'arbres à hautes tiges" – dohinner. Dat gëtt och déi aner Säit gemaach. Et gëtt eng Kontinuitéit an derselwechter Logik mat engem Pad. Do gëtt kee Bëtong gemaach oder esou. Bon, dat gesi mir, wat se maachen. Aus dem Devis liest een net, wat dat ass. Et steet just do „chemin de liaison". Dee kascht 24.700 €, da kann näischt esou eppes Deieres sinn. Dat si jo net esou vill Suen. Et gëtt jo am Sënn vun der Ëmwelt gemaach. Well et heescht „Réaménagement d'un terrain dans la zone verte à l'impasse de la rue de la Fontaine, ancienne ferme Rongveaux. Aménagement d'un sentier avec éclairage et mobilier urbain. Plantation d'arbres indigènes à hautes tiges". Dat heescht awer ganz kloer, datt een an enger Gréngzon net egal wat ka maachen. Do maachen ech mer keng Suergen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

De Wee ass elo ernimmt ginn. Ech wollt froen, ob de Wee befestegt ass, well et weess een, datt, wann ee Vëlo fiert a wa mir där giel Weeër hätten ewéi laanscht d'Sportshal hei, d'Leit reklaméiere wann se d'Féiss knaschteg hunn. Mir haten de Problem um Weier zu Lamadelaine, datt de Wee net fest ass an en duerno nees futti ass. Net méi spéit ewéi de Moien hunn ech nogekuckt. Mir ware bei der Firma Hein, an do hu mir e Wee gewise kritt, dee fest ass an awer duerchlässeg ass. Dat ass Quarzit. An dat ass net esou deier. Et wier och eng Iddi gewiescht fir dat zu Rolleng um Weier ze maachen. Eng aner Iddi wier – ech wëll dem Här Mertzig net ëmmer Virschrëfte maache mat den Tute fir Hënn, awer et sinn elo 9 Luuchtepottoe virgesi fir dorower ze goen. Ech hu mech de Moien e bëssen ameséiert. Mir hu jo elo déi schéin Tute vu Bello, déi d'Gemeng de Leit am Service ginn. D'Leit missten sech just deplacéiere fir se sichen ze kommen. Awer ech hunn elo bei Bello gekuckt, do kritt ee Boxen, déi kaschte 45 € pro Këscht fir déi Tuten dran ze maachen. An ech mengen, et steet am Text dran „Divers et pour arrondir – 1.231 €". Da kéint een e puer esou Këschte kafen. Da kéint dir oder den Service Environnement sech d'Méi maache fir ze kucken. Déi kaschten net vill an et géif Sënn maachen. Ech weess, datt ech iech ëmmer an den Ouere leie mat deenen Tuten, awer et wier och wichteg fir d'Propretéit an der Gemeng.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

U sech wollte mir keen "double emploi" maachen. Mir gi jo dovunner aus, datt mir déi aner Tuten nees geschwë geliwwert kréien. An dann hu mir nees d'Diskussioun. Da riichte mir 3 där Këschten op an da soen déi aner, mir kréie keng. An da kréie mir d'Reklamatioun, datt an där enger Këscht Tute sinn, an där aner keng. Ech hoffen op alle Fall, datt mir déi normal Tute geschwë geliwwert kréien. Well dat doten dauert och eng Zäit ier dat do bestallt, geliwwert an installéiert ass. Mir wollte keen "double emploi" maachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir hutt de Problem vum Weier opgeworf. De Problem beim Weier kënnt nëmmen dowéinst well d'Autoen dohinner fueren, déi annerhallef oder zwou Tonne weien an och nach rennen, d'Kéier huelen, asw. Doduerch kënnt dat. Hei ass e Wee fir d'Leit trëppelen ze goen. Do gëtt net vill futti gemaach. Ma d'Iddi vum Quarzit kann een emol mathuelen. Ech weess net, ob dee konform ass zu enger Gréngzon, dat musse mir da kucken. Et ass u sech Sand, dee speziell ass, dee mineralesch anescht ass. Dofir heescht e jo och Quarzit. Quarz gëtt jo och geholl fir Computeren asw. Et ass op Basis vun där Struktur, wou en opgebaut ass. Ech schwätzen elo als Chemiker.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir sinn eis eens, datt mir dee Wee ginn. Mir wëssen, datt et méi deier gëtt. Dat ass jo haut de Sujet vun deem Dossier. An op där aner Säit solle mir dat do nach eng Kéier kucken a vläicht dat Beschtméiglechst maachen. Mir hunn dat jo och laanscht d'Kor gemaach. Ech mengen, dat gesäit gutt aus. Mir fannen och e Wee fir dat optimal ze maachen. Et muss een natierlech och de Fierschter froen, well dee schwätzt och nach e Wuert mat. Ech géif awer elo emol deen Devis zum Vote stellen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.5.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Construction d'une maison unifamiliale à caractère social à Lamadelaine: vote d'un devis adapté au montant total arrondi de 1.350.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei geet et ëm en Eefamilljenhaus, wat eng Sozialwunneng soll ginn oder gëtt. Do hu mer en adaptéierten Devis virleie vun 1.350.000 € wéinst der Präisdeierecht, der Deierecht vum Material a vun der "matière première". Mir haten 2019 en Devis iwwer 870.000 € gestëmmt. An duerch déi Deierecht géif ech de Gemengerot bieden, den adaptéierten Devis vun 1.350.000 € ze stëmmen an an engems dee Kredit vu 635.943 €, deen am Budget virgesinn ass fir dat Haus ze bauen, z'arrêtéieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir begréissen ëmmer, datt mir Sozialwunnenge bauen. Déi feele souwisou an eiser Gemeng. Ma wann ee kuckt: vun 870.000 € op 1.350.000 €, dat ass eng grouss Differenz. Dir hutt jo erkläert, datt dat vun der Präisdeierecht kënnt. Ma dir hat och gesot, datt et e Problem do gouf wou d'Haus sollt gebaut ginn, an datt dat e bësse komplizéiert gewiescht wier. Wéi mir de Projet virgestallt haten, hunn ech drop higewisen, datt et net déi beschte Plaz wier fir ze bauen. Deemools hate mir och rieds vun engem Terrain an der rue Batty Weber. Do hätt dat Haus och kéinte gebaut ginn. Ech weess net, ob deen Terrain nach eng Kéier geholl gëtt fir spéiderhin eng Sozialwunneng ze bauen. Deen Terrain läit jo nach fräi, dat hu mir jo de Méindeg gesi wéi mir dee Projet mam Morcellement haten. Ech weess net, ob mir eng Kéier op dee Wee ginn, well do géif dat och gutt leien, an et wier nämlech och net an engem Hiwwel ewéi dat hei a wou d'Leit vläicht spéiderhi Problemer mat der Fiichtegkeet kréien. Et ass zwar e flotte Projet, och hannen ewéi déi Terrass gemaach gëtt. Awer et läit an engem Hiwwel, wou vill Fiichtegkeet ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat ass richteg, wat dir gesot hutt. Et muss een awer wëssen, datt op där Plaz ëmmer e Wunnhaus stoung, an datt mir dat och als Baulück betruechten. Och wa mir deen Terrain net uginn, dann hu mir déi éiweg do stoen. Ech mengen, wat och

net gutt war, dat war, datt verschidde Leit dat einfach als Parking benotzt hunn an et net esou propper gehale ginn ass ewéi et sollt sinn, vun deene Leit selwer, déi do zirkuléiert sinn. Ech hat déi Grënn schonn evoquéiert bei der Budgetsvirstellung, wou den Här Martins eng Fro gestallt huet. Duerch de Covid an d'Zäit, déi vergaangen ass, sinn d'Präisser an d'Luucht gaangen, wat mir och bei deenen anere Projete gesinn. Et dierf een och net vergiessen, datt an där Zäit den Index 3 Mol an d'Luucht gaangen ass. Leider ass et esou, méi kann ech dozou net soen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wéini eppes op deen aneren Terrain kënnt, dat wësst dir net?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Deen aneren Terrain, do sinn ech net esou dran. Den Här Buergermeeschter wëll vläicht eppes zu deem Terrain an der rue Batty Weber soen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also deen Terrain, eng Baulück, eegent sech fir eppes opzeriichten, dat ass guer keng Diskussioun. Et muss een ebe kucken, wat ee wëll maachen an a wat fir eng Richtung ee wëll goen. Do hat een ee Moment wëlles, deen ze versteeën. Mir sinn awer elo am Schäfferot zur Konklusioun komm, dat net ze maachen a fir selwer eppes ze realiséieren. Ech mengen, et ass un där nächster Equipe fir ze kucken, ob se eng Sozialwunneng dohinner wëlle bauen oder e fir en aner Zweck wëllen huelen. Ma et ass kloer, deen Terrain eidel loossen, dat wäert an Zukunft deier ginn, well do ass jo eng Regierung, déi do envisagéiert, eppes z'ënnerhuele géint esou Terrainen. Dat hei war och esou e vagen Terrain. Et war sécherlech keen einfache Projet, dat ass och richteg. Ma och deen Terrain muss eng Kéier bebaut ginn, well et bleift ëmmerhin eng Baulück, déi fir de Moment bestanen huet an déi och net ganz schéi war wéi se sech an deene leschte Jore presentéiert huet, dat muss een awer och soen. Do hu mir elo eng Léisung gesicht. Also ass et un där neier Equipe fir ze kucke fir eng Léisung an der rue Batty Weber ze sichen.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech enchaînéiere séier, well et net den Zweck vu menger Fro war. An der rue Batty Weber war en Haus an der Noperschaft ze kafen. Dat wier eng Méiglechkeet gewiescht fir do eng Kombinatioun ze maachen. Ech weess awer net, ob d'Haus nach ze verkafen ass. Ech hat emol e Schëld gesinn, datt et ze verkafe war.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also mir sinn informéiert ginn, datt dat Haus verkaf ginn ass. A wéi de Verkaf sollt geschéien, do ass opgefall, datt do e Problem wier am Kader vun den Alignementer an déi, déi dat Haus do haten – aus wat fir engem Grond och ëmmer – eisen Terrain amputéiert hunn. Doduerch hu mir gesot, mir maachen en neien Alignement do an zéien eng nei Linn. A well si jo och d'Fënsteren op där Säit hunn an och e „recul latéral“ assuréieren, hu mir gesot, mir huelen déi 3 Meter „recul latéral“ a verkafen iech deen Terrain. Am Januar wäerte mir och an de Gemengerot komme fir dee Verkaf vun där Strëpp z'assuréieren, fir datt Haus eigentlech nees d'Recht huet, richteg do ze stoen. Ma effektiv si mir net gefrot gi fir ze kafen. Wéi de Keefer an de Verkeefer sech eens waren, si mir mat där Situatioun, déi net glécklech an e bëssen irregulär war, konfrontéiert ginn a kucke fir déi ze regulariséieren.

**Breyer Roland (CSV):**

Zur Sozialwunneng hunn ech zwou Froen. Wéivill Logementer, Sozialwunnengen hu mir an der Gemeng? Ech schwätzen net eleng vun der Gemeng, awer och vun deenen Organisatiounen, déi dofir suergen, datt soziale Wunnengsbau entsteet. Ech weess op alle Fall, datt mir vum AIS Kordall eng 40 Stéck an der Gemeng hunn, déi mer verlounen. Ech weess näischt vun der Agence Immobilière vu Lëtzebuerg. Et sinn nach aner Träger do ewéi d'Caritas. Wéivill hu mir der am ganzen um Gemengenterrain mat deenen, déi mir hunn?

An dat zweet war, wéi ass et mam Pacte Logement 2 ? Hu mir deen ënnerschriwwen? Et kritt ee jo Subventiounen do vum Staat. Ech weess, datt Déifferdeng et gemaach huet awer Käerjeng nach net. Anscheinend kritt een do e Forfait vun 2.500 € pro Logement, deen um Terrain vun der Gemeng ass. Egal wou d'Origine ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hat viru kuerzem eng Kéier de Point gemaach. Et muss ee wëssen, datt mir verschidden Acteuren hei an der Gemeng hunn. Op där enger Säit hu mir d'Gemeng selwer. Dat sinn déi Wunnengen, déi eisen Office social verwalt; dat sinn eng 26 Stéck. Mir hunn awer och d'AIS, déi um Terrain aktiv ass. Mir hunn d'AIK, mir hunn d'Ënnerdaach ASBL, de Fonds de Logement a mir hunn d'SNHBM, déi aktiv sinn. Ech mengen, de Buergermeeschter hat viru kuerzer Zäit de Point gemaach. Mir hu Wunnengen, déi mir Sozialwunnengen oder Wunnengen „à caractère social“ bezeechnen an do komme mir an eiser Gemeng op ronn 281 Logementer, wann ech dat elo richteg chiffréieren.

**Breyer Roland (CSV):**

Wann dat mat deene Primme géif goen, dat gëtt dat schonn e Koup Suen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer op de Pacte Logement 2.0. Ech mengen, déi Péitenger Gemeng huet de Pacte Logement 1 ënnerschriwwen, an dee war extrem interessant. Ronn 15 Milliounen Euro krute mer, an déi konnte mir asetzen opgrond vum Wuesstem, opgrond vun der Demande fir Maisons relaisen a fir dorop ze reagéieren a Strukturen ze bauen. De Pacte Logement 2.0 erfëllt ganz aner Zwecker. Da muss een sech am Gemengerot eens sinn. Dat ass eng politesch Richtung, déi ee wëll wëssen, well déi Suen, déi ee kritt, déi muss een zu 50% investéiere fir nei Wunnengen ze schafen. Dat heescht, mir sinn an engem Roulement. Mir kréien 2.500 € pro Wunneng. Da rechent een dat aus. Si haten eis eng Kéier eng Héichrechnung gemaach, a mir kéinte bis 10 Milliounen Euro kréien. Da muss een nees 5 Milliounen huelen an nei Wunnenge schafen. Da kritt een do nees, an da muss een erëm nei Wunnenge schafen. Do muss een sech wierklech d'Fro stellen, ob eise PAG dat nach iwwerhaapt hiergëtt. Wéi finanzéiere mir déi Infrastrukturen, déi noutwenneg si fir datt och där neier Populatioun, déi hei an d'Péitenger Gemeng wunne kënnt, gerecht ze ginn. An da muss ech soen, datt dee klengen Deel, deen een do kritt – dee ganz bescheidenen Deel, deen ee beim Pacte Logement 2.0 kritt géintiwwer deem Deel, deen ee beim Pacte Logement 1.0 kritt huet – net onbedéngt dat ass, wat ee ka soen, wat et berechtegt fir dorop anzegoen. Dat do ass eng Diskussioun – an ech wollt dat bewosst als Buergermeeschter, deen a 6 Méint Äddi seet – déi ech net wollt beaflossen. Et si schlussendlech bis 2035 aner Generatiounen, déi déi Zopp mussen ausläffelen. Dir kritt déi Suen, awer déi si predestinéiert. An dat ass genee dat, wat mech ëmmer méi an der Politik stéiert. D'Gemenge sollen „en toute indépendance" schaffen, a schlussendlech entscheet de Staat, wat soll geschéien. E gëtt engem Suen a wëll nees matschwätzen – iwwer Beroder, déi do iergendwéi matdiskutéieren – fir ze soen, wat mat deene Sue soll geschéien. Fréier oder spéider, wou dee Gemengerot hei

nach ëmmer d'Jalonen an de Fanger hat an ëmmer entscheet huet, wat an eiser Gemeng soll geschéien, wäert déi geschwë komplett aus der Hand ginn. Awer dat ass eng Entscheedung, déi de Gemengerot – ech géif scho soen, datt deen zukünftege Gemengerot déi Entscheedung muss huelen – hëlt. E muss sech just bewosst sinn, wat fir eng Engagementer en ageet a wat fir Contrainten en huet, wann en esou e Pakt ënnerschreift. Fir mech, dat soen ech ganz perséinlech fir mech, schäisst de Staat d'Gemengen un. Dat kann een ënnerschreiwen, de Mellina hätt dat gesot. D'Zukunft ass déi, déi deen neie Gemengerot soll nom Juni definéieren. A wann do zur Propositioun kënnt – an dat respektéieren ech – datt een dat awer soll maachen, da soll een dat maachen. Awer meng Konklusiounen aus deem, wat ech bis elo gelies hunn, ass näischt do wat e Gemengerot soll incitéiere fir dat ze maachen. E kann nach ëmmer déi Politik maachen. An déi 2.500 €, wou e muss d'Hallschent huele fir nees nei Wunnengen ze schafen, op déi soll e beschtens verzichten a seng Politik maachen ouni dat. Ech hunn eigentlech e Problem wann de Staat ëmmer méi Afloss op dat hëlt, wat eng Gemeng soll maachen. Da brauche mir keng Gemenge méi wann de Staat hannenno eleng entscheede wëll, wat hei an de Gemenge geschitt. An déi wäerten eis dann erklären, wéi mir mussen e PAG upasse fir datt hir Ziler, déi si sech am Pacte Logement 2.0 gesat hunn, och hei zu Péiteng oder an der Péitenger Gemeng kënne realiséiert ginn. An dann hu mir ëmmer erëm méi Afloss vu baussen, an ech mengen, datt dat net dat Bescht ass fir d'Péitenger Gemeng. Awer „cela n'engage que moi“. Ech akzeptéieren awer, wann d'Majoritéit hei am Gemengerot mengt, mir sollen an eng aner Richtung goen.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech deelen är Meenung komplett. Et war just fir d'Diskussioun unzekierpen, well ech och déi Impressioun hunn, datt et an déi Richtung geet, datt de Staat verstoppte Kaddoe gëtt an duerno devoiléiert, datt ee praktesch e Kontrakt mam Staat huet, deen ee muss exekutéieren. Als een, deen och a 6 Méint net méi hei sëtzt, géif ech och soen, komm mir maachen et net.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da si mir eis eens.

**Martins Dias André (CSV):**

Ech wollt am Fong net ganz vill Kommentaren dozou maachen, well ech déi schonn an der Budgetsdiskussioun gemaach hunn. Ech hunn éischter méi eng präzis Fro a punkto Timing. Wéi wäit si mir do mat deem Schantjen? Wat ass do viraussiichtlech den Datum, wou dat do kéint fäerdeg sinn?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee viraussiichtlechen Datum, op deem mir laut Timing virgesinn hu fir dat fäerdeg ze kréien, ass den Dezember 2023.

**Martins Dias André (CSV):**

Dat wier jo ze begréissen. Da bräicht ech dat an der nächster Budgetsried net ze kommentéieren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et wier ze hoffen. Vläicht ierft een dat an der Tëschenzäit. Dat ass dann ëmmer penibel. Déi Saachen ewéi déi Präis-erhéijungen hei si jo och net agreabel. Dat wëll jo och kee vun eis. Heiansdo geet et eben net aneschters.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.6.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Réaménagement de la place du Marché à Pétange: vote des plan et devis au montant total arrondi de 430.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass och e Projet, dee mir hei schonn ugeschwat hunn. Et ass e Projet, deen eis Servicer vun der Gemeng selwer gemaach hunn. Wat kann een do nach soen? Wat ännert? Deen neie Belag, dee mir maachen, ass deeselwechten ewéi mir zu Rodange am Duerfkär, an der Zone 20 hunn. Dat gëtt poléierte Makadamm. Dat ass vill méi resistent. Da falen d'Leit net méi iwwer Plättercher, déi lass ginn.

Et kënnt och eng Gréngzon an d'Mëtt vun der Plaz, tëscht de Parkplazen. Wat och ännert, dat ass ënner de Beem op deenen zwou Säiten. Do gëtt tëscht de Beem alles opgekappt, dat gëtt alles mat Rindenmulch gemaach, well dann d'Wuerzele besser geschützt sinn an et ass och besser fir déi ganz Plaz. Si kritt eng aner Nues, d.h. et kënnt méi Gréngs op déi Plaz.

Wat mir an enger 1. Phas hunn, dat si 6 Plaze fir E-Autoen. Do gesitt der der zwou ganz riets, an dann zwou an zwou. Do leeë mir och Gainë fir wann eng Kéier méi Plazen do entstinn, esou datt mir dat kënnen a Phase maachen. Déi Gainë sinn och schonn am Präis mat agerechent. Zum Beispill, do sinn der 2 an 2, op där enger Säit kéint een der nach zwou derbäimaachen. An och op déi aner Säit nach zwou. Dat ass ëmmer 2 an 2, dat kënne mir mëttelfristeg respektiv kuerzfristeg maachen. Mir fueren elo emol esou lass. Déi Gainë gi geluecht. Et kommen och Elektro-Véloen dohinner an déi ganz Zone bis vir hinner – do kënnt jo keen Auto drun – do komme Vëlosstänneren hin. Dir gesitt déi schwaarz Punkten, dat si Pottoen, do kënnt een net dohinner. Dat heescht, an dee ganze Raum hanner den Elektro-Vëloe kommen och nach Vëlosstänneren hin. Esou datt mir dann duerno 43 Parkplazen hunn – am ganzen – dovunner si 6 Stéck, also 12-13% an enger éischter Phas, elektresch. Da sinn 2 Handicapéierteplazen, déi virgesi sinn, déi direkt wann der erakommt nieft dem Optiker sinn. Da sinn zwou Plaze fir d'Police do. Dat ass d'Plaz, ewéi se gëtt. Si gëtt iwwersiichtlech, huet e gudde Rendement, gëtt méi propper an et kënnt vill méi Gréngs drop.

Et ginn och méi elektresch Plazen, fir Vëloen, fir elektresch Vëloen a méi Gréngs, well déi ganz Zone lénks a riets gëtt opgeklappt. Do ass elo Bëtong. Do gëtt da Mulch gehäit, dat ass besser fir d'Beem an et gëtt e ganz anert Erscheinungsbild. An dann nach déi gréng Zon an der Mëtt. Ech mengen, déi Plaz gëtt richteg flott.

An dat hunn eis Leit, dat wëll ech hei nach eng Kéier soen, dat huet eisen Service selwer gemaach. An ech fannen et perséinlech ganz flott.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Merci fir d'Erklärungen. D'Plaz gefält mir ganz gutt. Virun allem, datt méi Elektroplaze kommen, well déi zwou am Duerf sinn ëmmer besat, an dat ass sécherlech net bequeem. Ma wann dir vun Elektro-Plaze schwätzt, wéi eng hutt dir do wëlles? Bleift dir bei deenen normalen 11 kW, gitt dir op 22 kW oder gitt dir nach méi héich an de Luedleeschtungen ewéi „fast charge“ duerno. Well dat wier jo awer interessant. Hautdesdaags brauchen d'Autoen ëmmer méi. Déi al Technik ass 11 kW, kann een net schonn 22 kW goen? Zwar net op déi 300 kommen, dat ass ok. Awer op d'mannst 70 oder 80, esou wéi een dat aus anere Stied kennt, virun allem am Ausland.

Déi aner Fro ass, ob et nach méiglech ass fir do Fester ze feieren oder e Maart ze veranstalten. Et ass jo awer och eng Plaz, déi genotzt gouf wann eng Kavalkad ass oder soss Fester gefeiert ginn. Mir hu sécherlech och virun der Gemeng eppes, ma et ka jo och de Fall antrieden, datt een zwou Plaze brauch. Bleift déi Plaz dann esou flexibel duerno, esou datt een higoe kann an d'Veräiner oder d'Gemeng selwer eppes do feiere kann.

An dann déi aner Fro ass zum Bushaischen, an zwar ob do och eng Kéier en neit kënnt. Do steet een net gutt. D'Bushaischen, ewéi et am Moment ass, ass schlecht. Souwisou, dee ganze System ass och schlecht, datt de Bus an der Strooss stoe bleift. Ma dat ass nach en anere Projet. Wa mer elo mol eng Kéier géingen d'Bushaischen an Ugréff huelen, well et ass nach eent wou een naass gëtt. Op laang Siicht sinn ech der Meenung, datt mir déi Plaz do eng Kéier änlech ewéi zu Esch – dee Projet gefält mir gutt, datt si dat an engem Krees erofgemaach hunn op der Gemengeplaz – eng Kéier op de Punkt komme fir do en ënnerierdesche Parking ze maache fir a Péiteng genuch Parkplazen ze hunn. Dat do ass eng kuerzfristeg Léisung, awer laangfristeg musse mir eng Kéier op en ënnerierdesche Parking kommen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Alles wat dir gesot hutt, kann ech ënnerschreiwen a kommentéieren. Dat éischt, d'Bushaltestell ass ofgemoolt, esou datt ech och dovunner ausginn, datt eppes dohinner kënnt. Dat zweet ass ganz richteg, wat dir sot. Dat do ass eng Tëscheléisung, well d'Leit do gefall si well Steng erausstoungen, an et net schéin ass als Erscheinungsbild. Ech plädéieren dofir, an ech hunn et och schonn eng Kéier hei gesot, datt hanner Rousen e Park kënnt an da kann een ënner dee Park – d'Ingenieure kënnen dat duerno soen – e Parking maachen. Dat ass Zukunftsmusek, dat muss déi nei nächst Equipe – do muss ee kucke wien hei sëtzt – eng Entscheedung huelen.

Wat d'Plaz fir déi elektresch Autoen ugeet, ass et esou, datt mir duerch d'Gesetz d'Méiglechkeet kréien, do selwer Saachen ze maachen. Dat heescht, mir kënnen e Compteur dohinner setzen. Mir hunn de Jus, an da kënne mir domat maache wat mir wëllen. Just, mir mussen dat natierlech speisen. Mir musse kucken, wéivill si eis do eraginn, an a Funktioun vun deem kann een dann dat eent oder dat anert maachen. Wéi gesot, et ass Potenzial do. Et ass och Jus do, a mir brauchen elo net méi Creos ze froe fir eppes ze maachen. Mir kënnen dat elo an Eegeregie maachen. Dat huet dee verantwortlechen Techniker gesot, esou datt ech mengen, datt dat eng gutt Tëscheléisung ass. Et ass eng Tëscheléisung fir datt d'Erscheinungsbild méi schéi gëtt a si huet e korrekte Präis. Et muss een och kucken, wat ee bezilt. Dat ass ganz korrekt. Wa mir dat dote maache gelooss hätte mat engem Büro, da wiere mer beim Duebelen oder Dräifachen. Dir hutt jo gesinn, wat dat hei virun der Gemeng kascht huet. Dat ass och eng Moderniséierung vun der Plaz. Do hu mir eben optéiert. Dës Säit hu mir optéiert fir eben hei Festivitéiten hei virun der Gemeng ze maachen. Also ass et kloer, datt mir do méi d'Ëmwelt, dat Gréngt kucken. Mir kréien ëmmer gesot, eis Plaze sinn all betonéiert. Ma dat hei ass manner betonéiert. A wann een do eppes maache wëll, da kann een ëmmer nach deen Deel vir mat deenen 2 Parkplazen huelen an eppes Klengs hisetzen. Et ass net méi esou ewéi virdrun. D'Plaz ass awer vill méi schéi mat Gréngs an dofir fannen ech dee Projet ganz flott an ech mengen, dir fannt en och flott.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir begréissen et, datt dee Parking mat e bësse méi Gréngflächen amenagéiert gëtt. Wéi dir jo elo gesot hutt, gëtt dat jo mat Rindenmulch gemaach an och esou, datt d'Beem méi Plaz hunn. Well wann een elo kuckt, do sinn d'Placken an d'Luucht gaangen duerch d'Wuerzele vun de Beem. D'Fro ass déi, ob déi dräi Beem, déi bei der Toilette do stinn, stoe bleiwen oder ginn déi ersat?

An dann déi eng Fro gouf scho beäntwert, an zwar ob méi Plaze kommen. Dir hutt jo gesot, et géifen der méi kommen ewéi der aktuell do sinn. Ze begréissen ass et och, datt méi Elektrobornen dohinner kommen, well wann ee kuckt, all déi Leit, déi an den Niewestroosse wunnen a keng Méiglechkeet hu fir den Auto opzeluede well se keng Garage hunn, dann ass dat eng gutt Saach, well da kënnen si sech do uklämme fir den Auto opzelueden.

Kënnt dir eis och vläicht soen, ob dee Parking nei amenagéiert gëtt wann de Parking vun der Museksschoul fäerdeg ass, fir datt d'Méiglechkeet besteet, datt d'Leit kënnen dohinner goe fir ze parken? Wann ee kuckt, den Här Buergermeeschter huet virdru beim Amenagement vun de Parkplazen zu Rodange gesot, datt de Problem herno geléist ass. Wann hei zu Péiteng dat matgemaach géif ginn ier de Parking an der Museksschoul fäerdeg wier, dann hätte mer vläicht e Problem, well an der rue de la Gare si vill Dokteren an och eng Apdikt. Dee Parking war zimmlech vill beluecht. Dofir wier et gutt, wann de Parking vun der Museksschoul fäerdeg wier an een dee kéint notzen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass eng ganz pertinent Remark, wat dir elo fir d'lescht gesot hutt. Den Här Buergermeeschter huet dat och scho gesot, datt mir dat net kënne matenee maachen. Mir hu wëlles, dat do am Fréijoer ze maachen. D'Fréijoer geet bis den 21. Juni, a mir ginn och dovunner aus, datt bis den 21. Juni de Parking fäerdeg ass vun der Museksschoul. Déi Garantien hu mir net sécher, awer relativ sécher, esou datt dat misst opgoen. Wéi ech iech gesot hunn, mir kënnen ouni Problemer méi Bornen do opriichte well mir dat an Eegeregie kënne maachen a well mir elo schonn d'Kabele leeën. Dat ass schonn an deem Präis mat agerechent fir d'Kabelen ze leeën a méi Plazen ze maachen. Ech mengen, mir sinn do an der richteger Direktioun, an déi d'Gesellschaft sech entwéckelt. An et gëtt zu engem Präis, dee ganz korrekt ass.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt, wa mir schonn do amgaang sinn, déi Plaz z'amenagéieren, soen, datt mir deen Apparat fir Ticketen ze huelen ëmgedréint hunn, esou datt d'Leit net méi am Wee stinn ewéi virdrun um Parking. Dat géif och elo an deem Fall sech net méi maache loosse well do Parkplaze wieren. De Problem, dee mir opgefall ass, ass, datt d'Leit zimmlech laang do an der Schlaang sti fir hiren Ticket erauszehuelen. Heiansdo sti 6 oder 7 Leit do. Kann een do net eppes Klenges, Einfaches sech iwwerleeën ewéi en Iwwerdaach maachen an dorop d'Solarzelle maachen. Oder en zweeten Automat dohinner setzen, esou datt se net esou laang an der Schlaang musse stoen bleiwen. Kann een dat net mat an de Projet eranhuelen?

A beim Abris, ech muss soen, den Abris fannen ech gutt. Dat eenzegt, wat ech fannen, ass, datt den Abris misst zou sinn, esou wéi ech dat schonn e puer Mol gesot hunn. Op der Säit musse mir Panneauen drasetze fir datt d'Leit net naass ginn. Den Abris u sech ass nach ëmmer net dat schlechtst.

Dat mam Rindenmulch ass jo net schlecht, awer mir wësse jo och, wéi d'Situatioun ass. Wa Rindenmulch iergendwou läit, da gëtt en als Hondstoilette genotzt. Kënne mir do net iergendeng aner Alternativ dozou maachen. Opmaache jo, awer net esou, fir datt d'Leit net d'Méiglechkeet hu fir hir Hënn do hire Besoin maachen ze loossen. D'Hënn kënnen net dofir, dat wësse mir jo alleguer.

Mat de Bornen an den 2 Stonne stoe bleiwen. Bleift dat bestoen? De Problem ass deen, datt der 6 oder 8 Stonnen do stoe bleiwen a se ginn awer net gestrooft wann se hiren Auto do oplueden. Kënne mir do kee Kontrollsystem maache fir datt d'Leit sech och dorunner halen an net méi ewéi 2 Stonnen do stinn. Oder kënnen d'Leit esou laang do stoen ewéi se bezuelen? An Zukunft gëtt et jo geännert. Do ka jo och een an der Nuecht do stoe wann e bezilt, wann ech dat nach richteg am Kapp hunn. Dat wier jo da méi ze kontrolléiere wann se musse bezuelen. Well wann se keen Ticket dra leien hunn, da ginn se jo protokolléiert.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Also wa mer hannen ufänken, da ginn ech dovunner aus, datt, wa mir 4 „agents municipaux" astellen, da gëtt warscheinlech och méi gepecht. Da gëtt dee Problem geléist.

Dat zweet mat der Schnellegkeet vum Apparat, dat muss ee kucken. Och wann deen neie gebaut gëtt, da kann een deem Rechnung droen. Datselwecht gëllt fir d'Bushaltestell, datt een do och eventuell op der Säit zou mécht. Déi Remarken hei wäerte jo weidergoen un déi Leit, déi d'Plaz maachen. Well mir dat jo an Eegeregie maache kann een deem Rechnung droe wat dir elo gesot hutt.

Wat de Rindenmulch ugeet, esou ass dat, esou, datt mir schonn op Plazen e klengen Drot gemaach hunn an da kommen d'Hënn net dohinner.

**Martins Dias André (CSV):**

De Gros vu menge Froen huet sech eigentlech eriwweregt nom Här Scheuer senger Interventioun. Do war et och a puncto Timinig. An ech wollt och mat op de Wee gi fir ze waarde bis datt de Parking an der Museksschoul fäerdeg ass.

E klengen Detail nach. Hei um Plang gesäit een déi 3 oder 4 Parkplazen, déi nieft dem Kulturhaus A Rousen sinn. Déi gesäit een net um Plang. Sollen déi ewech kommen oder bleiwen déi bestoen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Sinn dat déi, déi an deem deem Dräieck agezeechent sinn? Also si sinn net Bestanddeel vun deem Projet hei.

**Martins Dias André (CSV):**

Dat heescht, déi bleiwen einfach esou wéi se sinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ass dat privat oder ëffentlech? En ass ëffentlech. Also huele mir dat do och mat an da kann een dat nach mat amenagéiere fir do nach e puer Plazen ze maachen. Oder och net, et muss ee kucken, wat besser ass.

Dat wat wichteg ass, dat ass deen neien Tarmac, dee gemaach gëtt. Dee gëtt geschlaff, an et ass wierklech schéin zu Rodange am Duerf. Do hu mir e jo fir d'éischt gemaach. Et ass och ganz resistent. Mir huelen dat do och mat.

**Martins Dias André (CSV):**

Et kéint ee jo och nach déi puer Meter mat deem Tarmac maachen, esou datt dat Ganzt eenheetlech ausgesäit.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass „existant", mir maachen et e bësse méi schéin. Wat mir hei maachen, mir verschéineren déi Plaz. An deem Eck ass jo näischt ze verschéineren. Wann een do ufänkt, e Bam an deen Eck ze setzen, da kritt ee keen Auto méi dohinner.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.7.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Aménagement d'un parking de surface pour camionnettes dans la rue Jos Moscardo à Rodange: vote des plan et devis au montant total arrondi de 650.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass en anere Parking an dat hat mir jo schonn d'lescht Kéier an der Budgetsdiskussioun. Dee kënnt zu Rodange an d'rue Jos. Moscardo. Deen ass schonn „existant", dee gëtt frësch amenagéiert fir Camionnetten. Dat heescht, d'Plaze gi méi grouss. Wat gëtt gemaach? En Décapage, de Buedem gëtt erausgeholl a frësch gemaach. Et gi Luuchten dohinner gesat. Den Zonk zum Terrain hin, deen dernieft ass, muss e bësse geréckelt ginn. Vir kënnt en „écran de verdure", da gesäit et net esou betonéiert aus. An dann ass nach eng Plaz do, wou ee kann en Auto oplueden. Déi bleift bestoen. Dat ass och eng Verschéinerung. E bleift bestoen. Et ass praktesch datselwecht ewéi dat, wat mir hei zu Péiteng maachen. Just datt hei d'Affektatioun ännert a mir e bësse méi Gréngs op déi Plaz bréngen. Do entstinn 48 Plazen, dat kann een nach soen, an da mengen ech, hu mer alles gesot. Et ass eng 1. Etapp, wou mir e Camionnettësystem an der Gemeng wëllen op e puer Plazen opriichten.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech kann et och kuerz maachen. Et sinn déi Froen, déi ech eigentlech ëmmer stellen, an zwar ob et bezuelbar ass oder net. Well ech der Meenung sinn, datt, wann d'Firmen e Gemengeparking benotze fir hir Camionnetten ze stellen, et net d'Allgemengheet ass, déi dee soll gratis zur Verfügung stellen. Dat heescht, kommen do Clôturen hi mat Barrièren, oder wéi gëtt dat kontrolléiert? Well fir mech ass et kloer, datt do e Bezuelsystem muss dohinner kommen. Soss si mir jo just de verlängerten Aarm vun de Firme fir datt si kënnen d'Camionnetten dohinner stellen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Déi Fro ass och pertinent a gutt gestallt. Ech beäntwerten se mat 'Jo'. Ech hat gesot, et ass eng éischt Etapp. Du kanns dat elo nach net aféieren. Du muss eng Offer an eng Demande hunn. Eréischt da kanns de eppes imposéieren oder reguléieren. An deem heite Fall gëtt dat do gemaach. Näischt hënnert eis duerno dorunner fir Clôturen dohinner ze setzen, an dann ass de Parking zou. Ech denken, datt dat kee Problem wier. Hei ass et drëm gaangen, datt mir mol an déi Richtung ginn.

Ech hunn iech jo gesot, mir maachen datselwecht zu Péiteng hei an der Nidderkuererstrooss. A fir mech muss et och – „à terme" a wat dir gesot hutt – payant sinn. Dat schéngt fir mech kloer ze sinn. Awer dat muss déi nächst Equipe decidéieren. Ween ass dat hei? Ech weess et net. Awer wann ech nach derbäi sinn, da wäert ech dofir plädéiere fir dat payant ze maachen. Wéi gesot, et ass den éischte Schrëtt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Meng éischt Fro ass scho beäntwert, déi den Här Goergen gestallt huet a wou den Här Halsdorf geäntwert huet. Mir haten dat Thema jo schonn an der Verkéierskommissioun geschwat, datt dat spéiderhin eng Kéier géif kommen a mir op dee Wee ginn, datt mir et musse payant maachen. Wéi den Här Goergen dat seet: mir maache jo Plaz fir en Entrepreneur. Well momentan ass et jo esou: d'Aarbechter komme mat hirem Auto, setzen d'Camionnette eraus a setzen hiren Auto op

d'Plaz. Sinn dee Moment - dat ass de Problem, zu deem ech wollt eppes froen – do verschidde Plazen, déi méi grouss wiere fir méi laang Camionnetten? Wann ee kuckt, zu Lamadelaine sti momentan Camionnetten, déi aus der Parkplaz erausstinn. An et ass zimmlech geféierlech, wann se an d'rue du Vieux Moulin erafueren, do stinn d'Camionnetten ëmmer hannen zur Strooss eraus oder et muss een deen aneren erafuere loossen.

Et ass och ze begréissen, datt 2 Elektrobornen dohinner kommen. Ech huele jo un, datt dat fir all Mënsch ass an net just fir d'Camionnetten.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir gesitt, den Accès ass vu baussen. Dat do sinn éischter Bornë fir kleng, normal Autoen an net fir Camionnetten. Se sinn och méi kleng ewéi déi aner. Déi hu 6 Meter Breet, an dertëscht si 7,75 Meter. Ech huelen un, datt deen Architekt, deen dee Plang gemaach huet, dat esou berechent huet, datt déi Camionnetten alleguer op déi Plaz ginn, well soss brauche mir keen neie Plang ze maachen.

Ech mengen awer, datt dat klappt. Et ass awer gutt, datt dir dat gesot hutt. Ech ginn awer dovunner aus, datt dat OK ass. Dat do ass och eng Tëscheléisung ewéi dat virdrun, awer et ass en 1. Schratt, a wa mir nach derbäi sinn, datt gëtt et payant. Dat ass kloer.

**Remacle Patrick (CSV):**

Ech begréissen dëst virun allem, well mir et hei méiglech maachen, datt d'Camionnetten elo net méi op der „voie publique“ stinn. An dann hu mir jo och Argumenter, wann d'Leit sech net un d'Reegelen halen. Ech gesinn zwar am Géigesaz zum Här Scheuer keng Elektroparkplazen direkt op der Plaz. Ech gesinn déi zwou virun der Plaz, awer et ginn och neierdéngs Elektro-Camionnetten. Kann een net de Gainage mat virgesinn?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Deen ass virgesinn.

**Remacle Patrick (CSV):**

Wa mer et dann eng Kéier mat Barrièrë reegelen, da kann ee jo och direkt de Gainage do virgesinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass effektiv virgesinn. Mir haten dat mam Här Bauler beschwat. Hie mécht den Dossier vun der Gemeng. Hie mécht och den Dossier do virdru vu Rodange. Dat ass virgesinn. Ech wëll et nach eng Kéier soen: dat hei ass eng éischt Etapp, a mir mussen der och do duerno nach méi maache wa méi Camionnettë kommen. Mir mussen elo kucken, aner Plazen ze fannen, wou mir déi kënne maachen. Et muss een eng Offer hunn an deenen 3 Uertschaften an da kann ee lassfueren. Ma an deem Eck do, wa Camionnetten iergendwou stinn an de Stroossen, kann de Pechert elo scho roueg ee pechen, wéi een esou schéi seet. Well an deem doten Eck mussen se kucken, datt se dohinner parke ginn.

Dat do ass jo schonn net schlecht, 47 Plazen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ech begréissen dat och, datt mir op déi Plaz e Parking kréie fir d'Camionnetten. Ech hoffen, datt deen awer eréischt gemaach gëtt wann d'Parkhaus fäerdeg ass, well do besteet jo e grousse Problem fir déi Leit, déi op de Kierfecht ginn. Well et fënnt ee jo bal keng Parkplaz méi fir eppes op de Kierfecht ze droe well d'Plazen all besat sinn. Den Här Goergen an déi aner hu jo schonn all gefrot, well et wier jo schlëmm, wann d'Camionnettë gratis do stinn an d'Leit misste bezuelen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Den Här Mertzig ass amgaang mat eisem System ze kucken, wéi mir dat an de Parkhaiser maachen. Also wat payant ass a wat net. Et muss een dovunner ausgoen, datt an der 1. Phas net dee volle System gemaach gëtt, wou s de 1000 € oder 500 € d'Joer bezils. Dat si mir amgaang ze kucken, wéi mir dat maachen. Du kanns et net imposéieren an deem Sënn, dass du net genuch ze bidden hues. Du muss méi Parkplazen hu fir Camionnetten, an da kanns de eréischt richteg lassfueren. Nichtsdestotrotz kann een en awer payant maachen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Jo, well soss wier et ongerecht. Wann d'Privatautoen am Parkhaus misste bezuelen an d'Camionnetten net. Dat wier net gerecht.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Do hutt dir Recht. Déi Remark ass pertinent. Dee ganze System kënnt. Den Här Mertzig wäert dat eng Kéier virstellen. Hien ass jo de Verkéiersschäffen a wäert dat presentéieren, wéi mir eis dat virstellen.

**Accord à l’unanimité.**

## 5.1.8.

### Budget rectifié de l’exercice 2022 et budget initial de l’exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Installation d’un système de guidage dynamique pour les parkings communaux: vote du devis Parking payant – remplacement d’horodateurs existants: vote du devis au montant total arrondi de 340.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei wëlle mer e Système de guidage dynamique fir d'Parkingen installéieren. Esou wéi mir dat zu Péiteng gemaach hunn, wëlle mir dat och zu Rodange maache fir déi existent Parkinge Blobierg, Am Duerf a Moscardo. Des Weidere kréie mir e Parking bäi an der Résidence Tokio. Do soll een sech vläicht Gedanke maachen, wéi een dee Parking kann an Zukunft nennen. Wéi gesot, mir hunn en alen Numm nach gehat a wéi d'Leit och eens ginn. Awer do kënne mir eis Gedanke maachen, wéi mir dee Parking solle benennen. Fir dat z'installéiere gesi mer u sech am Budget 340.000 € vir. Hei géif ech de Gemengerot bieden, dës Aarbechten z'accordéieren, den Devis, dee mir virleeën, och guttzeheeschen an dann och de Kredit unzehuelen, dee mir op dee betraffenen Artikel buche fir dëse Système de guidage dynamique fir d'Parkingen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Beim Budget gouf jo scho beäntwert, ob et per App géif goen. Do hutt dir jo scho 'jo' gesot. Dat heescht, do wäert an Zukunft iwwer déi App dat goen. D'Fro ass awer nach déi: Autoen, déi jo permanent mam Internet verbonne sinn an dem Chauffeur soen, wou Parkplaze fräi sinn, ass do schonn déi Schnëttstell dran, esou datt dir einfach op ärem Navi gesitt, op wat fir engem Parking nach Plaze fräi sinn, an da guidéiert en iech dohinner. Ass déi Schnëttstell och scho mat virgesinn?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat do ass eng Detailfro, wou ech net direkt hei drop kann äntweren. Ech ginn awer dovunner aus, datt mir dat solle virgesinn. Et géif och Sënn maache wa mir dat géife virgesinn. Ech reechen iech déi Äntwert awer gären eng Kéier no. Wéi gesot, et eriwwregt sech bal, datt dat esou soll a misst sinn.

**Accord à l’unanimité.**

## 5.1.9.

### Budget rectifié de l’exercice 2022 et budget initial de l’exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Remplacement d’horodateurs existants: vote du devis au montant total arrondi de 20.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Do hu mir e Budgetsartikel fir 20.000 €. Dir wësst, datt mir déi selwecht Horodateuren an eiser Gemeng wëllen hunn. An dofir ännere mir déi dann op deene Plazen, wou där aler nach stinn. Deen do ënne beim WAX gëtt geännert, an dee wäerte mir och, wann de Romain Mertzig iech dee ganze System virstellt, esou kënnen astellen, datt ee fir näischt ka beim Restaurant parken. Fir d'Mëttesstonn froe mir näischt, da kann een den Auto dohistellen. An owes och vun hallwer 8 Auer u mengetwegen. Awer am Dag gëtt et payant, an da sinn déi Laangzäitparker fort, déi do stinn. D.h. mir maachen e System, wou een an der Mëttesstonn net méi brauch ze bezuelen. Da brauch een an der ganzer Gemeng, wann een iesse geet, de Parking net ze bezuelen. An owes no hallwer 8 Auer ass et och nees eng Kéier fräi. An déi Leit, déi da wëllen iesse goen, brauchen dann och net ze bezuelen. Moies vun 8 bis 12 a mëttes vun 2 bis 7 Auer muss ee bezuelen. Da sinn déi Laangzäitparker fort a mir kréien nees méi Parkplazen. Ech hunn dat scho gesot, mir hunn och schonn am Schäfferot driwwer geschwat. Den Här Mertzig wäert iech dat virstellen. Ech fannen dat eng super Léisung fir de Parking WAX, mëttes kascht et näischt, owes kascht et näischt. Mir zéien dat iwwerall esou duerch.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass wéi den Här Halsdorf gesot huet, et ass eng gutt Saach wann d'Parkingen do si fir d'Leit, déi an de Restaurant ginn, well déi ëmmer musse ronderëm renne fir eng Plaz ze fannen. Op där aner Säit, wann de Parking payant ass, dat ass engersäits gutt, op där aner Säit ass et en Nodeel fir déi Leit, déi ronderëm wunnen an der Lénger Strooss, rue d'Athus, rue Belair a rue Waxweiler, wann ee kuckt, wéivill Leit datt do parke fir de Bus do ze huelen a Richtung Käerjeng. Ech hat jo schonn eng Kéier virgeschloen, mir kéinten an deem Eck och „parking résidentiel“ maachen, da wier dee Problem och behuewen. Dann hu mir de Problem behuewe wann de Parking payant ass. D'Awunner, déi do wunnen, kréien dann hir Plaz net beluecht duerch Pendler, déi mam Bus fueren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech huelen déi Suggestioun mat. Den Här Mertzig huet dat jo héieren a wäert dann och deementspriechend dorop agoen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech mengen, wéi mir déi leschte Kéier iwwer de „parking résidentiel“ mam Büro geschwat hunn, do huet sech net direkt gewisen, datt do eng Noutwennegkeet wier. Mir mussen dat natierlech eent nom aneren upaken. Mir kënnen net alles matenee maachen. An Zukunft soll een dat awer nach eng Kéier préiwen an och kucke fir dat ze maachen. Dat ännert näischt um Parking, awer et changéiert mat deenen, wéi dir gesot hutt, déi sech moies dohinner stelle kommen an de ganzen Dag fort sinn. Mir reglementéieren dat, an dann ass dee Problem geléist, well da ginn se verbaliséiert.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Fir mech ass dat eng gutt Saach, datt mir dat esou maachen an déi 2 Apparater kafen. Ech wollt awer nach eppes drunhänken. Et ass mir opgefall – besonnesch am Zentrum zu Rodange – datt déi puer Parkplazen, déi nach uewerflächlech do sinn an der „zone de rencontre", vun deene Leit besat sinn, déi do ronderëm wunnen. Dat war jo net esou geduecht. Mir hunn do e puer Geschäfter, an déi maachen een nom aneren zou, well se nach ëmmer keng Leit hunn, déi bei si komme kënne well keng Parkplaze bausse sinn, wou ee kuerz kéint stoe bleiwen. Do hätte mir eng 6 bis 8 Plazen, déi méiglech wieren. Kéinte mir net dohigoen a Parkaueren dohinner setze fir eng hallef Stonn? Ech hu gesinn, Déifferdeng huet dat elo gemaach an engem flotte Projet. Kënne mir net op dee Wee goen op esou Plazen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass eng Saach, déi eis allen zwee ugeet. Da kucke mir dat eng Kéier zesummen, ob mir dat kënne maachen oder net.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wëll just soen: wa mir de Parking am Duerf huelen, do hu mir eng hallef Stonn gratis. Do kënnen d'Leit d'Trap eropgoen oder de Lift huelen an da si se am Zentrum. Do kënnen se gratis parken. Ech wëll domat just soen, datt d'Méiglechkeet awer do ass fir eng Kommissioun maachen ze goen an datt een do gratis ka parken. Mir kucken natierlech, wat do ze realiséieren ass.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Mir mierke jo awer, wéi d'Situatioun elo ass. D'Leit maachen et net. An déi Parkplaze si jo deemools gemaach gi fir datt d'Leit kéinte kuerzfristeg akafe goen an net fir déi Leit, déi do ronderëm wunnen. Dofir hunn ech dat elo gemengt. Maacht dat Bescht doraus.

**Martins Dias André (CSV):**

Ech hunn 3 kleng Punkten. Ech begréissen et wierklech, datt zu Péiteng dee Parking elo reglementéiert ass, well mir awer eng gewësse Rei un Infrastrukturen op där Plaz hunn. Mir hunn d'Plaz beim WAX mam Rouden Haus, mir hunn e Café niewendrun, mir hunn d'Tennisterrainen niewendrun. D.h. et ass schonn e gewëssenen Afflux vu Leit, deen do an der Woch entsteet. A wann dann do de Parking dee ganzen Dag vu Pendler besat ass, déi do de Bus huelen an owes eréischt erëmkommen, dann hu mir näischt gemaach fir déi Leit, déi just dohinner komme fir vun den Infrastrukturen ze profitéieren. Dofir denken ech, datt dat hei eng gutt Léisung ass zu Péiteng.

Zu Rodange muss ech dem Här Stoffel Recht ginn, datt ee vläicht effektiv déi Parkingen do kéint reglementéieren. Ech géif awer net onbedéngt op déi Schinn vun Déifferdeng goen, wou een deier Parkaueren dohinner stellt. Ech mengen, den Disque erfëllt deeselwechten Zweck. An datt een do net 5 oder 6 Stéit eng zousätzlech Parkplaz gëtt, awer éischter dofir suergt, datt dat e Kuerzzäitparking ass.

Drëttens wollt ech froen, ob ee mat der Kaart bei den Horodateure bezuele kann? Well net méi spéit ewéi de Moien hat ech e Client do, dee keng Mënz hat. Ech konnt him awer hëllefen, an ech hunn him Mënz gemaach. Dat war net ganz praktesch fir den Här.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Beim leschte Punkt plädéieren ech ganz kloer dofir, well ech fannen et net gutt, datt mir Horodateuren hunn, wou ee muss mat Cash bezuelen. Et muss ee kucken, datt een dat lues a lues ëmrüst. Et kann een dat maachen. Déi Apparate si jo déiselwecht ewéi an der Stad oder zu Esch. Et muss een déi Stécker drasetzen, déi Plattformen, an da muss een eng GPRS-Kaart dramaachen, an da geet dat vum selwen. D.h. et bezilt een, an dee gëtt de Message weider un d'Bank, dat ass kee Problem. Ob s du Digicash méchs, mat enger VISA oder enger Kreditkaart bezils, de Prinzip ass ëmmer d'selwecht. Du

muss eng Kaart hunn, déi d'Signal weidergëtt un d'Bank. Beim Rescht si mir eis eens.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.10.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Acquisition de radars pédagogiques: vote du devis au montant total arrondi de 35.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.11.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Remplacement d'installations tricolores dans la commune: vote du devis au montant total arrondi de 45.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.12.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Stabilisation du mur de soutènement reliant le chemin de Brouck à la rue du Clopp à Rodange: vote du devis au montant total arrondi de 130.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass dee Projet, wou ech déi leschte Kéier gesot hunn, et kommen heiansdo Iwwerraschungen op eis zou. Mir sinn net dovunner ausgaangen, datt Aarbechten un där Mauer musse gemaach ginn. Do ass gekuckt ginn, an et ass festgestallt ginn, datt d'Stabilitéit net garantéiert ass. Dat ass déi Mauer wann der aus dem Rodanger Zentrum kommt, do fuert dir lénks erop op de Clopp oder riets erof an de Brouckerwee. Do ass e Wee, deen do nei de Buer ënne geet. Déi Mauer muss stabiliséiert ginn. En Deel gëtt ofgerappt, en Deel gëtt stabiliséiert an een Deel gëtt nei gebaut. An dat kascht 130.000 €. Dat ass schonn net schlecht, ma dat ass esou. Mir haten och en aneren Devis, wa mer se ganz nei opgeriicht hätten, an do wiere mer bei 500.000 € gewiescht. Dat ass net noutwenneg. Et ass eng Iwwerraschung, mir mussen et maachen an et mécht deen Eck vläicht e bësse méi schéin.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Et ass richteg, déi Mauer muss ersat ginn. Am Moment ass se jo ofgespaart, an do hänkt jo och en elektresche Kabel. Ma do ass jo och déi Quell derbäi. Wësst der dann och firwat déi net méi fléisst?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat weess ech net. Ech weess just, datt déi emol gefloss ass, ma si fléisst scho laang net méi. Si war och net méi drénkbar. Dat weess ech och. Wéi mir scho Kanner waren, do war se schonn net méi drénkbar, do ass scho gesot ginn, du kanns dat Waasser net méi drénken.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Also ech kann dem Här Goergen vläicht eng Äntwert ginn. Ech weess net, ob meng Äntwert richteg ass, awer d'Informatiounen, déi ech kritt hunn – ech wollt froen, ob dee Buer bestoe bleift – do ass jo fréier Waasser erauskomm. Ass dat vläicht net de Grond, well do eng Quell war an déi ënnerbrach ginn ass wou déi aner Säit Appartementer gebaut goufen. Déi Quell ass vum Bierg komm, an déi soll elo erofgezu sinn. Dat Waasser ass ëmmer aus deem Buer erauskomm, a wéi do gebaut gouf, ass dat ënnerbrach ginn. Dat Waasser sicht sech elo e Wee. Ass dat de Grond firwat déi Mauer elo vläicht Problemer huet a sackt duerch dat Waasser? Keng Anung. Esou wéi ech Informatioune kritt hu vun eelere Leit vu Rodange, déi do gewunnt hunn oder nach do wunnen, wier do eng Quell gewiescht. Dat Waasser wier vum Bierg erofkomm an ënnerbrach ginn. Et kéint ee vläicht am Virfeld – ier mer alles frësch maachen – kucken op Problemer do ënnendrënner si mat Waasser.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et muss een 2 Saache soen. Éischtens, et ass gewosst, datt zu Rodange vill Quelle vum Bierg erofkommen an an der ganzer rue du Clopp si Quellen. Ganz vill Haiser um Clopp hu Quellen ënnendrënner. Zweetens ginn ech dovunner aus, datt dat kann domat ze doen hunn, datt d'Mauer net méi esou stabil ass. Et ass jo gesot ginn, datt een Deel, deen net stabel ass, ewechgeholl gëtt, an da gesi se jo ob dat esou ass. Da ginn ech dovunner aus, datt dat gemaach a fonnt gëtt. Véiertens ass net gesot ginn, datt de Buer ewechgeholl gëtt, esou datt ech dovunner ausginn, datt e bleift. Et gëtt een Deel ewechgeholl an een Deel gëtt frësch gebaut. Esou hunn ech dat vun eisem Techniker erkläert kritt.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.13.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues: vote du devis au montant total arrondi de 150.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.14.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Installation d'un nouvel éclairage LED aux terrains de tennis en face du site « An der Léier» à Pétange: vote du devis au montant total arrondi de 40.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.15.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Mise en place d'un sol sportif amortissant au Hall sportif à Rodange: vote du devis au montant total arrondi de 250.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Eng weider Moderniséierung vun eise Sportsanlagen. Hei gesi mir u sech e Sportsbuedem, deen offiedert, an der Sportshal zu Rodange vir, esou datt alleguer d'Veräiner, déi d'Hal notzen, optimal kënnen trainéieren an hir Championnater spillen. Hei hu mir budgetär 250.000 € virgesi fir déi Aarbechten ze realiséieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Hei ass et esou, wéi den Här Brecht gesot huet, datt d'Kordall Steelers frou sinn, datt dee Buedem gemaach gëtt, well dat fir si e bessere Belag ass fir Basketball ze spillen. Ech mengen, et ass net just fir de Basket, et ass fir all Veräin, deen do trainéiert, datt een e bessere Buedem an der Hal kritt. Ech mengen, déi Hal, déi an der Schoul ass, do géif ech éischter soen, datt déi fir Training ass. Och wann déi e gudde Belag huet, dann ass dat eng gutt Saach. Wann den Här Becker hei wier, da géif hien iech och Merci soen, datt dat duerchgefouert gëtt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wéi gesot, mat eise Sportanlagen ass et esou, datt mir net just ee Veräi wëlle cibléieren. Ech mengen, mir hu méi Halesportveräiner, déi alleguer dovunner wäerten Notzen zéien. A wa mir wëssen, datt de Fussball eng Buvette mat enger Tribün kritt an dofir och d'Buvette accessibel ass fir d'Championnatsmatcher, déi wäerten an der Hal stattfannen, dann hu mir do wierklech eng Optimisatioun vun deem ganze Site fir déi Leit, déi d'Sportshal notzen. Wéi gesot, mam Buedem a mat der Buvette derbäi.

**Agostino Maria (CSV):**

Ech wollt just froen, dat gëtt jo dann e Schwingbuedem. Ass och vläicht gekuckt ginn, ob een duerno nach Bünen drop opriichte kann? E Podest.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat gëtt méi komplizéiert ewéi mat deem Buedem, dee mir elo hunn. Ma mir hunn déi Situatioun och an der Sportshal zu Péiteng. Do muss een sech da Mëttele gi fir dat opzeriichten. Eppes soen ech am Virfeld. Wa mir eppes drop opriichten, da musse mir och Virkéierungen treffe fir dat kënnen ze maachen, well mir kënnen eis et net erlabe fir eppes opzeriichte fir eng Manifestatioun, wou dann de Buedem beschiedegt gëtt. Ech mengen, datt mir do déi Virkéierunge wäerten treffen an déi Kombinatioun och wäerten hikréien.

**Agostino Maria (CSV):**

Ech hat just nach eng Fro mam Timing. Ass scho gewosst, wéini dat gemaach gëtt? Gëtt do d'Enn vun der Saison vun de Veräiner a Consideratioun geholl? Gëtt dat respektéiert oder ass dat net machbar?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

E geneeën Timing kann ech iech net soen. Ech ginn awer dovunner aus, datt mir dat ab dem 15. Mee u maachen. Wéi mir héieren hu bei der Budgetspresentatioun oder wou Froe gestallt goufen, hate mir gesot, am Kader vun der Nuit des Sports den 13. Mee an de 14. Mee ass dee leschte Championnatsmatch. Da si keng Championnatsmatcher, esou datt dat deen idealen Timing wier fir dat ze maache wärend der Summersaison. Mir wäerte kucken a probéieren, dat an där Zäit ze maache well dat Sënn mécht.

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 5.1.16.

**Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.**

Installation d'une station de lavage pour vélos: vote du devis au montant total arrondi de 30.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 5.1.17.

**Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.**

Modernisation de la régulation de la piscine à Pétange: vote du devis au montant total arrondi de 70.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.18.

**Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.**

Renouvellement de la façade de la crèche «Villa Bambi» à Rodange: vote du devis au montant total arrondi de 90.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.19.

**Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.**

Acquisition de nouveaux instruments de musique, de mobilier et de matériel 1er équipement pour les besoins de la nouvelle école de musique à Pétange: vote du devis au montant total arrondi de 330.000,00 euros (TTC) – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären, mir sinn amgaangen eng ganz nei Museksschoul ze bauen. Déi muss natierlech och miwweléiert ginn. Mir kréien zousätzlech Klasse bäi. Mir kréien esou gutt fir den Solfège ewéi och Säll, déi méi solle genotzt gi fir eenzel Coursen, also brauche mir och Material fir eran. Wann dir hannendru kuckt, do läit alles opgelëscht derbäi, wat mir géife brauchen. Alles vu Still, vu Logë fir de Portier, fir d'Direktioun, de Séjour fir d'Schüler, déi ganz Pulter, déi mir fir de grousse Sall brauchen. Alles an allem ass et schonn eng relativ héich Zomm, déi mir brauchen. Do sinn och nach 3 Fligel dran, mir kréie méi Pianossäll, mir brauchen da weider Pianoen. Ech hat och vun enger grousser Concertsharf geschwat, déi steet och dran. An da steet och nach d'Ausschreiwung dra fir nach e Fligel, dee mir eis duerno wëllen uschafe fir de Concertssall. Do steet e Steinway dran. Ob dat e Steinway gëtt oder net, dat ass eng aner Fro. Loosse mer dat emol ausschreiwen a kucken, wat mir dofir gebuede kréien. Wéi gesot, alles an allem, fir dee ganze Mobilier, fir alles wat mir do virgesinn hunn, brauche mir eng Zomm vun 330.000 €.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Also ech begréissen, datt mir an esou eng schéi Museksschoul, déi eis esou deier kascht, esou schéin Instrumenter erakréie fir datt mir do kënne schéi Concerten organiséieren. Wa mir esou eng schéi Museksschoul hunn, da musse mir och dran investéieren.

**Accord à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 5.1.20.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Acquisition de mobilier et de matériel de 1er équipement pour les besoins de la nouvelle Maison relais à Lamadelaine: vote du devis au montant total arrondi de 340.000,00 euros (TTC) – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat hei ass e Punkt, dee ganz no un dee Punkt erukënnt, dee mir elo virdru gestëmmt hunn. An zwar geet et do ëm d'Maison relais vu Lamadelaine, wat jo eng Synergie ass mat enger Spillschoul derbäi. Do brauche mir natierlech och Material fir bannenan. Material wat fest agebonne gëtt, Material, dat och mobil ass. Do hutt dir och hannendrun e ganzen Detail fir de Restaurant, d'Verwaltungsraim, d'Funktiouns- a Spillraim, wou mir Rollespiller maachen a kleng Miwwele brauche fir datt d'Kanner dann och hir Funktiounen ausübe kënnen. Mir brauche Couverten, mir brauche Geschier, well mir hu jo 3 Iesssäll dran, mir brauche Bastelmaterial, mir brauche Spillsaachen, mir brauchen och nach Lettrage a Piktogrammer, esou datt mir alles an allem op eng Zomm vun 340.000 € kommen.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.21.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Acquisition de mobilier et de matériel 1er équipement pour les besoins de la nouvelle école à Lamadelaine: vote du devis au montant total arrondi de 42.000,00 euros (TTC) – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir bleiwen zu Lamadelaine bei deem Gebai, wat jo eng Synergie ass. A well mir do och eng Schoul dran hunn, brauche mir Konferenzzëmmer, mir brauchen och Miwwele fir an d'Klassesäll, mir brauche fir d'„salle d'appui" am 1. Zyklus kleng Miwwele well mir do déi kleng Butzen dran hunn. An da brauche mir fir d'„salle d'appui" an den Zyklen 1 bis 4 dann natierlech alt erëm eng aner Zort Miwwelen. Mir kréien och e Logopedie-Raum dran, souwéi e Sall fir d'Léierpersonal, wou mir natierlech e Konferenzzëmmer mat verschidde Still dra brauchen. Alles an allem hu mir do och nach eng Kéier eng Ausgabe vun 42.000 €.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Dat do ass en zimmlech niddrege Betrag, deen ugesat ass. Fir d'Klassesäll selwer, huelen si do déi al Bänken a Still aus deenen anere Säll mat? Well do ass e Schoulmeeschter, dee mir gesot huet, datt déi Saachen net méi nei sinn. Et wier flott gewiescht, wann och fir si nei Miwwelen erakomm wieren. Et ass e bësse schued, datt, wann do en neit Gebai gemaach gëtt, Saache mat eriwwer geholl ginn, déi scho jorelaang a Betrib waren. Wollte mir do just spueren oder wéi ass dat?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat do ass e bësse kontradiktoresch, well mir hu jo dat Ganzt mam Schoulpresident, mam Schoulkomitee ofgeschwat, déi un eis erugetruede sinn, datt si fir d'Spillschoul eng ganz Rei Mobiliar kéinte mat eriwwer huelen, esou datt mir elo an 1. Instanz dat do maachen. Anscheinend sinn si jo virun net esou laanger Zäit nei miwweléiert ginn. Si hunn eis selwer gesot fir dat Material mat eriwwer ze huelen. Et ass d'selwecht, wann der virdru gekuckt hutt, bei der Museksschoul. Do ass och den Direkter an d'Sekretariat, déi d'Miwwele mat eriwwer huelen an déi nei Museksschoul. Déi Miwwele sinn nach gutt, an den Direkter huet eis gesot, hie wéilt dat och nach eng Kéier verwäerten.

Wa mir duerno Problemer hätten a geséichen, datt et awer net adequat wier, da kéime mir nach eng Kéier an dëse Gremium zeréck.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.22.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Acquisition de mobilier et de matériel 1er équipement pour les besoins de l'école «An Eigent» à Pétange: vote du devis au montant total arrondi de 340.000,00 euros (TTC) – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir bleiwen nach ëmmer bei de Schoulen. Et ass jo gewosst, datt mir d'Eigent-Schoul nei maachen, méi grouss maachen. An do brauche mir natierlech e „1er équipement", well do hu mir elo zousätzlech Säll, déi muss amenagéiert ginn. An do hu mir natierlech kee Miwwel op Stock, dee mir kënne gebrauchen, esou datt mir hei op enger relativ héijer Zomm leie mat all deem, wat mir brauche fir deen Ëmbau, fir deen Neibau ze miwweléieren. Mir mussen en neie Konferenzsall erakréien, mir brauchen eng nei Bibliothéik, mir brauchen e „centre de psycho-motricité", dee mir wëllen ariichte fir d'Kanner, mat Schief a mat Teppecher. Fir d'„salles d'appui" brauche mir och Miwwelen, mir brauchen extra kleng Still fir déi Kleng fir d'„salle de maternelle". Um 1. Stack hu mir do nach eng Spillschoul, déi muss ageriicht ginn. Wann dir alles esou duerchkuckt, da brauche mir fir déi Säll ze miwweléieren a fir op de Gäng och nach Schief fir Stockage ze maachen, eng Zomm vun 340.000 €. Dat ass och net grad geschenkt, awer de Bau gëtt vill méi grouss a mir brauchen déi Miwwele fir déi ganz Raim anzeriichten.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.23.

### Budget rectifié de l'exercice 2022 et budget initial de l'exercice 2023 - Travaux extraordinaires.

Mise en place d'une statue en bronze à l'entrée du parking de la gare à Pétange: vote du devis au montant total arrondi de 100.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass am Fong geholl eng Iddi, déi et scho laang gëtt an déi mir wëllen ëmsetzen, an déi och vill Leit wollten hunn. Notamment de Roland Breyer an de Syndicat d'initiative, déi

gesot hunn, mir sinn eng Eisebunnerstiedchen a mir brauchen e Wandjang. Mir hunn déi Iddi opgeholl am Kader vun Esch 2022 a mir hu gesot, mir maachen esou eppes. De Wandjang soll ongeféier esou ausgesinn ewéi en hei op der Foto hei ausgesäit. E steet op 2 Rieder an e kënnt op d'Plaz virun eis Péitenger Gare stoen. Wou genee? Op dee Bunker do. E gëtt beliicht, ewéi et och an der Deliberatioun steet. E gëtt ongeféier 2,5 Meter grouss, esou datt, wann een den Härewee eropkënnt wou fréier d'Eisebunner gewunnt hunn, e gesäit uewe stoen. Dir hutt de Präis gesinn. E kascht 100.000 €.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech sinn zefridden als laangjärege Wandjang, datt esou eng Statue do entsteet. Et soll mech awer net duerstellen, awer et soll d'Iddien duerstellen, déi zënter dem 8. Mäerz 1938 gebuer goufen hei zu Péiteng, mat enger Kavalkad. Mat der éischter Kavalkad, déi duerch Péiteng gaangen ass an dunn duerch de Krich gestoppt gouf ier se nees 1955 richtege Wand kritt huet fir dohin ze kommen, wou mir elo sinn. Déi lescht Kavalkad war eng super Kavalkad, super Wieder an immens vill Leit. Et ass bei wäitem dat gréisst populäerst Evenement, dat hei an der Géigend ass. Ech hat eng Kéier eng Diskussioun mam Buergermeeschter aus Käerjeng, dee gesot huet, datt, wéi d'Gëlle Fra do war, dat wier nach ni do gewiescht, datt 30.000 Leit bannt 14 Deeg d'Ausstellung kucke komm sinn. Ech sot dach, mir maachen dat an engem Nomëtteg. Hie war net frou doriwwer.

Bon, mir hunn elo e Symbol, de Péitenger Wandjang, vun deem iwwerall geschwat gëtt. Ma déi meescht Leit wëssen net, wou dat hierkënnt. Elo maache mir e bëssen eng Verbindung mat dem „exode rural“ am Land a wou déi aus dem Éislek erof schaffe koumen. Do waren op eemol zwou Eisebunnsgesellschaften, an déi eng huet där anerer Konkurrenz gemaach. Déi eng hate sëlwer Knäpp, déi aner hate gëlle Knäpp.

„Wa mäi Mann päift, da muss däi Mann fueren“, dat alles si Saachen aus dem glorräichen Ufank vum wichtegen „noeud ferroviaire“ hei zu Péiteng. Elo hu mir dann déi Statue do stoen. Vläicht, wann se do steet, da musse mir och vläicht eng Erklärung schafen, well et sinn elo ganz vill Leit, déi sech elo froe firwat deen esou en huele Réck an en décke Bauch huet oder wat nach ëmmer. Et muss een de Leit dat erklären. Mir wäerten eis als Syndicat d'initiative, an ech huelen och un de KaGePe, dru bedeelegen, well dat jo eng Huldigung un de Karneval ass am grousse Ganzen an un all déi Leit, déi de Karneval belieft hunn an nach weider beliewen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Also ech gesinn et op deenen 2 Schinnen. Op där enger Säit ass et Péiteng, eng Eisebunnerstiedchen. Den Eisebunner huet eben esou en Typus u Leit geschaf. Et ass evident, datt eng Kavalkad oder eng Kapesëtzung dat an esou engem Kontext opschafft huet an datt een dann déi zwee matenee muss maachen. Dofir gesinn ech ganz kloer, datt een d'Referenz mécht op d'Eisebunnerstiedche Péiteng – an dat si mir – an da seet, datt et aus deem Grond entstanen ass. Dofir hu mir eng duebel Origine. Ech fannen, et ass gutt gelongen. Et ass eng Kënschtlerin vu Schéffleng, déi dat gemaach huet.

**Accord à l’unanimité.**

## 5.2.

### Budget rectifié de l’exercice 2022 et budget initial de l’exercice 2023.

Votes du budget rectifié de l’exercice 2022 et du budget initial de l’exercice 2023 – décisions.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgemestre.*

**Le budget rectifié de l’exercice 2022 est arrêté avec 14 voix ‘Oui’ contre 1 voix ‘Non’ (déi gréng).**

**Le budget de l’exercice 2023 est arrêté avec 14 voix ‘Oui’ contre 1 voix ‘Non’ (déi gréng).**

# Gemeinderatssitzung vom 16. Dezember 2022

**Anwesend:**

**Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV)

**Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)
**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)
**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)

**Agostino Maria** (CSV)
**Arendt Patrick** (CSV)
**Breyer Roland** (CSV)
**Martins Dias André** (CSV)
**Remacle Patrick** (CSV)

**Birtz Gaby** (LSAP)
**Brecht Guy** (LSAP)
**Stoffel Marco** (LSAP)

**Scheuer Romain** (déi gréng)
**Goergen Marc** (Piratepartei
**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)

**Abwesend und entschuldigt:**

**Becker Romain** (déi gréng)
**Welter Christian** (Piratepartei)

**1. - Mitteilungen des Schöffenrates.**

Keine.

**2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 442.844,35 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**3. - Umwelt.**

Jährliches Aktionsprogramm für das Betriebsjahr 2023 des Syndikats SICONA Sud-Ouest - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**4. - Soziales.**

Finanzielle Hilfe über 50.000 € zugunsten der Vereinigung Käl-Téiteng Hëlleft ASBL als Unterstützung für die Opfer der Brandkatastrophe vom 6. Dezember 2022 in Kayl - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.1. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Bau eines neuen Schulkomplexes mit Kindertagesstätte und Sporthalle im Zentrum von Rodange: Bewilligung der Projektbeschreibung, der Pläne sowie des Kostenvoranschlags über die Gesamtsumme von 70,5 Millionen Euro (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.2. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Instandsetzungs- und Verbesserungsmaßnahmen in der Kindertagesstätte Dachse vun der Bich in Rodange: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 800.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Die Damen Birtz und Bouché-Berens haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**5.1.3. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Beteiligung an der Einrichtung eines neuen West-Untergeschosses am Rodanger Bahnhof: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 3.050.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.4. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Erneuerung eines Grundstücks in der Grünzone in der Sackgasse rue de la Fontaine in Rodange: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 180.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.5. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Bau eines Einfamilienhauses (soziale Verwendung) in Lamadelaine: Abstimmung über einen angepassten Kostenvoranschlag über 1.350.000 € (inkl. MwSt.) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.6. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Erneuerung des Marktplatzes in Petingen: Abstimmung über die Pläne sowie den Kostenvoranschlag über 430.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.7. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Einrichtung eines Parkplatzes für Lieferwagen in der rue Jos. Moscardo in Rodange: Abstimmung über die Pläne und den Kostenvoranschlag über 650.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.8. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Installation eines Parkleitsystems für die kommunalen Parkplätze: Abstimmung über den Kostenvoranschlag für kostenpflichtige Parkplätze – Ersetzen der bestehenden Parkuhren: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 340.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.9. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Ersetzen bestehender Parkuhren: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 20.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.10. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Kauf pädagogischer Radare: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 35.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.11. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Ersetzen von Verkehrsampeln in der Gemeinde: Abstimmung über einen Kostenvoranschlag über 45.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.12. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Stabilisierung der Stützmauer welche den chemin de Brouck und die rue du Clopp in Rodange verbindet:

Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 130.000 € (inkl. MwSt.) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.13. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Erneuerung der Deckschicht in verschiedenen Straßen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 150.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.14. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Installation einer neuen LED-Beleuchtung auf den Tennisfeldern gegenüber des Standortes An der Léier in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 40.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.15. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Einrichtung eines stoßdämpfenden Sportbodenbelags in der Sportshal in Rodange: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 250.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**5.1.16. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Installation einer Fahrradwaschanlage: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 30.000 € (inkl. MwSt.) – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**5.1.17. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Modernisierung der Regulierung des Petinger Schwimmbades: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 40.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.18. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Erneuerung der Fassade des Kinderhortes Villa Bambi in Rodange: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 90.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.19. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Kauf neuer Musikinstrumente, von neuem Mobiliar und einer neuen Erstausstattung für die neue Musikschule in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 330.000 € (inkl. MwSt.) – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Goergen hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**5.1.20. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Kauf von neuem Mobiliar und einer neuen Erstausstattung für die neue Kinderbetreuungsstätte in Lamadelaine: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 340.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.21. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Kauf von neuem Mobiliar und einer neuen Erstausstattung für die neue Schule in Lamadelaine: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 42.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.22. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Kauf von neuem Mobiliar und einer neuen Erstausstattung für die neue Schule An Eigent in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 340.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.1.23. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023 – außerordentliche Arbeiten.**

Aufstellen einer Bronzestatue am Eingang des Bahnhofparkplatzes in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 100.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5.2. - Rektifizierter Haushalt des Jahres 2022 und Budget des Jahres 2023.**

Abstimmungen über den rektifizierten Haushalt des Jahres 2022 sowie über den Haushalt 2023 - Beschluss.

Der rektifizierte Haushalt 2022 wurde mit 14 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng) angenommen.

Der Haushalt 2023 wurde mit 14 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng) angenommen.

# Questions des conseillers communaux

# Réponses du collège des bourgmestre et échevins




**<u>Question écrite du 20.01.2023 de M. Christian Welter (Piratepartei):</u>**

Betrëfft: Zone d'activités Grand Bis zu Rodange

Zu Rodange läit hannert den Tankstelle bei der Grenz nach eng grouss fräi Fläch vun 13 Hektar, déi als Zone d'activités Grand Bis klasséiert ass. De Péitenger Gemengerot hat viru ganz laanger Zäit ee PAP fir déi Zon ausgeschafft an et gëtt nëmmen nach drop gewaart, fir dës Wirtschaftszon endlech kënnen z'erschléissen. All dës Terraine gehéieren dem Staat, mä zënter Joren ass awer nach kee Fortschrëtt ze gesinn.

An der Äntwert op eng entspriechend parlamentaresch Fro n°7318 schreift de Wirtschaftsminister:

"*De Staat huet dem Gemengesyndikat SIKOR, dee fir d'Entwécklung an d'Gestioun vun der regionaler Aktivitéitszon "Au Grand Bis" zoustänneg ass, d'Terrainen am Mäerz 2021 iwwert en Droit de superficie zur Verfügung gestallt. [. .. ]*

*Entspriechend dem ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 8. Mäerz 2017 iwwer de Contenu vum PAG vun enger Gemeng, läit d'Gestioun vun de regionalen Aktivitéitszonen an der Kompetenz vu Gemengesyndikater. Dem Staat seng Roll bei regionalen Aktivitéitszonen ass reng ënnerstëtzend. [. .. ]*

*Dem leschte Wëssensstand vum Wirtschaftsministère no, hu verschidden Etudë missten aktualiséiert ginn, ënnert anerem duerch d'Dekontaminatioun vum Site déi néideg ass.*"

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Wou sinn déi genannten Etüden, déi d'Sanéierung vun den Terraine betrëfft, drun?
2. Wéi eng Etüde sinn aktuell soss nach an der Maach a bis wéini wäerten se ofgeschloss sinn?
3. Wéini goufen déi eenzel Etüden an Optrag ginn?
4. Wat ass den nächste Schrëtt, wann all d'Etüde bis ofgeschloss wäerte sinn?

**<u>Réponse écrite du 17.02.2023 du collège des bourgmestre et échevins:</u>**

1. D'Etuden, déi d'Sanéierung vun den Terraine betreffen, si scho säit längerer Zäit ofgeschloss a goufen iwwert d'Commodo-Autorisatioun validéiert (de 26. Februar 2019 vun der ITM an de 25. August 2020 vun der Ëmweltverwaltung).
2. Momentan si keng weider Etuden amgaangen. Déi lescht Etude, déi ofgeschloss gouf, ass déi vum Ökobilan am Kader vum Naturschutzgesetz.
3. Déi eenzel Etudë goufen iwwert en Zäitraum vu méi wéi 20 Joer an Optrag ginn. Déi éischt Diskussiounen ëm de Projet hunn awer och an den Ënn 90er Jore stattfonnt an en éischte Projet esou wéi Devis goufen am Dezember 1999 am Péitenger Gemengerot gestëmmt.
4. Duerch d'Autorisatioun vum 22. Dezember 2022 vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, goufen d'Kompensatiounsmoossnamen deblockéiert. Well sech d'Diskussiounen an d'Etuden ëm d'Destruktioun vu Biotope laut Artikel 17 vum Naturschutzgesetz iwwert e laangen Zäitraum higezunn hunn (et ass hei ze ënnersträichen, datt et eréischt duerch dat neit Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 méiglech ass iwwert d'Abezuelen an e Kompensatiounsfong sou Mesurë vum Staat ëmsetzen ze loosse wann een als Bauhär net déi noutwenneg Terrainen dozou huet), sinn eng Réi Autorisatiounen, déi scho virlouchen, ausgelaf a mussen nei ugefrot ginn. Déi nächst Schrëtt wiere folgend:
   - Adaptatioun vum Devis vun den Aarbechte betreffend d'Viabilisatioun vun der Zone (dee leschten Devis datéiert vun 2015)
   - Op Basis vum Devis d'Ënnerschreiwe vun den eenzele Konventiounen tëschent dem Staat an dem Gemengesyndikat SIKOR
   - Ufroe vun den Autorisatiounen, déi ausgelaf sinn
   - Ausschreiwung vun den Aarbechten
   - Ufank vun der Viabilisatioun um Chantier

**Question écrite du 26.01.2023 de M. Marc Goergen (Piratepartei):**

Betrëfft: Energieverschwendung duerch Nuetsbeliichtung

D'Energiekris huet als Denkustouss dofir gesuergt, dass mir an Europa méi virsiichteg mat eiser Energie ëmginn. D'Gemeng Péiteng huet sech virgeholl, dofir och manner Energie ze verbrauchen. Trotzdeem gesäit een hei an der Gemeng an der Nuecht d'Luuchten nach brennen, zum Beispill an der PiKo zu Rodange.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Fro stellen:

Wisou brennen d'Luuchten an der PiKo an der Nuecht?

**Réponse écrite du 24.02.2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Mir deele mat, datt am Prinzip d'Firma Zeller Bäderbau GMBH bis ongeféier 19.00 Auer um Chantier vun der PiKo schafft an dann d'Luuchten ausmécht. D'Firma Poeckes SARL hirersäits fänkt moies als éischt u mat schaffen a mécht dann d'Luuchten am Gebai nees un.

Dofir wollte mir nofroen, wéi een Dag an um wéivill Auer genau festgestallt gouf, datt d'Luuchten an der PiKo an der Nuecht gebrannt hunn.

**Question écrite du 26.01.2023 de M. Marc Goergen (Piratepartei):**

Betrëfft: Parking bei de Rollenger Weieren

De Parking bei de Weieren zu Rolleng ass nees an engem schlechten Zoustand a voller Lächer. De Parking befënnt sech op 2 Terrainen, déi der Gemeng gehéieren. Een Deel vum Parking ass op der Parzell 694/4675, déi zu engem Deel am Naturschutzgebitt läit. Deen aneren Deel ass op der Parzell 694/4465, déi net am Naturschutzgebitt läit.

D'Problemer mam Parking tauche reegelméisseg op, grad zanterdeem de Belag vum Parking gewiesselt gouf. Deen neie Belag ass zwar méi waasserduerchlässeg wéi deen alen, mä e geet dofir och méi schnell futti wann Autoen driwwer fueren.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Wäert d'Gemeng dofir suergen, dass d'Lächer um Parking gefléckt ginn? Bis wéini soll dat geschéien?
2. Wéi eng Alternativen huet d'Gemeng a senger Hand, fir dass de Belag vum Parking gläichzäiteg waasserduerchlässeg an och stabil bleift?

**Réponse écrite du 24.02.2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Wéi schonn an eiser Äntwert op dem Gemengeconseiller Här Christian Welter seng Fro vum 9. Juni 2022 präziséiert, ass de Parking bei de Rollenger Weieren déi lescht Joren iwwer reegelméisseg a Stand gesat ginn, dëst doduerch bedéngt well de Belag vum Parking, virun allem an der Kéier op de Parking selwer, duerch de Verkéier ëmmer nees staark a Matleedenschaft gezu ginn ass.

Aktuell ginn aner Alternativen, wat de Belag vum Parking betrëfft, um Niveau vun der Naturschutzverwaltung analyséiert.

Laut Informatioune vun eisem Fierschter, geet de Schäfferot aktuell dovunner aus, dass an 2 bis 3 Méint déi néideg Autorisatioune fir e besser adaptéierte Belag virleien an dann och direkt uschléissend mat den néidegen Aarbechten ugefaange gëtt.

**Question écrite du 09.02.2023 de M. Christian Welter (Piratepartei):**

Betrëfft: Waasserrechnungen

Eis Gemeng bitt senge BiergerInne verschidden Servicer un, fir déi d'Bierger een Deel vun de Käschte selwer bezuele mussen. Dorënner falen, zum Beispill, d'Benotze vun de Poubellen, d'Consommatioun vum Waasser an d'Gestioun vum Ofwaasser. D'Héicht vun den Taxen ass am Taxereglement vun der Gemeng festgehalen.

D'Gemeng schéckt de BiergerInnen eng Ofrechnung fir d'Benotze vu Servicer. Wärend bei de Poubellen den Awunner selwer d'Rechnung ausgestallt kritt, ass et beim Waasser esou, dass de Proprietär vun der Wunnunitéit d'Rechnung zougestallt kritt. Deemno wier et net méiglech, fir d'Rechnung vum Waasser a vum Ofwaasser op de Locataire auszestellen. Op Nofro am Service Environnement krute mer dëst bestätegt. Firwat dat esou gehandhaabt gëtt, dorobber hu mer keng Erklärung krut. Bei der Rechnung vun de Poubellë schéngt et op jiddwer Fall ze klappen: hei bezilt déi Persoun, déi d'Servicer och fir sech beusprocht huet.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Firwat kënnen d'Poubellen op de Locataire, bzw. den Endkonsument, verrechent ginn an d'Waasser net?

2. Gëtt et eng legal Basis, déi beseet, dass d'Waasser an d'Ofwaasser mussen op de Proprietär vun der Wunnunitéit verrechent ginn oder ass dëst einfach eng intern Decisioun vum zoustännege Gemengeservice?
3. Ass geplangt, dass d'Waasserrechnungen an Zukunft op déi Persoun ausgestallt ginn, déi d'Servicer och tatsächlech benotzen?

   - Falls jo, bis wéini soll dat geschéien?

   - Falls nee, firwat net?

**Réponse écrite du 08.03.2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

D'Poubellen, dat heescht d'Taxe Fixen an d'Vidangë gi pro Entitéit, deemno pro Stot oder pro "Personne morale" (Entreprise) verrechent, déi hei an der Gemeng ugemellt ass respektiv eng Aktivitéit huet. Esou bal wéi ee plënnert oder keng Aktivitéit méi hei an der Gemeng huet, falen déi Taxen ewech. Dofir ginn déi un den Okkupant an net un de Proprietär verrechent.

Am Contraire zu de Waassertaxen déi ëmmer un de Proprietär verrechent ginn. Et kann ee jo Proprietär vu verschiddenen Appartementer/Haiser hei an der Gemeng sinn. Och wann déi eidel stinn oder keng Locatairen do dra sinn an et dofir keng Consommatioun vu Waasser gëtt, lafen d'Fixe Taxe fir de Waassercompteur an d'Ofwaasser ëmmer weider. Dofir ginn déi Taxen un d'Proprietäre verrechent.

Dat modifizéiert Waasserreglement vun der Gemeng Péiteng vum 24. Juni 1973 seet a sengem Artikel 22 ënner anerem: „*Der Eigentümer von Gebäuden oder Grundstücken, die an die öffentliche Wasserleitung angeschlossen sind, ist für die Zahlung der fälligen Wassertaxen zuständig. Die Wassergebühren können jedoch auch, aufrund einer schriftlichen Übereinkunft zwischen Eigentümer und Mieter, direkt den Mietern in Rechnung gestellt werden. Ein Exemplar dieses Abkommens ist der Gemeindeverwaltung zuzustellen. Haftbar für die Entrichtung der Taxen bleibt jedoch der Eigentümer, sollte der Mieter die fälligen Zahlungen nicht entrichten*."

Virun enger Rei Jore war d'Gemeng ëmmer méi oft mat Fäll konfrontéiert wou de Locataire seng Waasserrechnungen net bezuelt huet, de Gemengereceveur dann d'Poursuite géint de Locataire gemaach huet an datt sech duerno erausgestallt huet, datt de Locataire insolvabel oder carrement verschwonne war. An deem Fall huet de Gemengereceveur sech da Méint méi spéit un de Proprietär adresséiert an déi opstoend Rechnungen agefuerdert. Do war d'Iwwerraschung da grouss a vill Leit hunn sech bei der Gemeng beschwéiert, well de Proprietär näischt vun deenen opstoende Rechnunge wousst an du fir säin Ex-Locataire huet misse bezuelen, obwuel hien deem déi ganz Garantie locative schonn zeréck bezuelt hat.

Derbäi koum, dass den 1. Abrëll 2016 d'Ännerung vum Gesetz iwwert d'Identifikatioun vun de Personnes physiques a Kraaft getrueden ass, déi beseet dass eng Personne physique sech net méi an hirer aktueller Gemeng ofmelle muss, mä sech just nach an der neier Gemeng umelle muss. Als Konsequenz war et de Gemengeservicer net méi méiglech déi néideg Donnéeë vun de Waassercompteuren ze kréie fir d'Decompten kënnen ze erstellen am Fall wou ee Locataire d'Gemeng verlooss huet.

Dorops hin huet de Schäfferot a senger Séance vum 27. Abrëll 2016 decidéiert, déi Méiglechkeet fir d'Waasserrechnungen un d'Locatairen z'adresséieren net méi z'applizéieren an d'Waasserrechnungen an Zukunft nach just un de Proprietär z'adresséieren, an dat mat Effet vum 1. Oktober 2016.

**Question écrite du 09.03.2023 de M. Christian Welter (Piratepartei):**

Betrëfft: Wunnengsbau an eiser Gemeng

Zënter Jore wiisst d'Bevëlkerung an eiser Gemeng. Zënter 2012 goufen, souwéi déi aktuell Gemengeresponsabel mir de 25. November 2022 op eng schrëftlecher Fro geäntwert hunn, 1.290 Wunnunitéiten hei an der Gemeng bäigebaut. Trotz dass mer flächeméisseg zu enger vun de klengste Gemengen am Land zielen, wunnen op eisem Territoire Stand haut iwwer 7.500 Stéit mat insgesamt eppes méi wéi iwwer 20.000 Awunner.

An trotzdeem mécht d'Wunnengskris och hei an der Gemeng net Halt: zu Péiteng hu sech d'Quadratmeterpräisser an de leschten 10 Jore méi wéi verduebelt. An der Ëffentlechkeet sinn d'Stëmmen haart, dass an den nächste Jore méi misst gebaut ginn. Mä Buedem ass eng endlech Ressource an deemno ass grad an eiser flächeméisseg klenger Gemeng iergendwann Schluss mam Baue vun neie Wunnengen.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1 Wéivill Stéit a Persoune kéinte maximal an der Gemeng Péiteng wunnen, wann all d'Wunnfläche vum PAG genotzt géife ginn?

2 Wéivill Wunnunitéite kéinten am Aklang mam aktuelle PAG hei an der Gemeng nach maximal bäigebaut ginn?

3 Stinn déi aktuell politesch Responsabel am Schäfferot fir oder géint eng Erweiderung vum aktuelle Bauperimeter?

4 Stinn déi aktuell politesch Responsabel zu méi héije Bauten an eiser Gemeng (änlech wéi dem Gravity Tower zu Déifferdeng)?

**Réponse écrite du 07.04.2023 du collège des bourgmestre et échevins:**

Zu der Fro N° 1 ass et onméiglech verlässlech Perspektiven ze erstellen, wéivill Stéit a Persoune maximal kéinten an der Gemeng Péiteng wunne wann all d'Wunnfläche vum PAG genotzt géife ginn.

Wat een trotzdeem ka soen ass, dass d'Unzuel héchstwarscheinlech net ofhëlt; souwisou hätte mir dann an deem Fall och alleguer en zimmlech grousse Problem.


Wéi dir jo sécher wësst, gëtt et verschidden Zone wou och déi jeeweileg Densitéiten, also d'Unzuel vun de Stéit an engem Haus, anerer sinn. Bei de bestoenden Haiser an Terrainen erliewe mir evidenterweis eng kloer Verdichtung vun den Unitéiten op de Flächen. Elo ass et awer kaum planbar, wat nach alles do wäert geschéien.

Trotzdeem huet de Büro Zeyen et Baumann a senger Etude préparatoire vum PAG vum 24. Abrëll 2017 d'Potentialitéit vum aktuelle PAG op net grad 26.000 Awunner geschat.

Wann een elo vun Neibau-Projeten an neie Lotissementer schwätzt, kann ee schonn éischter eng Indikatioun maachen, woubäi dat och vun der jeeweileger Lag ofhänkt. Generell kann ee soen, dass tëschent 30 a 45 Unitéite pro Hektar (DL = densité de logements par ha) als Richtlinn zielen.

De grapheschen Deel vun eisem PAG weist all déi potentiell nei Lotissementer aus an déi sinn och jeeweils mat enger indikativer Case versinn déi beschreift wéi dat entspriechend Lotissement sollt entwéckelt ginn.

Wann een elo eng konkret Virstellung wëll hunn, da soll een sech d'Lotissement Atzengen ukucken, do ass eng DL vun 30.




Op d'Fro "Stinn déi aktuell politesch Responsabel am Schäfferot fir oder géint eng Erweiderung vum aktuelle Bauperimeter?", ass et net d'Kompetenz vum Schäfferot, mä d'Kompetenz vum Gemengerot dëst ze definéieren. D'ailleurs ass gesetzlech virgesinn, dass de Gemengerot 2024, d.h. 6 Joer no der Approbatioun vum aktuelle PAG, entscheet op et zu enger Mise à jour vum PAG kënnt oder net.

Fir de Moment ass am aktuelle PAG eng maximal Héicht vun de Gebaier fir all Zone definéiert. Deemno ass an eiser Gemeng e "Gravity Tower" net virgesinn. Selbstverständlech ass et dem Gemengerot fräigestallt de PAG deementspriechend ëmzeänneren an esou d'Dier fir esou Gebailechkeeten opzemaachen.

# Avis au public

## Règlement général des tarifs

- La décision du conseil communal du 30 janvier 2023 (point 5.3) fixant les **modifications du du chapitre XX «Vente de bois»** du règlement général des tarifs, a été approuvée par approbation ministérielle du 22 février 2023.

## Règlements de circulation

- Le règlement de circulation de la séance du conseil communal du 30 janvier 2023 (point 10.1) a été dûment approuvé par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 17 mars 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 21 mars 2023.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 30 janvier 2023 (points 10.2 et 10.3) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 6 février 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 22 février 2023.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 20 février 2023 (points 12.1 et 12.2) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 27 février 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 3 mars 2023.

# TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2023

| Budget de l'exercice 2023 (montants fixés par le ministre de l'intérieur) | Service ordinaire | | Service extraordinaire | |
|---|---|---|---|---|
| | **Recettes** | **Dépenses** | **Recettes** | **Dépenses** |
| Services généraux des administrations publiques | 75 507 121,74 | 20 329 676,81 | 48 000,00 | 1 397 250,00 |
| Protection sociale | 7 631 539,67 | 12 904 020,48 | 0,00 | 9 833 360,00 |
| Ordre et sécurité publics | 160 985,32 | 1 711 531,81 | 0,00 | 0,00 |
| Affaires économiques | 145 620,05 | 3 098 587,29 | 309 500,00 | 2 899 140,02 |
| Protection de l'environnement | 6 013 500,00 | 5 901 602,49 | 680 000,00 | 5 897 330,00 |
| Logements et équipements collectifs | 4 552 460,71 | 7 106 350,72 | 5 821 420,00 | 8 023 097,15 |
| Santé | 0,00 | 3 200,00 | 0,00 | 0,00 |
| Loisirs, culture et culte | 2 440 775,20 | 8 910 686,74 | 6 412 000,00 | 27 255 958,00 |
| Enseignement | 36 200,00 | 6 878 319,82 | 4 250 000,00 | 8 730 000,00 |
| **Totaux généraux** | **96 488 202,69** | **66 843 976,16** | **17 520 920,00** | **64 036 135,17** |

| Tableau récapitulatif 2023 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 96 488 202,69 | 17 520 920,00 |
| Total des dépenses | - 66 843 976,16 | - 64 036 135,17 |
| Résultat propre à l'exercice | 29 644 226,53 | - 46 515 215,17 |
| Résultat présumé fin 2022 | 30 471 083,93 | |
| Résultat général | 60 115 310,46 | - 46 515 215,17 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 46 515 215,17 | 46 515 215,17 |
| **Résultat final** | **13 600 095,29** | **0,00** |

# NUIT DU SPORT 2023

13/05

16h00 - 21h00

## CENTRE SPORTIF "BIM DIEDERICH"

Apportez chaussures et vêtements adaptés

- **AÏKIDO**
  Aïkido Pétange
- **TENNIS DE TABLE**
  Dësch-Tennis Kordall 95 Péiteng
- **GYMNASTIQUE**
  Société de gymnastique La Courageuse
- **FITNESS**
  L'Avant-Garde Rodange
- **VOLLEYBALL**
  Volley 80
- **ZUMBA**
  ZChicas
- **HANDBALL**
  Handball Club Péiteng
- **BASKETBALL**
  Kordall Steelers
- **PÉTANQUE**
  Special Olympics
- **SPINNING**
  Union cycliste Rodange
- **SQUASH**
  Squash Club Pétange
- **MUAY THAI**
  B.C. Rubino-Gym Luxembourg

## PISCINE COUVERTE PÉTANGE

Maillots de bains indispensables !

- **PLONGÉE**
  (16h00-19h00) Cercle Nautique Pétange
- **NATATION**
  Cercle Nautique Pétange

## STADE MUNICIPAL PÉTANGE

Terrain synthétique et alentours

- **FOOTBALL**
  Union Titus Pétange
- **FITNESS-PARCOURS**
  Lëtzebuerger Arméi TMAP officiel
  TEST MILITAIRE D'APTITUDE PHYSIQUE
  Inscriptions obligatoires sur places
  entre 16h00 et 16h30 et entre 18h00 et 18h30,
  places limitées !
  Début des tests à 16h30 et à 18h30

## ETANGS DE PÊCHE PÉTANGE

- **PÊCHE SPORTIVE**
  Sportfëscher Péiteng

## CENTRE QT

Centre national de quilles

- **JEU DE QUILLES**
  Fédération Lux. des Quilleurs

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du



PROGRAMMATION COMPLÈTE
ET INFOS GÉNÉRALES SUR
NUITDUSPORT.LU/PETANGE